

The background of the entire page is a photograph showing a dense network of tree roots exposed in the soil. The roots are light brown and fibrous, spreading out from a central point. The soil is dark brown and moist, with some green leaves and twigs scattered around. The overall scene suggests a natural, perhaps disturbed, environment.

INFO BLAT

°02 23

Den analytesche Bericht vun der Stad Déifferdeng

GEMENGEROTSSÄTZUNG
VUM 1. MÄERZ 2023



SÉANCE DU CONSEIL COMMUNAL DU MERCREDI 1^{ER} MARS 2023

CONSEILLERS PRÉSENTS

- Christiane Brassel-Rausch, bourgmestre, déi gréng
Tom Ulveling (1^{er} échevin, CSV)
Robert Mangen (échevin, CSV)
Paulo Aguiar (échevin, déi gréng)
Paulo De Sousa (déi gréng)
Jerry Hartung (CSV)
Georges Liesch (déi gréng)
Fränz Meisch (DP)
- Erny Muller (LSAP)
Laura Pregno (déi gréng)
Christiane Saeul (DP)
Fränz Schwachtgen (déi gréng)
Guy Tempels (CSV)
Eric Weirich (déi Lénk)
Nicole Wohl (déi gréng)

Absents/excusés: Guy Altmeisch (LSAP), Ali Ruckert (KPL)

ORDRE DU JOUR SÉANCE PUBLIQUE

1. Communications du collège des bourgmestre et échevins.

2. Pacte nature : stratégie pluriannuelle pour la protection de la nature et de l’eau — présentation par une délégation du SICONA — décisions.

3. Projets communaux :

a. Travaux de transformation de l’accès vers le monument aux Morts ArcelorMittal avec aménagement d’une gare — plans et devis, article budgétaire 4/838/221313/22002 ;

b. École des Filles à Niederkorn : travaux de rénovation, de transformation et de mise en conformité — plans et devis actualisés, article budgétaire 4/910/221311/19034 ;

c. Aménagement d’un parking écologique Woierwisen (exploitation Servior) — décompte, article budgétaire 4/623/221313/21001.

4. Plan d’aménagement général et projets d’aménagement particuliers : demande de morcèlement de terrains dans la rue des Fours/route de Belvaux à Oberkorn — recours gracieux.

5. Déifferdeng eng Stad hëlleft : projets et actions soutenus en 2022 – 2e tranche et secours immédiat pour les victimes des séismes en Turquie/Syrie.

6. Personnel communal :

a. Organigramme de la Ville de Diffendange — actualisation ;

b. Texte adapté du Règlement interne relatif à l’horaire mobile, au compte épargne-temps et aux congés pour les services de la Ville de Diffendange.

7. Actes et conventions :

a. Actes notariés rectificatifs liés à des actes de bail emphytéotique, revente et vente en futur état d’achèvement d’appartements au complexe
- b. Gravity Tower et concernant plus particulièrement les conditions de cession à un tiers ainsi que le droit de préemption communal ;

c. Acte notarié concernant l’acquisition de trois garages dans la Grand-rue à Diffendange ;

d. Contrat de bail concernant un local au 1er étage de la maison Émile-Mark à Diffendange ;

e. Contrat de bail concernant un atelier d’artiste à Lasauvage ;

f. Contrat de bail concernant une maison unifamiliale dans la rue Saint-Paul à Niederkorn ;

g. Contrat de bail et d’exploitation hôtelière des gîtes touristiques du Minett Trail ;

h. Convention Club Senior Prënzebiërg pour l’exercice 2023 ;

i. Convention de mise à disposition d’un logement à l’Office social de Diffendange ;

j. Convention de mise à disposition d’un logement situé au no 1 de la rue du Parc-Gerlache à Diffendange ;

k. Convention-type portant sur la mise à disposition de surfaces de stockage aux associations locales au hangar situé dans la rue Woierwisen no 350 ;

l. Contrat de bail d’un local commercial situé au no 4 de la place du Marché à Diffendange et crédit spécial et offre de prix rattaché pour des travaux de rénovation inscrits à l’article budgétaire 4/132/221312/22028.
8. Règlements communaux :

a. Modification du Règlement de circulation ;

b. Règlement d’ordre interne portant sur l’utilisation du Hangar au 1535° Creative Hub ;

c. Règlements temporaires de circulation.
9. Changements au sein des commissions consultatives.
10. Questions des conseillers communaux, dont celles transmises par écrit par monsieur Eric Weirich.

INFO
BLAT^{02 23}

COMPTE-RENDU DU 1^{ER} MARS 2023

4-77

ÉDITEUR Administration communale de la Ville de Diffendange, B.P. 12, L-4501 Diffendange
Tél.: 58 77 1-01 | F. 58 77 1-1210 | www.diffendange.lu | mail@diffendange.lu

RÉALISATION Service média et communication

IMPRIMEUR Imprimerie Heintz, Pétange

TIRAGE 500 exemplaires

PHOTOS Couverture: Lisa Bildgen

INFOBLAT imprimé sur du papier 100 % recyclé
L’**INFOBLAT** est distribué gratuitement à tous les ménages de la commune de Diffendange.

ÉDITION 02/2023, ISSN: 1561-7262, titre clé: Informationsblatt

F Ville de Diffendange

1. Communications

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)

ouvre la séance du 1^{er} mars 2023 et excuse messieurs Ruckert et Altmeisch.

Elle constate que monsieur Hobscheit posera une question à la fin. Elle salue messieurs Klopp et Rathle du Sicon, qui présenteront le Pacte nature.

Christiane Brassel-Rausch passe aux communications. Les conseillers communaux disposent du Plan pluriannuel financier. Une conférence de presse a eu lieu à Gravity concernant la location des appartements. Les informations figurent sur le site internet. Les candidats peuvent déjà commencer à se préparer en rassemblant les documents nécessaires. Le service du logement peut aussi fournir des informations aux personnes intéressées.

TOM ULVELING (CSV)

passé à l'augmentation du prix de l'électricité. La facture pour le pantographe est passée de 42 000 € à 300 000 €.

Du 23 au 30 mars 2023, le tapis sera posé dans la cité O.

Dans le cadre du projet Fusilli, la commune a planté trente arbres fruitiers en France. L'agriculteur, qui avait donné son accord, menace désormais de dénoncer la commune. La Ville de Differdange va replanter ces arbres à Differdange. Tom Ulveling demande à monsieur Bertinelli de faire attention.

La commune a produit 2,8 t de légumes en 2020, 1,7 t en 2021 et 2,1 t en 2022. Pendant la pandémie, il n'y a pas eu d'activités pédagogiques maraîchères. Les maisons relais étaient censées participer au projet De la graine à l'assiette, mais cela n'a pas été le cas. La commune va développer un formulaire permettant aux écoles de s'inscrire avec toutes les informations nécessaires. Pour Tom Ulveling, il est important que les enfants sachent que les pommes de terre ne voient pas le jour chez Cactus.

Cinquante kilos de courgettes et dix kilos de concombres ont été volés. Quatre-vingts kilos de concombres ont été perdus. Le conseil communal recevra un rapport concernant le maraîchage.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Schéine gudde Moien, Dir Dammen an Dir Hären, fir eis Gemengerotssitzung haut vum 1. Mäerz 2023. Als Alleréischt wëll ech den Här Ali Ruckert an den Här Altmeisch entschëllegen, déi net un dëser Sëtzung deelhuele wäerten. Si Froen unzemelen? Den Här Hobscheit. Merci.

Am Ufank vun dëser Seance profitéieren ech, fir den Här Klopp an den Här Rathle vum SICONA hei ze begréissen, déi eis am Punkt 2 den Naturpakt virstellen. Häerzlech wëllkomm. Mir si frou, dass Der hei sidd, a gespaant op Är Explikatiounen.

Da wäere mer beim Punkt 1, de Kommunikatiounen. Dir hutt de PPF bäileien als Informatioun an Ärem Dossier. Ech wollt drop hiweisen, dass mer eng Pressekonferenz haten, wat d'Locatioun vun eisen Appartementer am Gravity ugeet.aAn dass alleguer déi Interesséiert op eise Sitte sämtlech Informatiounen fannen, déi Interesséiert hunn un enger Locatioun. Et gëtt eng Virlafzäit, dass d'Leit sech virbereede kënnen. Mee, wéi gesot, d'Detailer fannt Der op eisen Internetsitten. An eise Service logement steet Iech natierlech och ëmmer zur Verfügung, wann Der Froen hutt. Ech wollt dat just eng Kéier soen.

An elo géif ech d'Wuert un den Här Ulveling weiderginn.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Merci, Madamm Buergermeeschter. Dräi véier kleng Kommunikatiounen. Als Éischt d'Deierecht vum Elektresch. Zum Beispill, fir eise Pantograf. Wou mer 42.000 Euro Elektresch bezuelt hunn, bezuele mer elo 300.000 Euro. Da gesitt Der, wéi dat an d'Luucht geet.

Déi zweet Kommunikatioun ass, dass mer den Tapis an der Cité O den 28.3. bis den 30.3. wäerte maachen.

Dat anert ass e Problem, dee mer hu mam Projet Fusilli, wou mer ëm déi 30 Uebstbeem op eisem Terrain a Frankräich geplanzt hunn. An obwuel den zoustänneg Bauer eis deemools d'Erlabnis ginn huet, huet en eis elo mam

Affekot gedreet. Soudass mer déi Beem elo erëm ewechhuelen. Hien huet eis gesot, mir solle se ewechhuelen, soss géif en eis usichen. Mir wäerten déi dann hei an Déifferdeng uplanzen. Dat ass also och kee Problem.

Da wollt ech e kleng Rapport maachen iwwert de Maraichage. Här Bertinelli, lauschtert Der mer no, wannech gelift. Merci.

Maraichage. Wat d'Produktioun ubelaangt, hate mer 2020 2,8 Tonnen, 2021 1,7 Tonnen an 2022 2,1 Tonnen. Dat heescht no der Pandemie geet et erëm an d'Luucht. Während där Zäit hat keng Aktivité pédagogique stattfonnt. 2022 konnte mer eng Parzell vum ale Projet Noé-Noah recuperéiere fir de Maraichage.

A mir hunn e Projet – deen heescht „De la graine à l'assiette“ – installéiert a Kollaboratioun mat dem Maraichage, dem Fusilli. Doru sollten och d'Maison-relaisen deelhuele. Dat ass awer leider net geschitt. Soudass mer decidéiert hunn, dass mer an Zukunft géifen e Formulaire ausschaffen, wou d'Schoule sech kënnen umellen.wWou hinne genau erkläert gëtt, wat ee kann do maachen, wéi laang et dauert a wéi d'Kanner mussen ugedoe sinn, fir dat ze maachen.

Dat wëlle mer dëst Joer erëm ukuerbelen. Et ass wichteg, dass d'Kanner gesinn, wou d'Grompere wuessen, dass déi net am Cactus op d'Welt kommen, mee dass déi aus dem Buedem kommen. Didaktesch ass et e gudde Projet.

Komescherweis hu mer och allerlee geklaut kritt, 50 Kilo Courgetten an zéng Kilo Concombres. 80 Kilo Concombres hu mer verluer duerch Krankheit.

Dee ganze Bericht loossen ech Iech iwwer Mail zoukommen. Hei just e klengen Aperçu. Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Villmools merci, Här Ulveling. Den Här Aguiar.

1. Communications

SCHÄFFE PAULO AGUIAR (DÉI GRÉNG):

Merci, Madamm Buergermeeschtesch. eEch äntwerten op d'Fro vum Här Erny Muller, déi an der Gemengerotssitzung vum 25. Januar 2023 gestallt gouf.

D'Fro war: Wéi ginn d'Infrastrukture vun de Jugendhaiser benotzt a punkto Occupatioun? Kënnen d'Infrastrukturen och vun aneren Acteure genotzt ginn, fir d'Occupatioun ze optimiséieren?

No Récksprouch mat der Ekip vum de Jugendhaiser, wëll ech Iech dës Informatiounen ginn: D'Association Jugendtreff Déifferdeng huet véier Infrastrukturen um Territoire vun der Gemeng, déi zu follgenden Zäiten op sinn: D'Jugendhaus am Zentrum ass op méindes bis donneschdes vu 14 bis 19 Auer. Ëmmer den éischte Méindeg vum Mount ass d'Jugendhaus vu 16 bis 19 Auer op aus organisatoresche Grënn, fir datt d'Personal Stonne ka recuperéieren. Freides vu 14 bis 20 Auer. A samschdes vun 12 bis 20 Auer, soulaang genuch fräit Personal do ass.

Den Horaire administratif ass méindes bis freides vun . bis 13 Auer, ausser dëschdes vun 10 bis 13 Auer.

D'Jugendfabrick ass op méindes vun 12 bis 14 Auer fir de Projet Mëttespaus, dëschdes bis donneschdes vun 12 bis 19 Auer, freides a samschdes vun 12 bis 20 Auer, soulaang genuch fräit Personal do ass.

D'Jugendhaus Nidderkuer ass op dëschdes vu 14 bis 19 Auer a freides vu 14 bis 20 Auer.

D'Jugendhaus Lasauvage ass op mëttwochs vu 14 bis 19 Auer.

No der Lektür vun der Konventioun mam Ministère de l'Éducation, de l'Enfance et de la Jeunesse an dem Austausch mat der Ekip gouf festgestallt, datt et keng legal Aschränkunge gëtt, fir d'Jugendhaus ausserhalb den Éffnungszäiten aneren Acteure fir Aktivitéiten zur Verfügung ze stellen, soulaang d'Infrastrukture fir déi geplangten Aktivitéiten adaptéiert sinn. À savoir, datt och schonn Aktivitéite mat aneren Acteuren am Kader vu Kooperatiounen

a Gemengeprojeten an de Jugendhaiser stattfannen.

D'Jugendfabrick gëtt ausserdeem jonke Sportler fir Freestyle-Futball ausserhalb vun den Éffnungszäiten zur Verfügung gestallt, fir dass si do trainéiere kënnen.

Dann hunn ech eng zweet Kommunikatioun: dans le cadre de la campagne de sensibilisation des jeunes à la participation politique, la Ville de Differdange organise le 1^{er} avril un événement au parc Gerlache en collaboration avec le Zentrum fir politesch Bildung et l'ALDIC, l'Association luxembourgeoise pour le dialogue interculturel.

Lors de cet événement, le Zentrum fir politesch Bildung sera présent avec sa Super- Wal-Kiermes et l'ALDIC avec des activités autour de la participation politique.

Vu que 2023 est une année de super-élections, nous souhaitons inviter tous les partis politiques à être présents à cet événement avec un ou deux représentants, afin que nous puissions organiser un speed dating politique. Ce sera l'occasion pour la population de s'asseoir à une table avec les politiciens et d'échanger sur des sujets qui leur tiennent à cœur, poser des questions sur le programme politique et autres.

L'objectif est de connaître et comprendre le programme des différentes partis et de se forger une première idée pour qui voter lors des prochaines élections.

Sous forme du speed dating l'évènement doit permettre aux jeunes de passer dix minutes chrono avec les politiciens pour discuter de leurs préoccupations et autres.

Chaque parti peut présenter son programme et différentes discussions pourront avoir lieu avec les participants. Toutes les dix minutes, de nouveaux jeunes viendront s'installer à la table des politiciens.

La durée sera de soixante minutes, entre 14 h et 15 h.

Pour qu'une telle action puisse être mise en place et que l'équité soit garantie, il est primordial que chaque parti

PAULO AGUIAR (DÉI GRÉNG) revient sur la question de monsieur Muller posée le 25 janvier 2023 concernant le taux d'occupation des maisons des jeunes.

Jugendtreff Déifferdeng compte quatre structures à Differdange. La maison des jeunes de Differdange est ouverte du lundi au jeudi de 14 h à 19 h, le vendredi de 14 h à 20 h et le samedi de 12 h à 20 h. L'horaire administratif est de 9 h à 13 h du lundi au vendredi et de 10 h à 13 h le mardi.

La JugendFabrik est ouverte le lundi de midi à 14 h, du mardi au jeudi de midi à 19 h, et le vendredi et le samedi de midi à 20 h. La maison des jeunes de Niederkorn est ouverte le mardi de 14 h à 19 h et le vendredi de 14 h à 20 h. Celle de Lasauvage fonctionne le mercredi de 14 h à 19 h.

La convention permet que les locaux soient utilisés par d'autres acteurs en dehors des heures d'ouverture pour peu que les activités soient adaptées au cadre. De telles activités ont d'ailleurs déjà lieu. La JugendFabrik est ainsi mise à disposition de sportifs pour qu'ils y pratiquent le freestyle.

La commune va organiser un événement au parc Gerlache en partenariat avec le Zentrum fir politesch Bildung et l'Association luxembourgeoise pour le dialogue interculturel dans le cadre d'une campagne de sensibilisation des jeunes à la participation politique. Comme les élections auront lieu cette année, Paulo Aguiar invite tous les partis politiques à participer à un speed dating politique. L'objectif est de permettre aux jeunes de s'asseoir à une table avec les hommes politiques et de discuter de sujets qui leur tiennent à cœur pour qu'ils comprennent mieux les différents programmes électoraux. Les jeunes pourront passer dix minutes avec les hommes politiques. Toutes les dix minutes, ils seront remplacés par un autre groupe. En tout, l'évènement durera soixante minutes, de 14 h à 15 h.

Pour garantir l'équité, il faudra que chaque parti politique soit représenté. C'est pourquoi Paulo Aguiar demande aux partis de confirmer

1. Communications

*leur présence au service de la jeu-
nesse au plus tard le 15 mars 2023.*

PAULO DE SOUSA (DÉI GRÉNG) *in-
forme le conseil communal du re-
crutement d’un collaborateur pour
gérer les projets européens comme
Net0Cities, Fusilli ou le Bureau du
climat. Le collaborateur en ques-
tion a de bons contacts au sein de
la Commission européenne et sou-
tiendra la commune au niveau ad-
ministratif.
Le Nettoyage de la forêt aura lieu
prochainement et durera trois se-
maines. Les gens peuvent s’inscrire
auprès du service écologique du
18 mars au 9 avril. Organiser la
manifestation sur trois semaines au
lieu d’une journée permet d’attirer
plus de monde. En l’occurrence
400 personnes au lieu de 250. plu-
sieurs classes scolaires se sont déjà
inscrites.*

*Une réunion concernant l’écono-
mie solidaire aura lieu le 15 mars à
10 h. Le conseil communal recevra
une invitation pour venir s’infor-
mer de l’évolution du projet. Le
projet durera trois ans. Au bout
d’un an, le collège échevinal sou-
haite montrer tout ce qui a été réa-
lisé jusqu’ici. Madame Frisch et
monsieur Waltersdorfer assureront
la présentation.*

*La chaussée sera refaite dans la rue
Yvonne-Useldinger. Cette rue est
déjà règlementée et après les tra-
vaux, elle passera sous la compé-
tence de la commune. Actuelle-
ment, le chaos y règne.*

*En ce qui concerne la rue de la
Chapelle, les clubs sportifs utilisant
la salle de sport du Fousbann se
sont plaints que les gens ne
trouvent pas le parking de la Place-
des-Alliés. Comme solution, Paulo
De Sousa propose de mettre le
tronçon entre l’école et la rue de la
Chapelle en double sens. La chaus-
sée est suffisamment large. La
phase de test durera deux semaines.
Autrement, il faudra trouver une
autre solution.*

*Les enseignants se plaignent du
chaos dans la rue Neuwies. Le col-
lège échevinal propose de ne plus
autoriser les voitures à circuler là,
où se trouvent les enfants, de 7 h 45
à 8 h 15. Les enfants pourront des-
cendre sur le parking Neuwies et se
rendre à l’école sans rencontrer de*

politique soit présent à Differdange. Je
vous demanderai de confirmer votre
présence auprès de notre service jeu-
nesse au plus tard le 15 mars 2023.

Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Aguiar. Den Här De Sousa.

SCHÄFFE PAULO DE SOUSA (DÉI GRÉNG):

Merci, Madamm Buergermeeschtesch.
Dir Dammen an Hären aus dem
Gemengerot, ech hunn Iech och e puer
Saache matzedeelen. Als Éischt wollt
ech Iech soen, datt mir fir eis divers EU-
Projeten, NetZeroCities, Fusilli, Clima-
borough eng Persoun fir zwee Joer age-
stallt hunn. Hir Haaptfunktioun wäert
awer d’Leedung vum Fusilli-Projet
sinn. Si begleet eis Leit op administrati-
vem Niveau fir déi aner zwee EU-Proje-
ten. Déi Persoun kënnt vun der EU-
Kommissioun, si huet do gutt Relatiou-
nen. Dat hëlleft eis immens weider an
deene Projeten.

Eis Bëschbotzaktioun steet erëm un.
Dat leeft iwwer dräi Wochen. Vum
18. Mäerz bis den .. Abrëll kënnen
d’Leit sech bei eis am Service écologi-
que mellen, do kréie se d’Material, fir
ze starten. Mir hunn eis fir dës Variant
entscheet an d’Aktioun net nëmmen op
een Dag limitéiert, wéi et pre-covid
üblech war, well mer esou vill méi Leit
erreechen.

Mir schwätzen hei vu ronn 400 Leit,
déi drun deelhuele kënne par rapport
zu 250, déi op engem One-Day-Event
matmaachen. Et hu sech schonn e puer
Schoullklasse gemellt, souguer Stater
Lycéeën hu sech gemellt hunn. An déi
hätte mer dann net erreecht, wa mer ee
One-Day-Event gemaach hätten, dat
wär e bësse méi schwéier ginn.

Mir organiséieren en Aarbechtsgrupp
mam Gemengerot, fir iwwer Gemein-
wohlökonomie ze schwätzen. Dat fënnt
de 15. Mäerz um 10 Auer statt. Dir
kritt nach eng offiziell Invitatioun. Do
sidd Der häerzlech invitéiert, fir e klen-
gen Tëschebilan vu Gemeinwohlöko-
nomie ze kréien.

Dir wësst, de Projet huet eng Dauer vun
dräi Joer. Elo hu mer dat éischt Joer
hanner eis. Mir wollten Iech weisen,
wou mer dru sinn, wat gemaach gouf a
wat an deenen nächste Jore geplangt
ass.

D’Madamm Frisch an den Här Wal-
tersdorfer presentéieren dat de
15. Mäerz.

Dann hunn ech nach dräi Kommunika-
tiounen, wat de Verkéier ugeet. Den
Här Ulveling huet dat gesot vun der
Cité O, vun der Yvonne-Useldinger-
Strooss, datt mer do e Makadamm
maachen. Mir wäerten duerno
d’Strooss ofhuelen. D’Strooss ass scho
reglementéiert, mir wëssen, datt do am
Moment Chaos ass. Esou kréie mer se
e bëssen an d’Gitt.

An der Rue de la Chapelle leeft eng
Testphas un – de genauen Datum weess
ech elo net. D’Sportsveräiner aus der
Fousbanner Sportshal sinn aktiv ginn,
déi do hir Matcher hunn. Déi hunn eis
d’Doleance ginn, datt wann d’Leit
kommen, si d’Parkhaus Place des Alliés
net direkt gesinn. An do wollte mer elo
während zwou Woche mol probéieren,
fir do double sens ze maachen.

Wann een da vun der Fousbanner
Schoul erof an d’Rue de la Chapelle
fiert, et ass ganz schwéier unzeweisen,
et soll ee ronderëm d’Kierch fueren, fir
erëm eran, dat sinn 20-30 Meter bis
den Agang vun der Place des Alliés. Fir
do double sens ze maachen. D’Breet ass
do, mir probéieren et emol zwou
Wochen. Mir kucken dann d’Resulta-
ter. Wann dat net gutt ass, hu mer eng
zweet Iddi, déi awer e bësse méi
schwéier ëmzesetzen ass, dat musse mer
da weider kucken.

An der Rue Neiwiss krute mer Dolean-
cë vu Schoulmeeschteren, well moies
do Chaos ass. D’Iddi ass – bei deene
meeschte Schoule wäerte mer dat
duerchsetzen –, datt moies vu 7.45
Auer bis 8.15 Auer keng Autoe solle
sinn, wou Kanner sinn. Dat heescht
ënnen an der Rue Neiwiss. D’Woiwer
Strooss wäerte mer zoumaache vu 7.45
bis 8.15 Auer. D’Elteren hunn do jo de
Parking Neiwiss, wou se d’Kanner kën-
nen erausloossen, soudatt da guer keng
Zirkulatioun an där Strooss ass bis bei
den Agang vun der Woiwer Schoul.

2. Pacte nature

Dat leeft direkt no der Ouschtervakanz
un.

Do gëtt nach eng Kommunikatioun
geschéckt un d’Elteren, un d’Ensei-
gnanten. Déi musse sech dann och
astellen, um 7.45 Auer komme si dann
och net erop. Dat heescht, si missten
dann éischter do sinn. Et ass fir eis Kan-
ner.

Merci fir d’Nolauschteren.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här De Sousa. Här Muller, Dir
hutt d’Wuert gefrot.

ERNY MULLER (LSAP):

An der Rue Neiwiss wunne Leit. Wat
maachen déi dann, kënnen déi awer
erausfueren?

SCHÄFFE PAULO DE SOUSA (DÉI GRÉNG):

Während deenen zwou Woche sinn eis
Agenten op der Plaz, déi reegelen dat,
datt do keen eropkënnt. Doru gouf
scho geduecht.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Villmools merci, Dir Hären. Ech hunn
Iech matzedeelen, dass den Diner am
Science Center, dee virgesi war de
4. Mäerz, e Samschdeg, ofgesot ass.
Deen organiséiert sollt ginn am Kader
vum Télévie. Deen ass ofgesot. Da sidd
Der au courant.

Ech denken, dat war et elo vu Kommu-
nikatiounen. Da kënne mer zum
Punkt 2 iwwergoen, wou ech dem Här
De Sousa d’Wuert ginn, ier den Här
Klopp da wäert iwwerhuelen. Merci.

SCHÄFFE PAULO DE SOUSA (DÉI GRÉNG):

Villmools merci, Madamm Buerger-
meeschtesch. Ech wëll d’Häre Fernand
Klopp, Direkter vum SICONA, an den
Här Eric Rathle, och vu SICONA, sou-
wéi eis zwee vun der Gemeng, den Här
Luc Arend, Service écologique, an den

Här Kai Lacour, déi d’Naturpaktteam
herno wäerte bei eis op der Gemeng
leeden, hei häerzlech begréissen.

Ufanks lescht Joer hate mir den Natur-
pakt mam Staat ënnerschriwwen an e
puer Méint drop hate mer d’Konven-
tioun mam SICONA ënnerschriwwen,
fir eis en externe Beroder an d’Natur-
paktteam ze huelen.

Ech wäert mech kuerz faassen. Duerno
wäert ech dem Här Klopp d’Wuert
ginn, fir déi verschidden Deliberatioune
virzestellen. Den Naturpakt baséiert op
dem Naturschutzplang an dem Waas-
serwirtschaftsplang. De Mesurëkatalog
ass a verschidden Thematiken a Milieu-
en opgedeelt.

Nom Audit, dee mer deemnächst wäer-
ten hunn, gëtt eng Zertifizéierung, jee
no erreechte Punkten, ausgestallt. Mat
deem Zertifikat kréie mer e gewëssene
Montant u Subventiounen vum Staat fir
d’Ëmsetze vu weidere Mesuren.

En éischten Audit ass deemnächst,
duerno gëtt d’Situatioun all dräi Joer
reevaluéiert.

Haut hu mer e puer Deliberatiounen
hei um Ordre du jour, déi den Här
Klopp presentéiere wäert. Wou mir
dann och schonn e puer Punkte kënne
kréien, wa mir déi haut hei approvée-
ren.

Leschte Stand: 86 Gemengen am Land
hunn den Naturpakt ënnerschriwwen.
Dovunner sinn der 11 zertiféiert ginn,
aacht mat Basis – dat ass den ënnesch-
ten Deel – an dräi mat Bronze.

Wéi gesot, ech wollt mech kuerz faas-
sen an da ginn ech dem Här Klopp elo
d’Wuert. Merci fir d’Nolauschteren.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här De Sousa. Här Klopp,
wannechgelift.

FERNAND KLOPP (DIREKTER SICONA):

Ech soen Iech villmools Merci fir d’In-
vitatioun. Mir sinn de Moien heihi-
komm, well fënnef Deliberatiounen am
Kader vum Naturpakt haut um Ordre

*voitures. Il faudra prévenir les pa-
rents, qui devront s’adapter aux
nouveaux règlements. Ils devront
arriver un peu plus tôt pour le bien
des enfants.*

ERNY MULLER (LSAP) *demande si
les riverains pourront circuler dans
la rue Neuwies.*

PAULO DE SOUSA (DÉI GRÉNG) *ré-
pond que les agents municipaux se-
ront sur place pendant deux se-
maines et qu’ils feront le nécessaire.*

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)
*annonce que le dîner prévu le
4 mars au Science Center dans le
cadre du Télévie est annulé.
Elle passe au point 2 et cède la pa-
role à monsieur De Sousa.*

PAULO DE SOUSA (DÉI GRÉNG)
*salue messieurs Klopp et Rathle du
Sicona ainsi que messieurs Arend et
Lacour, qui seront responsables du
Naturpaktteam.*

*Il rappelle que l’année dernière, la
commune a signé le Pacte nature
avec l’État. Peu après, la Ville de
Differdange a conclu une conven-
tion avec Sicona pour la mise à dis-
position d’un expert.*

*Le Pacte nature repose sur le Plan
pour la protection de l’environne-
ment et le Plan de gestion de l’eau.
Le catalogue de mesures est subdi-
visé en thématiques.*

*La commune va être soumise à un
audit et recevra une certification en
fonction des points reçus. La certi-
fication donne droit à des subsides
de la part de l’État. Des audits au-
ront lieu tous les trois ans.*

*Tout à l’heure, monsieur Klopp, le
directeur de Sicona présentera des
mesures permettant à la commune
de récolter des points. Actuelle-
ment, 86 communes ont signé le
Pacte nature. Onze sont certifiées.
Huit ont une certification de base et
trois, une certification bronze.*

*Paulo De Sousa cède la parole à
monsieur Klopp.*

FERNAND KLOPP (SICONA) *remercie
le collège échevinal pour l’invita-
tion.*

2. Pacte nature

Cinq délibérations concernant le Pacte nature figurent à l'ordre du jour. Monsieur Rathle va commencer par présenter le Pacte nature. Ensuite, Fernand Klopp présentera les cinq délibérations.

ERIC RATHLE (SICONA) *va présenter le Pacte nature. Il constate qu’il y a un problème technique.*

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG) *demande un petit peu de patience.*

FERNAND KLOPP (SICONA) *propose de dire quelques mots d'introduction.*

Le Pacte nature est une nouvelle loi approuvée en juillet 2021 par la Chambre des députés. Elle a pour objectif de récompenser les communes pour leurs efforts dans le cadre de la protection de l'environnement. Il peut s'agir de l'aménagement d'étangs, de la plantation d'arbres... L'État verse des subventions conséquentes. En effet, le ministère voulait récompenser la bonne volonté des communes au lieu de procéder à des interdictions ou des punitions. Deuxièmement, les communes sont incitées à utiliser les subventions obtenues pour réaliser d'autres projets écologiques. Actuellement, 86 communes ont signé le Pacte nature. Differdange en fait partie. Le 20 mars, un audit va être réalisé. Fernand Klopp pense que Differdange devrait obtenir sa certification de base. La commune a un score de 33 % ou 34 %, mais elle a besoin de 40 %. Les cinq délibérations de ce matin devraient rapporter de nombreux points.

Le Pacte nature s'inspire du Pacte climat et se compose de 77 mesures. Une partie de ces mesures doivent être approuvées par le conseil communal. Fernand Klopp cède la parole à monsieur Rathle.

ERIC RATHLE (SICONA) *explique que l'objectif du Pacte nature est d'encourager les communes à prendre des mesures environnementales. Il repose sur le Plan national pour la protection de la nature, sur le Plan de gestion de l'eau et sur la Stratégie d'adaptation au*

du jour stinn. An enger éischer Phas wollte mer Iech den Naturpakt, de Projet selwer, virstellen. Dat mécht den Eric Rathle elo direkt. An duerno géif ech Iech déi fënnef Deliberatiounen, déi zum Vott stinn, kuerz virstellen. Fir Froe sti mir och zur Verfügung.

Ech loossen elo den Eric Iech de Projet Naturpakt kuerz virstellen.

ERIC RATHLE (BERODER NATURPAKT):

Moien, ech presentéieren Iech den Naturpakt. Hu mer elo schonn e Problem? Ee Moment, wannechgelift.

(technesche Problem)

FERNAND KLOPP (DIREKTER SICONA):

Soss kann ech vläicht e puer Wieder als Introduktioun soen. Den Naturpakt ass jo en neit Gesetz, wat am Juli 2021 vun der Chamber votéiert ginn ass.

An d’Zil ass – am Fong ass et en duebelt Zil, kann ee soen, engersäits fir d’Gemengen ze belounen, fir dat, wat se am Kader vum Naturschutz bis elo gemaach hunn. Dat heescht alles, wat bis elo ëmgosat ginn ass, sief et Weieren, déi ugeluecht goufen, geplanzte Beem oder wat och ëmmer, kritt Der am Kader vun dësem Naturpark ugerechent. Dir kritt dat och finanziell ugerechent, kritt do e gewëssene Montant ausbezuelt.

Dat ass deen éischte grouse Volet der-vun, well de Ministère och emol eng Kéier wollt en Zeeche setzen, net ëmmer nëmme verbidden a bestrofen, mee d’Gemengen och emol eng Kéier belounen.

Dat zweet Zil ass, fir d’Gemengen ze motivéieren – ënner anerem mat deene Suen, déi am Kader vun dësem Projet ausbezuelt ginn –, fir weider a Richtung Naturschutz ze schaffen.

Wéi scho gesot, sinn de Moment 86 Gemengen, déi dat ënnerschriwwen hunn. D’Gemeng Déifferdeng ass eng dovun. Den 20. Mäerz ass deen éischten Audit, wou am Fong en État des lieux gemaach gött. Mir si gudder Hoffnung, dass d’Gemeng et packe wäert.

Den Eric huet déi genee Zuelen, aktuell si mer bei 33-34 Prozent. Et muss een awer 40 Prozent hunn, fir eng Basiszertifizéierung ze erreechen. Mee duerfir sti jo, ënner anerem, haut de Moien déi fënnef Deliberatiounen um Ordre du jour, woufir et ee ganze Pak Punkte gött.

Den Naturpakt ass opgedeelt. Et ass am Fong e bëssen e Copy-paste vum Klimapakt, et si 77 Moossname virgesinn. An e puer vun deene Moossname sinn Deliberatiounen, déi de Gemenge-rot huele muss.

Elo ginn ech awer d’Wuert un den Eric weider fir déi eigentlech Presentatioun, wou ech elo schonn e bësse virgegraff hunn an eenzele Punkten.

ERIC RATHLE (BERODER NATURPAKT):

Ech maachen déi méi generell Presentatioun. D’Zil vum Naturpakt ass, d’Gemengen ze encouragéieren, den Naturschutz ëmsetzen. Den Naturpakt berout um Plan national pour la protection de la nature, op den ökologesche Komponente vum Waasserbewirtschaftungsplang wéi op der Upassungsstrategie fir de Klimawandel.

De legale Kader: Den Naturpakt steet gesetzlech fest, wéi de Fernand et scho sot. Et besteet e Moossnamekatalog iwwer Règlement grand-ducal. Den Naturpakt leeft bis den 31. Dezember 2030.

Am Moossnamekatalog gött et 77 Moossnamen a sechs Beräicher, fir déi verschidde Milieuen ze decken. Engersäits hu mer de Siidlungsraum, d’Oppeland, d’Waasser an de Bësch. Dat éischt an dat sechst Kapitel sinn e bësse méi generell, well et ëm Naturschutz allgemeng geet oder iwwert d’Kommunikatioun an d’Kooperatioun iwwert den Naturschutz.

Am Ganze gött et 233 Punkten. Duerno gött et eng Zertifkatioun op Basis vun deene Punkten, déi erreecht goufen.

Hei weisen ech Iech e puer Beispiller vun deene verschiddene Kapiteln. Am Kapitel 1: Naturschutz allgemeng, do kritt Der, zum Beispill, Punkten ugerechent fir eng kommunal Ëmweltschutzstrategie. Dat ass eng vun deenen Deli-

beratiounen, déi mer Iech elo an e puer Minute presentéiere wäerten. An awer och fir Är Participatioun am Naturschutzsyndikat SICONA oder nach duerch Ären Undeel vun Natura2000-Gebidder a Zones protégées intégrales.

Am Siidlungsraum kritt ee Punkten ugerechent, wann een Infrastrukturen huet fir d’Förderung vun de Vullen oder de Fliedermais. Heinidde gesitt Der eng Foto vun eise Schmuewelen-Infrastrukturen, awer och fir Wëllbeien-Nisthilfen oder nach aner Infrastrukturen, fir Igelen an Hieselmais an och fir d’extensiv Gestioun vun den ëffentleche Gréngflächen.

Dir kennt sécher de Fauchage tardif a solches, wéi een an de Gemenge gesäit.

Am Oppeland zielt d’extensiv Notzung vun Akerflächen, strukturräich Landschafte mat villen Hecken, mat Beem, mat Randsträifen oder nach d’Uleeë vu Weieren.

Am Waasser: Renaturéierungen, Schutz vun Auebëscher, Restauratioun vun Iwwerschwemmungsgebidder.

Bësch-Zertifizéierungen: den Undeel u Biotopbeem oder Doudholzbeem oder nach den Undeel vu Lafbëscher.

Am sechste Kapitel: d’Kommunikatioun no baussen, Formatioune fir d’Gemengepersonal, awer och fir d’Bierger. Do kritt Der zum Beispill fir Aktivitéiten, ons pedagogesch Kanneraktivitéiten, Punkten ugerechent oder nach fir nohalteg Liewensmëttel an de Kantinnen.

Den 20. Mäerz fënnt en éischten Audit statt, dee muss no engem Joer stattfannen. Duerno muss obligatoresch all dräi Joer spéitstens en Audit stattfannen. Et kann een en awer selbstverständlech och méi fréi ufroen, wa mer gesinn, dass mer déi nächst Zertifikatiounsstuf erreechen.

D’Basis-Zertifikatiounen erreecht ee mat 40 Prozent vun de gesamte Punkten. Respektiv mat 50, 60 oder 70 Prozent Bronze, Sëlwer a Gold. Et muss een der Klima-Agence och eng järelech Progressioun noweisen. Wat kee Problem dierft sinn. Et fänkt ee mat enger Progressioun vun zum Beispill 2 Prozent un, wann een op Basis ass. A wat

2. Pacte nature

ee méi héich an der Zertifikatiounsstuf eropgeet, wat d’Progressioun méi niddreg geet.

Wat d’finanziell Ënnerstëtzung ugeet, kritt ee verschidde Primme vum Staat. Engersäits kritt een all Joer eng Participatiounsprimm vun 10.000 Euro d’Joer, just wann ee matmécht. Da gött et eng Subventioun fir d’Naturpakt-Beroder, do kritt Der 250 Stonnen d’Joer ugerechent. Dat ass en Equivalent vun 30.000 Euro.

Da gött et nach Zertifikatiounssubventiounen, déi sech an zwee deklinéieren: eng fix Subventioun an eng variabel Subventioun. Déi fix bleift konstant fir déi ganz Period. Wann Dir elo den Audit hutt am Mäerz an Dir erreecht d’Basis, da kritt Der 25.000 Euro d’Joer. Wann Der op Bronze kommt, 35.000 Euro. Dat geet weider bis op 50.000 a 70.000.

D’variabel Subventioun, déi hänkt vun der Period of, wou Dir déi Zertifikatioun erreecht. An der éischer Period, bis 2024 inklusiv, ass et 10 Euro den Hektar an déi geet awer stänneg erof. Mir kommen an eng zweet Period vun 2024 bis 2027 inklusiv, wou et nëmmen nach 7,5 Euro den Hektar gött fir Basis. An da spéider fënnef Euro den Hektar. Do ass dann den Interêt fir motivéiert ze sinn a schnell virunzekommen. Mir haten ausgerechent, dass ee plus ou moins kéint op 990.000 Euro kommen.

Um Stand vu Januar huet sech bis elo net ganz vill geännert. Et participéiere 86 Gemengen. Do waren der aacht zertiféiert mat Basis an dräi mat Bronze. Mëttlerweil sinn et der e puer méi mat Basis-Zertifikatioun, awer nach ëmmer dräi mat Bronze.

Dat ass net esou einfach ze erreechen. Mir kruten nach viru Kuerzem vun enger Auditrice gesot, dass just ee Véierel vun de Gemengen eng Zertifikatioun erreecht huet. Dat war e Workflow, dee war an der éischer Phas dëst Joer, wou mer en Etat des lieux vun de Punkte gemaach hunn. Nom éischten Audit komme mer an déi zweet Phas, wou mer e Programme de travail opstellen, fir d’Moossname richteg ëmsetzen a gréisser respektiv méijäreg Projeten unzegoen.

changement climatique. Il durera jusqu’au 31 décembre 2030.

Le catalogue comprend 77 mesures dans 6 domaines et plusieurs milieux.

En tout, le catalogue comporte 233 points. La certification dépend du nombre de points obtenus. La commune peut recevoir des points pour sa stratégie environnementale ou pour sa participation à Sicona par exemple.

Dans les lotissements, des points sont attribués pour les infrastructures promouvant les oiseaux, les chauvesouris, les abeilles, les muscardins ou les écureuils ainsi que pour la gestion des espaces verts. En dehors des agglomérations, des points sont accordés pour l'aménagement de haies, d'arbres ou d'étangs.

Eric Rathle mentionne ensuite la renaturation des cours d'eau, la protection des forêts rivulaires, la restauration de zones inondées... Pour ce qui est des forêts, le catalogue tient compte des labels, de la proportion de bois morts et de feuillus...

Par communication, il faut entendre la communication externe, mais aussi la formation du personnel, les activités pédagogiques ou une alimentation durable dans les cantines.

Le premier audit aura lieu le 20 mars. Ensuite, un nouvel audit sera fait tous les trois ans. Pour obtenir la première certification, il faut 40 % des points. Viennent ensuite les certifications, bronze, argent et or. L'Agence pour le climat demande une progression annuelle de 2 % au départ.

L'État verse une prime de 10 000 € pour la participation et 30 000 € pour les prestations d'un conseiller en Pacte nature. S'ajoute une subvention fixe en fonction du niveau de certification: 25 000 € par an pour la certification de base, 35 000 € pour le bronze, 50 000 € pour l'argent et 70 000 € pour l'or. Et une subvention variable par hectare — 10 € par hectare de 2024 à 2027, 7,5 € respectivement 5 € ensuite. En tout, cela représenterait 990 000 € pour Differdange.

En janvier, 86 communes partici- paient au Pacte nature. Huit ont une certification de base et trois,

2. Pacte nature

une certification bronze. Apparemment, seul un quart des communes obtiennent leur certification.

Après l’audit, la commune doit mettre en place le Programme de travail, qui doit permettre de prendre les mesures et réaliser des projets pluriannuels.

Le conseil communal doit aussi approuver la création d’un Naturpaktteam. Celui-ci doit contenir un membre du collège échevinal, le garde forestier et le conseiller pour le Pacte nature. L’équipe est aussi ouverte à des membres facultatifs. Il peut s’agir du service écologique, du service technique, de l’urbanisme ou du jardinage...

FERNAND KLOPP (SICONA) *demande aux conseillers communaux s’ils ont des questions.*

GUY TEMPELS (CSV) *rappelle que dans une première phase, la commune va dresser un inventaire des mesures déjà prises. Ensuite, elle essaiera d’obtenir la certification de base. Peut-elle aussi essayer de passer directement à la certification suivante?*

FERNAND KLOPP (SICONA) *signale que la barre est élevée. Certaines communes sont convaincues d’avoir pris de nombreuses mesures, mais elles ne parviennent malgré tout pas à obtenir la certification de base. D’un autre côté, il est question de la crise de la biodiversité et du changement climatique. Il ne serait pas réaliste d’accorder l’or à toutes les communes. On ne peut pas à la fois dire que la nature va mal et récompenser toutes les communes. Atteindre la certification de base n’est pas évident. Toutes les communes n’y arrivent pas. Bettembourg et Bertrange ont reçu le bronze, mais les autres n’obtiendront probablement que la certification de base.*

GUY TEMPELS (CSV) *suppose donc que les cinq délibérations d’aujourd’hui serviront à obtenir une certification de base.*

FERNAND KLOPP (SICONA) *répond qu’il est urgent de prendre ces mesures pour obtenir 13 ou 14 points*

Niewent dem Naturpakt muss och en Naturpaktteam gegrënnt ginn. Dat muss och nach vun Iech, vum Schäfferot, gestëmmt ginn. An deem Naturpaktteam muss obligatoresch ee Member vum Schäfferot sinn, de lokale Fierschter, de Beroder natierlech, an da kënne sech fakultativ nach aner Memberen uschléissen.

Gewéinlech sinn et d’Membere vun der Administration communale, déi déi Moossnamen ëmsetzen, wéi de Service technique, écologique, en Här vum Urbanisme oder vum Gärtnerservice. Awer oft och Membere vun der Ëmweltkommissioun an heiansdo och interesséiert Bierger, Naturschützer. Dat ass Iech ganz iwwerlooss.

Dat war et fir meng Presentatioun.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Villmools merci, Här Rathle.

FERNAND KLOPP (DIREKTER SICONA):

Wa Froen dozou sinn, kënne mer déi allgemeng Froe virhuelen.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Här Tempels, wannechgelif.

GUY TEMPELS (CSV):

Moien. Et ass esou, dass mer elo den Inventaire maachen, wéi d’Gemeng elo do steet. No deem éischten Inventaire probéiere mer, d’Basis-Zertifikatioun ze erreechen. Oder probéiere mer schonn eng Stuf weiderzekommen?

FERNAND KLOPP (DIREKTER SICONA):

D’Basis.

GUY TEMPELS (CSV):

Jo.

FERNAND KLOPP (DIREKTER SICONA):

Et muss ee soen, d’Lat läit relativ héich am Naturpakt hei. Et sinn eng ganz Partie Gemengen, grad eis Membergemengen, déi mengen, si hätten oder si hunn och effektiv scho relativ vill gemaach, an trotzdeem geet et just duer, fir d’Basis ze erreechen.

Et muss een allerdéngs och do derbäisoen, mir schwätzen déi ganzen Zäit vu Biodiversitéitskris a Landschaftzersiidlung a Klimawandel an esou weider, da wär et och e gewëssene Widdersproch, wann d’Gemengen am Kader vum Naturpakt alleguer direkt Sëlwer a Gold géife kréien. Da géif ee sech soen: Wéi passt dat zesummen? Engersäits soe mer ëmmer, et geet der Natur net gutt an anerersäits am Naturpakt kréien d’Gemengen dann alleguer Sëlwer a Gold. Also, et ass schonn openeen ofgestëmmt.

Eng Basiszertifizéierung an enger éischter Phas ze erreechen, dat ass scho guer net schlecht. Dat si se bei Wäitem nach net all. Also mir hoffen elo, de Gros vun eise Membersgemengen aus dem SICONA op dee Wee ze kréien. Awer et sinn der och zwou elo, Beetebuerg a Bartreng, déi hu souguer scho Bronze kritt. Mee all déi aner wäerte warscheinlech just d’Basiszertifizéierung erreechen.

GUY TEMPELS (CSV):

Dat heescht, déi fënnef Deliberatiounen, iwwert déi mer ofstëmmen, brauche mer, fir d’Basis ze erreechen? Oder ass dat schonn déi nächst?

FERNAND KLOPP (DIREKTER SICONA):

Nee, déi brauche mer am Fong relativ dréngend, fir d’Basis ze erreechen. Well et sinn insgesamt 13 oder 14 Punkten, déi d’Gemeng duerfir ka kréien. Aktuell leie mer bei 33 oder 34 Prozent. Dat heescht also 2,3 Punkten, dat ass ee Prozent. Dat heescht, et sinn elo nach e puer kleng Punkten, wou mer nach kënnen erreechen. Mee mir missten déi Deliberatiounen do scho wierklech hunn, och fir d’Basiszertifizéierung ze kréien.

2. Pacte nature

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Klopp. Här Liesch.

GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):

Ech hunn eng organisatoresch Fro. Ob mer elo Stellung huelen oder eréischt no der Presentatioun vun den Deliberatiounen.

FERNAND KLOPP (DIREKTER SICONA):

Ech géif proposéieren, d’Deliberatiounen, déi fënnef Stéck hei, Iech kuerz ze presentéieren. Duerno kënne mer d’Froen dozou beäntweren an dann duerno de Vott maachen. Ech mengen, dat wär am sënnvollsten. Kréie mer deen zweete Powerpoint ugehäit?

Et gëtt där Deliberatiounen am Kader vum Naturpakt nach méi. Mee mir hate schonn e Rendez-vous mam Schäfferot an och mat Ärem Service écologique, wou mer eis drop gëeenegt hunn, de Moment just fënnef ze stëmmen, déi dem Schäfferot an och dem Service écologique am onproblemateschste geschéngt hunn. An enger zweeter Phas kann ee weiderer derbäihuelen, mee ech géif Iech elo déi fënnef virstellen, déi de Moien um Ordre du jour stinn.

Hei sinn elo déi fënnef opgezielt. Déi éischt, dat ass eng méijäreg Strategie, déi d’Gemeng unhëlt. Dat ass eppes ganz Allgemenges, also do leet Der Iech elo net ze vill fest. An der Strategie steet dran, dass d’Gemeng sech engagéiert, fir Biodiversitéits- an Aarteschutz ze maachen, ouni elo vill méi an den Detail ze goen. Nei Beplantungen am Siidlungsberäich, wéi gesot, dat ass relativ allgemeng gehalen.

Et steet, dass d’Gemeng presentéiert, wéi hir Natursituatioun ass, an dass ee probéiert, zesumme mat SICONA déi Naturschutzziler do ze erreechen. Et geet ëm Aarteschutz, Biotopschutz, e klenge Monitoring ze maachen, de staatleche Biodiversitéitsprogramm op enger Partie vun de Flächen duerchzeféieren. Et geet och drëm, de Grand-public fir den Naturschutz ze sensibiliséieren.

Da gëtt et véier Plan-d’actionen am Fong, wou d’Gemeng sech prezis engagéiere muss. Dat eent ass e Plan d’action pollinisateurs, fir Bestäuberinsekten ze fërderen. Do hutt Dir am Siidlungsberäich jo zum Deel schonn naturno Beeter – Päiperleksbeeter nenne mir se ëmmer – ugeluecht.

Dat Zweet ass fir Wisen aarteräich ëmzegestalten, zum Deel ze renaturéieren.

Deen drëtten ass de Plan d’action Wëlkaz. Do geet et drëm, mam Fierschter zesummen am Bësch eng Partie Moossnamen ëmzesetzen.

Ronderëm d’Theema Quellen a Quellbaachen dréit dee véierte Plan d’action, deen d’Gemeng ëmzesetze soll.

Wéi gesot, dat ass alles relativ vag an allgemeng gehalen. Et geet méi drëm, dass d’Gemeng eng Richtung virgëtt. Duerfir heescht et och Strategie. Et gi keng ganz konkret Moossnamen do virgeschloen.

Dee ganze Strategie-Punkt, dat ass deen éischte Plan d’action, deen Der um Ordre du jour stoen hutt. Deen zweeten, do geet et drëm, dass Der Iech festleet, wat fir Aarte vu Beem a Straich an Zukunft sollen op Gemeengefläche beplant ginn. Do gëtt et Lëschten, déi sinn an der Annex hannendrun, dass just eenheemesch Aarte solle geplantz ginn, an net, ech soen elo, e Mammutbam oder eng Sumpfzypress vun iergendwou.

Nieft deenen eenheemeschen Aarten huet de Ministère och eng Lëscht mat klimaugepasste Beem erausginn, déi an Zukunft och kënne geplantz ginn. Dat sinn elo net direkt eenheemscher, mee dat sinn éischter Aarten, déi aus dem Mëttelmierraum kommen, déi schonn un d’Klima ugepasst wären an deementspriedend och gutt géife goen.

Déi drëtt Deliberatioun, déi um Ordre du jour steet, dat ass e Konzept, fir Liichtverschmottzung ze vermeiden. Do geet et an der Haaptsaach drëm, fir sou mann wéi méiglech ze beliichten, virun allem och fir d’Luuchte richteg auszeriichten, dass se no ënne solle stralen an net den hallwen Himmel matbeliichten.

servant à atteindre la certification de base. Actuellement, Differdange a 34 % des points. Chaque pour cent représente 2,3 points. Il est donc bien question de la certification de base.

GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG) *voudrait savoir s’il doit prendre position maintenant ou après la présentation des délibérations.*

FERNAND KLOPP (SICONA) *propose de présenter d’abord les délibérations et de répondre ensuite aux éventuelles questions. (Interruption de M^{me} Brassel-Rausch)*

Fernand Klopp explique qu’il y a plus de cinq délibérations, mais que le collège échevinal et le service écologique ont décidé d’en présenter cinq. Les autres seront soumises au vote dans une deuxième phase. La première délibération concerne la stratégie pluriannuelle de la commune. Il s’agit d’un document général dans le cadre duquel, la commune ne prend pas de décisions. Elle s’engage à protéger la biodiversité et les espèces, à planter des arbres dans les lotissements... La commune y présente un état des lieux et propose d’atteindre ses objectifs en partenariat avec Sicona. En plus de la protection des espèces et de la biodiversité, il y est aussi question de sensibiliser le grand public à l’écologie.

Fernand Klopp passe à quatre plans d’action précis concernant la promotion d’insectes pollinisateurs dans les lotissements, le réaménagement des prairies afin de les adapter aux espèces qui y vivent, les chats sauvages dans les forêts et les sources.

Le document reste relativement vague. Pour la commune, il s’agit surtout de s’engager dans une direction. Mais la stratégie ne contient pas de mesures concrètes. Cette stratégie est l’objet de la première délibération.

Avec la deuxième délibération, le conseil communal doit décider quels types d’arbres et de haies la commune veut planter. Les conseillers communaux disposent d’une liste d’essences autochtones. Il n’est pas question de planter des arbres mammouths ou des cyprès

2. Pacte nature

des marais. Le ministère dispose aussi d’une liste d’arbres méditerranéens adaptés au changement climatique.

La troisième délibération porte sur la pollution lumineuse. Il s’agit de limiter l’éclairage et de diriger le faisceau lumineux vers le bas. La lumière doit être chaude avec un indice de rendu des couleurs de 70 % à 80 %. La commune s’est adressée à un expert, monsieur Daniel Gliedner, avec lequel elle a élaboré un concept pour les lotissements. Le quatrième point fixe l’âge auquel les arbres peuvent être abattus. Ce point a entraîné des discussions avec l’Administration de la nature et des forêts, et le garde forestier. Le ministère recommande un âge de 220 ans pour les hêtres et 260 ans pour les chênes. Actuellement, ces arbres sont abattus cent ans plus tôt pour des raisons économiques. Plus l’arbre est vieux, moins son bois a de la valeur. Les hêtres sont notamment victimes de la pourriture rouge.

Le garde forestier a finalement donné son accord. De toute façon, personne ne pourra contrôler si un hêtre de 120 ans sera encore là dans 100 ans.

Pour ce qui est de la communication, la commune s’engage à informer le grand public dix fois par an dans le Diffmag, sur Facebook ou lors de réunions d’information publiques — ce qu’elle fait de toute façon.

Les conseillers communaux disposent de toutes les informations concernant les cinq délibérations. S’ils ont des questions, ils peuvent les poser.

GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG) *remercie monsieur Klopp pour la présentation.*

Il souligne les analogies avec le Pacte climat, ce qui est normal, car les deux projets fonctionnent ensemble.

Pour les écologistes, il s’agit d’un dossier extrêmement important. L’humanité fonce dans un mur. Les scientifiques expliquent depuis des décennies que la biodiversité est en recul et que les émissions de CO₂ ont des effets néfastes sur le climat. Les écologistes le répètent aussi depuis des décennies. Au début, on

Dass se waarmt Liicht sollen ofginn, 3.000 Kelvin oder souguer nach manner. Dass de Farbwiedergabe-Index méiglechst tëschent 70 an 80 Prozent soll leien. Dat ass dee Spektrum vum Liicht, deen d’Luucht effektiv ofgëtt.

An deem dote Beräich hu mer eis vun engem Liichtberoder, deen am Naturpakt Our schafft, dem Daniel Gliedner, berode gelooss. Deen huet eis hei och gehollef, dat Konzept opzeschaffen, wat sech relativ, sou fern ee Luuchten ersetzt am Siidlungsberäich, gutt ëmsetze léisst.

Dee véierte Punkt geet ëm d’Bëscher, virun allem ëm den Alter vun de Beem, wéini se solle gehae ginn. Dëst ass e Punkt, deen an der Naturverwaltung mat de Fierschter zu enger Partie Diskussioun gefouert huet. De Ministère recommandéiert nämlech, am Kader vum Naturpakt, dass d’Biche solle bis 220 Joer kënnen al ginn an d’Eeche bis zu 260 Joer.

Dat ass de Moment net de Fall, well déi béid Aarte weesentlech méi fréi, ech soen elo eng 100 Joer méi fréi gehae ginn, einfach well d’Holz da wirtschaftlech besser notzbar ass. Wat et méi al gött, wat et riskéiert, entweder dass de Bam scho virdru géif futti goen oder d’Holz net méi esou wäertvoll ass. Grad d’Bichen, déi kréien dann esou eng Aart Rotfäule, dann huet d’Holz net méi déi hell Faarf, mee méi eng donkel an ass dann net méi esou gutt ze kommerzialiséieren.

Dat do ass awer och mam Fierschter diskutéiert ginn, an de Christian Berg war awer och d’accord, fir dat doten esou ze maachen. Quitte dass et eppes ass – wann een elo aktuell eng Bich huet vun 120 Joer, misst een déi mol nach 100 Joer stoe loossen, also mir gi warscheinlech do net méi kontrolléieren, ob dat effektiv ëmgesat gött.

Dee leschte Punkt ass e Kommunikatiouns- an Informatiounskonzept. Dat ass och eppes Allgemenges, wou d’Gemeng sech engagéiert, fir zéngmol d’Joer eng Informatioun un de Grand-public erauszeginn. Sief dat Artikelen an Ärem Gemeindebuet, sief et Facebook-Messages, sief et Biergerversammlungen zu Naturschutz- oder Ëmweltschutztheemen. Wat Der am Fong souwisou scho maacht. Et geet just drëm,

fir dat a Form vun engem Konzept eng Kéier offiziell ze formaliséieren.

Dat war et vu menger Säit, e ganz kuerzen Duerchlaf duerch déi fënnef Deliberatiounen. Dir hutt se alleguer am Virfeld kritt gehat. Ech weess elo net, awéifern deen eenzelne se konnt studéieren, mee wa Froen derzou sinn, kann ech gäre probéieren, dorop ze äntweren.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Här Liesch, wannechgelift.

GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):

Ech huele mol einfach Stellung zum Ganzen. Merci fir d’Presentatioun. Mir gesinn d’Analogie e bëssen zum Klimapakt. De Modell ass änlech gestréckt, an dat ass och gutt, fir dass d’Gemeenge verstinn, dass se net mat zwou verschiddene Saachen ze dinn hunn, mee effektiv, dass déi Saachen aneneegräifen.

Fir mech, an ech mengen ech schwätzen och fir déi gréng hei, ass et en immens wichtigen Dossier. Mir lafen am Moment riicht an eng Mauer. A mir wëssen dat eigentlech scho joerzéngetlaang, dass d’Wëssenschaftler warne virum Réckgang vun der Biodiversitéit, eis warne virun den CO2-Emissiounen, déi mer ausstoussen an déi Effekter, déi dat huet op d’Klima.

Mir als Gréng soen dat och scho joerzéngtelaang. Am Ufank si mer do just als Spaassbremsen duergestallt ginn, deels och haut nach ëmmer. Mee et kann een awer feststellen, dass ëmmer méi Parteie sech deem ralliéieren an agesinn, dass mer e reelle Problem net nëmmen am Klima hunn, mee och e reelle Problem an eiser Naturlandschaft, wat verheerend Follge wäert hunn op eise Liewensstandard, wéi mer en haut kennen.

De Kapitalismus a senger Form, wéi mer e liewen, hänkt ganz dovunner of, wéi gutt eis Natur funktionéiert. Dat ass e wichtegt Standbeen. An dee menge mer ëmmer, dee wär gratis, dee wär ginn an ëm dee bräicht ee sech net ze këmmeren, well dat géif alles vum

selwe funktionéieren, mir bräichten do guer näischt ze maachen. An dat ass en immens grouse Feeler.

Et ass dunn erkannt ginn, iergendwann eng Kéier, dass do eppes misst gemaach ginn. An ech mengen och, dass et dee richtege Wee war, fir positiv ze reagéieren an déi Acteuren all, sief dat d’Bierger, sief dat d’Industrien, sief dat d’Gemengen, sief dat d’Baueren, egal wien do an deem Beräich schafft, ze motivéieren, Saachen ze änneren, an ze encouragéieren, Saachen ze änneren, fir dës Situatioun an de Grëff ze kréien.

Mir stellen awer fest, dass d’Biodiversitéit nach ëmmer rapid ofhëlt. Dat heescht mir hunn et vläicht fäerdegbruecht, déi Pente, déi no ënne weist, e bëssen opzefänken, mee si weist nach ëmmer no ënnen. Dat heescht, mir hunn nach laang net erreecht, dass mer eng Stagnatioun hätten, geschweige denn, dass d’Biodiversitéit erëm géif eropgoen.

Mir rennen also nach ëmmer an déi Mauer. An, wéi den Zoufall et wëll, hunn ech gëschter nach e flotte Reportage gesi vun engem bekannten Däitsche renomméierte Wëssenschaftler, dee genau dat erkläert huet. An unhand och vun engem praktesche Beispill illustréiert huet, wat fir eng Effekter dat huet.

E Beispill, wat ech selwer net wousst – ech erklären et just eng Kéier ganz kuerz, fir ze weisen, ëm wat et geet: A China ass 1958 decidéiert ginn, véier Ploen aus der Landwirtschaft ze eliminéieren. Do ass e risegt Massaker gemaach ginn, well eng vun deene Ploe waren d’Sperlingen, déi also d’Saatkäre gefriess hunn, ze eliminéieren. An Zäit vun e puer Woche goufen e puer Milliarde Sperlinge gekillt, embruecht. Mam Zil, dass doduerch sollt d’Ernte eropgoen. Dat ass och geschitt. D’Sperlinge ware fort, d’Ernte ass eropgaangen, awer nëmme ganz kuerz.

Well duerno ass dat agetratt, wat och d’Wëssenschaftler soen, wa mer an d’Natur agräifen ouni ze verstoen. An dat versti mer haut nach ëmmer net, wéi déi komplex Zesummenhäng sinn. Da riskéiere mer do en Desaster. A genau dat ass a China geschitt. Nämlech doduerch, dass d’Sperlinge verschwonne sinn, sinn Heespränger

2. Pacte nature

komm. Déi hu sech massiv verbreet, well eebe keng Sperlinge méi do waren. Als Konsequenz ass d’Ernte rapid erofgaangen an d’Hongersnout a China war enorm grouss. Wat dozou gefouert huet, dass iwwer Land Milliounne Leit vun Hunger gestuerwe sinn an an d’Stied gaange sinn. Riseg Effekter. Duerno sinn d’Beie verschwonnen, well eeben och näischt méi iwwreg war fir d’Beien. Déi sinn also och du verschwonnen.

An dat sinn Effekter, wou se haut nach domadder kämpfen. Dat heescht haut ginn a China, an deene Gebidder wou et virun 1958 Lännereie gouf, wou ganz China sech ernärt huet, hir Uebstbeem manuell bestäubt. Dat heescht, do lafe Leit ronderëm mat esou Plüschdénger, fir déi Beem manuell ze bestäuben, well se keng Beie méi hunn. En Effekt, dee se 70 Joer duerno nach net opgefaangen hunn. D’Sperlinge sinn nach ëmmer net erëm, d’Beie sinn nach ëmmer net erëm an hir Agrarlandschaft läit flaach.

A genau dat riskéiere mer bei eis! Well mir opferen eis Lännereien, mir opferen alles fir d’Natur. Eng Strooss muss gebaut ginn, iergendeppes anescht muss gebaut ginn, alles ass méi wichtig wéi de Päiperlek. Do laache mer dann driwwer, wa mer soen, et muss e Päiperlek geschützt ginn oder et muss eng Maus geschützt ginn, eng Hieselmaus geschützt ginn. Dann ass normalerweis Hilarité.

Oder mir reegen eis driwwer op, dass den Ëmweltministère da seet, nee, Dir kënnt dat do net maachen, well do gött et eng Hieselmaus oder e schützenswäerte Päiperlek. Dann herrscht e grousst Onversteesdemech an der Bevëlkerung an och an der Politik. Och bei deene Parteien, déi eigentlech unerkennen, dass mer e Problem hunn. Wou et dann heescht: „Not in my backyard“ an zrëckfalen an hir al Musteren an da soen: „Oh, kënnen mer dat do elo net bauen, nëmme well do e Päiperlek ass.“ Jo, genau, dat kënnen mer eebe just net.

Déi Zäit, wou mer probéiert hunn, positiv drop anzegoen, dass mer d’Leit positiv op de Wee kréien an ze encouragéieren, ass definitiv eriwwer. Mir müssen handeln. An handeln heescht nun eemol: Mir müssen elo konkreet

s’est moqué d’eux. C’est encore le cas aujourd’hui en partie. Mais de plus en plus de partis politiques se rendent compte que le problème est réel et qu’il pourrait avoir des conséquences catastrophiques sur notre qualité de vie.

Le capitalisme dépend du fonctionnement de la nature. On a l’impression que tout fonctionne de manière indépendante, mais c’est une grave erreur.

Finalement, on s’est rendu compte qu’il fallait intervenir. On a alors commencé à inciter les différents acteurs comme les citoyens, les industriels, les agriculteurs ou les communes à évoluer.

Malheureusement, la biodiversité continue de reculer. On a redressé un peu la pente, mais la balance penche toujours vers le bas. On reste loin d’une amélioration ou même d’une stagnation.

En d’autres termes, pour Georges Liesch, nous courons toujours dans un mur. Hier, le conseiller communal a regardé un reportage à ce sujet. Un scientifique allemand y a cité l’exemple de la Chine. En 1958, le gouvernement a décidé de massacrer plusieurs milliards de moineaux pour améliorer les récoltes. Après une brève amélioration, les moineaux ont été remplacés par les sauterelles. C’est ce qui arrive quand les hommes interviennent dans la nature sans comprendre les interconnexions complexes. L’extermination des moineaux a entraîné une explosion du nombre de sauterelles, et des millions de Chinois sont morts des suites de la famine. L’autre conséquence a été la disparition des abeilles.

Aujourd’hui encore, les arbres fruitiers sur ces champs doivent être pollinisés à la main parce qu’il n’y a pas d’abeilles. Soixante-dix ans plus tard, il n’y a toujours pas de moineaux et toujours pas d’abeilles, et l’agriculture est en ruines.

Chez nous, c’est pareil. La nature est sacrifiée pour construire une route ou un lotissement. Tout est plus important que les papillons. On se moque de ceux qui veulent protéger les souris. Ou alors, on s’énerve contre le ministère de l’Environnement parce qu’il interdit un

2. Pacte nature

projet à cause de muscardins. Les citoyens et les hommes politiques ne prennent pas la mesure de la situation et trouvent incompréhensible que l'on interdise un projet à cause d'un papillon. Mais le temps des encouragements est révolu. Désormais, il faut agir.

C'est pourquoi les plans d'action présentés sont importants et ils devront être appliqués s'ils sont votés aujourd'hui. Georges Liesch espère que lors de la prochaine législature, le conseil communal continuera à questionner le collège échevinal sur l'avancée des travaux.

Cependant, Georges Liesch est conscient du fait que ces plans d'action sont insuffisants. Il faut aller beaucoup plus loin. À titre d'exemple, la commune n'utilise plus de pesticides sur ses champs. En revanche, elle n'applique pas la même règle sur les champs qu'elle loue. Le collège échevinal a essayé d'inciter les agriculteurs à abandonner les pesticides en baissant le loyer de ceux qui prendraient cette décision. Malheureusement, cette mesure est restée sans effet. C'est pourquoi Georges Liesch propose d'interdire les pesticides avec effet immédiat.

Il passe au projet de l'éclairage intelligent. La commune recourt à des lumières qui n'attirent pas les insectes, ce qu'a expliqué monsieur Klopp tout à l'heure. Car les insectes sont peut-être embêtants en été, mais ils sont essentiels à la sauvegarde de la biodiversité. La Ville de Differdange pourrait faire beaucoup plus: ne plus illuminer ses bâtiments la nuit, changer tous les éclairages maintenant au lieu d'en changer un certain nombre tous les ans, etc.

La même chose est vraie pour la renaturation. Le Plan d'action parle de conservation de la biodiversité dans les zones aquatiques et propose des reconversions et des aménagements. Mais pour le faire, il faut du courage politique. Si celui-ci fait défaut, on va finir par s'écraser contre un mur.

La commune doit avoir le courage de ne pas viabiliser toutes les parcelles disponibles, y compris celles à l'intérieur du périmètre de construction. Georges Liesch pense notamment aux Woiwerwisen. Une

Saachen ëmsetzen. Duerfir begréissen ech déi Aktiounspläng hei.

An ech ënnersträiche ganz kloer: Déi Aktiounspläng si wichteg, si bréngen eis Punkten, si bréngen eis e Stéck virun. An dass et, wa se gestëmmt sinn, eng Verflchtung ass, fir dësen a fir den nächste Schäfferot, sech dorunner ze halen. An ech hoffen, dass all Partei, egal wien herno hei um Rudder ass, an der Majoritéit oder Oppositioun, dee Schäfferot dee Moment dann och ëmmer erëm op dës Konventiounen hei verweist a fret: Wou sidd Der drun? Wat hutt Der gemaach? A virun allem: Wat hutt Der net gemaach?

Mee ech soen awer nach eng Kéier hei ganz däitlech: Dat geet net duer. Et geet net duer, dass mer haut dës Aktiounspläng stëmme mat deenen Aktiounen, déi dra sinn. Dat geet fir mech bei Wäitem net duer. Mir musse vill méi wäit goen. A mir kënnen schonn haut Saachen decidéieren, déi méi wäit gi wéi dat, wat elo an de Konventioune steet.

Ech ginn ee Beispill, wat an der Konventioun steet. Dass keng Pestiziden op eise Lännereien, déi mer hunn, erlaabt sinn. Dat maache mer jo an der Gemeng schonn. Eis Gäertnerei schafft scho laang net méi mat Pestiziden. Dat ass eng gutt Saach. Mir hunn awer nach Lännereien, déi mer verpachten, wou dat awer net de Fall ass.

Mir hunn och probéiert, ech erënneren un eng Reglementatioun, déi ech eng Kéier abruecht hat, wou mer gesot hunn, mir probéieren, déi Pächter, déi mer all op eise Lännereien hunn, ze encouragéieren, andeem mer d’Pacht erofsetzen, fir déi Pächter, déi da fräiwëlleg op Pestizide verzichten.

Dat hat leider keen Effekt gehat. Soudass ech mengen, dass mer do mussen aner Weeër goen an dat carrement einfach verbidden. An zwar elo. Net muer, net iwwermuer, mee elo.

Mir hu Projete gemaach, fir de Smartlight Hub, dat ass jo och ee vun den Aktiounspläng, wou mer gewisen hunn, dass et machbar ass mat intelligente Luuchten a mat Luuchten déi, genau wéi den Här Klopp et elo hei beschriwwen huet, d’Insekten net ulackelen, fir d’Insektestierwen ze begrenzen. Well d’Insekten, och wa se eis am

Summer ploen, sinn nun eemol ee vun de wichtigste Biodiversitéitsträger, déi mer hunn. A mir sinn amgaangen, déi wierklech immens zréckzedrécken.

Och hei kéinte mer vill méi maachen. Mir kéinten haut soen, dass mer eis Beliichtung änneren. Mir kéinten haut soen, dass mer eis ëffentlech Gebaier net méi déi ganz Nuecht iwwer beliichten. Mir kéinten haut soen, dass mer Suen an de Grapp huelen, fir eis Beliichtung an der ganzer Gemeng änneren ze loossen an net, wéi mer et bis elo gemaach hunn, dass mer all Joer iwwer e gewëssene Programm en Deel änneren. Mee mir kéinten hei vill méi massiv nach virgoen.

Och bei der Renaturéierung – och ee vun den Aktiounspläng, déi mer hei duergestallt kritt hunn, kéinte mer eigentlech och méi wäit goen. Ech stéiere mech drun, dass den Aktiounsplang am Moment seet – also ech stéiere mech net drun –, den Aktiounsplang schwätzt vun Erhale vun de Biodiversitéitsflächen och am Waasserberäich.

An e bësse méi wäit steet dann dran, dass mer eis asetzen, fir nei Flächen an och Reconvertéierungen ze maachen. Dat heescht besteeënd Flächen erëm renaturéieren, erëm reconvertéieren an eng aner Zon. Do brauche mer politesche Courage. A wa mer deen net hunn, da riskéiere mer wierklech an déi Mauer ze rennen, vun där ech virdru geschwat hunn.

Mir mussen et fäerdegbréngen, op Lännereien ze verzichten an ze soen: Déi dote Lännereien huele mer elo net méi. An et gött genuch Beispiller. An do schwätze mer net nëmme vu Lännereien ausserhalb vum Bauperimeter, mee och innerhalb vun eisem Bauperimeter. Zum Beispill eis Woiwerwisen. Wou een natierlech den Drock vum Logement huet, wou gesot gött – ech verstinn déi Lénk, déi da soen: Do hutt Der eng Surface an Dir gitt déi net fräi fir de Logement.

An den Drock vum Logement ass grouss. Natierlech ass den Drock vum Logement grouss. An natierlech géife mer, mengen ech, alleguerten heibanne gären deem Drock entgéintwierken a soen: Kommt, mir maachen eppes.

Mee ech soen Iech awer nach eng Kéier: Den Drock vum Klimaschutz a vum Ëmweltschutz ass vill méi grouss wéi dee vum Logement. An de Woiwerwise kéint een zum Beispill soen: Mir maachen dat doten net. Firwat? Och wann déi Fläch da vläicht Millioune Wäert ass, mee wat sinn eis Millioune Wäert, wa mer muer keng Biodiversitéit méi hunn?

Also wär dat e Beispill, wou een och kéint einfach soen, deen Terrain bleift zwar wuel am Bauperimeter, mee mir maachen awer kee Logement dohinner. Mir maache vläicht näischt dohinner. Mir huelen dat als Reconvertéierung. Mir wëssen, dass et eng Surface ass, wou vill Waasser ass. Mir kéinten also do e flotte Biotop schafen, e grouse Biotop, dee ville Leit zegutt kéim a virun allem der Natur zegutt kéim.

An et gött nach aner Flächen, wou mer dat kéinte maachen hei an der Gemeng. Och am Beräich vun de Quellen. Mir wëssen, historiesch gesinn – an dat ass nach net esou laang hier, virun 100 Joer –, wann Der d’Pläng kuckt vun Déifferdeng, an Dir musst elo net déi al Ferrariskaarte kucken, déi sinn natierlech och interessant, mee virun 100 Joer hat Déifferdeng extreem vill Quellen an huet och dovunner gelieft an huet och domadder gewirtschaft. Haut ass bal näischt méi do vun deene Quellen.

Wa mer politesch Courage hunn, wa mer Suen an de Grapp huelen, da kënnen mer do ganz vill änneren.

Ee Beispill: Dat aalt Klouschter, wat mer jo elo zréckkritt hunn. Historesch gesi war dat voll an engem Dall, wou lauter Quelle vum Thillebierg oder vum ale Bierg erofkomm sinn. Déi kéinten erëm fräigeluecht ginn a Biotope gemaach ginn, déi mer haut net hunn. Dofir brauche mer awer politesche Courage.

Duerfir encouragéieren ech hei nach eng Kéier all d’Parteien – well et si jo Walen –, dat vläicht an hire Walprogramm ze schreiwen an ze weisen, dass se et eescht huelen a seriö huelen, andeem dës Resolutiounen, déi mer haut jo hoffentlech och unanime stëmme wäerten, en Néiergang fannen an Äre respektive Walprogrammer.

2. Pacte nature

Ech géif dat immens wichtig fannen, dass d’Bierger dobausse spieren, dass all Partei erkannt huet, dass et net nëmme fënnef vir 12 ass, mee mir stinn am Fong genau op 12. An dass all Bierger dobausse weess, wann e wiele geet: Déi do Partei steet do hannendrun an déi hëlt dat och seriö an ech kann déi och herno op déi Punkten uschwätzen, déi an hirem Walprogramm stoungen.

Dat gesot, wäerte mir als Gréng dëse Punkt natierlech stëmmen. Mir si frou, dass d’Gemeng Déifferdeng sech op de Wee mécht, fir dat heiten ze maachen, wéi vill aner Gemengen. Et ass net nëmmen de Merite vun Déifferdeng eleng, ech schwätzen elo e bëssen als President vum SICONA, do sinn ech immens frou, dass sech esou vill Gemenge bereeterkläert hunn, mat op de Wee ze goen, fir dëse Pakt hei mam Staat unzegoen.

An ech hoffen, dass mer esou ambitiéis sinn, dass mer méi maache wéi dat, wat mer just musse maachen, fir dann elo déi 40 Prozent ze kréien an eventuell déi Suen ze kréien. Mee ech hoffen, dass mer wierklech erkennen, dass et hei net ëm déi Sue geet an net ëm d’Medail geet, déi mer kréien. Mee dass et drëm geet, fir eis Liewensqualitéit fir haut an och fir déi Generatioun duerno ze garantéieren. An do hu mer leider keng Zäit méi ze verléieren.

Ech soen Iech Merci fir d’laangt Nolauschteren. Mee Dir mierkt: Et ass e wichtige Punkt fir mech. An ech hoffen, dass mer dat hei da wierklech unanime kënnen stëmmen.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Liesch. Här Weirich.

ERIC WEIRICH (DÉI LÉNK):

Merci fir d’Wuert, Madamm Buergermeeschtesch. Merci un déi Häre vu SICONA fir d’Presentatioun. Un eise Fierschter, de Service écologique an all déi aner Servicer, déi hei um Plang matgeschafft hunn.

Ech gi mengem Virriedner, dem Här Liesch, absolutt Recht:mMir hu keng Zäit méi ze verléieren an et ass en abso-

telle décision se heurterait au problème du manque de logements. Il comprend la position de déi Lénk consistant à dire qu'il faut recourir à toutes les parcelles disponibles. Chaque responsable politique veut contribuer à résoudre le problème du logement. Mais la pression exercée par l'environnement et le climat est beaucoup plus forte. Les Woiwerwisen peuvent bien valoir des millions d'euros. Mais à quoi serviront ces millions si on détruit la biodiversité?

La commune pourrait décider de ne pas toucher à ces terrains tout en les laissant à l'intérieur du périmètre de construction. Ils sont gorgés d'eau et on pourrait créer un biotope faisant du bien aux gens et à la nature.

Pour ce qui est des sources, Georges Liesch rappelle qu'il y a à peine cent ans, Differdange en comptait beaucoup. Aujourd'hui, elles ont presque toutes disparu. Il faut du courage politique pour changer les choses. L'ancien couvent se trouve dans une vallée desservie par les sources du Thillenberg. La commune pourrait les dégager.

Georges Liesch rappelle qu'il va y avoir des élections et demande aux partis politiques de proposer des mesures dans leurs programmes électoraux. Il faut que les citoyens ressentent que les responsables politiques savent qu'il n'est plus midi moins cinq, mais midi. Les gens doivent être surs que les différents partis prennent la question du climat au sérieux.

Les écologistes approuveront les délibérations. En tant que président du Sicona, Georges Liesch est content de voir que de nombreuses communes ont décidé d'agir en signant le Pacte. Il espère que Differdange ne se limitera pas à atteindre un score de 40 % et à toucher une subvention. Il n'est question ni de médailles ni d'argent. Il s'agit de garantir une bonne qualité de vie aux prochaines générations et il n'y a plus de temps à perdre. Georges Liesch espère que ce point sera approuvé à l'unanimité.

ERIC WEIRICH (DÉI LÉNK) remercie les représentants du Sicona, le garde forestier, le service écolo-

2. Pacte nature

gique est tous les autres services ayant participé à l'élaboration du plan.

Monsieur Liesch a raison de dire qu'il n'y a plus de temps à perdre. Pour Eric Weirich, il n'y a pas de débat possible. Chaque parti politique devrait faire de l'environnement sa priorité absolue.

En ce qui concerne le logement, Eric Weirich rappelle que les Woiwerwisen sont classées terrain constructible. Compte tenu de la crise du logement, il faudrait au moins disposer d'un plan quant à l'affectation à donner à ces terrains. Le conseiller communal n'est pas contraire à l'idée de ne pas les viabiliser. Mais il faut alors proposer autre chose contre la crise du logement. Par exemple, transformer les parkings en résidences, augmenter la densité de construction, mobiliser les terrains vagues...

Comme l'a dit monsieur Klopp, le Pacte nature est pratiquement un copier-coller du Pacte climat. Le Pacte climat en est à sa seconde itération. Le Pacte nature est nouveau, ce qui explique que la commune ne puisse pas recevoir une certification or dès le départ. Mais elle se fixe comme objectif de recevoir cette certification au plus tard en 2030. Elle ferait bien de fixer le même objectif pour tous les pactes, Pacte logement compris.

En ce qui concerne les forêts, il a été question tout à l'heure du Grand nettoyage. Les forêts souffrent du réchauffement climatique. Chaque fois qu'Eric Weirich se rend dans les bois, il se rend compte qu'une autre partie de la forêt a disparu parce que les arbres sont morts. Il trouve intéressant que désormais, les arbres soient abattus plus tard.

Il mentionne ensuite les mesures contre les inondations, les pistes cyclables...

On peut établir un lien avec le projet Fusilli. Monsieur Ulveling a d'ailleurs parlé tout à l'heure de la production de légumes biologiques. Le projet Urban Gardening n'existe plus, mais peut être relancé.

Parmi les nouveautés du Pacte climat figure l'importance accordée à la communication et à la participation citoyenne. Il reste du pain sur

lutt wichtigegt Dokument. Als Vertrieder vun déi Lénk sinn ech och gär eng, wéi hat Der gesot, eng Spaassbrems, wat de Klimaschutz ugeet. Mir ginn do ganz an déi Richtung. Et dierft haut keng Diskussioun méi sinn. All Partei misst Ëmwelt a Klimaschutz op déi éischt Plaz an de Walprogramm schreiwen. Do ginn ech Iech absolutt Recht, Här Liesch.

Wat de Logement ugeet, Dir hutt et ernimmt, ech hu schonn e puermol gesot, d'Woiwerwisen ass ausgewisent Bauland. Mir hunn eng Logementskris. Déi misst bebaut gi respektiv op d'mannst e Plang bestoen, wat mer mat deene Wise maachen, wann se net solle bebaut ginn. Biotop, ganz gären, mee da musse mer aner Iddien hunn am Logement, fir Baubestand ze mobiliséieren, deen haut eidel steet, Parkingen ëmwandelen, dass déi bebaut ginn, anstatt dass do Autoen drop stinn, noverdichten an esou weider an esou fort. Mee ech gi ganz gär mat op de Wee, fir d'Woiwerwisen a Rou ze loos-sen an do e Biotop unzeleeën. Ganz, ganz, ganz gär.

Wat dat hei ugeet, dat ass elo keen Neiland onbedéngt fir mech, well ech am Kader vu menger Aarbecht um Pacte Climat ganz vill schaffen. Et ass, wéi Dir gesot hutt, Här Klopp, Copy-paste quasi vum Pacte Climat. Soudass ech dat heite relativ gutt kennen an och ka soen, dass dat e ganz gudden Outil ass, fir, wéi soll ech soen, der Biodiversitéitskris a Klimakris entgéintzewierken.

Punkto Pacte Climat si mer elo bei der zweeter Versioun. An do sinn d'Zertifikatioune méi héich. Firwat mer elo hei knapp d'Mindestzertifikatioun erreechen? Dir hat et erkläert. Et wär komesch, wa mer elo schonn direkt hei géife Gold zertifiziéiert kréien. Mee dat sollt awer d'Zil sinn.

Ech hu gesinn an der Presentatioun, fir 2030 sollte mer Gold hunn am beschten. An natierlech alleguerten d'Gemengen an alle Pakten, déi et gött. Pacte Logement inclus. Dee gött et jo natierlech och.wWou d'Gemeunge sech aktiv engagéieren, fir am Logement aktiv ze ginn.

Et si ganz vill interessant Elementer dran, wouriwwer mer och elo schonn de Moie geschwat hunn.eEt ass vu

Bëscher geschwat ginn, mir hunn de Moie vu Grouss Botz geschwat. Dat ass och een Element, fir d'Bëscher propper ze halen.

D'Bëscher leiden ënner der Äerderwiermung, ënner der Dréchent. Dat gesäit een, wann een an de Bëscher ënnerwee ass. All Kéier, wann ech am Bësch ënnerwee sinn, ass erëm hei an do e Stéck Bësch verschwonnen, well d'Beem futti ware wéinst der Dréchent oder Borkenkäferbefall. Dat hei ass een Outil, fir deem entgéintzewierken. Och interessant, dass d'Beem solle méi spët gehae ginn.

Elementer, déi de Logement betreffen, de PAG mat Iwwerschwemmungsgebidder, Biotoper, Versiegelung. Och aner Saache wéi Vëlosweeër, wou mer och nach müssen Efforte maachen, fir en zesummenhängend Netz ze hunn innerhalb vun der Gemeng, och aus der Gemeng eraus, wou hei och rieds ass am Dokument.

Kann een de Lien maachen op de Projet Fusilli, Projet Maraichage, wouriwwer den Här Ulveling de Moie scho geschwat hat. Dass mer lokal Geméis produzéieren, biologesch Geméis, nohalteg Produktioun, lokal Produktioun, wou eis Terrainen zu Saulnes an d'Spill kommen. Et war vun Urban Gardening rieds, et gouf mol e Projet, gött et haut net méi. Dat sollt een natierlech och erëm mat undenken, fir och iwwert dee Wee de Biergerinnen an de Bierger méi no ze bréngen, wéi Geméis entstoe kann, lokal a saisonal an esou weider an esou fort.

E weidert wichtigegt Element am Pacte Climat, dat ass éischer nei elo an der zweeter Versioun, dat ass d'Kommunikatioun a virun allem d'Biergerbedeeling. Ech mengen, et geet net duer, wa mir hei Accorden an Deliberatioune stëmmen. Et geet net, ouni d'Biergerinnen an d'Bierger mat an d'Boot ze kréien. Dofir ass dat eng Kategorie fir sech.

An do musse mer och nach Efforte maachen, fir dat heiten, wat mer haut stëmmen, eraus un d'Leit ze bréngen an d'Leit mat an d'Boot ze kréien. Genau sou d'Veräiner an d'Betriber, déi um Territoire vun der Gemeng sinn. Dass mer déi an d'Boot kréien, fir dat ambi-tiéist Zil ze erreechen, fir 2030 Gold ze kréien. Idem Pacte Climat. Dass mer do

2. Pacte nature

bis 2030 spëitstens, soen ech elo, op Gold sinn. Well mir hu keng Zäit méi ze verléieren. Do zitéieren ech nach eng Kéier den Här Liesch, deen et wierklech ausdrécklech hei gesot huët, et ass net fir nach éiweg laang ze trëntelen.

All d'Klima-Accorden, vum Accord de Paris vun 2015 bis national Accorde wéi de PNEC, den nationale Klima- an Energieplang, de Green New Deal an Europa an esou weider an esou fort, déi éischt Echeancë gesinn 2030 vir. Ech nennen een Element: CO2 ze reduzéieren ëm 55 Prozent, hu mer eis, mengen ech, engagéiert hei zu Lëtzebuerg. Biodiversitéitsschutz ass och een Element dovunner.

2030 – dat kléngt nach no laang, mee et ass iwwermuer. Dowéinst sinn all Outilen, déi an déi Richtung ginn, fir dat Zil ze erreechen, wéi eeben haut de Pacte Nature, wichtig Elementer, fir déi ambitiéis Ziler ze erreechen. A mir hunn eis nach aner Outile ginn, wéi den NetZeroCities, wou mer eis och engagéieren, bis 2030 als Stad Déifferdeng klimaneutral ze ginn. Wat och zimmlech ambitiéis ass.

Wa mer et hikréien, jiddwereen anzebannen a vläicht och déi verschidde Pakten an Accorde mateneen ze verbannen, da kënn mer dat Zil erreechen. Mee wéi gesot, et ass vill Aarbecht a mir müssen handeln an am beschten elo direkt. Fir déi Lénk stëmmen ech dat heite ganz gär mat. Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Weirich. Här Muller.

ERNY MULLER (LSAP):

Merci, Madamm Buergermeeschter, fir d'Wuert. Fir d'éischt wëll ech Merci soen, fir déi Presentatioun haut an och all deenen Acteuren, déi un deem Dokument geschafft hunn, och vu Gemengesäit hier.

Ech wëll kuerz agoen op Saachen, déi schonn hei gesot gi sinn. Dass d'Natur wichtig ass, ech mengen, doriwwer si mer eis alleguer hei ronderëm den Dësch eens. An eis Ziler sinn, vun alle politeschen Acteuren de Moment, fir a

Richtung vun deem ze goen, wat hei virgestallt ginn ass. Dat heescht d'Natur un éischer Stell ze gesinn an all Aktiounen an d'Wee ze leeden, fir d'Natur ze erhalen an eventuell ze verbesseren.

Ech wëll op d'Interventioun/Statement vum Här Liesch agoen. Wat ech vermësst hunn, dat ass effektiv Biergerbedelegung. Déi gött zwar hei virgeschriwwen, mee ech sinn do e bëssen an der Richtung vum Här Weirich. Dat heescht alles, wat mer maachen, och deen heite Plang, deen ass nach net mat de Bierger diskutéiert ginn. A wa mer gär hätten – ech sinn net, fir eppes ze verbidden. An och net eis Partei. Mir wëllen de Biergerinnen an de Bierger a kengem dobaussen diktéieren, wat ze maachen ass.

Dir hutt vu Pestizide geschwat. Ech géif mer wënschen, landeswäit eng Reege-lung ze fanne fir d'Pestiziden an all déi Mesuren, déi wichtig sinn. Net nëmme fir Déifferdeng, mee och fir d'Nopeschgemengen. Wat notzt dat, wa mer zu Déifferdeng hei ganz vill maachen a ronderëm am Land gött guer näischt gemaach? Ech mengen, d'Zil vun dëser Aktioun ass jo, fir landeswäit, flächen-deckend an déi selwecht Richtung ze goen an déi selwecht Initiativen ze huelen.

Dat gëllt natierlech och fir de Logement. Ech géif dat elo mol Urbanismus nennen. Den Urbanismus haut, wou jo de Logement och dozou gehéiert an och d'Biotopen an alles dat, wat mer maachen, fir eis Gréngflächen a verschidden Domänen ze erhalen, dat muss en Zesummespill ginn.

An do gesi mir éischer als LSAP, dass déi nei Quartieren esou geplangt ginn, dass dat e Bestanddeel ass vun deene Quartieren. Dat heescht déi zukünfteg Awunner, déi sollen an enger flotter grénger Landschaft/Quartier wunnen, wou se dat alles erëmfannen, wat mir hei gesot hunn. A wou se och perséinlech dru bedeelegt ginn, fir dat esou ze erhalen.

Dat ass eng Alternativ zu deem, wann ee seet, léisst een d'Flächen einfach gréng leien. Jo, et soll ee souguer sou vill wéi méiglech Fläche gréng loossen. A mir sinn hei zu Déifferdeng wierklech predestinéiert a favoriséiert, well esou e

la planche pour s'assurer que les gens, les associations et les entreprises jouent le jeu et permettent à la commune d'obtenir le certificat or au plus tard en 2030. Comme l'a dit monsieur Liesch, il n'y a plus de temps à perdre.

Tous les accords climatiques prévoient l'échéance en 2030. Le Luxembourg s'est par exemple engagé à réduire ses émissions de CO₂ de 50 % ou 55 %. La préservation de la biodiversité fait aussi partie des objectifs. Or, 2030, c'est déjà après-demain. Tous les outils à disposition sont nécessaires pour atteindre ces objectifs ambitieux. Eric Weirich rappelle, par ailleurs, que la commune fait aussi partie de Net0Cities et qu'elle s'engage à atteindre la neutralité carbone en 2030.

Pour y parvenir, il est essentiel d'établir des liens entre les différents accords. Le travail commence aujourd'hui. Déi Lénk approuvera les délibérations.

ERNY MULLER (LSAP) remercie les experts pour la présentation ainsi que ceux qui ont préparé le dossier. Tous les conseillers communaux sont conscients de l'importance de la protection du climat. La nature doit être la priorité et il faut tout faire pour améliorer la situation. Erny Muller trouve que monsieur Liesch n'a pas insisté suffisamment sur la participation citoyenne. Erny Muller voit les choses comme monsieur Weirich. Tous les projets doivent être réalisés en discussion avec les citoyens. Car les socialistes ne souhaitent pas mettre en place des interdictions ou donner des ordres.

Erny Muller cite l'exemple des pesticides. Il est partisan d'une réglementation nationale. Car à quoi sert-il de prendre des mesures à Differdange si les communes voisines et le reste du pays ne font rien? L'objectif du Pacte climat est d'obtenir des résultats à travers le pays. Mais la même chose est vraie pour le logement et l'urbanisme. De toute façon, l'urbanisme, le logement et la protection de la nature forment un tout. Pour le LSAP, les nouveaux quartiers doivent être intégrés aux anciens. Les futurs résidents doivent pouvoir vivre dans

2. Pacte nature

des quartiers verts et chouettes adaptés à leurs besoins et dont ils voudront conserver l'aspect.

Differdange a la chance d'être entourée de forêts et de zones récréatives. Ce n'est pas le cas partout. Mais ces espaces verts doivent aussi se retrouver à l'intérieur de la ville. C'est là que le Pacte nature et le Pacte climat se rejoignent. L'un ne fonctionne pas sans l'autre.

Les socialistes soutiennent bien entendu le Pacte nature. Ils souhaitent que le logement et la vie à Differdange aillent dans la même direction que les initiatives dont il est question aujourd'hui.

GUY TEMPELS (CSV) *remercie à son tour les gens qui ont participé à la réalisation de ce projet. Le Pacte nature est une bonne chose. Dans une première phase, il s’agira de dresser un état des lieux. La commune a lancé de nombreux projets et dispose de zones naturelles protégées de sorte qu’elle dispose déjà de la certification de base. Guy Tempels fait partie du groupe de travail et veut contribuer à l’obtention d’un statut plus élevé. Les subventions ne constituent pas une fin en soi, mais cet argent servira à la réalisation d’autres projets.*

Guy Tempels passe aux cinq délibérations. La plupart semblent logiques comme l'éclairage adapté aux animaux, la plantation d'arbres dans les localités et un concept de communication. En revanche, il est sceptique quant à l'âge des hêtres. Il n'est pas un expert, mais d'un côté, on explique que les forêts jeunes conservent le plus de CO₂. De l'autre, on veut préserver les arbres anciens. Cela semble contradictoire. En outre, il est impossible de connaître la durée de vie des forêts à cause du changement climatique.

Guy Tempels doute que les hêtres ou les chênes vivent 200 ou 220 ans. Il l'espère, mais n'y croit pas vraiment. Planter des arbres adaptés au climat est une bonne idée. La commune doit trouver des essences pouvant survivre à Differdange. Les chrétiens sociaux approuveront les délibérations tout en rappelant qu'il faut coopérer avec la population.

grénge Wall an esou eng flott Landschaft an Noerhuelungsgebit, wéi mir hei ronderëm Déifferdeng hunn, gëtt et net iwwerall.

Mee dat soll och an der Stad erëmze-fanne sinn. An ech mengen, do musse mer Initiativen huelen. An do spillt dann erëm de Pacte Nature hei ganz aneneen, mat dem Klimapakt. Mir hunn dat jo och déi eng oder déi aner Kéier och schonn héieren an der Interventioun, dass dat eent net ouni dat anert geet.

Selbstverständlech ënnerstëtze mer dat hei. Mee mir wënschen eis awer och, dass eis Gesamtsituatioun, wunnen a liewen an der Gemeng, esou ëmgestallt gëtt, dass dat och an déi selwecht Richtung geet, wéi hei elo déi eenzel Initiativen, déi mer haut hei gesinn hunn. Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Muller. Här Tempels.

GUY TEMPELS (CSV):

Merci. Och mir vun der CSV soen all deene Leit, déi un dësem Projet geschafft hunn an dat ausgeschafft hunn, Merci fir dës Presentatioun.

Deen neien Ëmweltpakt, dee mir als Gemeng mam Ëmweltministère aginn, ass an den Ae vun der CSV eng gutt Saach.

An enger éischter Phas geet et elo mol drëms, en Inventaire ze maachen, wou mir als Gemeng a Saachen Ëmwelt stinn.

Mir hu vill Projeten, déi schonn zilféierend sinn, an och vill Naturschutz-zonen, soudass mir Basisstatus kënnen erreechen.

Ech selwer hu mech an dësen Aarbechtsgrupp gemellt, fir déi Saachen auszeschaffen, ze hëllefen, wéi mir eise Status kënnen verbesseren an doduerch méi Hëllef vum Staat kënnen kréien.

Et geet un éischter Stell net ëm d’Geld. Mee trotzdeem, dat Geld, wat mir hei

wäerte kréien, kënnen mir herno notzen, fir aner Projeten, déi der Saach dëngen, ëmzesetzen.

Fënnef Deliberatioune stinn haut um Ordre du jour. Déi meeschte vun deene Punkte schéngen mir gutt a logesch ze sinn, wéi en déierefrëndlecht Belichtungskonzept, wou mer esou wéineg wéi méiglech Liichtverschmottzung hunn. Oder Bamaarten am Siidlungsraum hei zu Déifferdeng. Ee Kommunikationskonzept, wat d’Gemeng a Saachen Ëmweltschutz mécht.

Wat den Alter vun eise Buchen ugeet, do hunn ech e bësse Problemer – oder ech loosse mech och herno gäre beroden oder beléieren. Ech mengen, enger-säits kréie mer gesot, dee jonke Bësch ass dee Bësch, deen am meeschten CO₂ späichert, anerersäits wëlle mer en ale Bësch. Dat schéngt mer iergendwéi e bësse kontradiktoresch ze sinn.

A wat mer och komesch oder speziell schéngt: Mir kënnen haut net soen, wéi al eise Bësch an Zukunft wäert ginn, duerch déi Changementer, déi am Moment kënnen kommen. Mir gesi grouss Problemer bei de Buchen, déi am Moment scho Misär hunn. Ech géif gären eng Buche gesinn, déi herno 200 oder 220 Joer al soll ginn oder eng Eech. Ech weess et net. Ech hoffen, dass et esou wäert kommen, wéi Dir et gären hätt, mee ech hunn do e bësse meng Zweifel.

Déi Lëscht mat de sougenannte klima-ugepasste Beem, dat schéngt mer eng gutt Saach ze sinn. Ech mengen, mir müssen Optioune fannen, fir eis Bëscher oder och déi Neiplanzungen, déi mer innerhalb vun der Gemeng maachen, esou ze maachen, dass mer Beem hunn, déi heihinner passen. Mir brauchen do näischt vun auswäerts kommen ze loossen.

Mir wäerten dës Punkte mat Jo stëmmen, wëssend dass onbedéngt eppes muss am Ëmweltschutz geschéien, dëst awer och an Zesummenaarbecht mat eisen Awunner. Mir soe Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Villmools merci, Här Tempels. Erlaabt mer eng, zwou Remarken, ier mer zur Ofstëmmung kommen.

Éischtens wëll ech Iech alleguer Merci soe fir Är engagéiert Rieden. Et mierkt een, dass et d’Leit beweegt, an dass et d’Leit eppes ugeet. Ech denken, dass dat doten dee richtege Wee, wann net souguer vläicht deen eenzege Wee ass. Wa mer bedenken, dass et haut, den 1. Mäerz, scho Länner gëtt, déi elo schonn net genuch Waasser hunn. Dass et deen eenzege richtege Wee ass, deem akute Wandel entgéintzetrieden, dee mer awer spéitstens zanter 1970 – zën-ter dat Buch „Grenzen des Wachstums“ eraus ass wësse mer et.

Déifferdeng huet sech an deem Sënn scho méi laang op de Wee gemaach. Do soen ech alleguerten deene virege Schäfferéit villmools Merci. Mir hunn et net eréischt an der Energiekris gemierkt, dass Déifferdeng an deem Sënn op deem richtege Wee ass. Här Liesch, do wëll ech Iech awer soen: Eis Gebaier sinn nuets net méi beliicht. Wann et och en anere Grond ass, mee si sinn net méi beliicht.

Mee wéi gesot, do huet sech jo erweisen, dass mer op deem richtege Wee sinn. Mir hunn eis op de Wee gemaach. An ech denken, no Äre Rieden elo ass d’Gemeng bereet, dee Wee do weiderze-goen. An ëmsou méi, well et Courage vun enger Gemeng erfuerdert. Wou matten an hirem Zentrum eng grouss Industrie läit, déi awer och mat op de Wee geet. Wou ech ka soen, aus Entre-vuë mat de Responsabelen, déi sech där Saach och bewosst sinn, an dass mer et dofir vläicht packen.

Ech wëll awer och soen, Här Liesch, Dir hutt vu politeschem Courage geschwat, mee firwat? Well et a mengen Aen och eng politesch Erausfuерderung ass, wéi ee Wirtschaftsmodell mir an eise Länner wëllen. Déi Fro geet vill méi wäit. Wéi ee Wuesstem wëlle mer? Musse mer op deem Punkt sinn, dass mer Logement géint Natur ausspillen? All déi Froe gi vill méi wäit, vill méi déif. An do geet et net duer mat Gepléischters.

2. Pacte nature

Biergerbedeelegung, ginn ech ganz mat op de Wee. Doriwwer ass elo net genuch gesot ginn. Heiansdo gëtt et Saachen, déi si fir een automatesch esou.

Iwwer Modeller, doriwwer mussen d’politesch Parteien elo nach streiden. Wéi ee Modell? Wat wëlle mer iwwer-haapt fir déi nächst 50 Joer, fir net mus-sen ze soen: „Du hues eng Wunneng an du hues d’Natur futti gemaach.“? Well dat däerfe mer net maachen. Mir däer-fen de Logement net géint d’Natur aus-spillen. An déi zwee ginn awer am Moment gebraucht.

An da wollt ech nach soen, wa mer vu Biergerbedeelegung schwätzen – a wann dat elo ee mer schif ophëlt, dat ass mer egal –, da musse mer awer, Här Weirich, vun zwou Säite schwätzen. Mir müssen eis druginn, d’Leit matan-zebannen. Do ginn ech Iech absolutt Recht. Et ass schwéier. Mir müssen dat ukuerbelen.

Mee Biergerbedeelegung: Firwat brau-che mir eng Bëschbotzaktioun? Den Dreck fält net vum selwen an de Bësch. Den Dreck fält net vum selwen an eis Blumeninselen. An den Dreck fält net vum selwen op eis Trottoiren. Do musse mer éierlech sinn. An déi Eraus-fuерderung hu mer och nach ze stäipen.

A mat deem Ofschloss soen ech Iech villmools Merci fir Är Ënnerstëtzung. An ech géif dann elo zum Vott kom-men. Villmools merci.

Entschëllegt, Här Bertinelli, ech hat Iech net gesinn. Här Bertinelli, wannechgelift.

FRED BERTINELLI (LSAP):

Ech hätt eng Fro un d’Spezialisten. Vil-les vun deem, wat gesot ginn ass, ass richtig. Ech stinn och derhanner. Ech fannen awer och, datt hei verschidde Saache gesot ginn, déi wäit iwwert d’Kompetenz vun enger Gemeng eraus ginn.wWou scho misst praktesch e Ministère oder dee ganze Staat hannen-dru stoen, fir dat kënnen ze realiséieren. Mee et ass jo gutt, wann eng Gemeng sech eescht hëlt a verschidde Saache mécht.

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG) *remercie le conseil communal pour ce débat, qui ne laisse personne indifférent. Aujourd’hui, certains pays manquent déjà d’eau. En effet, le changement climatique n’a rien de nouveau. Il en est question depuis les années 1970.*

Christiane Brassel-Rausch remercie les collègues échevinaux précédents, car Differdange prend des mesures depuis longtemps.

Elle signale à monsieur Liesch que les bâtiments publics ne sont plus illuminés la nuit.

La commune est prête à aller de l’avant. Cela demande du courage dans une ville abritant un grand site industriel en plein centre. Mais les responsables de ce site sont conscients des défis.

Monsieur Liesch a parlé de courage politique. La question est de savoir quel modèle économique les pays industrialisés souhaitent adopter. Quel type de croissance? La construction de logements doit-elle se faire au détriment de la nature? Christiane Brassel-Rausch soutient la participation citoyenne. C’est évident.

Au cours des cinquante prochaines années, il faudra voir comment construire un appartement sans détruire l’environnement. Car on a besoin des deux.

Monsieur Weirich a raison de dire qu’il faut impliquer la population dans les mesures même si c’est loin d’être évident. Mais pourquoi la commune a-t-elle besoin d’une action comme le Grand nettoyage de la forêt? Les déchets ne tombent pas du ciel. Convaincre la population constitue un véritable défi. Inutile de se voiler la face.

Christiane Brassel-Rausch remercie le conseil communal pour son soutien.

FRED BERTINELLI (LSAP) *est d’accord avec beaucoup de ce qui a été dit. Mais il trouve que de nombreux éléments ne sont pas de la compétence de la commune. Le soutien de l’État est essentiel.*

2. Pacte nature

Le conseiller communal souhaite aussi aborder la question des communes industrielles comme Differdange. On parle d'attribuer des médailles aux communes. Mais les communes industrielles ne peuvent pas être comparées aux autres. Differdange compte une industrie livrant des produits à travers le monde. Fred Bertinelli en est fier. Certes, elle a engendré de la pollution, mais elle a aussi donné du travail à des milliers de gens pendant des années.

Le ministère tient-il compte de ces faits quand il attribue des médailles de bronze ou d'or? Car même si l'Arbed emploie désormais des filtres, cela reste une industrie lourde en plein centre de Differdange, qui ne peut donc pas être comparée à une commune dans le vert. Differdange, Esch, Dudelange et Schifflange constituent des communes à part en ce qui concerne la poussière ou le bruit.

Le ministère tient-il compte de ces différences?

GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG) *revient sur la question de la participation citoyenne. Il est évident que tout ce que décide la commune doit se faire en concertation avec la population. C'est pourquoi il est essentiel d'informer les citoyens et de les faire participer. Mais en fin de compte, la commune devra se montrer conséquente et avancer. De toute façon, sans le soutien de la population, la commune ne pourra pas atteindre ses objectifs.*

Monsieur Muller a abordé la question des pesticides et a estimé qu'il fallait attendre une décision nationale. C'est d'ailleurs ce que pensent beaucoup de gens, et pas seulement pour ce qui est des pesticides. En fait, les citoyens attendent que la commune agisse et la commune attend que l'État agisse.

De son côté, l'État attend l'Europe parce que le Luxembourg est trop petit pour changer les choses tout seul. L'Europe attend de voir les mesures que prend la Chine. Et finalement, personne n'agit.

Pour Georges Liesch, Differdange peut compter sur de nombreux citoyens. Ces citoyens doivent mettre la pression aux hommes politiques parce qu'on ne peut plus continuer

Dir hutt gesot, et sinn esou vill Gemen-gen, déi do matmaachen. Ech kennen dräi grouss Gemengen, wat Industrie-gemenge sinn, sou wéi Déifferdeng, do gëtt e bëssen esou geschwat, do soll een eng Medail kréien oder iergendwéi gesot kréien, hei Dir sidd op deem Punkt ukomm. Déi dräi Industriege-menge si mat kenger anerer Gemeng ze vergläichen a punkto Industrie. Mir hu Schwéierindustrie hei an der Gemeng, eng Industrie, déi weltwäit bekannt ass, déi Produkter mécht, déi duerch d’ganz Welt och geliwwert ginn. Wou ech perséinlech stolz drop sinn, datt mer déi Industrie hunn an och dat, wat se bis elo geschafft huet. Si hunn natier-lech och vill Dreck gemaach a vill Dreck hannerlooss, mee Dausenden an Dausende Leit hunn och vun där Aarbecht gelieft all déi Joren. An dat ass och e Fakt, deen net ze niéieren ass.

Meng Fro ass: Ass de Ministère, deen elo am Endeffekt jugéiert, wat fir eng Gemeng dann elo op deem Niveau ass, hei ass vu Bronze- oder Goldmedaile geschwat ginn – mee eng Industriege-meng wéi eis, ech weess, datt d’ARBED an de leschte Jore mat Filteren a mat anere Saachen enorm vill gemaach huet, fir méi propper Loft an aner Saa-chen ze maachen. Mee wéi gesot, et ass awer nach eng Schwéierindustrie, déi matten an enger Stad ass.

An do wäerte mer Schwieregkeete kréien, fir mat enger Gemeng, déi um Grén-gen ass, déi iwwerhaapt keng Industrie huet, an iergendenger Konkurrenz ze sinn. Duerfir géif ech dat emol, ausser déi dräi Industriestied, akzeptéieren. Mee ausser deene ka jo kee sech mat Déifferdeng oder Esch oder Diddeleng, Schëffleng, vergläichen. Well do mëtten an der Stad Industrie ass, déi esou oder esou, wéi een et hält, vill Verkéier engendréieren, och vill Stëbs an Dreck oder Kaméidi maachen. Anescht wéi Landgemengen, wou dat net de Fall ass.

Gëtt do en Ënnerscheed gemaach um Niveau vum Ministère oder ass dat quer duerch de Gaart fir all Gemeng dat selwecht?

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Bertinelli. Här Liesch.

GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):

Ech wollt och nach zwou Saache bäiflé-cken. Effektiv, wat den Här Weirich gesot huet, mat der Biergerbedeelegung an Dir och, Madamm Buergermeesch-ter, Dir hutt et richteg gesot, fir eis ass dat, a fir mech souwisou, an der DNA. Alles, wat ee mécht als Gemeng, muss mat Biergerbedeelegung gemaach ginn. An dass mer eis extreem mussen ustren-gen, fir de Bierger ëmmer alles ze erklä-ren an och ze weisen an d’Wichtigkeet bäizebréngen a se mat an d’Boot ze huelen.

An awer och, wéi Dir et och ganz rich-teg gesot hutt, um Schluss musse konse-quent sinn an et trotzdem iergendwou awer virubréngen. Ech hunn dat vläicht a menger Ried net explizitt erwäant, mee dat ass fir mech selbstverständlech. Well ouni d’Bierger, wéi Dir et jo gesot hutt, Här Weirich, geet et absolutt guer net.

Een zweete Punkt, deen ech nach wollt ergänzen, dee fir mech immens wichtig ass, an deen awer gutt weist, wéi mer e bëssen denken, dat ass, wat den Här Muller elo grad gesot huet, dass mer sollte waarden op en nationaalt Gesetz, zum Beispill punkto Pestiziden. An et ass elo net nëmmen d’Pestiziden, mee dat ass eng allgemeng Denkweis.

Mir hunn ëmmer d’Denkweis, dass mer als Bierger soen, mir waarde mol drop, dass d’Gemeng eppes mécht. An d’Ge-meng seet, mir waarden drop, dass de Staat emol eppes mécht, eng national Léisung. An de Staat seet, mir kucken, dass mer mol eng europäesch Léisung kréien, well wat maache mir als klengt Lëtzebuerg. An Europa seet, ma mir kucke mol wat eng COP seet, well wat maache mir dann als Europa géint China? An esou waart jiddwereen op deen aneren, an et geschitt näischt. An all Dag, wou mer waarden, geet eis Biodiversitéit e risege Schratt zréck.

Ech mengen, dass dat dee falsche Wee ass. De Wee muss si vun ënnen erop. Mir hunn extreem vill Bierger, déi eppes kënnen maachen. An ech mengen, dass den Drock vun ënnen erop muss kommen. Wann d’Bierger dobaussen de Politiker soen, esou geet et net méi virun, dann entsteet Drock vun ënnen erop. Ech mengen, dass dee Wee vill

méi effikass ass an en huet virun allem de Virdeel, dass direkt eppes geschitt.

Duerfir mengen ech, dass d’Gemengen, déi dem Bierger jo am nooste sinn, schonn an der Verantwortung stinn an an der éischer Rei stinn an net an der leschter Rei, fir ze waarden, bis dee leschten an der Rei dann elo seet: Kommt, mir maache mol eppes. An da kënnt dat erëm vun enger COP erofge-drëpst. Mir gesinn dach alleguerten, wat fir eng Erwaardunge mer do haten un déi lescht COPen a wat finalement erauskomm ass. Null. Absolutt null.

All déi Saachen, déi op COPe festgehal-e ginn, Reduzéierung vum Äerdklima – mir léien eis jo an d’Täsch. All d’Wës-senschaftler soe schonn haut, dass mer déi Ziler net kënnen erreechen. Net, well se net ambitiéis genuch waren oder well se net realiséierbar wären, mee aus dem Fakt, dass mer an enger COP Saa-chen decidéieren an da geschitt einfach näischt, et kënnt näischt hannendrun no.

An déi Ziler, déi Äerderwiermungsziler, déi mer eis op der COP ginn hunn, sinn net méi ze erreechen. Dat musse mer eis bewosst sinn. Mir mussen eis haut domat beschäftegen als Gemeng, wéi mer d’Repercussioune vum Klimawan-del beim Bierger, wéi mer se dorobber preparéieren an net méi, wéi mer se ver-hënneren.

Mir sinn an enger ganz anerer Logik mëttlerweil. Mir mussen de Bierger haut erklären, wéi e sech schützt virun enger Dréchent, wéi ginn d’Länner elo eens, wéi Dir gesot hutt, Madamm Buergermeeschtesch, Länner wéi Frankräich an Däitschland, wou elo schonn de Waasserpeegel esou niddreg ass, dass se net wëssen, wéi se iwwert de Summer kommen. Wéi ginn d’Baue-ren do elo eens? Mir musse se dorop preparéieren.

Mir mussen eis Déifferdenger drop pre-paréieren, wann déi nächst Iwwer-schwemmung kënnt. Well si kënnt. A mir kënnen als Gemeng do null maa-chen. Deen Zuch ass fort. An dat ass genau dat, wat geschitt an der Biodiver-sitéit, wa mer erëm waarden, bis eng COP eis seet, wat mer eventuell kënnen maachen.

2. Pacte nature

Duerfir näischt géint Är Replik, Här Muller, ech fannen dat Rasonement just einfach schrecklech, ëmmer ze waarden, bis deen aneren eppes mécht. Dat ass wierklech eppes wou ech soen, domat kann ech net averstane sinn. Mir mussen als Gemeng handeln, mat de Bierger zesummen. An da muss den Drock vun ënnen eropkommen.

(Ënnerbriechung)

Dofir muss ee Courage hunn. Genau.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Liesch. Madamm Wohl.

NICOLE WOHL (DÉI GRÉNG):

Moien. Merci fir d’Wuert. Ech hunn eng Fro. Et si jo dräi Bronze-Gemen-gen, ech hat elo just Mamer a Beete-buerg héieren, an ech hu mech gefrot, wéi eng ass déi Drëtt?

FERNAND KLOPP (DIREKTER SICONA):

Et si Beetebuerg a Bartreng, déi Bronze de Moment hunn. An déi drëtt, dat ass, mengen ech, d’Gemeng Housen uewen am Éislek.

NICOLE WOHL (DÉI GRÉNG):

A. okay.

An da wollt ech nach eng Remark maa-chen. Virdrun ass d’Konkurrenz er-wäant ginn: Wie kann do matmaachen, wéi vergläicht ee sech? Déi eng hunn Industrie am Zentrum, déi aner net. Ech mengen, et geet iwwerhaapt net drëms, dass mir eis vergläiche mat enger anerer Gemeng. Deen een huet Gold, deen aneren huet Sëlwer. Dat Wichtigst ass, dass all Gemeng pro-béiert, den Niveau ze hiewen an eng Kategorie méi héich ze kommen. Do-rëms geet et. An domadder huet een e Koup gemaach, hei an och am Land am Allgemengen.

comme avant. La commune se doit d’être proche de ses citoyens, c’est pourquoi elle figure en première ligne pour faire face aux défis. Inutile d’attendre ceux en dernière ligne.

Les dernières COP n’ont abouti à aucun résultat sérieux malgré les attentes. Les promesses ne sont que des mensonges, car les scientifiques nous disent déjà que les objectifs fixés sont irréalisables. Il faut en être conscients. La tâche de la com-mune n’est plus d’empêcher le changement climatique, mais de préparer les citoyens à ce qui les at-tend. Ils vont devoir faire face à la sécheresse. Des pays comme la France ou l’Allemagne ne savent déjà plus où trouver assez d’eau en été. Que vont faire les agriculteurs? Il faut s’y préparer.

Les prochaines inondations sont inévitables. Il est déjà trop tard. La même chose sera vraie pour la bio-diversité si tout le monde attend la COP.

C’est pourquoi Georges Liesch trouve le raisonnement de mon-sieur Muller terrible. La commune doit agir ensemble avec ses ci-toyens. La pression doit venir d’en bas.

(Interruption)

Georges Liesch admet qu’il faut du courage.

NICOLE WOHL (DÉI GRÉNG) *sait que Mamer et Bettembourg ont reçu la certification de bronze. Quelle est la troisième commune?*

FERNAND KLOPP (SICONA) *répond qu’il s’agit en fait de Bettembourg et de Bertrange.*

NICOLE WOHL (DÉI GRÉNG) *s’excuse pour l’erreur.*

FERNAND KLOPP (SICONA) *ajoute que la troisième commune est Ho-singen.*

NICOLE WOHL (DÉI GRÉNG) *revient sur la question de la concurrence entre les communes industrielles et les autres. Il ne sert à rien de se comparer. Ce qui importe, c’est que chacune essaie d’arriver le plus haut possible.*

2. Pacte nature

FERNAND KLOPP (SICONA) *admet que Differdange est une ville industrielle comme Dudelange ou Esch. Le ministère est conscient des différences qui existent entre les cent communes participantes. Le Pacte nature tient compte de ces spécificités même s’il s’agit d’un document unique.*

Pour atteindre l’or, il suffit d’obtenir 70 % des points parce qu’il est évident que chaque commune ne pourra pas se tenir entièrement aux 77 critères. La commune de Sanem, par exemple, ne dispose d’aucun étang et ne sera pas non plus en mesure d’en aménager un. Le critère des murs en pierres sèches favorise, quant à lui, les communes de la Moselle, qui disposent de vignobles. Certaines communes ont des réserves naturelles, d’autres non. Le ministère sait tout cela, mais avec un effort, toutes les communes peuvent obtenir la certification d’or même si certaines conditions ne pourront pas être remplies. Le fait que Differdange soit une commune industrielle entraîne des contraintes — surtout pour ce qui est du Pacte climat. Mais cela n’empêche pas qu’elle puisse obtenir 70 % des points.
(Vote)

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Madamm Wohl. Wann elo keng Froe méi sinn, da géif ech d’Wuert un den Här Klopp weiderginn, ier mer zur Ofstëmmung kommen.

FERNAND KLOPP (DIREKTER SICONA):

Ech wëll just e puer Wuert zu Ärer Remark soen, dass Déifferdeng eng Industriegemeng ass, zesumme mat Diddeleng oder Esch. Dat ass richteg. De Ministère war sech deem bewosst, wéi se dat Dokument Naturpakt hei ausgeschafft hunn, dass déi honnert Gemengen do alleguer zimmlech ënnerschiddlech sinn. Et ass elo een eenheetlecht Dokument, wat d’selwecht vun den honnert oder 102 Gemengen ugewannt gött, mee si hunn awer probéiert ofzestëmmen, dass all Gemeng e bëssen eppes kritt.

Duerfir kritt Der jo och mat 70 % scho Gold. Et ass kloer, dass net all Gemeng déi 77 Krittären do 1:1 kann ëmsetzen. Zum Beispill, Weieren ass ee Punkt. Mir waren elo d’lescht Woch an der Gemeng Stroossen, déi si ganz um Landbuedem, do gött et kee Weier an déi wäerten och ni ee kënne maachen.

Dréchemaueren ass e grouse Punkt, wou een der ganz vill muss hunn, fir domat kënnen ze punkten. Dat ass am Fong fir d’Muselgemenge geduecht, fir d’Wäibierger. Déi kënnen der do kréien, all déi aner kënne praktesch näischt kréien.

Naturschutzgebidder oder Natura2000-Gebidder: Eenzel Gemengen hunn der, anerer keng, kënnen net domat punkten.

Däers ass sech de Ministère bewosst. Däers si mir eis och bewosst. Mee wéi gesot, wann een e klengen Effort mécht, kann een awer do trotzdeem souguer op Gold kommen. Wuelwëssend, dass et ëmmer Krittäre gött, déi net ze erreeche sinn, einfach vun den Naturgegeebenheiten.

Eng Industriegemeng huet eeben eng Partie Constrainten, déi wäert een net ewechkréien. Do sidd Der am Klimapakt warscheinlech änlech oder nach méi dermat gehäit. Wat awer net ver-

hënnert, dass Der hei trotzdeem Progressioun maache kënnt a mat 70 % souguer eventuell Gold erreechen.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Villmools merci, Här Klopp. Da géife mer elo zur Ofstëmmung kommen. Mir votéieren déi fënnef Deliberatiounen.

Le conseil communal décide à l’unanimité d’adopter la stratégie pour la protection de la nature et de l’eau de la Ville de Differdange dans le cadre du Pacte nature, selon le point 1.1 du catalogue de mesures du Pacte nature.

Le conseil communal décide à l’unanimité d’adopter un choix concernant les espèces végétales admises pour les nouvelles plantations communales en milieu urbain.

Le conseil communal décide à l’unanimité d’adopter en partenariat avec SICONA-Sud-Ouest un concept de réduction de la pollution lumineuse dans l’intérêt de la protection de la faune de la Ville de Differdange.

Le conseil communal décide à l’unanimité d’adopter un plan d’aménagement forestier relatif à la forêt communale prévoyant d’augmenter l’âge de coupe des vieux arbres et de les préserver aux fins de la régénération des forêts.

Le conseil communal décide à l’unanimité d’introduire un concept de communication afin d’informer et de sensibiliser les citoyens sur les thématiques de la protection de la nature et de l’eau ainsi que celle du développement durable.

3. Projets communaux

Villmools merci, och fir Äert Engagement. Ech denken, mir kënnen eis Hären elo entloossen. Nach eng Kéier villmools Merci. Den Här Schwachtgen wollt nach eppes soen.

FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG):

Ech wollt dat am Fong och soen, ech hu mech roueg gehalen, den Här Liesch huet dat an eisem Numm gutt erkläert. Dir wësst jo, wéi ech gepoolt sinn. Fir mech ass et eng immens Freed, dass mer dat unanime konnten ofstëmmen. Dat mécht engem Hoffnung fir d’Zukunft.

Och aus deem Grond, well ech an anere Gremien, wou ech dra sinn, mierken, dass do awer och Parteie sinn, déi esou een Naturpakt a Fro stellen. Déi froen: „Musse mir dat hunn? Mir maachen dach, mir sinn dach gutt“ an esou virun. Et ass net selbstverständlech, dass dat an all Gemeng unanime ofgestëmmt gött. An dat mécht mer awer Freed, dass dat bei eis esou ass, an dass mer konstruktiv doru weiderschaffen, wou mer bis elo geschafft hunn. An dann och hoffentlech déi verdéngte Resultater iergendwann kréien. Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Schwachtgen. Ech wollt just nach soen, mir brauchen och nach en Naturpakt-Team. Den Här Klopp hat et gesot. An ech wëll hei en Opruff maachen: Déi Leit, déi interesséiert sinn, dass Der Iech beim Här Krecké sollt mellen oder beim Här De Sousa, wann Der nach Informatioun braucht.

Vu dass mer elo unanime ofgestëmmt hunn, wär et flott, wa vun all Partei een dobäi wär. Déi eng hu sech scho gemëllt, anerer nach net. Dofir nach eng Kéier hei en Opruff: Iwwerleet Iech et a mellt Iech beim Här Krecké oder beim Här De Sousa an nächster Zäit, fir dass mer d’Naturpakt-Team kënnen zesummesetzen. Villmools merci.

Da fuere mir weider mat eisem Ordre du jour, mam Punkt 3a. Do geet et ëm eng flott Initiativ, ech mengen d’Resultat ass nach eng Nofollgekonsequenz vu Covid.

Dir wësst, dass Arcelor de Leit ee Joer den Zougang verbueden hat, fir do virun deem Monument de Gefalenen ze gedenken. Doropshin ass d’Iddi komm, fir d’Monument ëmzedréien. Si sinn awer net bereet dozou, well si consideréieren et als hire Patrimoine, well et Jonge vun der Hadir waren, déi do erschoss gi sinn a gestreikt hunn.

An do hu mer decidéiert, an Arcelor ass mat op de Wee gaangen, dass mer eng Kopie maachen, déi zougänglech ass fir de Public. Dass d’Leit iwwerhaupt och wëssen, dass do esou e Monument steet an ëm wat et geet. Well et weess keen dat, deen net d’Éier huet däerfen eranzegoen. Den Här Ulveling stellt eis elo dee Punkt vir. Villmools merci.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Merci, Madamm Buergermeeschter. Et ass e Projet, dee mir um Härze läit. Dat Monument ass am Wierk verstoppt. E Monument, dat gedenkt un de Streik vum 2. September 1942, wou d’Nimm vun deene Leit drop steet, déi am Wierk geschafft hu vun der Hadir, déi am Krich leibliwwen sinn.

An eppes, wat eis nach e bësse méi beweegt, dat sinn déi sechs Leit, déi nom Streik verhaft si ginn. Déi si verhéiert ginn, duerno si se an d’Konzentratiounslager bruecht an do erschoss ginn, den 3. an de 4. September zu Hinzert. Dat sinn déi Hären Angelsberg René-Emile, den Här Betz Nicolas, den Här Mischo Robert, den Här Schneider Jean-Pierre, dat waren alles Schlessen. An dann nach zwee Aarbechter: den Här Toussaint Ernest an den Här Weets Alphonse.

Mir hu laang verhandelt mat der Arcelor. Dat, wat den Ausschlag gemaach huet, dat ass, dass mer gesot hunn: Et ass e geschichtlecht Evenement, dat däerfe mer net vergiessen. An dat däerfe mer och net verstopp. A mir wëllen dat fir d’Leit visibel maachen.

D’Madamm Buergermeeschter huet et scho gesot, ech hu mech laang dofir agesat, dass een dat Monument einfach sollt nëmmen ëmdréien, mee dozou war d’ArcelorMittal net bereet, well se gesot hunn, et gehéiert zu hirem Patrimoine, et gehéiert zum Wierk. A si wë-

FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG) *a laissé monsieur Liesch expliquer la position des écologistes. Il ajoute qu’il est content que la décision ait été prise à l’unanimité.*

Il tient cependant à préciser que certains partis remettent en question le Pacte nature au sein d’autres comités. Que les conseils communaux approuvent le Pacte à l’unanimité n’a rien d’évident. Frenz Schwachtgen se réjouit du fait que les conseillers communaux à Differdange se montrent constructifs. Il espère que la commune obtiendra les résultats espérés.

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG) *rappelle que la commune doit mettre en place un Naturpakteam. Les personnes intéressées peuvent demander des informations à monsieur De Sousa et s’inscrire auprès de monsieur Krecké.*

La bourgmestre passe au point suivant, une conséquence de la pandémie. L’année dernière, Arcelor a interdit l’accès au monument aux Morts. La commune a alors proposé de retourner le monument, mais elle a essuyé un refus, car ArcelorMittal considère qu’il fait partie de son patrimoine. Ce sont des employés de l’Arbed qui ont fait la grève.
(Interruption)
Christiane Brassel-Rausch précise qu’il s’agit de l’Hadir. Finalement, Arcelor a accepté de faire réaliser une copie du monument accessible au public avec les explications nécessaires.

TOM ULVELING (CSV) *précise que ce projet lui tient à cœur. Le monument commémore la grève du 2 septembre 1942. Six de ces manifestants ont été arrêtés et interrogés après la grève avant d’être fusillés dans le camp de concentration de Hinzert. Il s’agit de monsieur René-Émile Angelsberg, monsieur Nicolas Betz, monsieur Robert Mischo et monsieur Jean-Pierre Schneider, des serruriers, et de monsieur Ernest Toussaint et de monsieur Alphonse Weets, des ouvriers. La commune a pu convaincre Arcelor en insistant sur le fait qu’il est question d’un évènement historique qui ne doit pas être oublié.*

3. Projets communaux

Tom Ulveling a longtemps insisté pour que le monument soit retourné, mais Arcelor a refusé, car il fait partie de leur histoire.

Finalement, une copie conforme sera installée en face. Le nom des six fusillés figure sur des palplanches. Il s'agit donc d'un mémorial digne dans un petit parc avec un chemin, des arbres et des bancs. La commune a aussi proposé d'exposer quelques reliques de la Hadir, de l'Arbed et d'ArcelorMittal avec des informations. Tom Ulveling demandera à Arcelor une petite participation financière. En effet, le devis s'élève à 135 000 €. Le budget doit d'ailleurs être adapté.

Tom Ulveling remercie ArcelorMittal, qui met le terrain à disposition gratuitement tout comme cela est déjà le cas pour le terrain derrière la station-service Gulf.

La commune a demandé une permission de voirie pour l'entrée. Les travaux commenceront aussi vite que possible.

ERNY MULLER (LSAP) rappelle qu'il est question du monument sur le terrain de l'usine, derrière l'entrée principale. Tous les ans, le 2 septembre, a lieu une cérémonie de commémoration. Les employés cessent de travailler de 9 h 15 à 9 h 30 sans que la production s'arrête pour autant. Après la grève du 2 septembre 1942, les nazis ont considéré six ouvriers de l'usine comme les instigateurs. La grève avait été déclarée à la suite de la conscription des Luxembourgeois dans l'armée allemande. En tout, les occupants ont exécuté 21 personnes.

Le 2 septembre 1945, 156 collaborateurs de la Hadir n'ont pas travaillé. Erny Muller exprime son respect le plus profond pour les six ouvriers condamnés et exécutés le 4 septembre 1942 à Hinzert. Il mentionne leurs noms.

len dat dann do esou beloossen, wéi dat do wär.

Nevertheless hu mer elo eng Léisung fonnt, dass mer copie-conforme déi aner Säit dann op Glasplacken dat Monument reproduzéieren. Dat och zousätzlech, wéi Der um Plang gesitt sinn, mat Palplanchen encadréiert gëtt. An deene Palplanchë sinn d’Nimm vun deene sechs, déi zu Hinzert erschoss gi sinn.

Soudass ee ka soen, dass dat awer eng wierdeg Gedenkstätt wäert ginn an engem klenge Minipark, wou mer nach wäerten néng Beem hisetzen. Mir wäerten e klenge Wee maachen. Wäerten an d’Mëtt e Bam maachen, wou ee sech ka ronderëm sëtzen.

A wat nach wichteg ass ze wëssen, dass mer der Arcelor proposéiert hunn, well si hunn nach e puer Reliquië vun der Hadir, vun der ARBED a vun Arcelor-Mittal, dass een déi kéint do exposéiere mat Informatiounstafelen, wéi dat Wierk entstanden ass a wéi dat evoluéiert huet.

An do wäert ech och nach eng Kéier Récksprooch mat hinnen huelen, ob se net och bereet wären, do eng kleng pécuniaire Contributioun ze maachen. Well de Projet, wéi Der gesitt hei um Devis, dee wäert sech ëm 135.000 Euro belafen. Wa mer dee Projet elo stëmmen, dass mer anengems géifen eng Erhéijung vun deem Kredit, dee mer am Budget hu vun 100.000 Euro op 135.000 dann an dësem Fall matstëmmen. Soudass mer dat kënne relativ schnell ugoen.

Ech wollt awer och nach der Arcelor-Mittal Merci soen, well se eis deen Terrain do gratis zur Verfügung stellt. Dat heescht, mir bezuelen do kee Pachtzëns. Och den Terrain hanner der Gulf, wou mer amgaange sinn, déi Passerell, déi mer d’leschte Kéier gestëmmt hunn, ze bauen. Terrainen, déi mer am Fong gratis zur Verfügung gestallt kréien. Dofir nach eng Kéier merci.

Mir hunn d’Permission de voirie schonn ugefrot, fir do eng Entrée ze maachen. A wéi gesot, mir wäerte mat den Aarbechten esou schnell wéi méiglech lassfueren. Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Ulveling. Här Muller.

ERNY MULLER (LSAP):

Merci, Madamm Buergermeeschter, fir d’Wuert. Ech huelen am Numm vun der LSAP zu dësem Punkt Stellung. Et handelt sech, wéi scho vum zoustännege Schäffen an och vun Iech, Madamm Buergermeeschter, erkläert, ëm d’Monument bannen an der Schmelz, no beim Agang vum Haaptportal. Hei fënnt all Joer, den 2. September, eng Gedenkzeremonie statt. Während 15 Minutte gëtt heifir am Wierk vun 9.15 bis 9.30 Auer d’Aarbecht niddergeluecht, ouni dass de Produktiounsprozess awer géif gestoppt ginn.

Dat als Erënnerung un déi sechs Schmelzaarbechter vun der deemoleger Hadir, déi an den Ae vun den Nazien als Rädelsführer vum Streik vum 2. September 1942 deklaréiert goufen.

De Streik géint dem Gauleiter Gustav Simon seng Proklamatioun vun der obligatorescher Wehrpflicht fir all Lëtzebuerger war e Generalstreik, dee sech vu Wolz ausgeënd iwwert d’ganzt Land verbreet hat. Am Ganze si vun den däitsche Besatzer 21 Leit higeriicht ginn.

Zu Déifferdeng op der Schmelz, bei der Hadir, sinn den Dag vum 2. September 1942 156 Mataarbechter net fir d’Fréischicht ugetrueden. Ech erlabe mer, am déiwe Respekt, d’Nimm vun deene sechs Schmelzaarbechter, déi vum Standgeriicht, wéi et geheescht huet „wegen Gefährdung des deutschen Aufbauwerks in Luxemburg durch ausführerischen Streik im Kriege“ zum Dout verurteelt an de 4. September 1942 zu Hinzert higeriicht goufen. Et waren dës: De Jean-Pierre Schneider, Werkzeugschlosser Déifferdeng; Nicolas Betz, Werkzeugschlosser Koler; Alphonse Weets, Dréier Déifferdeng; Robert Mischo, Schlosser Déifferdeng; René-Emile Angelsberg, Schlosser Déifferdeng an den Ernest Toussaint, Tiefofenarbeiter, och hei vun Déifferdeng.

No dësem Historique, deen eis de Sënn vum Monument an Erënnerung bréngt, kéim ech zum Projet, dee mer haut virleien hunn.

Wéi den 2. September 2020 geleegentlech der Gedenkfeier d’Direktioun vun ArcelorMittal wéinst der Coronapandemie kee vun ausserhalb an d’Wierk gelooss huet, war d’Entrüstung vun der Populatioun, an ech soe mat Recht, grouss. Dee Moment ass d’Iddi gebuer ginn, fir dat Monument esou opzestellen, dass et direkt vun ausserhalb zougänglech wier. D’Monument sollt am Fong ëmgedréit ginn.

Wa mer elo de Projet vun haut kucken: Et ass jo erkläert ginn, dass dat a kengstem Fall geschitt. D’Gedenkzeremonie fënnt weiderhi bannen an der Schmelz statt a vu baussen hu mir nëmmen eng Replik – an och nach net eng 1:1, mee op enger gliesener Plack. Dat deen negative Punkt.

Mee da kéim ech awer och zum Positiven. Op d’mannst misst een, dat wéilt ech als kleng Suggestioun mat op de Wee ginn, dass een op dëser Plack bausen, wou jo an der Mëtt soll dee Schmelzaarbechter duergestallt ginn, lénks a riets op deenen nach fräie Flächen, kéint déi aner original Texter, wéi se um originale Monument sinn, agravéieren.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Dat ass virgesinn.

ERNY MULLER (LSAP):

Okay. Dann hätte mer jo d’Replik am Fong iwwert dat ganzt Monument. Dat ass eng ganz gutt Saach.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Et ass just déi kleng Plack mat deene sechs Leit, vun deenen Dir geschwat hutt, déi kënnt net dohinner, mee déi ginn an d’Palplanchen agravéiert.

ERNY MULLER (LSAP):

D’Iddi, fir d’Nimm vun deene sechs Higeriichten, wéi Dir gesot hutt,

3. Projets communaux

iwwert d’Schmelzaarbechter, op de Palplanchen nieft dem Monument unzebréngen, fannen ech perséinlech eng modern Form an eng ganz gutt Saach. Obwuel, Dir wësst dat och, Palplanchen ass keen Déifferdenger Produit. Mee trotzdem fannen ech et eng modern ugepasste Form, fir déi Nimm ze presentéieren. An och de Gesamtaspekt vun deem Deel vum Park fannen ech gutt.

Als ganz positiv gesi mer, dass Arcelor-Mittal d’Fläch vum Monument bis op den Trottoir op der Stroossesäit fir d’Replik opmécht. Dat begréisse mir ganz staark.

Ech muss awer an Erënnerung bréngen, dass op där selwechter Plaz bis viru 70 Joer dat aalt Gebai vun der Déifferdenger Léierbud stoung, wou jo haut an deem neie Gebai de Science Center dran ass. Mee do op där Plaz, wou elo dee Minipark entsteet, do war déi al Léierbud.

Wéi gesot, hei soll dann elo e Minipark entstoen, mat awer nëmmen enger klenger Öffnung zur Stroossesäit zou. Do kéint ee sech iwwerleeën, ob ee vläicht d’Clôture iwwert där Mauer ewechhëlt, fir méi e groussen Espace ze kréien an e besseren Abléck an dee ganze Site.

D’Schmelz ass jo securiséiert iwwert deen neien Deel, wou hanner der Parksäit zou ass. Esou géif dat neigestalt Areal eng optesch Ouverture kréien. Dat ass dann ze kucken.

Dann ass virgesinn, d’Replik ze beliichen. Dir wëllt néng Beem planzen. Ech hunn der nëmmen aacht um Plang gesinn, mee wann Der sot, et wären der néng, da sinn et der bestëmmt néng. An och Hecken.

Dann déi dräi Stelë mam Logo Hadir, ARBED an ArcelorMittal, mat nach enger Explikatiounstafel.

Trotz den urspréngleche Remarken iwwert de Sënn, an dass d’Initiativ e bësse verfeelt ass, stëmmen mir als LSAP fir dëse Projet.wWell de Minipark trotzdem eng substanzieell Verschéinerung vun dëser Plaz duerstellt an d’Leit wéinstens vun der Existenz vum Monument betreffend dem Streik vum 2. Sep-

Le 2 septembre 2020, en pleine pandémie, Arcelor n'a permis à personne d'entrer sur son site. L'indignation pour cette décision a été forte. C'est là qu'est née l'idée de retourner le monument pour qu'il devienne plus facilement accessible. Finalement, le projet présenté aujourd'hui a été retenu. La cérémonie continuera à avoir lieu dans l'usine. Mais une réplique du monument sur une plaque en verre se situera dorénavant à l'extérieur. Erny Muller regrette que la réplique ne soit pas parfaite et demande que l'on grave les textes originaux sur trois faces de la plaque en verre.

TOM ULVELING (CSV) répond que cela est prévu.

ERNY MULLER (LSAP) s'en réjouit.

TOM ULVELING (CSV) précise cependant que le nom des six condamnés sera gravé sur la palplanche.

ERNY MULLER (LSAP) trouve l'idée bonne et moderne même si la palplanche n'est pas un produit differdangeois. En tout cas, cela permettra de présenter les noms de ces grévistes.

Erny Muller salue le fait qu'ArcelorMittal mette la surface du monument jusqu'au trottoir à disposition. Il rappelle cependant qu'à cet endroit se trouvait l'école professionnelle de Differdange, là, où se situe désormais le Science Center. Le petit parc sera accessible du côté de la route. Erny Muller propose de retirer la clôture pour créer un espace plus grand. De toute façon, l'usine est sécurisée. La réplique sera sécurisée. La commune va planter neuf arbres, même si Erny Muller n'en compte que huit sur les plans, et plusieurs haies. Des stèles avec les logos de la Hadir, de l'Arbed et d'ArcelorMittal ainsi que des panneaux explicatifs sont aussi prévus.

3. Projets communaux

Même s'ils ne sont pas entièrement satisfaits, les socialistes approuveront ce parc parce qu'il contribuera à embellir le site et à informer les gens sur la grève du 2 septembre 1942. Il s'agit d'un rappel aux jeunes de ce que les guerres peuvent provoquer.

FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG) constate que ce que monsieur Muller vient de dire complète son discours. Il ne va pas revenir sur l'histoire et sur la grève.

Frenz Schwachtgen a réfléchi à la façon dont les événements se sont déroulés. Il s'est renseigné auprès de madame Bour et sur le site internet. Il a constaté qu'il est plutôt difficile de trouver des informations sur les monuments differdangeois. Il faudrait que les services communaux y travaillent pour que les citoyens puissent trouver ces informations en quelques clics. Le monument dont il est question aujourd'hui s'appelle le monument des Martyrs.

Ce monument a été inauguré le 1^{er} septembre 1946, là où se trouvait la villa Hadir. À côté se trouvait l'infirmerie et devant, l'ancien portail. Frenz Schwachtgen a apporté quelques vieilles photos pour ceux qui voudraient les voir. Il rappelle par ailleurs que jeudi aura lieu le vernissage d'une exposition sur l'histoire de l'usine au H₂O.

Plus tard, le monument a été déplacé sur un nouveau site, là, où se trouvait l'école professionnelle. Le scandale de 2020 s'explique par le fait que le public et les syndicats n'ont pas pu accéder au site. Frenz Schwachtgen demande au collègue échevinal s'il peut garantir que la cérémonie à l'intérieur de l'usine sera ouverte. Il ne faudrait pas que le public se retrouve en face d'une réplique alors que la cérémonie officielle est à l'intérieur.

L'idée d'un petit parc est excellente. Frenz Schwachtgen en félicite le collègue échevinal. Il salue également l'attitude positive d'Arcelor-Mittal. Ils sont critiqués suffisamment.

Frenz Schwachtgen pensait que le monument allait être retourné pour qu'il soit entièrement visible. Mais l'important est qu'il reste public.

tember 1942, gewuer ginn. Ech mengen, do hu mer eng nei Sensibiliséierung, zemools an dëser Zäit, fir eis Jugend, zu wat Kricher kënnen féieren. Ech soen Iech Merci fir Är Opmierksamkeet.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Muller. Den Här Schwachtgen huet sech gemellt.

FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG):

Dir Dammen an Dir Hären, léif Frënn a Kollegen, Kolleginnen. Dem Här Muller soen ech Merci. Hien ergänzt oder huet dat ugefaangen, wat ech am Fong ka weiderféieren. Ech hu mer geduecht, dass den Historique iwwert de Streik vun him géif kommen. Dat hat ech och matageplangt, mee dat kann ech mer erspueren. Ech soen him Merci dofir, och fir déi Recherche an déi Aktualiséierung vun der Debatt.

Ech hu mer och Gedanke gemaach iwwert dee Sujet, wat deemools passéiert ass a wéi et passéiert ass. Den Här Muller huet dat gesot. Ech hu recherchéiert, och an eisem Archiv Déifferdeng mat der Madamm Bour, där ech Merci soen. An ech hunn och eisen Internetsite gekuckt an esou wider.

Eng Recherche, zum Beispill iwwer Monumenter zu Déifferdeng, ass relativ schwiereg fir de Bierger. Ech denken, dat ass vläicht eng Aufgab, déi eis Servicer kéinte kréien an och der Madamm Bour Hëllef ginn, dass mer do um aktuellsten an um modernste Stand sinn. Dass ee mat engem Klick kann ofruffen, wat wou geschitt ass, zum Beispill mat Monumenter. Dat hei ass d'Monument des Martyrs, zum Beispill.

Dat bedeit dann e bëssen Aarbecht. Awer et ass och flott, an der Histoire erëmzewullen. Ech wéilt Iech e puer Saache matdeelen, déi den Här Muller ergänzen. Dat Monument do ass den 1.9.1946 ageweit ginn, awer net op där do Plaz, mee uewe bei der Villa Hadir, wat deemools den Zentralbüro vun der Schmelz war.

Niewendru war d’Infirmerie a ganz vir-drun, bei der Strooss, war deen ale Portal. Een, deen interesséiert ass, ech hunn e puer Fotoen hei aus ale Bicher matbruecht. En Donneschdeg ass jo eng interessant Ouverture vun enger Ausstellung am H₂O iwwert d’Geschicht vun der ArcelorMittal, vun eiser Schmelz. Kommt, mer loossen dat emol esou stoen.

Duerno, wéi deemools den Terrain changéiert huet, ass dunn dat Monument op déi Plaz komm, wou et elo steet, virun déi ehemoleg Léierbud, déi jo ofgerappt gouf duerno.

Den Här Muller huet et gesot, eemol am Joer ass e Gedenkdag. An de Skandal war jo 2020, wéi de Publik, d’Gewerkschafte virun allem, an och d’Angehöreger vun deene Victimme vun deemools net méi eragelooss gi sinn.

An ech mengen, dat ass awer eng Erausfuerderung, wann déi Gedenkfeier elo awer nach dobanne stattfënnt, ass dann do eng Garantie, dass mer de Publik dann erakréien? Net dass mer hanne bei der Replik stinn, als Bierger, an déi aner Säit stinn dann déi offiziell Leit, déi d’Gerbe niddleeën. Ech hoffen, dass de Schäfferot dat mat der Arcelor da kann awer garantéieren.

D’Iddi vun engem Minipark op där Plaz ass super. Ech begréissen a felicitéieren och dem Schäfferot, dass dat elo esou virugaangen ass. An da kann ee jo och soen, dass déi positiv Haltung vun ArcelorMittal och do war, fir dat do ze maachen. Si gi jo dacks kritiséiert, dës Kéier gi se ganz kräfteg gelueft.

Ech hat och verstanen d’Monument géif gedréit ginn, dass et integral siichtbar wär. Ech hunn elo eng aner Explikatioun kritt. Mee et bleift jo dann awer éffentlech.

Dass déi sechs Affer vun der Déifferdenger Schmelz ënner deenen 32 Nimm ervirgehuewe ginn, do hu mer eng Explikatioun kritt, firwat. Well dat Déifferdenger Schmelzaarbechter waren. Et sollt een awer elo net vergiessen, dass och dat aktuellt Monument enger Erklärung bedarf.

E Mënsch, deen dohigeet, deen d’Ëmstänn net kennt vum Streik a wéi dat deemools ofgelaf ass, firwat déi sechs

Leit hei ervirgehuewe gi parmi les autres, déi och gestuerwe sinn an där selwechter Krichssituatioun oder e bëssen enger anerer Krichssituatioun, dat sollt een op engem Panno niewendru gutt erklären. Vläicht och mat Fotosmaterial nach vum Standgericht. Déi si jo nach iwwerall ze fannen, och an eisen Dokumentéierbicher.

Et ass ganz wichteg, dass een dat deene jonke Leit oder eisen Nokommen op der Plaz erkläert.

Ech weess net, ob do mam Musée national de la résistance kéint zesummegechafft ginn, fir dat och an deem Sënn ouni Feeler ze maachen.

Positiv ass, dass Panneaux historiques iwwert d’Déifferdenger Schmelz, Hadir, ARBED an Arcelor kommen. Dat ass och gutt, wann een déi Situatioun erkläert. Awer a mengen Ae feelt do d’Ufankselement vun der Deutsch-Luxemburgischer Hüttengesellschaft. Dat war virum Éischte Weltkrich. Wann een dat net dohinerschreift, dann huet een e bëssen en Deel vun der Geschicht vun der Déifferdenger Schmelz vergiess. An dat ass awer ganz wichteg. Dat därf een net ënner den Dësch kieren.

Dat heescht, do misst eventuell nach e véiert Element derbäikommen: d’Ursprongszäiten. Dat war net d’Hadir, mee dat waren däitsch Gesellschafte bis nom Éischte Weltkrich.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Däerf ech Iech dozou Erklärunge ginn?

FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG):

Jo.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Dat ass jo d’Geschicht. Mir hu just dräi Reliquien nach vun der Hadir. Ee grousse Bëtonsklotz, wou Hadir dra gravéiert ass. Mir hunn dee rouden A, dee virum Direktiounsgebai stoung. A mir kréien nach en neie Logo vun ArcelorMittal. An dann d’Geschicht vun der Schmelz, wéi Dir sot, mat deem véierte Partner, natierlech wäert déi och opge-

fouert ginn. Mee mir hunn do näischt méi, wat un deen erënnert.

FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG):

FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG):

Vläicht fanne mer nach eppes. Merci awer fir d’Explikatioun.

Den Här Muller huet et och scho gesot, déi Situatioun deemools war grad sou dramatesch wéi déi aktuell Situatioun, déi mer an Europa erliewen. Kee weess, wat d’Zukunft eis bréngt, wa mer déi Krichssituatiounen net méi an de Grëff kréien. Dofir ass et ganz wichteg, dass mer grad elo an och herno spéider bei der Aweiong, op déi Punkten zrëckkommen an dat och deementspriedend ervirhiewen.

Zum Projet insgesamt sti mir ganz, ganz, ganz positiv géintiwwer. Et kann eng Oas ginn tëschent engem gewaltengen Industrieblock mat vill Kaméidi an Auswierkungen op d’Ëmwelt an op där anerer Säit eng Haaptstrooss mat ganz vill Verkéier, mat och ganz imposante Gebaier ronderëm. Dat do kann e klengge Fleck gi wéi zu New York, tëschent risege Gebaier, wou esou eng kleng Inselchen ass, wou een och ee Moment ka Rou hunn. Oas ass dee richtegen Ausdrock.

Ech war gëschter kucken. Et stinn e puer al Beem nach do, déi sinn zrëckgeschnidde ginn, déi kënnen eventuell gehale ginn. Ech hoffen dat, well kleng Beem, déi mer elo setzen, déi brauche laang. Awer grouss Beem, wou zum Beispill e Villche sech kann uewen ophalen ass grad sou wichteg wéi nei Beplantungen. Dat heescht, déi sollt een erhalen.

Waasser um Site wier net vun Nodeel, dat wier eng gutt Nobesserung. Niewendru war e Killweier, deen elo dréchen ass. An et war ëmmer e Biotop do, well dee Killweier, trotz senger Versuchung, fir Fiichtgekeet a fir Waasser do gesuergt huet. Dofir wier vläicht e Waasser-Element do an deem klenge Park guer net esou schlecht.

Ech kommen op d’Beliichtung ze schwätzen. Déi Beliichtung soll natierlech soft an insekteschounend sinn owes. Mir hunn den TNT-Projet Smart Light Hub ofgeschlossen. Mir hunn do Pilotmodullen entworfen mat den Unie

La commune a décidé de mettre en avant les six exécutés de l'usine de Differdange. Il faudra penser à fournir les explications nécessaires, car les gens ne comprendront pas pourquoi tous les autres morts ne sont pas mentionnés. Idéalement, le panneau explicatif devrait contenir à la fois du texte et des images.

Il est important de pouvoir fournir des explications aux jeunes qui se rendent sur place.

Frenz Schwachtgen suggère par ailleurs un partenariat avec le musée de la Résistance. L'installation de panneaux sur l'histoire de l'usine est une bonne chose. Frenz Schwachtgen regrette cependant que l'on ne mentionne pas la Deutsch-Luxemburgische Hüttengesellschaft précédant la Première Guerre mondiale. Il ne faut rien oublier.

TOM ULVELING (CSV) explique que la commune ne dispose que de trois reliques: un bloc en béton où le nom Hadir est gravé, l'A rouge qui se trouvait sur le bâtiment de la direction et le nouveau logo d'ArcelorMittal. Bien entendu, l'histoire de l'usine sera rappelée, mais la commune n'a aucune relique du premier partenaire.

FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG) remercie monsieur Ulveling. Il espère que l'on trouvera une relique. Comme l'a dit monsieur Muller, à l'époque, la situation en Europe était aussi dramatique qu'aujourd'hui. Personne ne peut prédire comment la situation va évoluer. Il faudra insister sur ces points.

Frenz Schwachtgen considère le petit parc comme une oasis entre un site industriel bruyant et une route principale. Il le compare aux parcs de New York entre deux buildings immenses.

Le conseiller communal s'est rendu sur place hier et y a vu quelques vieux arbres. Il propose de les préserver, car les nouveaux arbres auront besoin de temps pour se développer. C'est important pour les oiseaux.

Le collègue échevinal pourrait aussi prévoir un élément d'eau. Un biotope s'était créé autour de l'ancien étang de refroidissement bien que

3. Projets communaux

celui-ci ait été pollué. Aujourd’hui, cet étang est asséché.

En ce qui concerne l’éclairage, il devra être adapté aux insectes. Frenz Schwachtgen mentionne le projet Smart Light Hub du TNT. Des modules ont été réalisés avec des universités des villes voisines. (Interruption)

Frenz Schwachtgen fournira des explications au collège échevinal tout à l’heure.

En tout cas, l’idée du parc est bonne. Frenz Schwachtgen se demande s’il faudra le fermer la nuit. Cela permettrait de soulager la nature et pourrait avoir des effets positifs sur la sécurité des citoyens. Les écologistes sont contents que ce projet soit réalisé rapidement.

CHRISTIANE SAEUL (DP) *explique que l’on a tendance à oublier les résistants qui ont travaillé à la Hadir. Certains ont été arrêtés par la Gestapo et emmenés à Hinzert, un des pires camps de concentration nazis. On n’en sortait pas vivant.*

GUY TEMPELS (CSV) *remercie monsieur Ulveling pour ce chouette projet.*

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG) *suppose que monsieur Tempels faisait allusion à tout le collège échevinal.*

GUY TEMPELS (CSV) *s’excuse. Mais il pensait que monsieur Ulveling avait développé ce projet. Il ne connaissait pas ce monument, contrairement à celui de Wiltz. Il est important de le rendre accessible au public pour que tout le monde puisse s’informer de ce qui s’est passé à l’époque.*

PIERRE HOBSCHEIT (LSAP) *a rencontré la bourgmestre il y a plus de vingt ans dans le cadre d’une pièce de théâtre sur la Seconde Guerre mondiale et la grève. À l’époque, aucun des deux n’imaginait qu’ils se retrouveraient vingt ans plus tard au conseil communal de Differdange.*

ronderëm: Léck, Tréier an esou virun. Se si vum Institut universitaire vu Lonkech gemaach ginn.

Mir haten d’Geleeënheet, déi Leit kennenzeléieren. Et wier flott, wa mer innovativ fir Déifferdeng déi Modullen do kéinten asetzen. Dat muss ech dem Här Schäffen dann eng Kéier erklären herno. Dat wier ganz interessant, wa mer dat do kéinten asetzen.

D’Iddi vum Park ass eng gutt. Et gött vill Parken, déi sinn owes, wann et ufänkt däischter ze ginn, ofschléissbar. Déi Saach soll ee sech iwwerleeën, ob et néideg ass, dass deen d’ganz Nuecht muss opbleiwen, Summer wéi Wanter. Ob dat eng Plaz gött, déi onsécher mécht. Mee op jidde Fall wier Rou och gutt nuets fir d’Natur. An och fir de Mënsch méi Sécherheet.

Mir stëmme fir dee Projet a si frou, dass dat schnell realiséiert gött. Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Schwachtgen. D’Madamm Saeul.

CHRISTIANE SAEUL (DP):

Merci, Madamm Buergermeeschter. Ganz gäre ginn déi Leit vergiess, déi op der Hadir geschafft hunn a Resistenzler waren. Déi, wéi an dësem Fall, wa se net zurzäit fortkomm sinn aus hirem Büro oder aus hirer Aarbechtsplaz, vun der Gestapo matgeholl gi sinn op Hinzert. Hinzert war eent vun deene schlëmmste Lageren, wat se haten. Wou d’Leit net méi fortkomm sinn, well se soit esou staark geschloe gi sinn oder aner Saache mat hinne gemaach ginn ass, dass se gestuerwe sinn. Ech soe Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Madamm Saeul. Här Tempels.

GUY TEMPELS (CSV):

Merci. Dat do war féx gaangen. Ech soen dem Här Ulveling, Merci fir deen dote Projet. Natierlech ass dat e super flotte Projet.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Dir mengt de Schäfferot, Här Tempels, denken ech.

GUY TEMPELS (CSV):

Pardon, pardon. Jo, et ass e Projet, deen hien ausgeschafft huet, huelen ech un. Entschëllegt. Lo hutt Der mech aus dem Konzept bruecht.

Ech selwer hunn, wéi warscheinlech och vill aner Leit, dëst Monument net kannt. Ech kennen éischter dat, wat zu Wolz steet, dat nationaalt Streikmonument. Mee dat do kennen ech net.

Et ass wichteg, dass mer dat zougänglech maache fir d’Leit aus der Bevëlkerung, dass jiddwereen dohinner goe kann an d’Geschicht oder wat deemools do passéiert ass, kënnen nozekucken oder nozevollzéien. Ech soe Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Ech soen och Merci, Här Tempels. Här Hobscheit.

PIERRE HOBSCHEIT (LSAP):

Merci, Madamm Buergermeeschter. Dir Dammen, Dir Hären, erlaabt mer eng kleng perséinlech Remark zu deem Sujet. Mir kennen eis elo iwwer 20 Joer, Madamm Buergermeeschter. Mir hunn eis deemools kennegeléiert am Kader vun engem Theaterstéck, genau iwwert déi do Zäit, wou et och ëm de Streik gaangen ass. An ech mengen, mir haten et deemools allen zwee net fir méiglech gehalen, dass mer eis eng Kéier an deem hei Kader, 20 Joer méi spéit, géifen erëmgesinn. Mee soit.

Ech fannen et immens wichteg, dass mer un déi Zäit erënneren. An d’Erën-

nerung un déi Zäit, déi gehéiert, fannen ech, elo kenger Entreprise, déi ka soen: „Do steet eppes op eisem Site an dat ass eist Monument.“ Grad dat do ass jo awer e Stéck Geschicht vun Déifferdeng, e Stéck vun eiser Industrie-gschicht, e Stéck aus eiser Zäit, wat wierklech keng schéin Zäit an der Geschicht vum Lëtzebuerger Land war. An do sollte mer alles dofir maachen, dass jiddereen Zougang zu der Erënnerung un déi Zäit huet.

Ech fannen dat hei en interessante Pro-jet. An awer ass et schued, dass et eng Replik ass. Eng Replik ass ni dat selwecht.

De Projet ass natierlech flott, et ass wichteg an awer, wéi gesot, soen ech mer, d’Erënnerung un déi Zäit, d’Erënnerung un Episoden aus där Zäit, déi gehéiere kenger Entreprise, mee déi solle wierklech fir jiddereen zougänglech sinn. Déi gehéieren eis alleguer. Well dat, wat deemools geschitt ass, sollte mer ni vergiessen. An zanter engem Joer wësse mer jo, wéi séier et heiansdo ka goen, dass déi Zäiten op eemol engem erëm méi no sinn, wéi engem léif ass a wéi ee sech dat jee-mools hätt kënne virstellen. Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Hobscheit. Här Ulveling.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Ech wëll dem Här Hobscheit soen, meng Kolleegen aus dem Schäfferot sinn Zeien, datt mer bal 20 Minutte mat hinne gerongen hunn, fir dat doten ëmzedréien. Et ass hin an hier gaangen, an dunn op eemol wollte se guer net méi.

A wéi mer da gesot hunn, et ass jo awer eng Geschicht a mir wëllen de Leit d’Geschicht méi no bréngen, de Schoulkanner méi no bréngen.wWat hu mer dovun, wann allkéiers, wann eng Klass dat thematiséiere wëll, déi musse riseg Bréiwer un d’ArcelorMittal schreiwen, fir do eragelooss ze ginn an esou weider. Do hu se dann op eemol gesot okay, da maacht et.

Mee et war wierklech näischt ze maa-chen, fir et ëmzedréien. Dat war jo och eis Iddi. Dat wier natierlech och méi bëlleg ginn. Mee dat war einfach net dran. Dat hei ass elo e Kompromëss. An ech mengen, et gött e flotte Projet.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Ulveling. Ech hunn zwou Saachen ze soen. D’Ufanksdemande war, fir et ëmzedréien. Aus hirer Siicht si mer elo op d’Replik komm. Mir hunn awer vun der Arcelorsdirektioun versécherit kritt, dass den Zougang net méi wäert gespaart ginn, an dass dee wäert garantéiert ginn. Dat hu mer kritt vun der Direktioun, Här Schwachtgen. Dir hutt dat gefrot.

An op där anerer Säit, den Här Muller an den Här Hobscheit hunn et gesot, dass déi Erënnerung waakreg gehale gött, an dass d’Leit et iwwerhaupt emol wëssen. Well ech mengen, et si ganz vill Leit zu Déifferdeng, virun allem déi méi jonk, déi guer kee Wëssen doriwwer hunn. An doduerch ass den Zougang zum Wësse méiglech. An ech mengen, dat ass awer och mat e wichtegt Zil vun deem Monument, onofhängeg vun der Fro Replik oder net Replik.

À propos Arcelor, ARBED an Hadir: Muer den Owend um 19.30 Auer ass am H2O d’Exposition „De Hadir à Profilarbed Differdange – la métamorphose de l’usine et de sa Ville“. Dir hutt d’Invitatioune kritt. Vu dass mer elo laang iwwert d’Theema geschwat hunn, déi, déi interesséiert sinn, da gesi mer eis vläicht muer den Owend do erëm. An da ginn ech d’Wuert nach dem Här Ulveling zrëck. An da kënne mer zum Vott kommen.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Ech wëll ganz kuerz soen, et ass net esou den historeschen Aspect, mee et geet méi ëm d’Modernisatioun vun dem Wierk mat Foto, Dokumentatioun an esou weider.

En tout cas, il est important de se souvenir de cette période. L’Histoire n’appartient à aucune entre-prise. Il ne comprend donc pas que l’on puisse dire que ce monument appartient à quelqu’un simplement parce qu’il se trouve sur un terrain privé. Le monument fait partie de l’histoire de Differdange, de l’his-toire industrielle et de l’histoire luxembourgeoise. C’est pourquoi il faut tout faire pour que les gens y aient accès. En revanche, Pierre Hobscheit regrette qu’il ne s’agisse que d’une ré-plique du monument. Pierre Hobscheit répète que le pro-jet est chouette, mais que les épi-sodes de l’Histoire n’appartiennent pas à une entreprise. Ce qui s’est passé ne peut être oublié. En plus, depuis un an, on voit que l’Histoire peut se répéter plus vite que l’on pense.

TOM ULVELING (CSV) *répond que le collège échevinal a essayé de convaincre ArcelorMittal de tourner le monument. Mais cela n’a servi à rien. La commune a insisté sur le fait qu’il fallait enseigner l’Histoire aux enfants et aux ci-toyens et que leur demander d’en-voyer des lettres à ArcelorMittal ne servait à rien. Finalement, Arcelor-Mittal a accepté l’idée d’une ré-plique du monument. Le retourner aurait couté moins cher, mais il a fallu trouver un com-promis.*

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG) *ajoute que la direction d’Arcelor-Mittal a promis de ne plus interdire l’accès au monument.*

Comme l’ont dit monsieur Muller et monsieur Hobscheit, il ne faut pas oublier les évènements de l’époque. Les plus jeunes ne les connaissent pas forcément. Leur communiquer ce savoir est impor-tant même si c’est grâce à une ré-plique. Christiane Brassel-Rausch rappelle que ce soir se tiendra le vernissage d’une exposition sur l’histoire de l’usine à Differdange. L’exposition aura lieu au H₂O. Les conseillers communaux ont reçu une invita-tion.

3. Projets communaux

TOM ULVELING (CSV) *précise que l'exposition ne porte pas tellement sur l'histoire de l'usine, mais plutôt sur sa modernisation à travers le temps.*

(Vote)

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)

passe à l'école des filles de Nieder-korn, qui est en train d'être réno-vée.

TOM ULVELING (CSV) *rappelle que ce projet a déjà été débattu. Aujourd'hui, il est question d'une augmentation substantielle du prix du bois servant à construire la cage d'escalier. Finalement, le collègue échevinal a décidé de choisir une variante en béton, qui devrait cou-ter 217000 € de moins. La charpente devra être remplacée. Entretemps, le prix du bois a baissé. Ces travaux n'auront donc pas d'impact sur le devis, car les prix sont fixés dans la soumission. En d'autres termes, la commune économise 217000 € grâce à la va-riante en béton. Mais parce que la soumission était élevée, le projet coutera en tout 2,2 millions d'euros de plus.*

Le chantier a pris un peu de retard, qu'il s'agit de rattraper. L'école va accueillir quatre salles de classe supplémentaires et Tom Ulveling espère qu'elles seront prêtes en sep-tembre pour la rentrée.

Le projet est chouette. Il s'agit d'une des dernières écoles qu'il fal-lait encore moderniser. Tom Ulve-ling demande aux conseillers com-munaux d'approuver ce projet.

ERIC WEIRICH (DÉI LÉNK) *remercie monsieur Ulveling pour les pré-ci-sions. La documentation est inté-ressante et démontre que les maitres d'ouvrage ont tout fait pour limiter les frais. Pour Eric Weirich, le projet reste chouette même s'il ne sera pas réalisé en bois.*

Il apprécie particulièrement le fait que l'on applique les principes de l'économie circulaire. La bourg-mestre a expliqué lors des débats sur le Pacte nature qu'il était temps d'abandonner l'économie linéaire. Concrètement, dans ce cas-ci, la commune utilise une chaudière qui se trouvait dans un autre bâtiment.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Villmools merci. Da komme mer zum Vott.

Le conseil communal décide à l'unani-mité d'approuver les plans, devis et cré-dit supplémentaire concernant les travaux de transformation de l'accès vers le monument aux Morts Arcelor-Mittal avec l'aménagement d'un parc.

Villmools merci, Dir Dammen an Dir Hären. Punkt 3), do geet et ëm d’Mee-derchersschoul zu Nidderkuer. Déi Schoul ass amgaange renovéiert ze ginn, transforméiert ze ginn, konform gesat ze ginn. Do geet et erëm ëm Suen, an ech géif dem Här Ulveling dofir d’Wuert ginn.

Schäffen Tom Ulveling (CSV):

Merci, Madamm Buergermeeschter. Et geet elo manner iwwert de Projet, well mer dee jo schonn hei haten an driw-wer diskutéiert hunn an och gestëmmt hunn.

Et ass eng Modification substantielle – well d’Holzpräisser extreem an d’Luucht gaange sinn – fir dat neit Tra-penhaus, wat mer wollte bauen. Dat sollt jo am Holz gebaut ginn. A well déi Präisser esou explodéiert sinn, hu mer eis mam Entrepreneur a mam Architekt versammelt a gesot, mir maachen dat an enger Bëtonsvariant. Dat gött dann am Prinzip ëm déi 217.000 Euro méi bëlleg zum Projet initial.

Och huet sech erausgestallt, dass d’Charpente, déi am Virfeld sollt bäi-behale ginn, dass déi misst ersat ginn. An der Tëschenzäit ass de Präis vum Holz awer erëm gefall, soudass dëst keen Impakt op de Budget huet, well se nach an der Soumissioun war. D’Präis-ser si jo an enger Soumissioun fixéiert.

Dat Ganzt gött wuel 217.000 Euro méi bëlleg, mee doduerch, dass d’Soumis-sioun zwou Millioune méi deier war, d’Soumission initiale, wäerte mer, à ce stade, en Depassement vun zwou Mil-liounen Euro hunn. Ech géif Iech bie-

den, dat matzestëmmen. Dir hutt dat hannen um Tableau comparatif stoen.

Well mer d’Trapenhaus elo net méi am Holz bauen, mee am Bëton, erreeche mer eng Reduktioun vun ongeféier 217.000 Euro. Awer insgesamt gött et, duerch déi deier Soumissioun, déi dës le départ iwwer zwou Millioune méi deier war, gött et praktesch 2,2 Millioune méi deier.

Mir sinn de Moment e bëssen a Ver-zuch, wat de Chantier ugeet, mir hunn ee liichte Retard vun à peu près dräi Wochen, dee mer awer hoffen opgeholl ze kréien. Well Dir wësst, et komme véier nei Klassenäll zousätzlech an dat Gebai. Mir hoffen, dass am September, wann d’Schoul ugeet, dass mer dat Gebai zur Verfügung wäerten hunn. Ech hoffen, dass d’Dieren alleguer dra si bis dohinner. Mee et ass wichteg, dass mer elo virukommen.

An et ass och e flotte Projet. Et ass och eng vun deene leschte Schoulen, déi mer nach mussen op de Leescht huelen, fir se ze moderniséieren. Dat geschitt jo och mat dësem Projet. Soudass ech Iech géif bieten, dat hei guttzeheeschen. An da kënne mer virufueren. Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Ulveling. Här Weirich.

ERIC WEIRICH (DÉI LÉNK):

Merci fir d’Wuert, Madamm Buerger-meeschtesch. Merci och fir d’Prezisiou-nen, Här Ulveling.

Déi Dokumentatioun, déi bäiläit, ass ganz interessant. Et geet kloer draus ervir, dass d’Bauhären alles op d’Kopp gedréit hunn, fir effektiv Käschten ze spueren. An trotz, dass net am Holz gebaut gött, fannen ech, bleibt et awer e schéine Projet. Dat gesäit ee jo och op den Illustratiounen, déi mat am Projet sinn.

Wat mer ganz gutt gefält ass, dass och Usätz vun enger Économie circulaire dran erëmfanne sinn. Wat d’Ma-damm Buergermeeschtesch virdru sot, beim Punkt iwwert de Pacte Nature, dass mer musse fortkomme vun der

3. Projets communaux

ERNY MULLER (LSAP):

Gesamtcoût misst en am Fong manner kréien. Mee ech mengen, dat mécht net esou vill aus. Trotzdeem 200.000 Euro netto si Suen. Mee op de Gesamtprojet vun 12,2 Milliounen ass et jo awer dann net esou vill, soudass sech do net vill ännert.

Fir de Rescht ass et eng flott Situatioun, wou mer och eng Begréngung vun der Fassad hunn, wat och e ganz positiivt Element ass. Op jidde Fall ënnerstëtze mir dat doten a stëmmen och deen neien Devis, obwuel déi zwou Milliou-nen en décke Brocken ass. Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Muller. Här Liesch.

GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):

Merci fir d’Wuert. Merci och, Här Ulveling, fir d’Erklärungen. Am Dossier ass alles explizitt erklärt, wou déi Aug-mentatiounen hierkommen. Den Dossi-er ass flott opgebaut, wou een e Vorher-nachher huet, dass een net laang huet missen am Originaldossier sichen an dann hei kucken. Wat dem Conseiller d’Lektür vereinfacht huet. Dat ass wierklech flott gemaach.

Fir mech ass et absolutt nozevollzéien. Ech si frou, muss ech soen, dass d’Aug-mentatiounen nëmmen zwou Milliou-nen ass. Wat natierlech e staarkt Stéck ass, mee wann een awer kuckt, duerch wat fir eng Zäit mer gaange sinn, hätt ee sech do vill Schlëmmeres kënnen erwaarden.

Ech menge, mir sinn alleguerte frou, dass sech d’Präisser vun de Ressourcen erëm e bësse berouegt hunn. Soudass een do konnt erëm eppes opfänken. An et ass egal, wéi ee Schäfferot hei gewiescht wär, deen hätt am Fong näischt aneschters kënne maache wéi dat, wat Dir elo hei gemaach hutt. An dat ass gutt gemaach.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Et kommen nach zwou Indextranchen, dat däerfe mer net vergiessen.

31

Eric Weirich salue aussi les efforts faits pour faire baisser les prix, même si finalement, les frais seront plus élevés que prévu. Mais cela n'est pas étonnant compte tenu des prix actuels de la construction et de l'inflation. En tout cas, la commune réussit à économiser quelque 200 000 €.

ERNY MULLER (LSAP) *salue à son tour les économies. Mais il reste tout de même 12 millions d'euros à investir. C'est beaucoup même si cet argent permet de préserver le patrimoine de la ville.*

Erny Muller n'a pas trouvé les hono-raires des architectes. Il suppose pourtant qu'ils ont dû redessiner les plans.

FRED BERTINELLI (LSAP) *suppose que les honoraires vont suivre. (Interruption)*

TOM ULVELING (CSV) *espère qu'au-cune facture ne suivra. Les hono-raires sont liés aux couts totaux.*

ERNY MULLER (LSAP) *précise qu'ils sont calculés en pourcentage. Il es-time donc que l'architecte devrait toucher plus.*

TOM ULVELING (CSV) *répond qu'il s'agit des couts totaux de la construction.*

ERNY MULLER (LSAP) *réplique que dans ce cas, il devrait toucher moins. De toute façon, sur un total de 12,2 millions d'euros, 200 000 € ne devraient pas changer grand-chose.*
Erny Muller salue la végétalisation de la façade.
Les socialistes soutiennent ce projet malgré le prix.

GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG) *trouve le dossier explicite. Il est clairement construit et l'on recon-nait facilement ce qui a changé. C'est chouette.*

Georges Liesch ne trouve pas l'aug-mentation de deux-millions d'euros dramatique. Cela représente beau-coup d'argent, mais il s'attendait à pire par les temps qui courent. Il suppose que tous les conseillers communaux sont contents que les

30

3. Projets communaux

prix des ressources semblent se stabiliser.

De toute façon, peu importe le col-lège échevinal, il n’y avait rien d’autre à faire.

TOM ULVELING (CSV) *signale qu’il ne faut pas oublier les deux tranches d’indice qui vont suivre.*

GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG) *confirme les propos de monsieur Ulveling.*

TOM ULVELING (CSV) *ajoute que les prix ont explosé à cause de la pénurie occasionnée par la guerre.*

GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG) *renvoie aux explications de la bourgmestre tout à l’heure. Ce projet met à jour les failles de notre modèle économique. Il faut donc se demander quel modèle on veut même si ces questions n’ont rien à voir directement avec le projet. Ne pourrait-on pas prévoir des installations photovoltaïques sur le toit?*

Quant à la végétalisation de la façade, Georges Liesch trouve la façade antérieure tellement belle qu’il ne la recouvrirait pas de lierre contrairement aux autres faces. Dans ce contexte, il faut aussi prévoir un système d’irrigation automatique. Le conseiller communal espère que la végétalisation sera vraiment réalisée et qu’elle ne sera pas abandonnée au dernier moment. Il a aussi été question d’une aile accueillant des salles de classe supplémentaires. Tous les raccordements ont-ils été préparés? Autrement, il faudra tout démolir si l’agrandissement devenait nécessaire. Cet argent serait bien investi même si ce point n’est pas encore prévu dans le dossier. Ce serait en tout cas une décision intelligente.

TOM ULVELING (CSV) *répond que l’idée de l’extension a été abandonnée, car l’aile aurait occupé une bonne partie de la cour de récréation. En revanche, il est désormais question de construire un nouveau bâtiment.*

Comme l’école du Mathendahl a ouvert, les élèves y ont été transférés, mais la situation n’est pas

GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):

Jo, genau, déi kommen derbäi.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Déi ganz Deierecht kënnt duerch d’Situatioun vum Krich, wou keng Saachen do waren, dofir sinn d’Präisser explo-déiert. Dat war deemools, wou d’Sou-missioun eebe gelaf ass an dofir hu mer déi zwou Milliouné méi.

GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):

D’Erklärunge si jiddwerengem bekannt. Ech verweisen op dat, wat d’Madamm Buergermeeschtesch virun enger hallwer Stonn hei gesot huet: Et weist bei esou engem klenge Projet wéi dat heiten, dass eise Wirtschaftsmodell Faillen huet. A mir müssen eis all d’Fro stellen, wat fir ee Wirtschaftsmodell mer wëllen. Och wann dat elo wäit ewech ass vun dësem Renovatioun-sprojet, huet et awer indirekt domad-der ze dinn.

Zwou Froen hätt ech nach. Sollte mer um Daach net wéinstens d’Preparatiou-ne virgesinn, fir eng PV-Anlag drop ze maachen? Well ech mengen, dass dee sech ganz gutt eegent dofir. An dat Zweet: Op de Pläng ass schéi gemoolt, dass mer eng gréng Fassad hunn op béide Säiten an hannen. Déi Fassad ass esou schéin, dass ech als Gréngen do net onbedéngt eng Efeubegréngung géif gesinn op der Haaptfassad, déi viischt. Ech mengen, dass déi Fassad esou schéin ass, dass een déi sollt esou halen, wéi se elo ass. Mee op de Säiten an hanne géif ech dat gesinn.

Op de Pläng ass et schéin agezeechent. Ech géif awer nach eng Kéier drop hiweisen, do eng automatesch Irriga-tioun virzegesinn, well soss huet déi Beplanzung keng Chance. An dass déi Beplanzung och wirklech ugefaange gött, matrealiséiert ze ginn. Net dass dat herno eppes ass, wat um Enn net méi gemaach gött. Dat wär immens schued. Grad wéinst deem interessante Punkt, iwwert dee mer haut de Moien diskutéiert hunn.

Eng lescht Fro hunn ech nach. Et war eng Kéier ugeduecht, wann ee virum Gebai steet, op der rietser Säit eventuell

nach e Fligel unzedocken, fir zousätzle-che Schoulraum ze schafen, falls dee géif gebraucht ginn. Natierlech ass dat am Moment net matgemaach ginn. Mee d’Fro ass, déi Uschlëss, technesch gesinn, zumindest ze preparéieren. Also mindestens esou wäit, dass een herno, wann een eng Kéier géif drun denken, dee Schoulraum ze maachen, wann e misst gemaach ginn, dass een net misst am Gebai gréisser Ofrappaarbechte maachen. Dass dat technesch relativ easy wär, fir dat do unzeschlëissen.

Ech mengen, dat wär gutt investéiert Geld, och wann dat en zousätzleche Punkt ass, deen net am Dossier ass. Ech wëll dat kloer ännersträichen, dass dat en zousätzleche Käschtepunkt wär. Mee ech mengen, dat wär clever inve-stéiert, wa mer wierklech der Meenung sinn, dass mer deen Ubau méttelfristeg awer géife brauchen.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Däerf ech direkt eng Äntwert ginn? Mir haten eis dat ugekuckt. Mir hunn de Bäibau falegelooss, well herno net genuch Haff iwwreg bleift fir d’Kanner. Dat heescht, et misst nach en neit Gebai – dat ass och amgaange gekuckt ze ginn –, een zousätzlecht Gebai gebaut ginn an noer Zukunft, relativ schnell.

Mir hunn elo d’Chance, dass de frësch gebaute Mathendahl opgaangen ass, dass mer d’Kanner konnten deelweis transferéieren. Mee d’Situatioun ass awer net optimal. A fir dass jiddwer Schoulkand erëm e richtege Klassen-sall huet, mat normale Moossen, da wäerte mer, wann dat esou weidergeet, notam-ment am Mathendahl, eng nei zousätz-lech Schoul müssen zu Nidderkuer bauen.

An enger éischer Phas hate mer dat Areal virgesi bei der Entrée vum Spidol, dee Parking. Dass een do kéint ee Gebai bauen. Respektiv ënnendrënner kéint ee Parkplaze loossen an uewendrop géif een eng Schoul baue mat engem Haff. Mee dat sinn alles Zukunftsvisiounen. Dat musse mer kucken no de Walen, wéi et dann do virugeet.

3. Projets communaux

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Ulveling. Här Bertinelli.

FRED BERTINELLI (LSAP):

Ech hätt eng kleng technesch Fro. Den Här Ulveling huet gesot, den Holzpräis ass gefall an eng hëlzen Trap kéim net méi a Fro. An Ärer Ried hutt Der gesot, well elo den Holzpräis erëm praktesch um normale Präis ass. Mee ass déi Bëtonstrap dann esouwäit, datt déi scho gebaut ass?

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Jo, jo.

FRED BERTINELLI (LSAP):

Well et wier mer vill méi sympathesch, wann et awer eng hëlzen Trap wär.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Et geet net. Et ass net d’Trap, et ass d’Trapenhaus am Fong.

FRED BERTINELLI (LSAP):

Geet dat net méi?

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Et ass elo gebaut. Et ass elo am Bëton.

FRED BERTINELLI (LSAP):

Schued.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Mir kommen zum Vott.

Le conseil communal décide à l’unani-mité d’approuver les plans et devis ac-tualisés des travaux de rénovation, de transformation et de mise en conformi-té de l’école des filles de Niederkorn.

Da komme mer zum Punkt 3).dDo géif ech d’Wuert och erëm un den Här Ulve-ling ginn. Et geet ëm den Dekont vun eisem Parking écologique an de Woi-werwise beim Serviorsgebai.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Merci, Madamm Buergermeeschter. Wéi Der wësst, hu mer en Ofkommes mat Servior, dass mer hinnen dee Par-king zur Verfügung stelle fir d’Personal. Mir haten de Parking mat 350.000 Euro ugesat. Mir stellen awer elo fest, dass en nëmmen 261.000 Euro kascht huet. Dat heescht also 90.000 Euro manner wéi den initiale Projet.

De Parking ass u Servior verlount, an déi wäerten eis iwwer Joren dee Käsch-tepunkt do zrëckbezuelen, dee mir do investéiert hunn. Soudass dat ongeféier a fënnef Joer wäert sécherlech bezuelt sinn. An da muss ee kucken, wéi et wei-dergeet.

Wéi gesot, de Parking funktionéiert schonn an et sinn eng 100 Plazen do, haaptsächlech fir d’Leit, déi fir Servior schaffen.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Ulveling. Ech gesi keng wei-der Wuertmeldung.dDat heescht Dir sidd alleguerten averstanen, dass mer manner ze bezuelen hunn. Da komme mer direkt zum Vott.

Le conseil communal décide avec 14 voix oui, 1 voix non et 2 abstentions d’approuver le décompte de l’aménage-ment d’un parking écologique dans les Woiwerwisen.

idéale. De toute façon, si l’évolu-tion de la population continue au même rythme, il faudra construire une nouvelle école pour que chaque élève ait suffisamment de place à Niederkorn.

Le collège échevinal pense au par-king à l’entrée de l’hôpital, mais c’est une décision à prendre après les élections.

FRED BERTINELLI (LSAP) *revient sur la question du prix du bois. Mon-sieur Ulveling a dit que celui-ci avait baissé récemment. L’escalier en béton a-t-il déjà été construit?*

TOM ULVELING (CSV) *répond par l’affirmative.*

FRED BERTINELLI (LSAP) *trouverait un escalier en bois plus sympa-thique.*

TOM ULVELING (CSV) *précise qu’il s’agit de la cage d’escalier.*

FRED BERTINELLI (LSAP) *demande si l’on ne peut pas revenir au bois.*

TOM ULVELING (CSV) *réplique que l’escalier en béton est désormais construit.*

FRED BERTINELLI (LSAP) *trouve que c’est dommage.*

(Vote)

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG) *passé au parking écologique des Woiwerwisen.*

TOM ULVELING (CSV) *rappelle que la commune va le mettre à disposi-tion du personnel de Servior. Le parking coute 261 000 € au lieu des 350 000 € prévus initialement. Servior remboursera cette somme à travers un loyer. La commune de-vrait rentrer dans ses frais en cinq ans. Le parking est déjà en fonction et peut accueillir cent véhicules.*

(Vote)

4. PAG et PAP / 5. Déifferdeng, eng Stad hëlleft

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG) *annonce une pause de 15 minutes. (Pause)*

Christiane Brassel-Rausch passe à un morcèlement de terrains.

PAULO DE SOUSA (DÉI GRÉNG) *rap-pelle que le 28 septembre, le conseil communal n’a pas approuvé le morcèlement de la route de Belvaux et de la rue des Fours. Le promoteur vient d’introduire un recours gracieux. Or ce recours n’est pas recevable, car il est question d’un règlement. Les conseillers communaux disposent du recours, mais Paulo De Sousa répète qu’il est irrecevable. (Vote)*

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG) *passe à Déifferdeng, eng Stad hël-left.*

ROBERT MANGEN (CSV) *rappelle que la commune alloue chaque année 0,25 % de ses recettes ordi-naires à des projets dans le tiers monde. Une première tranche pour 2022 a déjà été approuvée. La deuxième tranche s’élève à 211 000 €. Robert Mangen propose de donner 30 000 € des 375 000 € prévus pour les victimes du tremblement de terre en Turquie et en Syrie. La répartition du reste des fonds sera décidée par la prochaine majorité. Robert Mangen, qui ne sera plus là, remercie toute l’équipe pour son engagement. Il s’agit de monsieur Weirich, de monsieur Hartung et de madame Romaine Regenwetter.*

CHRISTIANE SAEUL (DP) *constate qu’à la suite du tremblement de terre en Turquie et en Syrie, les ha-bitants sont en difficulté.*

Ech soen Iech villmools Merci. Et ass 10.09 Auer. Ech géif elo eng Véirel-stonn Paus maachen. Villmools merci.

(Paus)

Mir kommen zum Punkt 4, PAG/PAP, e Morcellement an der Rue des Fours/ Route de Belvaux zu Uewerkuer. Do gött e Recours gracieux gefrot. An ech géif d’Wuert un den Här Paulo De Sousa ginn.

SCHÄFFE PAULO DE SOUSA (DÉI GRÉNG):

Merci, Madamm Buergermeeschtesch. Dir Dammen an Dir Hären aus dem Schäffen- a Gemengerot, nodeems mir d’Morcellement vun der Parzell vun der Bielesser Strooss, déi sech an d’Rue des Fours zitt, den 28. September mat Nee gestëmmt hunn, hu mir elo e Recours gracieux vum Promoteur iwwert de Maître Muller erakritt zu dësem Refus.

Wéi Der aus der Dokumentatioun, déi Der geschéckt kritt hutt, enthuele kënnst, ass dëse Recours gracieux irrece-vabel, well et sech hei ëm e Reglement handelt an e Recours gracieux géint e Reglement net recevabel ass.

D’Kompetenz, fir iwwert dëse Recours gracieux ze befannen, läit hei am Gemengerot, dofir ass dëse Punkt haut um Ordre du jour. Wéi gesot, rejetéiere mir dëse Recours gracieux wéinst Irre-cevabilitéit. Ech soen Iech Merci fir d’Nolauschteren.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Wann et keng Wuertmeldung gött, komme mer zur Ofstëmmung. Ech wid-derhuelen: Mir huelen de Recours net un, mir loossen en net stattfannen, fir ganz kloer ze sinn.

Komme mer zum Vott.

Le conseil communal décide à l’unani-mité de rejeter la demande de morcèle-ment de terrains dans la rue des Fours/ route de Belvaux à Oberkorn.

Villmools merci, Dir Dammen an Dir Hären. Déifferdeng, eng Stad hëlleft, de Punkt 5, Projeten an Aktiounen. Dofir géif ech d’Wuert un den Här Robert Mangen ginn.

SCHÄFFE ROBERT MANGEN (CSV):

Merci, Madamm Buergermeeschtesch. Bekanntlech gi mir 0,25 % u Recettes ordinaires aus, fir divers Projeten an Drëttlänner ze ënnerstëtzen. Et si virun allem nohalteg, Agrar- an edukativ Pro-jeten.

Fir d’Joer 2022 hate mir jo schonns eng éischt Tranche ausbezuelt. Haut läit Iech déi zweet Tranche vir, mat engem Montant vu ronn 211.000 Euro.

Vun onsem Ënnerstëtzungsgeld fir dëst Joer vun 375.000 Euro, schléit de Schäfferot Iech vir, 30.000 Euro ze spende fir déi vun Äerdbiewe betrafte Regiounen an der Türkei an a Syrien.

De reschtliche Montant, fannen ech, sollen déi nächst gewielte Gemeengever-trieder entscheiden, wéi se déi Hëllef weider verdeelen.

Well ech mat Sécherheet net méi derbäi sinn, wollt ech der ganzer Ekip, déi sech ëm dës batter néideg Hëllef bekëmmert huet, e grouse Merci auss-prieche fir hiert Engagement. Et sinn dat: d’Hären Eric Weirich, Pierre Hob-scheit, Jerry Hartung a virun allem onser Sekretärin dem Romaine Regen-wetter. Ech soen Iech Merci fir d’No-lauschteren.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Mangen. Madamm Saeul.

CHRISTIANE SAEUL (DP):

Merci, Madamm Buergermeeschter. Dir Häre Schäfferot, Kollegeinnen a Kollegen, no den Äerdbiewen an der Türkei an a Syrien, sinn déi zwee Län-ner an hir Awunner an enger ganz schlëmmer Situatioun. D’Demokra-tesch Partei kann et nëmme gutt fan-nen, dass mer Hëllef an esou enger Situ-atioun ginn. Déifferdeng, eng Stad hël-left mat 30.000 Euro.dDat ass okay,

5. Déifferdeng, eng Stad hëlleft

esouwéi och déi aner Projeten an Aktiounen, déi 2022 ënnerstëtzt si ginn. Ech soe Merci fir d’Nolausch-teren.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Villmools merci, Madamm Saeul. Madamm Pregno.

SCHÄFFE LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):

Villmools merci fir d’Wuert. Villmools merci fir d’Virstelle vun dësem Punkt an och Merci dem betraffene Grupp, dee sech heirëm këmmert.

Et ass ganz wichteg, wéi den Här Man-gen sot, virun allem a Projeten ze inves-téieren, déi d’Bildung fuerderen. Dat ass u sech de Grondstee fir d’Bekämpfe vun der Aarmut a virun allem op eng nohalteg Aart a Weis.

Dir kennt alleguerten dat Spréchwuert: „Gib dem Hungernden einen Fisch und er wird für einen Tag satt. Lehre ihn zu fischen und er wird nie wieder hungern.“ Ech mengen, dat ass de Leitsaz, deen een an der Logik, wéi déi Sue verdeelt ginn, erëmfënnt.

Ganz wichteg natierlech och d’Hëllef fir d’Äerdbiewen. Mir alleguerte ware betraff iwwert dat Äerdbiewe viru knapp dräi Wochen vun enger Stærkt vu 7,8 op der Richterskala.

Mäi Papp hat doheem gefrot: „Ass dat staark Laura? Du weess dat jo als Geo-graf.“ Als Geograf kann ech Iech soen, dass do net ganz vill méi stoe bleift, wat net wierklech äerdbiewesécher gebaut ginn ass. An dat ass jo hei an där Regioun dee gréisste Problem, dass et eng wierklech staark erdbebengefähr-det Regioun ass, vun den tektonesche Placken, déi sech do befannen, an dass immens gefuscht ginn ass um Bau.

Et sinn iwwer 50.000 Leit Affer gi vun deem Äerdbiewen an der türkesch-syre-scher Grenzregioun.

An der Türkei gött et iwwer 170.000 agestierzte Gebaier, 20 Millioune Mën-sche leiden indirekt ënner de Follge vun deem Äerdbiewen. Indirekt heescht dat: Obdachlosegkeet, keng Waasserver-

suergung, keng medezinesch Hëllef, Hunger, Keelt Nout. Zwou Millioun e Mënsche liewen aktuell an Zelter.

A Syrie gött et 8,8 Millioun e Betraffen-er. Wat an engem Land, dat iwwer zéng Joer gebeutelt ass vun engem Bierger-krich, nach vill méi schlëmm ass. Sou-dass mer wierklech als Gréng déi schnell an effikass Hëllef vun Déiffer-deng, eng Stad hëlleft begréissen. Mir stëmmen deem Punkt zou. Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Madamm Pregno. Dann ass et um Här Weirich.

ERIC WEIRICH (DÉI LÉNK):

Merci fir d’Wuert, Madamm Buerger-meeschtesch. D’Madamm Pregno ass an d’Detailer gaangen. Ech widderhue-len dat elo net, wat d’Äerdbiewen an der Türkei an a Syrien ugeet. Et ass absolutt begrëissenswäert, dass de Schäfferot decidéiert huet, kuerzfristeg Suen ze deblockéiere fir ze hëllefen. Si gi gebraucht.

Virun e puer Deeg hunn ech d’Vertrie-der vun der UN héieren, déi sech beklot hunn, dass no zwou Wochen déi Aktua-litéit schonn aus de Medie verschwon-nen ass, obwuel do Milliounen a Milli-arde gebraucht ginn a vill, vill Hëllef gebraucht gött op der Plaz, fir dat Land erëm opzebauen an deene Betraffenen ze hëllefen. Dowéinst ass dat absolutt begrëissenswäert, dass mer kuerzfristeg Suen zur Verfügung stellen.

Ech wollt och de Merci zréckginn un den Här Mangen an u meng Gemeenge-rotskolleegen an och natierlech avant tout un d’Madamm Regenwetter, déi den Iwwerbléck behält bei deem Exer-cice hei.wWou mer en Dossier voll Demanden all Joer kréie vun de ver-schiddenen ONGen an Organisatiou-nen, fir e Su aus deem Dëppen ze kréi-en. E grouse Merci vun dëser Plaz.

An och wollt ech ervirsträichen, dass dat absolutt begrëissenswäert ass, dass mer eng vun deenen eenzege Gemengen am Land sinn, wann ech mech net ieren, déi e fixen Undeel vun hirem Budget zur Verfügung stellt, fir ONGen

Les démocrates sont d’accord pour leur mettre 30 000 € à disposition dans le cadre de Déifferdeng, eng Stad hëlleft.

LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG) *remer-cie monsieur Mangen ainsi que le groupe de travail. Pour elle, il est important d’investir dans des projets promouvant l’édu-cation. C’est la base pour lutter contre la pauvreté de manière du-rable. Laura Pregno cite un pro-verbe: donne un poisson à un homme, il mangera un jour; ap-prends-lui à pêcher, il mangera toute sa vie. L’aide aux victimes du tremble-ment de terre d’une magnitude de 7,8 sur l’échelle de Richter est aussi importante. En tant que géographe, elle peut certifier qu’une telle force détruit toutes les bâtisses n’ayant pas été construites spécifiquement pour résister aux tremblements de terre. Or il est question ici d’une ré-gion sujette aux tremblements de terre, mais où les habitations ne sont pas adaptées. Les victimes se montent à 50 000. En Turquie, 170 000 bâtiments se sont écroulés, impactant indirecte-ment 20 millions de personnes, qui se retrouvent sans abris, sans eau, sans médicaments... Deux-millions de personnes vivent dans des tentes. En Syrie, qui est en plus confrontée à la guerre civile, 8,8 millions de personnes sont concernées. Les écologistes saluent l’aide proposée.*

ERIC WEIRICH (DÉI LÉNK) *salue le fait que le collège échevinal ait mis des fonds à disposition rapidement. Il y a quelques jours, l’ONU s’est plainte du fait que le tremblement de terre ne fasse déjà plus partie de l’actualité alors que des milliards sont nécessaires. Eric Weirich remercie monsieur Mangen, les conseillers commu-naux et madame Regenwetter, qui gère les demandes des ONG et des organisations. Il salue par ailleurs le fait que Dif-ferdange soit une des seules com-munes du pays à réserver une part fixe de son budget à l’aide humani-taire. Il trouve cela génial. Les autres communes feraient bien de prendre Differdange comme*

5. Déifferdeng, eng Stad hëlleft

exemple. Il est content de pouvoir apporter sa contribution à ce projet et l'approuvera.

FRED BERTINELLI (LSAP) *remercie, à son tour, monsieur Mangen et son équipe. Il a l'impression que monsieur Mangen sait parfaitement où envoyer l'argent. Le tremblement de terre a engendré la mort de 60 000 personnes. Des millions de gens ont perdu leurs maisons. Fred Bertinelli n'aurait pas hésité à approuver une aide plus conséquente. Le conseiller communal regrette que les frontières syriennes soient fermées, ce qui rend le soutien à la population plus difficile. Les Syriens ont tout autant besoin d'aide que les Turcs, mais les jeux politiques compliquent tout. Essayer d'aider ces personnes est le bon choix. De nombreuses existences ont été réduites à néant. Le don de Differdange est une goutte dans l'océan, mais si tout le monde faisait pareil, on pourrait aider les victimes.*

JERRY HARTUNG (CSV) *remercie monsieur Mangen pour son excellent travail ainsi que les conseillers communaux et madame Regenwetter. Le budget 2022 alloué à Déifferdeng, eng Stad hëlleft a été distribué en deux tranches pour pouvoir soutenir les projets rapidement et réagir aux urgences. Le tremblement de terre en Turquie et en Syrie démontre que l'on ne peut pas toujours attendre décembre pour distribuer les dons. Jerry Hartung salue le fait que le collègue échevinal débloque des fonds.*

La priorité est accordée en fonction de la durabilité des projets. En d'autres termes, les associations doivent recourir à des ressources disponibles sur place. Jerry Hartung cite l'exemple de l'aménagement d'une fontaine pour l'agriculture permettant de produire des aliments. Une importance particulière est aussi accordée à l'éducation et la transmission de savoirs — notamment aux enfants, aux jeunes et aux femmes.

Durable signifie que les gens doivent pouvoir devenir autonome à terme sans dépendre d'une aide externe.

an humanitär an Ëmweltzwecker an esou weider an esou fort. Dat ass absolut genial. Do sollte sech aner Gemen-gen drun inspiréieren. Ech si frou, dass ech dat heite mat ausschaffe konnt an haut ganz gäre matstëmmen. Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Weirich. Här Bertinelli.

Merci fir d’Wuert. Dir Dammen an Dir Hären, och d’LSAP ass frou a seet dem Här Mangen, mat senger Ekip, villmools Merci. En huet meeschtens dat richtegt Gefill, datt e weess, wou e Suen hischéckt, wou se wirklech gebraucht ginn.

Wann ee bedenkt, datt an deem Äerd-biewen do iwwer 60.000 Leit hiert Liewe gelooss hunn a Millioun Leit keen Daach méi iwwert dem Kapp hunn, hätt ech och näischt dogéint gehat, Här Mangen, wann Der méi investéiert hätt. Ech wier net rose gewiescht. Ech hätt et matgestëmmt.

Wéi gesot, do ass en enormt Leed. Mech stéiert am grouse Ganzen, datt d’Grenzen zu Syrien zou sinn, datt deene Leit mol net richteg ka gehollef ginn. Dat mécht ee béis, well déi Leit si keng anerer wéi an der Türkei, déi och enormt Leed hunn. An datt do awer dat politescht Spillchen op deenen zwou Säiten an der Türkei an a Syrie gemaach gött, fir do keng Hëllef direkt zouzeloossen, fir deene Leit ze hëllefen.

Duerfir mengen ech, datt mer dee rich-tege Choix getraff hunn, datt mer probéieren – natierlech geet dat och erëm iwwert d’Gemeng eraus, wou déi Suen higinn, mee do si ganz Famillen an Existenze vernicht ginn –, domat eppes Guddes maachen. Natierlech ass et eng Drëps op de waarme Steen, mee wann et där Drëpse méi wieren, kéinte mer deene Leit schonn hëllefen. Duerfir nach eng Kéier Merci dofir.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Bertinelli. Här Hartung.

JERRY HARTUNG (CSV):

Merci, Madamm Buergermeeschtesch. Léif alleguer, och a mengem Numm e grouse Merci un den Här Mangen, deen den Aarbechtsgrupp exzellent gefouert huet. Och natierlech de Kol-leegen aus dem Gemengerot, déi do present waren, well et war ëmmer e ganz flotten a konstruktiven Echange. An och der Madamm Regenwetter, déi als Sekretärin vun der Kommissioun alles ëmmer flott sammelt an eis pre-paréiert.

De Budget vun 2022 vun Déifferdeng, eng Stad hëlleft gouf an zwou Kéiere verdeelt. Verschidden Demandë komme fréi am Joer, anerer eréischt um Enn. Fir datt déi éischt genannten zäit-no hir Projeten ënnerstëtzt kréien, wou heiansdo och eng Urgence ass, dofir dës nei Virgoensweis. Dat gesäit een elo gutt mat där Hëllef fir Tierkei a Syrien, dat ass elo schonn am Budget vun 2023, datt een net ëmmer bis Dezember ka waarden, fir Hëllef ze schécken.

Dat ass eng ganz gutt Initiativ vum Schäfferot, fir séier Suen ze deblockéieren. Déi mer natierlech och ënnerstëtzen.

Zur Opdeelung vun 2022. D’Prioritéite ginn no sozialen an durabele Krittäre gewiicht. Dat heescht, sou vill wéi méiglech d’Ressourcen, déi sur place sinn, ze notzen. Zum Beispill en Opbau an d’Sécherstellung fir e Buer mat Waasser, natierlech fir ze drénken, fir d’Landwirtschaft méiglech ze maachen an esou genuch Iesswueren ze produzéieren, fir den eegenen a lokale Bedarf ze decken. Natierlech net an industrielle Gréissten.

An och alles, wat Wëssensverméttlung ugeet, sief et an der Landwirtschaft oder an der Edukatioun fir Kanner a Jugendlech, Männer a Fraen – beson-nesch am Fraeberäich, wat leider net alles ëmmer esou ginn ass, wéi mir dat hei kennen.

Durabel, am Sënn, datt d’Leit sech laangfristeg selwer eppes kënnen opbauen an net méi vun externer Hëllef ofhängeg sinn. An natierlech Aktivitéiten, déi am Aklang mat der Ëmwelt sinn. Et muss ee bedenken, datt wann ursprénglech dréchen Terrainen a fruchtbar Felder ëmgewandelt ginn,

düst och wichteg fir d’Ëmwelt ass. Et gött e Projet vun SOS Faim, dee ganz ënnerstëtzt gött, fir eng Promotion et pratique agricole et durable an Äthiopi-en, dee wirklech immens flott ass.

Am Aarbechtsgrupp war d’Demande ausgedréckt ginn, fir vläicht deen een oder anere Projet am Diffmag ze presentéieren. Dat wäert warscheinlech geschéien.

D’Déifferdenger CSV stëmmt d’Verdee-lung vun dese Gelder am Kader vun Déifferdeng, eng Stad hëlleft mat. Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Hartung. Mir kommen zum Vott.

Le conseil communal décide à l’unanimité d’approuver le secours immédiat pour les victimes des séismes en Turquie et en Syrie dans le cadre de Déif-ferdeng, eng Stad hëlleft.

Villmools merci, Dir Dammen an Dir Hären. Da komme mer zum Punkt 6, d’Aktualisatioun vun eisem Organi-gramm. Dir hutt ganz vill Informatiounen do. Och déi zwee Avise vun deenen zwou Delegatioune leie bäi. Fir elo net ganz an den Detail ze goen, Dir hutt alles an Ärem Dossier: Am Total sinn et 26 Créations de postes. Een Apprenti, een H3bis, zwee A1, dräi A2, aacht A3, een A5, véier B1, dräi C1, een C3, een C4 an een C6.

Et ass ëmmer ganz genau beschriwwen, fir wou déi Leit sinn. Ech si frou, Iech matzedeelen, dass mer an der SEA Cui-sine amplaz vun engem CAE elo do e Poste d’agent polyvalent A3 kreéiert hu mam Statut vum Handicap.

Mir kënnen nach weider als Gemeng dru schaffen a mir maachen eis op de Wee a mir wäerten dat och maachen.

Dat zu de Créations de postes. Da bleift ze erwänen, nodeems mer de Südge-menge-Kollektivvertrag ausgehandelt hunn, dass d’Karriär A2 an Nettoyage

suppriméiert gött, dat wësst Der. Do-duerch gi bei eis an der Gemeng ganz genau 151 Posten Agent de nettoyage A2 an Agent polyvalent A3 ëmklas-séiert, nom Südgemenge-Kollektivver-trag.

An Dir gesitt, d’Karriär Vbis gött duerch ter ersat, dass mer do konform sinn.

Här Hobscheit.

PIERRE HOBSCHEIT (LSAP):

Merci, Madamm Buergermeeschter. Dir Dammen, Dir Hären, ech wëll jo net bei deem Theema hei mat Iech strei-den. Ech melle mech jo alt heiansdo zu Wuert a maachen da Remarken, déi ech och maachen aus menger eegener berufflecher Erfahrung, wou ech och mat Rekrutementer konfrontéiert sinn. An déi Rekrutementer ëmmer muss argumentéiere vis vun der Kontrollin-stanz, déi nun emol do ass.

Mir kréien elo hei eng Lëscht virge-luecht mat lauter Créations de postes. Natierlech wësse mir als LSAP, a mir stellen dat och guer net a Fro, dass eng Gemeng nëmme ka fonctionéieren, wa se gutt Personal huet, wat eng gutt Aarbecht am Sënn vun de Biergerinnen an de Bierger an am Sënn vun eiser Gemeng leescht. An awer wëll ech betounen, dass mer nei Weeër musse goen.

Nei Weeër, wat mengen ech domat? Mir musse kucken, fir déi ganz Gestiouن vum Personal an och déi ganz Previsioun vum Personal ze moder-niséieren. Ech weess, dass mir dat als Gemeng net eleng hikréien, dass dat keen Exercice ass, deen d’Gemeng Déif-ferdeng eleng ka stäipen. Mee et wär wichteg, dass een no den nächste Wale mol kucke géif, zesumme mat anere Gemengen – well dat Phenomeen jo warscheinlech all Gemeng betrëfft: Wéi kann ee sech ënner Gemengen zesum-mendinn, fir do vläicht Outilen ze kréien, déi engem et erlaben, besser Previ-siounen opzestellen?

Mir haten dat Theema hei schonn e puermol. Dir hutt mer geäntwert: „Dat geet aktuell net“. Ech gesinn dat an. Mee de Problem wäert awer net ver-schwannen. De Problem wäert bleiwen.

La transformation de terres assé-chées en terrains agricoles est aussi importante pour l’écologie. Un projet de SOS Faim soutient no-tamment le développement d’une agriculture durable en Éthiopie. Le groupe de travail a demandé à ce que ces projets soient présentés dans le Diffmag. Le CSV approuvera la répartition des fonds. (Vote)

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG) *passe à l’organigramme. Les conseillers communaux disposent de l’avis des délégations. Il s’agit de 26 créations de postes dans diffé-rentes carrières. Les détails figurent dans le dossier. La bourgmestre souligne le fait que pour la cuisine du SEA, la com-mune a créé un poste d’agent poly-valent A3 avec le statut du handi-cap au lieu d’un CAE. Elle est consciente qu’il reste du pain sur la planche dans ce domaine. À la suite du nouveau contrat col-lectif, la carrière A2 est supprimée. Les 151 postes d’agent de net-toyage sont transformés en postes d’agent polyvalent A3.*

PIERRE HOBSCHEIT (LSAP) *n’a pas l’intention de se disputer avec la bourgmestre, mais il souhaite faire quelques remarques tirées de son expérience dans le domaine du re-crutement. Les recrutements doivent être argumentés vis-à-vis d’une instance de contrôle. Les socialistes sont conscients du fait qu’une commune ne peut fonc-tionner que si le personnel effectue du bon travail au service des ci-toyens. Cependant, il faut se lancer sur une nouvelle voie et moderniser les prévisions en matière de person-nel. Toute seule, la commune n’y arrivera pas. Mais après les élec-tions, Differdange devrait entrer en contact avec d’autres communes confrontées aux mêmes problèmes pour voir quels outils utiliser pour améliorer les prévisions.*

Madame Brassel-Rausch a déjà dit que ce n’était pas possible, mais le problème ne va pas disparaître de lui-même. Tous les ans, le conseil communal devra constater que les frais de personnel sont extrême-ment élevés et que des tranches

6. Personnel communal

d'indice devront être versées en cas d'inflation. Cela coute cher à la commune, même s'il est évident que le personnel y a droit. La commune doit donc réfléchir aux outils dont elle a besoin.

Pour ce qui est du conseil communal, qui constitue l'instance de contrôle, il devrait recevoir des indications précises quant à la fonction liée aux postes. À titre d'exemple, le dossier parle d'un poste de fonctionnaire communal traitement C1, mais pourquoi ce poste est-il créé? Dans le cadre de son travail, Pierre Hobscheit doit souvent fournir des explications tirées par les cheveux à l'instance de contrôle dans l'espoir d'obtenir ce qu'il veut.

Il se rend compte du fait que ce qu'il demande au collègue échevinal représente du travail, mais en ces temps de budget serré, il faut réfléchir à ces questions. Pierre Hobscheit sait qu'il faut recruter, mais il tenait à faire ces remarques. Il a décidé de s'abstenir lors du vote.

ERNY MULLER (LSAP) *demande que le point 3 relatif au contrat collectif soit voté séparément.*

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG) *propose donc de voter d'abord les créations de postes et ensuite le contrat collectif.*

ERNY MULLER (LSAP) *est d'accord.*

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG) *explique à monsieur Hobscheit que la commune ne peut pas lui livrer ce qu'il demande. L'indice à un impact conséquent sur les dépenses. Par ailleurs, le collège échevinal a recruté deux personnes pour le service du personnel afin que celui-ci puisse travailler correctement. Christiane Brassel-Rausch n'est pas contraire à une amélioration de la situation. Mais il s'agit d'un processus long et couteux.*

Mir wäerten all Joer feststellen, wa mer iwwert de Budget diskutéieren, dass an eisem ordinäre Budget d'Personal-käschten immens héich sinn. Mir wäerten ëmmer erëm feststellen, wann d'Inflatioun sech esou weiderentwéckelt, dass Indextranchë kommen, déi eis vill Sue kaschten, mee déi eis Leit awer zegutt hunn an déi se och solle kréien natierlech.

Duerfir mengen ech, dass et wichteg ass ze kucken, wéi kréie mer dat hin. Vlächit Perspektiven och ze gesinn. An ze kucken, wat brauche mer.

A wann ee Poste kreéiert, wär et och wichteg fir eis als Gemengerot, als so-disant Kontrollinstanz, wann een et dann esou wëll nennen, dass ee méi eng prezis Angab hätt zu der Funktioun vun deene Leit, fir déi Posten, déi mer kreéieren.

Hei steet ganz graff Création d'un poste fonctionnaire communal traitement C1. Mee et wär schonn interessant ze wëssen, firwat dee Poste geschaf gëtt. Ech soen dat, wéi gesot, well ech a mengem Alldag, deen ech hunn, mer oft muss Explikatiounen, wann ech et elo béis formuléieren, aus de Fangere suckelen, fir géintiwwer der Kontrollinstanz Argumenter ze hunn, firwat ech e Poste wëll. A wann ech Chance hunn a si si mer gutt gesënnt, da kréien ech en. A wa se mam falsche Fouss opgestane sinn, da kréien ech en net.

Do musse mer kucken, nei Weeër ze goen. Quitte dass dat e gewëssenen Opwand ass, dat ginn ech gären zou. Mee ech mengen, grad an dësen Zäiten, wou d'Budgeten déi sinn, déi se sinn a wou d'Situatioun déi ass, déi se ass, muss ee sech no den nächste Walen iwwerleeën, deen neie Schäfferot – wien och ëmmer dat da wäert sinn –, wéi een déi Saach wëll ugoen.

Prinzipiell si mir eis bewosst, dass mer nei Leit brauchen, dass mer zousätzlech Ressourcë brauchen, mee dat do sinn awer Remarken, déi ech wëll maachen. An duerfir wäerte mir eis och haut bei de Kreatiounen enthalen.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Hobscheit.

ERNY MULLER (LSAP):

Ech hunn eng Fro.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Jo, Här Muller.

ERNY MULLER (LSAP):

Wär et méiglech, Madamm Buergermeeschter, de Punkt 3, Changements suite au protocole d'accord CCT Sud, separat ofzestëmmen?

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Dat heescht d'Créations de postes stëmme mer of an duerno d'Adaptatiounen zum Südgemenge-Kollektivvertrag. Hunn ech dat richteg verstanen?

ERNY MULLER (LSAP):

Dat ass esou. Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Här Hobscheit, mir hu schonn ëfters hei an dësem Gremium driwwer geschwat. D'Gemeng ass am Moment net capabel, dat ze liwweren, wat Dir – mat Recht – frot. Eleng d'Augmentatioun mam Index, mir hunn Iech jo gesot, wat dat en Impakt op den ordinäre Gemengebudget, also op d'Depensen huet. Op där anerer Säit huet dese Schäfferot de Personalbüro opgestockt, zwou Persoune sinn agestallt ginn, fir dass deen iwwerhaapt emol d'Méiglechkeet huet, kënne korrekt ze schaffen. An technesch si se och um Wee, fir dat ëmmer besser hikréien.

Dat ass dat, wat ech Iech ka soen. Mir sinn do och am Austausch, fir eng Ouverture ze sichen, fir eis do besser opzestellen. Dat ass amgaangen, mee et ass e laangwieregen an och en deiere Prozess. Mee mir sinn do ënnerwee.

6. Personnel communal

PIERRE HOBSCHEIT (LSAP):

Ech erkennen dat un. Ech gleewen Iech dat och. Ech erkennen dat un. Mee déi Diskussioun, déi mer d'leschte Kéier an der Finanzkommissioun haten, dass mer dat deelweis nach mat Excelfichier geréieren a sou weider, dat ass en Exercice, deen een awer misst ugoen. Wéi gesot, ech sinn absolutt d'accord, dass dat en Exercice ass, deen eng Gemeng net sollt eleng ugoen, well all d'Gemenge warscheinlech déi selwecht Situatioun hunn, déi selwecht Problemer hunn.

Et ass en Exercice, wou ee muss kucken, op wéi engem Niveau een dat mécht. Mécht een dat um Niveau vun engem SIGI? Mécht een dat um Niveau vun engem Pro-Sud, wou ee seet, mir maachen dat elo als Südgemengen. À voir no den nächste Walen, wa sech déi nei Majoritéiten an den eenzelne Gemenge fonnt hunn. Deen Exercice sollt ee professionaliséiert ugoen. Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Hobscheit. Wann de Gemengerot dermat averstanen ass, maache mer zwee Votten.

GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):

Ech wollt nach eppes soen.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Här Liesch.

GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):

Merci fir d'Wuert. Ech wollt mech un där Diskussioun bedeelegen, wat den Här Hobscheit elo gesot huet. Ech ginn him an der Saach Recht, dass e seet, mir sollten eist Personal professionaliséieren. An deem Sënn ass jo grad an de Créations de postes, notamment am Informatikberäich, e Poste virgesinn, wou een dat kéint maachen.

Och ginn ech Iech Recht, dass ee seet, dass een dat als Déifferdenger Gemeng

net sollt eleng maachen. Well, wéi Dir mat Recht gesot hutt, dass all Gemeng méi Visibilitéit iwwert d'Personal an och d'Käschte vum Personal iwwert d'Jore gekuckt sollt hunn. Dat wär sécher eng Analys, wou all Gemeng dovunner profitéiert, wa se méi en analytesche Bléck huet: Wéi ass mäi Personal gestréckt? Wou si meng Alterslächer an d'Peaken? Wéi ass d'Evolution vu menge Käschten? D'Karriäre sinn oft festgeschriwwen. Dat heescht, dat léisst sech am Fong mathematesch gutt duerstellen. Do ginn ech Iech Recht.

Déi Erklärungen zu deene Créations de postes hei, déi sinn, wéi se sinn. Et fënnt ee sech do awer erëm, et steet, fir wéi ee Ressort se sinn an och d'Funktioun. Do ass elo keen dobäi, wou een e schlecht Bauchgefill hätt, wou ee géif soen, dee Posten, deen ass ze vill. An dat och aus e puer Grënn.

Déi éischt Iwwerleeung ass: Ech weess, dass de Schäfferot, an och d'Gemeng, haut schonn net weess, wou setze mer iwwerhaapt déi nei Leit hin? An dat ass jo och eng vun de Remarque vun den Delegatiounen, wou mer jo eeben aus finanzielle Grënn deen noutwendege Bau, fir d'Gemeng ze vergréisseren, elo zrëckgesat hunn. Wou mer awer all wëssen, dee mer musse maachen. Dat heescht, aktuell géif e Schäfferot dann net nach Leit astellen, déi ze vill wären, wou en haut schonn net weess, wou setze mer déi eventuell hin? Dat ass emol ee Grond.

Deen anere Grond sinn, wéi Dir selwer gesot hutt, d'Finanzen. Och dat wësse mer jo, dass mer gutt mussen haushalten, wéi mer dat soss och gemaach hunn. An och dann, mengen ech, mécht ee keng Créations de postes, och nach mat den Indextranchen, déi nach kommen, wann een déi net brauch. Ech mengen, déi Zäite sinn eriwwer, wou Leit op de Gemengen agestallt ginn, just fir se anzestellen. Ech mengen, dat ass net de Fall.

Duerfir sinn ech e bëssen enttäuscht, wann eng LSAP sech enthält bei esou engem wichtige Vott, wou et awer ëm d'Personal geet.

Fir nach eng Kéier op déi Diskussioun zrëckzekommen, déi mer de Moien haten iwwert de Pacte Nature. Wa mer

PIERRE HOBSCHEIT (LSAP) *fait confiance à madame Brassel-Rausch. Mais il signale qu'une discussion a eu lieu à ce sujet au sein de la Commission des finances. Les recrutements sont encore gérés avec des fichiers Excel. Il est temps de changer les choses. Pierre Hobscheit se rend compte que la Ville de Differdange ne peut pas y arriver seule. Mais d'autres communes rencontrent les mêmes difficultés. Faut-il demander de l'aide au Sigi? Au Pro-Sud? Il convient d'attendre les prochaines élections. Mais en tout cas, l'exercice doit être professionnalisé.*

GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG) *donne raison à monsieur Hobscheit quant au fait qu'il faille professionnaliser le personnel. Un des postes qui doit être créé en informatique se prêterait à ce type de travail. Il est également d'accord avec monsieur Hobscheit lorsque celui-ci dit que la commune ne peut pas agir seule. Toutes les communes ont intérêt à analyser l'évolution des frais de personnel sur plusieurs années. Les carrières sont fixées d'avance. Il est donc possible de faire des calculs mathématiques. Pour ce qui est des créations de postes aujourd'hui, on s'y retrouve, car le service et la fonction sont indiqués. Georges Liesch n'a pas l'impression qu'un de ces postes soit de trop. Tout d'abord, le collège échevinal ne sait même pas où installer les nouvelles recrues. C'est d'ailleurs une des remarques des délégations. Le collège échevinal a été obligé de reporter certains projets, dont l'agrandissement de l'hôtel de ville. C'est pourquoi le collège échevinal ne peut pas recruter plus de gens que strictement nécessaire. Vient ensuite la question des finances. En tenant compte des tranches d'indice, la commune ne peut recruter que le personnel nécessaire. Les temps où une commune pouvait recruter comme bon lui semblait sont révolus. Georges Liesch se dit donc déçu de l'abstention des socialistes. Le vote est important. Georges Liesch revient sur les discussions concernant le Pacte nature. Si la commune veut mettre en*

6. Personnel communal

musique toutes les actions prévues dans le plan, elle va avoir besoin de musiciens. Elle n’y parviendra pas sans renforcer le personnel actuel. Pour Georges Liesch, il est évident qu’il faut recruter des gens, mais de manière ciblée. C’est pourquoi il trouve que ces créations de postes devraient être approuvées à l’unanimité. Cela indiquerait au personnel que leur travail a de la valeur et qu’il est apprécié.

Bien entendu, les socialistes ne pensent pas que le personnel se tourne les pouces. Georges Liesch ne dirait jamais rien de la sorte. Monsieur Hobscheit apprécie le travail du personnel à sa juste valeur ; il devrait donc approuver les créations de postes.

PIERRE HOBSCHEIT (LSAP) *constate que monsieur Liesch a lui-même relativisé ses propos. Mais il tient à insister sur le fait qu’il connaît beaucoup de gens travaillant pour la commune et qu’il reconnaît l’importance de leur travail. C’est évident.*

Des discussions ont eu lieu à ce sujet et il tenait à faire ces quelques remarques.

HENRI KRECKÉ (SECRÉTAIRE COMMUNAL) *signale à monsieur Hobscheit que le service du personnel a été renforcé. La spécialiste du recrutement de Differdange n’est plus invitée aux réunions du groupe de travail du Sigi parce que ses revendications étaient trop nombreuses. Le fait est que les communes ont pris du retard par rapport à l’État et à son personnel.*

Par ailleurs, en macroéconomie, les frais récurrents comme les frais de personnel sont inclus dans le plan pluriannuel de financement. Et le document que les conseillers communaux ont reçu contient toutes les créations de postes.

D’un autre côté, il est évident que la commune a pris du retard. Mais celle-ci ne peut pas résoudre ce problème toute seule. Henri Krecké répète que les revendications de la commune sont particulièrement nombreuses et il espère que les choses avanceront dans la bonne direction. Des audits sont en cours de sorte qu’il veut croire en un avenir meilleur. Mais cela ne dépend

all déi Defien, déi mer haut de Moie gestëmmt hunn, déi Aktiounspläng, wëllen a Musek ëmwandelen, mee da geet dat net ouni Museker. Dat kréie mer mat deem selwechte Personal, wat mer elo hunn, net gemaach. Alles dat, wat mer haut de Moie gestëmmt hunn. Wéi solle mer dat dann nach on top mat deene bestoende Leit maachen? Et ass evident fir mech, dass mer eist Personal opstocke musse, geziilt, sur mesure, genau do, wou mer et brauchen.

Duerfir fannen ech, dass mer deen heite Vott sollten unanime unhuelen. Ech mengen, dass dat och en Zeeche vis-à-vis vum Personal ass, dass mer unerkennen, dass déi Aarbecht, déi do geleescht gëtt, wäertvoll ass. An dass do keng Leit sëtzen, déi d’Daimercher dréien, dass déi wierklech hir Aarbecht maachen.

Dat ass awer keng Ënnerstellung, dass Dir dat mengt. Net, dass Der elo mengt d’LSAP géif mengen, do géife Leit sëtzen, déi d’Daimercher dréien. Dat hunn ech domat net wëlle soen an dat wäert ech och ni soen. Ech weess, dass Dir deenen hir Aarbecht och absolutt schätzt. Dofir maachen ech nach eng Kéier e waarmen Appell, vläicht an Iech ze goen a vläicht de Vott dann awer nach matzestëmmen.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Här Hobscheit.

PIERRE HOBSCHEIT (LSAP):

Also den Här Liesch huet dat jo elo, wat e selwer gesot huet, och relativéiert. Mee ech wéilt dat awer och elo vun deser Plaz aus awer nach eng Kéier ganz, ganz däitlech ënnersträichen. Well ech jo och een doheem sëtzen hunn, dee laang op der Gemeng selwer geschafft huet an doduerch ganz vill Leit, déi op der Gemeng schaffen, ganz laang kennen. Dass deen Androck awer elo wierklech net entsteet, well dorëms geet et ganz sécher, ganz sécher net. Déi Aarbecht, déi gemaach gëtt, op villen Niveauen, wou mer jo och vill mat de Leit ze dinn hunn, erkenne mer selbstverständlech un. An ech wëll och net verstoppen, dass mer och heiriwwer Diskussiounen haten an ech hunn elo e

puer Remarque gemaach. Dat wollt ech awer just nach eng Kéier ënnersträichen. Merci.

GEMENGESEKRETÄR HENRI KRECKÉ:

Ech hänke vläicht just eppes Techneschs drun, Här Hobscheit. Dir wësst, mir hunn eis mat zwou Fachkräften am Service du personnel verstärkt an deene leschten zwee Joer. A mir sinn esou dynamesch gewiescht, dass eis Spezialistin am Recrutement eraus invitéiert ginn ass aus der Groupe de travail vum SIGI, déi sech ëm d’Personal këmmert. Well mer esou vill Revendicationen an Ufuerderunge gestallt hunn, dass mer mëttlerweil net méi invitéiert waren.

An do hänkt och elo e wéineg d’Kromm an der Heck fir all eis Gemengen, dass mer op verschiddene Standbee vun enger dynamesch, moderner Verwaltung, leider net esou wäit si wéi zum Beispill de Staat a sengem Personnel de l’Etat. Si si méi wäit, iwwer SAP-Produkten an esou weider an esou fort. A mir sinn do hannendrun. Mir si ganz intensiv hannendrun.

Wat een awer och muss soen, an de Finanzen ass et esou, an der Makroökonomie vun engem PPF sinn d’Frais recurrent vum Personal dran. An deem Dokument, wat mer Iech haut virgeluecht hunn, sinn all d’Créations de postes scho makroökonomesch mat erfaasst. Mee mir wëssen, dass mer an enger moderner, dynamescher Verwaltung, ginn ech Iech absolutt Recht, dass mer do Nachholbedarf hunn.

Mee dat ass net nëmmen eis Verscholdung, well eleng kréie mer dat och net als Gemeng gestëmmt, soudass mir een Developpementsteam schafen, dat mer net hunn. A mir hunn esou vill Revendicationen, och als Verwaltung, an där Saach, déi leider nach net gefousst hunn. Mee wou mer nach ëmmer hoffen, dass mer eng Kéier erëm d’Kehrtwende kréien an den digitalen Dagesgeschäfte vun enger Gemeng, dass mer do wierklech progressiv an Zukunft widerkommen.

D’Auditte lafe jo och an deem Sënn a mir kënnen nëmmen op eng besser Zukunft hoffen. Mee dat läit awer elo net eleng an der Verwaltung vun der

Stad Déifferdeng hiren Hänn. Dat wollt ech just dobäiflécken, well dat esou gesot war.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Krecké. Här Hartung.

JERRY HARTUNG (CSV):

Als Vertrieder vun der Déifferdenger CSV wëll ech ënnersträichen: Dat Personal, wat mer astellen, ass wichteg, fir e gudde Service um Bierger ze gewärleeschten. Sou wéi eis Bevëlkerungszuel hei zu Déifferdeng gewuess ass, ass et logesch, datt Plaze musse geschaf ginn, am Biergeramt, an der Museksschoul, haut hate mer e grousst Thema Natur, och am Service écologique oder am Service informatique, datt dann och veenzelt Poste musse bäikommen. A wéi den Här Krecké gesot huet, am PPF, dee mer ganz vir hei am Dokument bäileien hunn, do ass dat u sech virgesinn.

Natierlech muss een dat am A behalen an och ganz kritesch kucken, déi Personalkäschten. Mee et gehéiert awer och zu enger Gemeng, datt ee sech Personal gëtt, fir de Bierger e gudde Service ze bidden.

Dofir stëmme mir dat natierlech mat.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Hartung. Da komme mer zum éischte Vott, de 26 Créations de poste vum Organigramm.

Le conseil communal décide avec 14 voix oui et 3 abstentions d’approuver l’organigramme de la Ville de Differdange.

Elo den zweete Vott, d’Adaptatioune vum Südgemenge-Vertrag vun de Karriären. Changements suite au protocole d’accord CCT Sud vum 1.1.2022 bis den 31.12.2024.

6. Personnel communal

Le conseil communal décide avec 14 voix oui et 3 abstentions d’approuver la création d’un poste d’employé communal appartenant au groupe d’indemnité A1, sous-groupe administratif.

Le conseil communal décide avec 14 voix oui et 3 abstentions d’approuver la création d’un poste de salarié à tâche intellectuelle B1 administratif.

Le conseil communal décide avec 14 voix oui et 3 abstentions d’approuver la création d’un poste d’assistant social C6 sous le statut du salarié.

Merci. Da si mer beim Punkt 6), en internt Reglement, wat eise CET ugeet, Horaires mobiles an d’Congéen. D’Erklärunge sinn ugestrach. D’Haaptännerung betrëfft d’Visite-médicallen, déi hu mer un den Text vum Statut vum Fonctionnaire ugepasst. An Zukunft sinn d’Visites médicales op zwou Stonne pro Visitt plafonéiert. Momentan gëtt et kee Plaffong, d’Visite-médicalle sinn un d’Éffnungszäite vun der Gemeng gebonnen, wat awer wäert ewechfalen. An deene meeschte Fäll wäerten d’Leit an deem Sënn besser ewechkommen.

An déi aner Ännerung betrëfft d’Éffnungszäite vun eiser Verwaltung, déi hate mer nach net hei am Gemengerot ofgeseent. Dir wësst, am Accueil public hate mer Ännerunge gemaach, a mir haten dat vergiess, an de Gemengerot ze bréngen, sorry.

En drëtten Haaptpunkt, deen ech wëll erausschielen, dat ass, dass mer de Congé maternité aus dem Congé maladie eraushuelen, wat ech ganz logesch fannen.dD’Absencë vu Maternité zielen elo net méi als Maladie a falen da fir de Congé peu malade net an d’Gewiicht. De Congé peu malade nenne mer an Zukunft dann och Jour de congé supplémentaire pour agent peu absent. Et geet jo drëm, fir déi Leit ze belounen, déi net vill krank sinn, wou keen Absentéisme ass. An dorënner waren

pas seulement de la Ville de Differdange.

JERRY HARTUNG (CSV) *estime que le personnel recruté est nécessaire pour offrir un service de qualité aux citoyens. Compte tenu de l’accroissement de la population, il est évident qu’il faut renforcer le Biergeramt, l’école de musique, le service écologique, le service informatique... Tout cela est prévu dans le PPF comme l’a souligné monsieur Krecké.*

Bien entendu, l’évolution des frais de personnel doit être évaluée de manière critique. Mais la commune doit pouvoir proposer des services efficaces. Le CSV approuvera l’organigramme. (Votes)

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG) *passé au point 6 b, un règlement interne concernant le CET, l’horaire mobile et les congés.*

Le changement principal concerne les visites médicales des fonctionnaires. Elles seront plafonnées à deux heures. En revanche, elles ne seront plus liées aux heures d’ouverture de la commune, ce qui devrait favoriser la plupart des employés. L’autre nouveauté est relative aux heures d’ouverture de l’administration communale. Elles ont changé, mais le collège échevinal avait oublié de les faire approuver par le conseil communal.

7. Actes et conventions

Le troisième changement a trait au congé de maternité, qui n'est plus considéré comme congé de maladie et n'est plus comptabilisé pour le calcul des jours de congé supplémentaires pour les agents peu malades.

PIERRE HOBSCHEIT (LSAP) *trouve les modifications plutôt justifiées. Il constate également un changement concernant la plage fixe, qui ne va plus que jusqu'à 15 h 30 l'après-midi. C'est une bonne chose. En revanche, Pierre Hobscheit a du mal à comprendre la pertinence des jours de congé pour les personnes peu malades. Quelles sont les expériences du collège échevinal? Il ne faudrait pas que des personnes malades décident de venir travailler pour pouvoir bénéficier de plus de congés par la suite.*

Étant donné que ce type de congé est déjà en place, quels en sont les résultats? A-t-on déjà renvoyé quelqu'un à la maison parce qu'il était malade?

Pierre Hobscheit comprend la réflexion qui se cache derrière cette décision, mais le principe est dangereux. La première fois qu'il en a entendu parler, il a immédiatement pensé que des gens viendraient travailler malades.

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG) *va devoir se renseigner, car elle ne dispose pas des chiffres des trois dernières années. Mais il ne faut pas oublier qu'il y a eu la pandémie et que ces chiffres ne sont pas forcément pertinents.*

(Vote)

Christiane Brassel-Rausch passe au point 7, la vente d'appartements à Gravity. Ceux-ci sont soumis à une emphytéose de 99 ans.

Pour ce qui est des conditions de cession, le droit de préemption avait été fixé à trente ans conformément à ce qu'on avait dit à la commune. Mais le ministère du Logement a exigé que la durée soit équivalente à l'emphytéose, c'est-à-dire 99 ans.

(Vote)

iertemlecherweis dann och d’Congés de maternité gefall.

Här Hobscheit.

PIERRE HOBSCHEIT (LSAP):

Merci, Madamm Buergermeeschter. Dir Dammen, Dir Hären, ech hunn eng kleng Fro. Grosso modo fannen ech déi Ännerunge ganz gutt. Wann ech dat richteg verstinn, maacht Der och eng Ännerung an der Plage fixe, déi just nach mëttës bis hallwer véier geet. Ass dat nei? Ech fannen dat eng gutt Saach, well et och am Sënn ass vun deenen Texter.

Ech wollt froen, wat d’Erfarunge sinn. Ech di mech e bësse schwéier mat deem Congé fir déi Leit, déi wéineg krank sinn. Also ech di mech schwéier mat deem Prinzip, well ech Angscht hunn, dass Leit, déi vläicht krank sinn an am léifste géifen doheem bleiwen, dass déi sech da soen, ech ginn elo krank schafen, fir Congé herno ze kréien.

Duerfir wollt ech emol froen, wat sinn dann d’Erfahrungswärter? Ech mengen, dee Congé do ass jo net nei, dee gött et schonn. Wat sinn d’Erfahrungswärter? Si scho Situatioune gemellt ginn, wou een eng Persoun erëm heem geschéckt huet, well déi krank schaffe komm ass?

Ech verstinn d’Iwwerleeung hannen-drun, mee ech fannen de Prinzip awer och iergendwou geféierlech, soen ech Iech ganz éierlech. Wéi ech déi éischte Kéier dervun héieren hunn, dat war an der Maison relais, wou ech dov u gezielt kritt hunn, dass dat agefouert géif ginn. Do hunn ech mer gesot, dat féiert awer vläicht dozou, dass een, dee besser hätt, doheem ze bleiwen, sech awer seet, ech ginn elo schaffen.

Ech wollt just wëssen, wat d’Erfahrungswärter sinn. Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Ech wäert déi nofroen, Här Hobscheit. Just, dass ech mengen, dass mer vun deene leschten dräi Joer net déi richteg Wärter kréien. Ech froen et gär no. Vläch hu si déi vu virdrun. Mee ech denken, zwee an halleft Joer Covid

bréngt an deem Sënn net ganz vill. Awer ech huelen et mat a wa mer eng Äntwert kréien, kritt Der se wéi ëmmer geschéckt.

Et gött keng weider Wuertmeldung méi, da komme mer zur Ofstëmmung.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver le texte adapté du Règlement interne relatif à l'horaire mobile, au compte épargne-temps et aux congés dans les services de la Ville de Differdange.

Villmools merci. Da komme mer zum Punkt 7. Do geet et ëm de Verkaf vun eisen Appartementer am Gravity. Op deenen ass jo eng Emphyteos op 99 Joer, vum Logement esou gewollt. Op där anerer Säit gött et Conditions de session à un tiers, d’Préemptioun gouf, op Rotschlo, op 30 Joer gesat. Am Droit civil wär dat als Prescription trentenaire unzegesinn. Mir krute gesot, mir kënnen d’Virverkafsrecht nëmmen op 30 Joer leeën.

Domadder war de Logementsministère awer net averstanen. D’Préemption misst esou laang si wéi d’Emphyteos, dat heescht 99 Joer. Dofir gött elo an deem Kontrakt hei, an deem neien Acte notarié, deen d’Leit ënnerschriwwen hunn, d’Session à un tiers respektiv d’Préemption vun 30 Joer op 99 Joer geännert.

Da komme mer zum Vott.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver les actes notariés rectificatifs avec madame Le Luel liés à des actes de bail emphytéotique, revente et vente en futur état d'achèvement d'appartements au complexe Gravity Tower et concernant plus particulièrement les conditions de cession à un tiers ainsi que le droit de préemption communal.

7. Actes et conventions

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver les actes notariés rectificatifs avec les époux Cintra Peinado-Taveira De Almeida liés à des actes de bail emphytéotique, revente et vente en futur état d'achèvement d'appartements au complexe Gravity Tower et concernant plus particulièrement les conditions de cession à un tiers ainsi que le droit de préemption communal.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver les actes notariés rectificatifs avec les époux Clipa liés à des actes de bail emphytéotique, revente et vente en futur état d'achèvement d'appartements au complexe Gravity Tower et concernant plus particulièrement les conditions de cession à un tiers ainsi que le droit de préemption communal.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver les actes notariés rectificatifs avec madame Frings liés à des actes de bail emphytéotique, revente et vente en futur état d'achèvement d'appartements au complexe Gravity Tower et concernant plus particulièrement les conditions de cession à un tiers ainsi que le droit de préemption communal.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver les actes notariés rectificatifs avec les conjoints Goucha Gaspar-Rodrigues Mendes liés à des actes de bail emphytéotique, revente et vente en futur état d'achèvement d'appartements au complexe Gravity Tower et concernant plus particulièrement les conditions de cession à un tiers ainsi que le droit de préemption communal.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver les actes notariés rectificatifs avec monsieur Monteiro Dos Santos liés à des actes de bail emphytéotique, revente et vente en futur état d'achèvement d'appartements au complexe Gravity Tower et concernant plus

particulièrement les conditions de cession à un tiers ainsi que le droit de préemption communal.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver les actes notariés rectificatifs avec madame Horta Tavares liés à des actes de bail emphytéotique, revente et vente en futur état d'achèvement d'appartements au complexe Gravity Tower et concernant plus particulièrement les conditions de cession à un tiers ainsi que le droit de préemption communal.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver les actes notariés rectificatifs avec les époux Koch-Mores liés à des actes de bail emphytéotique, revente et vente en futur état d'achèvement d'appartements au complexe Gravity Tower et concernant plus particulièrement les conditions de cession à un tiers ainsi que le droit de préemption communal.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver les actes notariés rectificatifs avec les époux Carvalho Texeira-Nogueira Cardoso liés à des actes de bail emphytéotique, revente et vente en futur état d'achèvement d'appartements au complexe Gravity Tower et concernant plus particulièrement les conditions de cession à un tiers ainsi que le droit de préemption communal.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver les actes notariés rectificatifs avec madame Da Silva Goncalves Da Costa liés à des actes de bail emphytéotique, revente et vente en futur état d'achèvement d'appartements au complexe Gravity Tower et concernant plus particulièrement les conditions de cession à un tiers ainsi que le droit de préemption communal.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver les actes notariés rectificatifs avec les époux Dos Anjos-Alves Pereira liés à des actes de bail emphytéotique, revente et vente en futur état d'achèvement d'appartements au complexe Gravity Tower et concernant plus particulièrement les conditions de cession à un tiers ainsi que le droit de préemption communal.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver les actes notariés rectificatifs avec madame Topulli liés à des actes de bail emphytéotique, revente et vente en futur état d'achèvement d'appartements au complexe Gravity Tower et concernant plus particulièrement les conditions de cession à un tiers ainsi que le droit de préemption communal.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver les actes notariés rectificatifs avec les consorts Soares Lima-Magalhaes Rodrigues liés à des actes de bail emphytéotique, revente et vente en futur état d'achèvement d'appartements au complexe Gravity Tower et concernant plus particulièrement les conditions de cession à un tiers ainsi que le droit de préemption communal.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver les actes notariés rectificatifs avec madame Soares De Macedo liés à des actes de bail emphytéotique, revente et vente en futur état d'achèvement d'appartements au complexe Gravity Tower et concernant plus particulièrement les conditions de cession à un tiers ainsi que le droit de préemption communal.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver les actes notariés rectificatifs avec madame Moreno Barbosa liés à des actes de bail emphytéotique, revente et vente en futur état d'achèvement d'appartements au complexe Gravity Tower et concernant plus particulièrement les conditions de cession à un tiers ainsi que le droit de préemption communal.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver les actes notariés rectificatifs avec madame Arfaoui liés à des actes de bail emphytéotique, revente et vente en futur état d'achèvement d'appartements au complexe Gravity Tower et concernant plus particulièrement les conditions de cession à un tiers ainsi que le droit de préemption communal.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver les actes notariés rectificatifs avec les époux Schwickert-Thein liés à des actes de bail emphytéotique, revente et vente en futur état d'achèvement d'appartements au complexe Gravity Tower et concernant plus particulièrement les conditions de cession à un tiers ainsi que le droit de préemption communal.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver les actes notariés rectificatifs avec les consorts Ribeiro Teixeira-Caracitas Dias liés à des actes de bail emphytéotique, revente et vente en futur état d'achèvement d'appartements au complexe Gravity Tower et concernant plus particulièrement les conditions de cession à un tiers ainsi que le droit de préemption communal.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver les actes notariés rectificatifs avec madame Menghi liés à des actes de bail emphytéotique, revente et vente en futur état d'achèvement d'appartements au complexe Gravity Tower et concernant plus particulièrement les conditions de cession à un tiers ainsi que le droit de préemption communal.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver les actes notariés rectificatifs avec madame Frances Lopes liés à des actes de bail emphytéotique, revente et vente en futur état d'achèvement d'appartements au complexe Gravity Tower et concernant plus particulièrement les conditions de cession à un tiers ainsi que le droit de préemption communal.

Villmools merci, Dir Dammen an Dir Hären. Punkt 7), och en Acte notarié. Do hu mer draï Garagë kaf an der Groussstrooss – dee Projet ass jo scho ganz al – en vue vun enger eventueller Realisatioun, dat ass dann ze kucken, mat Verdichtung an Zersiidlung, vun deem Projet Terrasses de la Ville, dee jo viru Joren ugeduecht ginn ass, mat där Strooss hannendrun, déi jo ugeluecht ginn ass.

Do hu mer geduecht, dass mer eis op de Wee maachen, vu dass dat jo alles eenzel Proprietäre si vun deene Garagen, fir déi lues a lues opzekafen. Wou mer iwwregens och an der Rue du Chemin de Fer op de Wee ginn. Mee dat sinn Aktiounen, déi an d'Zukunft geriicht sinn, mat der Visioun, de Projet Terrasses de la Ville an enger Rei Joren ze realiséieren.

Ech wollt awer och nach soen, dass mer d'Locataire natierlech dra loossen, déi dra sinn. Fir all eenzel Garage hu mer 35.000 Euro bezuelt. Dat ergëtt eng Zomm vun 105.000 Euro fir déi draï Garagen an der Groussstrooss.

Da komme mer zum Vott.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver l'acte notarié concernant l'acquisition de trois garages situés dans la Grand-rue à Differdange.

An da freeë mer eis: Am nächste Punkt, dat ass de 7c, um éischte Stack am Markenhäus besteet d'Demande fir e Contrat de bail mat enger Societéit, déi heescht Laboratoire C2L SARL. D'Madamm stellt Crëmen hier. D'Surface huet 26,62 Meterkaree. Si leeft ënner der Definitioun Laboratoire cosmétique, wou dann och deelweis Bio matverschafft gëtt. De Kontrakt leeft den 1. Abrëll 2023 un, fir ee Joer, bis den 31. Mäerz 2024. De Loyer mensuel ass 339,86 Euro hors TVA.

Ech bieden Iech, dëse Contrat de bail matzestëmmen. Mir si frou, well d'Demanden huelen ëmmer méi zou. Madamm Pregno.

SCHÄFFE LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):

Merci fir d'Wuert. Ech hu genau dat nämmelecht geduecht, dass mer an deene leschte Gemengeréit ëmmer erëm nei Baile gestëmmt hunn. Ech mengen, dat ass fir all Partei a virun allem fir d'Bierger an d'Biergerinnen dobaussen eng immens flott Saach, dass mer lues a lues erëm an en Déifferdeng kommen, an en alen Zentrum kommen, wou erëm méi Aktivitéit stattfënnt. Mir wësse jo, dass d'Entrée en ville sech e bëssen hinzitt a mir fäerte jo ëmmer, dass eisen alen Zentrum ofstierft. An ech denken, mat esou klengen Bailen, vu sou klengen Entreprises, dass mer genau deem géigesteieren. Mir begrëssen absolutt dës Contrat-de-bailen. Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Villmools merci, Madamm Pregno. An ech soe Merci fir déi Aarbecht och vun der Cellule socio-économique, wéi mer se jo elo nennen, dass mer net méi City-Management soen, déi hannendru sinn an déi sech engagéieren. Här Hartung.

Christiane Brassel-Rausch passe à un acte notarié. La commune a acquis trois garages dans la Grand-rue dans le cadre du projet des terrasses de la Ville. La commune souhaite racheter petit à petit les garages en question, qui appartiennent tous à des propriétaires différents. Le collège échevinal pratique d'ailleurs la même politique dans la rue du Chemin-de-Fer. Bien entendu, les locataires peuvent continuer à utiliser les garages. Le prix d'un garage se monte à 35 000 €, ce qui représente 105 000 € pour les 3 garages. (Vote) Christiane Brassel-Rausch passe à un contrat de bail avec la société Laboratoire C2L SARL pour le premier étage de la maison Émile-Mark. La société produit des cosmétiques. La surface fait 26,62 m2. Le contrat court du 1er avril 2023 au 31 mars 2024. Le loyer s'élève à 339,86 € hTVA. Christiane Brassel-Rausch demande au conseil communal d'approuver le contrat.

LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG)

constate que les contrats de bail se sont multipliés au cours des derniers mois. Cela devrait réjouir tous les partis politiques et tous les habitants de Differdange. Le centre-ville accueille de nouvelles activités. Le conseil communal craint que le centre historique ne finisse par déperir, mais de petites entreprises comme celle dont il est question aujourd'hui sont utiles dans ce contexte. Les écologistes approuveront le contrat de bail.

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)

remercie la cellule socioéconomique pour son travail. Il s'agit du nouveau nom du city management.

7. Actes et conventions

JERRY HARTUNG (CSV) *se réjouit à son tour de l’augmentation des demandes. On voit enfin la lumière au bout du tunnel. Le laboratoire qui va ouvrir représente une plus-value pour Differdange. La propriétaire, madame Céline Coelho, a été récompensée par Luxembourg Let’s Make It Happen pour un baume visant à réduire le nombre de produits cosmétiques qu’il est nécessaire d’utiliser. L’entreprise pratique donc l’économie circulaire et durable. La maison Émile-Mark accueille d’ailleurs déjà une maquilleuse de sorte qu’une symbiose semble possible.*

FRED BERTINELLI (LSAP) *a de la compréhension pour le fait que le collège échevinal se félicite lui-même. Mais le tunnel fait encore plusieurs kilomètres. Les socialistes sont contents que le centre-ville redevienne plus dynamique. Fred Bertinelli est moins euphorique que la majorité, mais cela dépend du côté du banc.*

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG) *n’est pas euphorique, mais contente. Bien entendu, il ne s’agit pas du bout du tunnel. Mais ce sont de premiers pas importants pour revitaliser la zone piétonne. Par ailleurs, monsieur Bertinelli doit comprendre que le vieux Differdange n’existe plus. Il faut en être conscient. Il faut donc adapter le centre aux besoins et envies des gens. Christiane Brassel-Rausch voudrait aussi d’un centre-ville comme dans le passé, mais il va changer. Le collège échevinal espère être sur la bonne voie. La bourgmestre n’a pas de boule de cristal, mais elle pense que ce n’est qu’un début.*
(Vote)

JERRY HARTUNG (CSV):

Merci. Ech si frou ze héieren, datt d’Demanden ëmmer méi zouhuelen. Dat weist, datt endlech Luucht um Enn vum Tunnel ass, datt een déi gesäit. Besonnesch och elo déi Entreprise oder dee Laboratoire, deen heihinnerkënnt, wat eng Plus-value fir Déifferdeng duerstellt. Ech hat e bësse recherchéiert. D’Inhaberin, d’Madamm Céline Coelho, hat bei der Économie circulaire „Luxembourg – Let’s make it happen“ matgemaach, wou se ausgezeechent gouf fir, ech liesen et vir, „Baume produit localement visant à réduire le nombre de produits cosmétiques dont une personne à besoin pour son hygiène personnelle“. Dëse Produit fënnt een, ënner anerem, an de Regaler vun dem Luxembourg Shop.

Déifferdeng wëll eng Économie circulaire an Nohaltegkeet. Deemno passt d’Konzept vun dësem Laboratoire C2L gutt hei hin.

Ech mengen och am Kader vum FUSIL-LI. An och, wann ee bedenkt, datt am Markenhaus schonn eng aner Makeup-Artistin ass, kéint do eng kommerziell flott Symbios entstoen.

Dës Entreprise ass eng flott Reklamm a gutt fir den Image vun Déifferdeng. Mir stëmmen dat esou mat. Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Hartung. Här Bertinelli.

FRED BERTINELLI (LSAP):

Dir sidd begeeschtert. An dat ass jo och richteg, och datt Der Iech selwer op d’Schëller klappt. Ech hu jo och näischt dogéint. Mee deen Tunnel ass awer laang, wat Der do gesot hutt. Deen huet e puer Kilometer, fir Déifferdeng erëm esou hinzekréien, wéi et eng Kéier war.

Och mir vun der LSAP si frou, datt mer erëm Liewen an eis Stad kréien. Mir müssen eis wierklech alleguerten zesumme vill, vill dru ginn, datt mer do erëm eng Geschäftswelt hikréien, déi ech am Moment um Buedem gesinn.

Mir hunn elo d’Nouvelle kritt, datt erëm eppes Neies opgeet. Ech si manner euphoresch wéi Dir, mee dat huet eppes mat de Sëtz vun de Still ze dinn. Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Bertinelli. Ech sinn elo net euphoresch, mee ech sinn einfach frou. Dass den Tunnel laang ass, wësse mer och. An dass mer nach ëmmer viru ganz groussen Erausfuerderunge stinn. Däers si mer eis bewosst. Mee et sinn déi éischt Schrëtt, vläicht an déi richteg Richtung, dass iwwerhaupt emol erëm an déi Foussgängerzon do Liewe kënnt, dass iwwerhaupt mol erëm Leit do zirkuléieren.

Ech mengen, dat ass am Interêt vun eis all. A wat mer ganz wichteg ass, Här Bertinelli, ech hunn et och schonn op der AG d’lescht Joer vun der ACOMM gesot, Dir waart och do: Dat aalt Déifferdeng kréie mir net erëm. Däers musse mer eis bewosst sinn.

Et ass un eis, de Stadkär un de Besoin an un de Wëlle vun de Leit unzepassen, dass se gären dohinner kommen. Ech mengen, mir kënnen eis net drop festsetzen a soen, mir hätten dee Stadkär gär, wéi e war. Ech hat de Commerçanten dat och gesot. En ännert. Wichteg ass, an dat hu Recherchen erginn, dass de Stadkär dat gött, wat d’Leit brauchen a wat d’Leit wëllen. Da gött en och ugeholl an da gött en och beliebt. An ech hoffen, dass mer op deem Wee sinn.

Ech hu keng Glaskugel, mee wéi soe se sou schéin: Ce n’est qu’un début. Ass et esou?

Wann et keng weider Wuertmeldung gött, komme mer zum Vott.

Le conseil communal décide à l’unanimité d’approuver le contrat de bail avec Laboratoire C2L SÀRL concernant un local au 1er étage de la maison Émile-Mark à Differdange.

7. Actes et conventions

De Punkt 7) ass éischter eng kleng Formalitéit. Et geet ëm de Contrat de bail mat der Stad fir en Atelier d’artiste. Dat ass den Här Farshad Afsharimehr, deen d’Maison Depienne an 80, rue de Rodange op der Zowaasch kritt ab de 15. Februar fir ee Joer an zu engem Loyer vun 200 Euro.

Madamm Wohl.

NICOLE WOHL (DÉI GRÉNG):

Merci fir d’Wuert. D’Initiativ viru Joren, déi Ateliere fir d’Kënschtler zur Verfügung ze stellen, war eng ganz gutt. An ech fannen et flott ze héieren, dass ëmmer erëm nei Kënschtler Interessi hunn an op déi Manéier en Atelier fannen. Wat och flott ass, wat jo och am Kontrakt steet, dass se bei de Porte-ouvertes vun den Ateliere matmaachen an d’Obligatioun hunn, bei enger kollektiver Ausstellung matzemaachen. Soudass dann och de Bierger kann dovunner profitéieren an en Abléck kritt a sécher interessant Decouvertë maache kann.

Mir stëmmen dëse Punkt.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Madamm Wohl. Da komme mer zur Ofstëmmung.

Le conseil communal décide à l’unanimité d’approuver le contrat de bail avec monsieur Farshad Afsharimehr pour un atelier d’artiste à Lasauvage.

Merci. Am Punkt 7) geet et ëm e Contrat de bail vun enger Maison unifamiliale, Rue St. Pierre zu Nidderkuer. Dat Haus ass bekannt als Paschtoueschhaus. Dir wësst, dass mer dem Klerus dat Haus, nodeem mer en neie Paschtouer kritt hunn, net méi zur Verfügung gestallt hunn, well et e grousst Haus ass.

Et ass mer wierklech eng Freed ze soen, dass dat Haus elo eng Famill kritt huet aus der AIS Kordall mat dräi Kanner, déi elo dat flott, schéint Haus zu engem

abordabele Präis kréien. Déi Leit sinn ausgewielt ginn no eise Krittären des logements communaux, déi mer hei den 22. Juli ofgestëmmt hunn.

Just als Informatioun: Op eisen Appell fir een Haus sinn iwwer 100 Demanden erakomm. A vun deenen iwwer 100 Demandë waren der 66 komplett. Déi Krittäre sinn zesummen ausgeschafft ginn, do ware jo Leit derbäi. Mir si frou, där Famill een Doheem ze ginn.

Madamm Wohl.

NICOLE WOHL (DÉI GRÉNG):

Ech deelen dat selbstverständlech, wat elo grad gesot ginn ass. Ech wollt awer preziséieren, fir d’Bierger dobaussen, dass et d’Rue St. Paul ass.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Et steet och Rue St. Paul hei. Ech hu Rue St. Pierre gesot.

NICOLE WOHL (DÉI GRÉNG):

Dir hat Rue St. Pierre gesot. Ech mengen, et ass et wichtegen Detail.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Jo, Rue St. Paul. Ma dat ass gutt, da lauschtere se mer no.

D’Haus huet 370 Meterkaree, wéi gesot, mat dräi Kanner. De Loyer mensuel ass 1.498 Euro, wat jo fir esou e grousst Gebai ganz abordabel ass, fänkt de 15. Mäerz 2023 un an ass op ee Joer ugeluecht.

Da komme mer zum Vott.

Le conseil communal décide à l’unanimité d’approuver le contrat de bail avec les conjoints Dosso Sita-Kambou Abdoulaye concernant une maison unifamiliale dans la rue Saint-Paul à Niederkorn.

Christiane Brassel-Rausch passe à un contrat de bail pour un atelier d’artiste au 80, rue de Rodange. Le bail commence le 15 février et le loyer s’élève à 200 €.

NICOLE WOHL (DÉI GRÉNG) *trouve que l’idée de proposer des ateliers aux artistes était bonne. Elle se réjouit du fait que la demande reste forte. Les artistes doivent tenir des portes ouvertes et participer à une exposition collective pour que les Differdangeois puissent profiter de leur présence.*
(Vote)

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG) *passe au contrat de bail d’une maison dans la rue Saint-Pierre. Il s’agit du presbytère. Cette grande maison n’est plus mise à disposition du curé.*

Désormais, c’est une famille avec trois enfants qui en profitera grâce à l’AIS Kordall. Elle a été choisie sur la base des critères pour les logements communaux approuvés par le conseil communal le 22 juillet. Cent candidats ont répondu à l’appel. Soixante-six demandes étaient complètes. Christiane Brassel-Rausch est contente que cette famille ait trouvé un logement.

NICOLE WOHL (DÉI GRÉNG) *précise qu’il s’agit de la rue Saint-Paul.*

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG) *constate que le contrat est correct. Elle s’est trompée quand elle a dit que c’était la rue Saint-Pierre.*

NICOLE WOHL (DÉI GRÉNG) *trouve le détail important.*

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG) *confirme que c’est la rue Saint-Paul. La maison fait 370 m². La famille a trois enfants. Le loyer s’élève à 1498 €, un prix abordable. Le contrat démarre le 15 mars 2023.*
(Vote)

7. Actes et conventions

Christiane Brassel-Rausch passe à l'exploitation du gite de Lasauvage dans le cadre du Minett Trail.

TOM ULVELING (CSV) *explique que le gite va ouvrir aujourd’hui. Il fait partie des 11 gites du Minett Trail, qui relie 11 communes sur 90 km. L’Office régional du tourisme du Sud a lancé un appel à candidatures pour un locataire-exploitant. Celui-ci devra s’occuper du système de réservation, des premiers aménagements, de l’entretien, de la surveillance... Il pourra proposer des forfaits comprenant par exemple le petit déjeuner. Le locataire est tenu d’exploiter le gite 365 jours par an.*

Le fonctionnement exact des gites dépend de la commune. Certaines demandent un loyer mensuel; d’autres reçoivent un pourcentage du prix de location des nuitées. Dans un premier temps, Differdange demandera 30 % du prix de location à partir du 1^{er} aout. La commune réévaluera le loyer après un an. Les charges locatives comme le gaz, l’électricité, l’eau et les taxes communales ne sont pas incluses. L’exploitant est censé gérer le gite en bon père de famille et effectuer les petites réparations. Le propriétaire est en revanche responsable du remplacement du mobilier. Tom Ulveling estime que le contrat est bien ficelé. Gérer 11 gites n’a rien d’évident et il espère que l’exploitant réussira à joindre les deux bouts. Il s’agit de la société Simple-viu d’Esch-sur-Alzette.

ERIC WEIRICH (DÉI LÉNK) *remercie monsieur Ulveling pour ses explications. Il se dit content que ce contrat figure à l’ordre du jour. Il a fallu du temps pour construire les 11 gites, qui auraient dû ouvrir l’année dernière. Il se réjouit également qu’on ait trouvé un exploitant pour chaque commune n’ait pas à s’occuper de son propre gite.*

Eric Weirich s’est rendu sur place. Le site est géré de manière professionnelle. De nombreuses nuitées sont déjà réservées. C’est un chouette projet. Le Minett Trail fait 90 km à travers le sud du pays. Les gites représentent la cerise sur le gâteau et

Merci. Punkt 7), Exploitation hôtelière des gites touristiques du Minett Trail. Et geet ëm d’Gerance vun eisem Gite op der Zowaasch. An dofir géif ech d’Wuert un den Här Ulveling weiderginn.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Madamm Buergermeeschter, merci fir d’Wuert. Dee Gite sollt haut opgoen. Et geet ëm d’Lokatioun vun deenen eelef Gitten, déi am Kader vun Esch 2022 ëm de Minett Trail opgaange sinn oder gebaut si ginn. Déi Gitte si verbonnen duerch ee Spadséierwee vun 90 Kilometer, deen duerch déi eelef Gemeinde geet.

Den Office Régional du Tourisme du Sud huet versicht, en Exploitant ze fan- nen. En huet dat och ausgeschriwwen, fir dës eelef Gitten ze geréieren.

De Locataire-exploitant, wéi e genannt gëtt, dee muss sech bekëmmeren ëm d’Mise en place vun engem Système de réservation, ëm d’Premiers aménagements, ëm Housekeeping, also ëm d’Botzen an den Entretien vun de Saachen, ëm d’Gestioun vum Accès, d’Gestioun vun der Surveillance an och de klengen Entretien. E ka Petit déjeuner ubidden respektiv soss Packagé fir d’Leit, wou se ze iesse kréien. De Locataire muss déi Gitten 365 Deeg pro Joer exploitéieren an en ass zoustänneg fir allméiglecht Botzen, vun de Kummen, de Kichen, de Buedzëmmeren an esou weider.

Dir gesitt, dass jiddwer Gemeng e bëssen en anere System fixéiert huet. Déi eng froen e Loyer mensuel, anerer froen e Pourcentage vun de Prix de location des nuitées vendues. Mir sinn och op déi Spart geklommen. Mir froen an enger éischter Phas 30 % vum Prix de location des nuitées vendues. An dat vum 1.8. un. Virdrun hate mer dem Mann et gratis iwwerlooss. Vum 1.8.2023 u wäerten 30 % an d’Gemengekeess fléissen.

No engem Joer gëtt dat Ganzt reevaluéiert. Et steet och am Kontrakt, dass de Locataire Charges locatives, wéi Gas, Waasser, Elektresch, Entretien, Taxes communales an esou weider muss bezuelen. Déi sinn also net inclus am Montant du loyer mensuel.

Fir de Rescht muss en dat Ganzt en bon père de famille geréieren. E muss eis soen, wann eppes futti respektiv deterioréiert ass. Hie muss fir déi kleng Reparatiounen opkommen, fir de Remplacement vun den Équipements mobiliers, dofir ass de Propriétaire zoustänneg.

Ech mengen, et ass e gudde Kontrakt, dee mer hei hunn. An ech hoffen, well et jo awer net einfach ass – muss een éierlech zouginn –, fir eelef Gitten op eelef verschiddene Plazen ze geréieren, dass de Mann mat deem Kontrakt hei iwwert d’Ronne kënnt. Mir wënschen him jiddefalls vill Succès.

Et ass d’Firma Simpleviu vun Esch. Ech géif Iech bieten, dëse Kontrakt ze stëmmen.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Ulveling. Här Weirich.

ERIC WEIRICH (DÉI LÉNK):

Merci fir d’Wuert, Madamm Buergermeeschtesch. Merci och fir d’Erklärungen, Här Ulveling.

Ech si frou, dass mer haut dee Kontrakt hei kënne stëmmen. Et gouf jo schonn e puermol ugesat, fir dee Kontrakt hei zustanen ze bréngen. Et hat sech e bësse gezunn, bis déi Gitten iwwerhaupt ukomm sinn, gebaut goufen. Et sollt jo schonn d’lescht Joer alles opgoen. Et huet sech verzunn an esou weider an esou fort.

Dat ass eng ganz gutt Nouvelle, dass mer dee Kontrakt haut ënnerschreiwen, mat deem enge Bedreiwer, no deem jo laang gesicht gouf, fir déi eelef Gitten ze bedreiwen, fir dass net all Gemeng sech selwer drëms këmmere muss.

Ech war op säi Site kucken, dat ass ganz professionell gemaach. Et si scho vill Nuitéeë gebucht. Wat jo eigentlech e gutt Zeechen ass. Et ass och e flotte Projet, dat hu mer och scho méi oft hei gesot. De Minett Trail mat 90 Kilometer Wanderweeër, déi an der ganzer Südregioun nei ugeluecht goufen. Dat do ass d’Kiischt um Kuch mat deene Gitten, wou een nom Wanderen a ver-

schiddene Gitten iwwernuechte kann. Wat touristesch eng super Plus-value ass fir eis Gemeng an eis Regioun am Allgemengen.

Ech schléisse mech dem Här Ulveling un. Ech wënschen dem Mann alles Guddes vun dëser Plaz. Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Weirich. Här Schwachtgen.

FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG):

Ech schléisse mech de Wieder vum Här Weirich un. Ech wënschen der Société Simpleviu Bonne chance a vill Gléck an hirem schwierigen Ufank. Bis dat agerappt ass, wäert et e bësse méi kaschten.

Meng Fro ass: Mir gi jo dem ORT u sech eis Propriétéit zur Verwaltung. Si mir rechtlech iwwert de Kontrakt mam ORT ofgeséchert? Dat heescht Reklamatiounen oder Problemer, déi elo mat deem Kontrakt entstinn, déi musse vum ORT geléist ginn. D’Gemeng huet jo dann an deem Sënn näischt dermat ze dinn.

Wann awer elo, duerch héier Ëmstänn an esou virun, d’Gemeng am Feeler wier oder an der Schold wier, wéi leeft dat tëschent ORT an der Gemeng oder an de Gemengen of? Et sinn der jo dann eelef. Wéi ass dat gereegelt? Do sinn ech mer net ganz kloer. An dat war och eng Fro, déi ech gestallt kritt hunn.

Et sinn eng Partie Stolpersteng an deem Kontrakt, wou mir jo näischt dermat ze dinn hunn am Prinzip. Dofir froen ech mech, ob mir de Kontrakt musse stëmmen, well den ORT ass hei den ...

(Ënnerbriechung)

Jo, mir mussen de Kontrakt guttheeschen. Mee e gëtt awer tëschent engem anere Betrib an enger ASBL, dem ORT ofgeschlossen.

Ech huelen ee Punkt eraus: De Locataire ass verpflichtet, déi eelef Kabaisercher permanent um Fonctionéieren ze hunn. Wann nëmmen eent net fonctionéiert, ass dat eng Faute grave fir de

7. Actes et conventions

Locataire. Da kann deen erausgehäit ginn, steet textuellement dran.

Ech wëll elo net den Däiwel un d’Mauer molen, mee ugeholl, dat géif passéieren, den ORT, wou mir jo keen Afloss drop hunn, géif soen: Schluss mam Kontrakt.dDa wiere mir vun haut op muer mat enger Liste de réservation, déi scho gemaach ass, behaft an et géif sonndes mueres ugeruff ginn: „Mir si virum Kabaischen, mir kommen net eran“, eng Famill mat Kanner. Wéi si mer do ofgeséchert als Gemeng? Dat ass de Punkt, deen ech wollt hei opwerfen. Dass dat nogekuckt gëtt, an dass dat och kloer gëtt.

Ech wëll net den Däiwel am Detail sichen, mee ech mengen, et wier awer ganz wichteg, wa mer do Kloerheet géife kréien. Ech si kee Jurist an ech sinn och net an deene Saachen dran. De Moment gesäit et jo esou aus: Wa verlount gëtt, kréie mir 30 % vum Loyer an dann huele mer déi a mer hunn näischt méi dermat ze dinn. Am Fall, wou d’Stolpersteng ze grouss ginn, wéi kënne mer da reagéieren oder wéi si mer dann an der Verpflichtung? Et ass dat, wat ech wësse wëll.

An deem Sënn wënschen ech awer dem Projet, no villen Ufanksschwieregkeeten an no villen Diskussiounen ëm déi verschidde Kabaisercher, vill Chance.

Mam Site Lasauvage hu mer eng vun deene beschten Optioune getraff, fir schonn eppes Gebautes nei auszerüsten an nei hierzustellen, amplaz eppes Experimentelles an der Landschaft stoen ze hunn, wou mer net wëssen, wat dermat passéiert.

Un der Gemeng ass et elo, Verantwortung ze iwwerhuelen, dass dat ronderëm um Site Lasauvage weider klappt oder nach ausgebessert gëtt. Ech denken do un eng kleng Epicerie an esou virun, déi dem Site touristique an och de Leit vu Lasauvage géif zegutt kommen.

D’Beschëlderung vun de Bësch- an de Wanderweeër misste mer op de Leescht huelen a wierklech on top setzen, soss hu mer nach méi wéi eng Kéier een, dee sech do net méi erëmfënnt.

Des Weidere wier et mäin Uleies, lues a lues den Territoire Naturel Transfron-

constituent une plus-value pour le tourisme.

Eric Weirich souhaite bonne chance à l’exploitant.

FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG) *s’associe à ce que vient de dire monsieur Weirich et souhaite bonne chance à la société Simple-viu, dont les débuts ne seront pas faciles.*

Frenz Schwachtgen constate que les réclamations et les problèmes dans le cadre de ce contrat seront gérés par l’ORT. La commune n’est pas directement concernée. Mais que se passerait-il si une des 11 communes était dans l’erreur? Comment cela est-il réglé?

En principe, la commune n’a rien à voir avec ce contrat. Frenz Schwachtgen se demande donc pourquoi le conseil communal doit l’approuver. (Interruption) Frenz Schwachtgen a bien compris que la commune doit approuver le contrat. Mais ce contrat est conclu entre l’ORT et une ASBL.

À titre d’exemple, les 11 gites doivent fonctionner en permanence. Si un des gites ne fonctionnait pas, il s’agirait d’une faute grave et l’exploitant pourrait être licencié. Si l’ORT prenait une telle décision, la commune se retrouverait du jour au lendemain avec une liste de réservations. Comment ce type de situations est-il géré? Frenz Schwachtgen ne veut pas couper les cheveux en quatre, mais il estime qu’un tel contrat doit être clair. La commune va toucher 30 % du loyer. Pour le reste, elle n’a rien à voir avec la gestion du gite. Mais qu’arrivera-t-il en cas de problèmes?

En tout cas, le conseiller communal souhaite bonne chance au projet. Differdange a préféré réaménager un site existant au lieu de se lancer dans des expérimentations. Désormais, il reste à améliorer les alentours du site. Frenz Schwachtgen pense à une petite épicerie et une meilleure signalisation des sentiers forestiers.

Frenz Schwachtgen voudrait par ailleurs renforcer la collaboration avec les communes françaises voisines dans le cadre du Territoire na-

7. Actes et conventions

turel transfrontalier et créer un circuit de promenade.

GUY TEMPELS (CSV) *souhaite à son tour bonne chance au gérant. Il n’est pas d’accord avec une des remarques de monsieur Schwachtgen. De nous jours, les gens veulent passer la nuit dans des endroits insolites comme un wagon de train. Quel est le tarif pour une nuitée dans le gite?* *D’autres communes demandent un bilan annuel. Ce serait une bonne chose.*

ERNY MULLER (LSAP) *rappelle qu’il est question de ce projet depuis longtemps. Les idées étaient nombreuses. Le moment est maintenant venu de les mettre en application. Erny Muller espère que l’exploitant va réussir. Il estime que la commune devra se montrer patiente et le soutenir pour que ce projet fonctionne. Contrairement à monsieur Schwachtgen, Erny Muller apprécie aussi les projets des autres communes, qui sont originaux. Il espère que les gens en profiteront à Lasauvage comme ailleurs.*

En ce qui concerne les conditions, il rappelle que l’ORT n’est pas une société à impact commercial. Il ne peut ni louer un bien ni le vendre, car c’est un syndicat. C’est ce qui explique la relation commerciale avec la commune même si la coordination est assurée par l’ORT. Mais en cas de problème d’un autre ordre, le contrat renvoie à la commune. En d’autres termes, si le contrat n’était pas respecté, l’ORT pourrait attirer l’attention sur ces points. Mais pour tout ce qui concerne les finances, la responsabilité est du côté de la commune. Erny Muller rappelle que d’autres gîtes sont prévus à Lasauvage, ce qui est une bonne chose. Mais il voudrait que ces gîtes fonctionnent avec l’auberge An der Schoul. Par exemple, si des enfants sont en stage de musique ou de sport à l’auberge, leurs parents pourraient séjourner dans les gîtes. La commune gèrerait donc directement ces structures. Les socialistes approuveront le contrat.

talier zesumme mat Zounen, Héiseng, Herserange a Moulaine ze erweideren, wou d’Leit e Rondwee, e Rondparcours mam Vëlo kéinte maachen. Dat wier e weideren Attrait an et wier international an deem Sënn. Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Schwachtgen. Här Tempels.

GUY TEMPELS (CSV):

Merci. Vill Explikatioune si scho gefall. Natierlech wënsche mir deem neie Gerant, deem déi eelef Sitte soll geréieren, vill Succès. D’Leit sichen haut – ech sinn do net dem Här Schwachtgen senger Meenung –, speziell Plazen, wou se kënnen iwwernuechten, zum Beispill e Waggon. D’Leit sichen haut Saachen, déi net aldeeplech sinn, loosse mer mol esou soen.

Ech hunn eng Fro an eng Suggestioun. D’Fro: Ass en Tarif festgeluecht, wat eng Nuecht kascht an eisem Gite?

Suggestioun: Verschidde Gemenge froen no engem Joer e Bilan ofzeleeën, wéi et leeft oder wéi et gelaf ass. Dat wär vläicht och eng Saach, déi net schlecht wär. Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Tempels. Den Här Muller.

ERNY MULLER (LSAP):

Deemools, wéi ech mech ëm den Tourismus bekëmmert hunn a Member vum ORT Sud a souguer am Pro-Sud war, ass schonn iwwert dee Projet hei geschwat ginn. Dat ass schonn e puer Joer hier, dat ware ganz gutt Iddien an Initiativen. An elo ass et esou wäit, dat a Musek ëmzesetzen.

Ech kann och dem Exploitant nëmme wënschen, dass et reusséiert. Et ass keng einfach Missioun. Mir mussen do och e bësse gedëlleg sinn an och vläicht net ze hefteg reagéieren am Ufank, mee, dat ass jo schonn hei gesot ginn, ënner-

stëtzend awierken an da sinn ech och iwwerzeegt, dass dat klappt.

Ech wollt allerdéngs soen, Här Schwachtgen, ech fannen déi aner Projeten och schéin. Se sinn alleguer originell. Eisen och. Mee och déi aner sinn derwäert, wou d’Leit flott Openthalter hunn. Mee mir hoffen natierlech, datt se och op Lasauvage laanschtkommen.

Nach ee Wuert zu de Konditiounen. Also eent ass kloer, dat hate mer och schonn deemools diskutéiert am ORT Sud, den ORT Sud ass keng Gesellschaft à un impact commercial. Si kënnen weeder direkt Locatioun maachen, nach eppes verkafen an esou weider. E Syndikat kann dat net. An duerfir och déi Relation commerciale direkt mat der Gemeng, sou wéi ech dat gesinn.

Selbstverständlech mécht d’Koordinatioun den ORT Sud, well et eeben eelef Sitte sinn. An dat ass och gutt esou. Mee ech mengen, wann do aner Problemer optauchen, dann ass de Kontrakt direkt mat der Gemeng. An déi finanziell Ugeleeënheeten, wann de Kontrakt net agehale gëtt, da kéint den ORT Sud och de Fanger drop weisen a soen: Et si verschidde Saachen net an der Rei. Mee déi direkt finanziell Saach, déi leeft direkt iwwert d’Gemeng.

Ech hunn nach eng Ureegung: Mir kréie jo nach där Gitten dohin. Dat ass och ze begréissen. Ech hat et schonn eng Kéier gesot, déi géif ech léiwer gesinn zesumme funktionéierend mat eiser Auberge à l’école. Dass mer do och Méiglechkeeten hätten, wann zum Beispill an der Auberge à l’école Kanner am Stage sinn, ob dat am Sportsberäich, Museksberäich oder soss engem ass, dass d’Elteren zum Beispill kéinten an deene Lokalitéite vun deene spéidere Gitte wunnen. Dass mir eng direkt Handhab hätten op déi zukünfteg Infrastruktur.

Fir de Rescht ënnerstëtze mir dat hei selbstverständlech als LSAP. Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Muller. Här Ulveling.

7. Actes et conventions

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Ech wollt dem Här Tempels äntweren. Souwäit ech informéiert sinn, ass d’Locatioun tëschent 150 an 180 Euro den Dag, fir e ganzt Haus allerdéngs. An enger éischer Phas gëtt d’ganzt Haus verlount. Net wéi am Ufank geduecht, wou d’Iddi war, véier separat Zëmmeren – jiddwer Zëmmer huet jo eng Nasszelle – eenzel ze verlounen. Dat ass elo net envisagéiert, mee dat kann een awer an enger spéiderer Phas maachen, wann et mol bis richtig uleeft. Elo an enger éischer Phas gëtt dee ganze Gite in toto verlount. Fir dee Präis, deem ech Iech grad gesot hunn.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Ulveling. Här Muller, ech fannen Är Bemierkung gutt. Wann d’Gitte bis fäerdeg sinn – dat dauert jo nach –, an ech mengen och, dass et eppes Flottes gëtt, wann déi véier Haier fir d’Touristen do sinn, hate mir mol an enger éischer Phas ugeduecht, dass mer géifen dem Exploitant eis dräi Gitte matzegeréiere ginn, prakteschkeetshalber. En ass sur place, en huet Botzpersonal do an esou. Ob een him d’Schoul dann net och mat an d’Locatioun gëtt. Mir huelen dat mat, well d’Iddi ass gutt. Déi fannen ech u sech an deem Sënn net schlecht.

Well wann d’Gemeng fir all eenzelt Haus muss eroffueren, e Bett frësch opzéien an esou – mir mussen et jo och praktesch kënnen maachen. An da kann ee sech jo iwwerleeën, ob een dann net vläicht d’Schoul ...

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Et ass mindestens nach ee Joer.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Et dauert jo nach mindestens ee Joer. Da kommt, mir loossen dem nächste Schäfferot och nach e bëssen Aarbecht. Da komme mer zur Ofstëmmung.

Le conseil communal décide à l’unanimité d’approuver le contrat de bail et d’exploitation hôtelière des gîtes touristiques du Minett Trail.

Villmools merci. Fir den nächste Punkt, de 7), ginn ech d’Wuert un den Här Mangen. Do geet et ëm d’Konventioun 2023 tëschent der Stad Déifferdeng an dem Club Senior Prënzebierg.

SCHÄFFE ROBERT MANGEN (CSV):

Merci, Madamm Buergermeeschtesch. Dat hei ass eng Flichtübung, déi alljärelech Konventioun tëschent dem Familljeministère, dem Club Senior an deene véier Gemengen: Suessem, Péiteng, Käerjeng an Déifferdeng.

E kuerze Rappel: De Club Senior bitt soziokulturell a sportlech Aktivitéite souwéi Formatiounen an diverse Beräicher fir Leit iwwer 50 Joer un. Dëst soll d’Zesummeliewe vun därer Altersgrupp an onse Géigende fërderen a preventiv géint de sozialen Isolement wierken.

Dir kritt jo als Gemeengevertrieder reegelméisseg de Programm geschéckt. Do gesitt Dir, wat fir eng breetgefächert Offer vun Aktivitéite se ubidden.

D’Prestatioune vum Club Senior solle sech mindestens op 46 Wochen d’Joer verdeelen. Dat weinstens véiermol an der Woch mat enger Presenz vun 20 Stonnen.

D’Personalkäschte vu 568.000 Euro ginn zu 87 % vum Familljeministère gedroen. Déi reschtlech 13 % ginn ënner de véier Gemengen opgedeelt. D’Raimlechkeeten, d’Botzen, d’Waasser, d’Elektresch ass alles op Käschte vun de Gemengen. De Staat dréit 10.000 Euro bäi fir d’Funktionskäschten.

Zweemol am Joer gëtt eng Plattform ofgehalen, wou déi dräi Partner sech gesinn an iwwert d’Funktionsweis an d’Zukunftsperspektive vum Club Senior beroden.

De Club Senior gëtt aktuell vun néng Leit betreit, dovun dräi mat enger Voll-

TOM ULVELING (CSV) *ajoute que le montant de la location se situe entre 150 € et 180 € par jour pour toute la maison. Au départ, la maison sera, en effet, louée dans son entièreté même si elle dispose de quatre chambres. Mais cela pourra évoluer plus tard.*

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG) *trouve la remarque de monsieur Muller bonne. Le collège échevinal réfléchit pour des raisons pratiques de demander à l’exploitant de gérer les trois autres gîtes. En effet, il dispose par exemple déjà de personnel de nettoyage. Mais dans ce cas, il pourrait aussi gérer l’auberge. Christiane Brassel-Rausch voit mal la commune se rendre chaque jour dans chaque maison pour refaire les lits.*

TOM ULVELING (CSV) *signale que la question se posera dans un an.*

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG) *propose de laisser un peu de travail au prochain collège échevinal. (Vote)* *Christiane Brassel-Rausch passe à une convention avec le Club Senior Prënzebierg.*

ROBERT MANGEN (CSV) *explique qu’il s’agit d’une convention annuelle entre le ministère de la Famille, le Club Senior et les communes de Sanem, Pétange, Käerjeng et Differdange. Le Club Senior propose des activités sportives et socioculturelles ainsi que des formations aux gens de plus de 50 ans. Les conseillers communaux reçoivent régulièrement le programme de ces activités. Les prestations doivent avoir lieu au moins 46 semaines par an et 4 fois par semaine. Les frais de personnel se montent à 568000 €, dont 87 % sont à la charge du ministère de la Famille. Les 13 % restant sont financés par les quatre communes. Les communes financent aussi les locaux, l’entretien, l’eau, l’électricité... L’État participe aux frais de fonctionnement à hauteur de 10000 €. Les trois partenaires se rencontrent deux fois par an. Le Club Senior compte neuf employés. Madame Geneviève Faber*

7. Actes et conventions

est chargée de direction. Robert Mangen la remercie ainsi que toute son équipe.

NICOLE WOHL (DÉI GRÉNG) annonce que les écologistes approuveront la convention. Le Club Senior aide les gens à rester autonomes. Il est important de les orienter vers des solutions auxquelles ils n'avaient pas forcément pensé.

Le Club Senior est ouvert aux personnes de plus de 50 ans ainsi qu'aux personnes se préparant à la retraite. Tout le monde peut participer aux activités du club. La dernière brochure fait 95 pages. Les activités sont variées et incluent la cuisine, la gymnastique, la danse, des excursions... Le 1^{er} avril aura lieu un café des langues où l'on pourra discuter en luxembourgeois, français, portugais et italien. Nicole Wohl souhaiterait que ce type d'activités soient développées dans le bassin de la Chiers avec plus de langues encore.

Le plus important, c'est que le Club Senior permet aux personnes âgées de rester actives mentalement et physiquement. Les écologistes saluent cette convention et remercient le Club Senior.

CHRISTIANE SAEUL (DP) rappelle que le Club Senior s'adresse aux gens de plus de 50 ans. Il propose des activités socioculturelles, sportives et informatiques, et constitue un point de rencontre. Après la pandémie, l'un des objectifs du Club Senior est de revenir à une situation pré-COVID-19. Les choses avancent dans la bonne direction. Christiane Saeul remercie le personnel du Club Senior. Depuis septembre 2022, les horaires d'ouverture du Club Senior ont changé. Les gens n'ont pas envie d'y aller uniquement pour boire un café. Ils veulent vivre quelque chose. C'est pourquoi le Club Senior organise plus d'activités à l'extérieur, y compris le week-end. Parmi les nouveautés figurent un brunch et une marche gourmande, une visite de Servior, etc. Une évaluation aura lieu en mars. Christiane Saeul souhaite beaucoup de succès au Club Senior.

zäit-Tâche. D'Madamm Geneviève Faber ass als Chargée de direction responsabel fir dat gutt Fonctionnement vum Club Senior. Hir an der ganzer Ekipp ee grouse Merci fir d'Engagement an hir Aarbecht. Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Mangen. Madamm Wohl.

NICOLE WOHL (DÉI GRÉNG):

Merci fir d'Wuert. Déi Gréng ënnerstëtzen dës Konventioun.

Am Club Senior ass et esou, dass d'Leit ënnerstëtzt ginn autonom ze sinn, ze bleiwen oder ze ginn. Zum Beispill eng Koppel, wou op eemol een an e Foyer muss, deen aneren eleng doheem ass, do ass et immens wichteg, dass d'Leit sech erëm selwer en charge huelen. Ech gesinn dat reegelméisseg bei mir an der Praxis, dass et wichteg ass, d'Leit ze orientéieren, dass se erëm nei Méiglechkeete fannen un déi se net geduecht hunn.

Wie kann an de Club Senior goen? Natierlech Leit iwwer 50, wéi den Här Mangen grad gesot huet, awer och ganz wichteg, Leit, déi hir Pensioun virbereede wëllen, fir dass se net op eemol vun engem Dag op deen anere soen: A wat maachen ech dann elo?mMee dann hu se den Iwwergang gutt gemaach.

Punktuell kann natierlech jiddereen un deenen interessanten Aktivitéiten deel huelen. Déi si wierklech breetgefächert. Déi lescht Broschür huet 95 Säiten! Ech hunn extra gëschter Owend nogekuckt.

D'Aktivitéite gi vu kachen iwwer brachen, Handaarbechten, Turnen, Danzen, Ausflich an nach e ganze Koup méi.

Den 1. Abrëll, an ech ginn dervun aus, dass et keen Abrëllsgeck ass, gött e Café des langues organiséiert, wou op verschiddenen Dëscher verschidde Sproochen, Lëtzebuergesch, Franséisch, Portugisesch an Italieenesch ugebuede ginn, wou een iwwer en Thema zesummen diskutéiere kann. Ech fan-

nen dat eng immens flott Initiativ, déi ech mer a méi Sproochen, hei an der Gemeng oder am Kordall géif wënschen. Wou dat och ausserhalb vun dem Club Senior, och fir méi jonk Leit, ugebuede géif, fir dass déi och kéinte matmëschen.

Mee virun allem bitt de Club Senior, dat wollt ech soen, d'Méiglechkeet, an allen Hisiichten aktiv ze bleiwen, souwuel geeschtlech wéi motoresch.

Mir begréissen déi Konventioun an ech wollt deenen alleguerte Merci soen, déi am Club Senior schaffen. An och all deenen, déi do matmaachen.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Madamm Wohl. Madamm Saeul.

CHRISTIANE SAEUL (DP):

Merci, Madamm Buergermeeschter. De Club Senior ass eng Struktur, déi sech u Leit ab 50 Joer adresséiert, proposéiert Aktivitéiten am soziokulturellem, am sportlechem wéi am informateschem Beräich an ass e Point de rencontre.

D'Zil vum Club ass et, no der Covid-Pandemie, wou villes ofgesot ginn ass an de Club eng Zäit zou war, erëm eng Situatioun wéi viru Corona ze erreechen. Souwäit ech informéiert sinn, ass dëst okay. De Programm leeft erëm. Merci dem Staff vum Club Senior Déifferdeng.

E grousst Changement ass an den Öffnungszäiten am September 2022 gemaach ginn, well nëmmen dohin ze kommen, fir Kaffi ze drénken, ass out. D'Clienten erliewe gären eppes. Dofir méi Aktivitéiten erëm dobaussen an och de Weekend. Nei ass e Brunch an eng Marche gourmande. Méi Dagesreesen an och méi kleng flott Aktivitéiten, zum Beispill d'Visitt am Servior Woierwer, geplangt mat 18 Leit. E Succès. Iwwer 60 Interessenten. Eng Evaluatioun vun der Reussite gött elo am Mäerz gemaach. Mir wënschen dem Club Senior weiderhi vill Succès a stëmmen dës Konventioun. Ech soe Merci.

7. Actes et conventions

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Madamm Saeul. Här Hartung.

JERRY HARTUNG (CSV):

Léif alleguer, de Club Senior Präzenzbierg ass eng wichteg Institutioun fir ons eeler Matbirger. Et ass en Treffpunkt a jovialer Atmosphär. Wann een de Programm vun hinne kuckt, do gött wierklech ganz, ganz vill gebueden. Nieft hiren normalen Öffnungszäite sinn iwwer 20 extra Aktivitéite pro Mount virgesinn, zum Beispill Ausflich, Trëppeltier, Musekskursen, Self-Defense, kachen a sou weider. Ee ganz grouse Mix, fir ganz vill Leit unzeschwätzen. Si versichen zudeem och, sech ëmmer thematesch un d'lokal Evenementer un der Stad unzeleeën, wat weist, wéi engagéiert si sinn.

Nieft dem Volet vun der Animatioun, ass dës Struktur awer och e ganz wichtige Piliër, fir der sozialer Isolatioun am Alter virzebeugen. Do schaffe si och gutt Hand an Hand mat eisem Service Senior Plus an der Seniorekommissioun.

D'CSV Déifferdeng stëmmt dës Konventioun mat an dréckt vun dëser Plaz e ganz grouse Merci aus fir hir wäertvoll an häerzlech Aarbecht, déi si all Dag maachen. Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Villmools merci, Här Hartung. Här Hobscheit.

PIERRE HOBSCHEIT (LSAP):

Merci, Madamm Buergermeeschter. Dir Dammen, Dir Hären, wa schonn e puer Leit virun engem geschwat hunn, kann ee sech just nach uschlëssen. Ech schlësse mech de ville Mercien un a fir déi vill flott Aktivitéiten, déi do organiséiert ginn. Ech mengen, dass dat eppes ganz Wichteges ass, fir der sozialer Isolatioun vu grad deenen eelere Leit virzebeugen.

Et gouf hei geschwat vu Virbereedung op d'Pensioun. Ech mengen och, dass

dat wichteg ass. Net dass een duerno op eemol an e Lach fält, wann een aus deem gereegelte Kader, deen d'Aarbecht engem dann awer bitt, erauskënnt an net méi weess, wat ee mat senger Zäit soll ufänken. Dofir ass et gutt, dass et esou Plaze gött, wou ee kann higoen an u flotten Aktivitéiten deel huelen.

Aktivitéiten, déi mir als LSAP natierlech begréissen an ënnerstëtzen. Mir stëmmen dës Konventioun mat. Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Hobscheit. Da komme mer elo zum Vott.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver la convention Club Senior Präzenzbierg pour l'exercice 2023.

Punkt 7), dat ass eng Convention de mise à disposition d'un logement tëschent der Gemeng an dem Office social fir eng Mesure d'aide sociale. Et geet ëm en Zëmmer um zweete Stack op 41, Avenue Charlotte. Déi Mise à disposition leeft vum 1. Februar bis den 31. Mäerz. Dat heescht, déi ass déterminée. Et ass kee Contrat de bail à loyer. Et ass eng Mesure d'aide sociale fir e Loyer vun 300 Euro de Mount.

Här Muller.

ERNY MULLER (LSAP):

Ech wollt just froen: Mir hunn haut zwee esou Kontrakter. Dir hutt elo gesot, dat wär kee Contrat de mise à disposition, et heescht awer Conventioun de mise à disposition. Mir hunn herno nach eng aner Wunneng, déi och verlount gött, awer iwwer länger Zäit, also net nëmmen zwee Méint. Mee ech wollt just drop hiweisen, dass mer jo e Règlement heibanne gestëmmt hu betreffend d'Attributioun vu Wunnengen, déi am Besëtz vun der Gemeng sinn. Dat hei ass esou eng Wunneng. Bei deem aneren, do ass et nach méi kloer.

JERRY HARTUNG (CSV) souligne l'importance du Club Senior pour les personnes âgées. C'est un espace de rencontre jovial.

Le programme d'activités est riche. Le club propose plus de vingt activités par mois en plus des horaires d'ouverture normaux. Il peut s'agir d'excursions, de randonnées, de cours de musique, de cours de cuisine...

Le Club Senior est aussi un pilier dans la lutte contre l'isolation sociale des personnes âgées. Le club travaille main dans la main avec le service Senior Plus et la Commission des séniors. Le CSV approuvera la convention et remercie le Club Senior pour son engagement.

PIERRE HOBSCHEIT (LSAP) s'associe à ce qui vient d'être dit. Il remercie à son tour le Club Senior pour les activités organisées. C'est important pour lutter contre l'isolation sociale.

Il est nécessaire de se préparer à la retraite pour éviter de tomber dans un trou une fois que l'on sort d'un cadre réglé.

Les socialistes soutiennent les activités du Club Senior et approuveront la convention.

(Vote)

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG) passe à la mise à disposition d'un logement à l'Office social du 1^{er} février au 31 mars. Il s'agit d'une chambre au deuxième étage du 41, avenue Charlotte. La bourgmestre précise qu'il n'y a pas de contrat de bail, car c'est une mesure d'aide sociale. Le loyer s'élève à 300 € par mois.

ERNY MULLER (LSAP) ajoute que le conseil communal doit approuver deux conventions de mise à disposition d'un logement. Il rappelle que la commune dispose d'un règlement concernant l'attribution d'appartements communaux. En voyant cette convention, Erny Muller pensait que la commune mettait un logement à disposition de l'Office social pour qu'il puisse réagir face à certaines situations. Mais en fait, il n'est question que de deux mois. La deuxième convention, qui sera approuvée tout à

7. Actes et conventions

l'heure, est en revanche à longue durée. Erry Muller ne comprend pas pourquoi avec ces deux actes le collège échevinal ne se tient pas aux dispositions prévues dans le règlement. Le cas échéant, le règlement devrait être amendé pour spécifier que le collège échevinal peut prendre d'autres mesures en cas de force majeure. En tout cas, il doit s'agir d'exceptions pour éviter que la commune n'agisse à la tête du client.

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)

prend acte de la remarque de monsieur Muller. Mais dans ce cas-ci, il s'agit d'une urgence. La maison appartient à la commune et elle doit être entièrement renouvelée. Comme il a fallu trouver une solution rapide, le collège échevinal a décidé de la louer pour deux mois. La commune doit avoir une certaine flexibilité même si elle n'a pas l'intention de mettre des logements à disposition de l'Office social systématiquement.

Christiane Brassel-Rausch estime que la situation est claire. Cette chambre était vide et il existait un besoin.

(Vote)

Christiane Brassel-Rausch propose d'amender le règlement rapidement.

La bourgmestre passe à la mise à disposition d'un appartement pour six mois. L'appartement en question est vide en attendant la réalisation d'un autre projet. C'est pourquoi le collège échevinal a décidé de le louer pour six mois.

Christiane Brassel-Rausch assure monsieur Muller que la commune ne prend pas ses décisions à la tête du client. Elle réagit face à des urgences.

(Vote)

Wéi ech dat hei gelies hunn, hunn ech geduecht, elo gi mer eng Wunneng of un den Office social, dass dee kéint a gewësse Fäll op Situatioune reagéieren, déi antreffen. Mee nee. Dat hei ass elo zwee Méint. Déi aner Wunneng ass definitiv.

Dofir ass meng Fro: Firwat huet de Schäfferot sech am Fong bei deenen zwee Akten, déi mer elo hei virleien hunn, ewechgesat iwwert déi Konventioun an och d'Reglement an och déi Bestëmmungen, déi am Fong derzou féieren, wéi de Choix ass vun de Locatairë par rapport zu eise Wunnengen? Gëtt et dofir Argumenter? Dir kënnt mer se herno vläicht soen.

Wa mer eis net drun halen, da misste mer an eisem Reglement en Zousaz schreiwen, dass en cas de force majeure oder, ech weess net, aus iergendengem Grond de Collège échevinal do kéint eng Ausnam maachen. Awer dass dat eng strikt Ausnam géif bleiwen. Soss komme mer erëm op den Niveau, wou alles à la tête du client geet an dat wollte mer jo net maachen. Ech wollt dat just heizou bemierken.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Ech akzeptéieren dat gären. Dir hutt ganz Recht. Ech denken, dat do kéint ee wierklech an eist Reglement huelen. Dat sinn zwou Noutsituatiounen dat elei. Dat elei Zëmmer, virun allem, hu mer am Moment guer keng Handhab. Dat heescht, et ass der Gemeng hiert Haus, mir müssen et ganz frësch maachen, mir müssen et renovéieren. An et war awer e Besoin do, wou mer du gesot hunn: Okay, da gi mer mat, well soss steet et eidel.

Mir haten d'Wiel, et entweeder eidel stoen ze loossen oder kuerzfristeg ze hëllef fir zwee Méint. Mee ech ginn Iech awer Recht. Ech denken, mir sollten déi Flexibilitéit hunn. Et geet ganz sécher net op dee Wee, dass den Office social eis Wunnengen zur Dispositioun gestallt kritt. Also ganz sécher net.

Ech fannen Är Remark gutt. Dat soll ee vläicht mat an d'Reglement huelen. Ech huelen dat mat an de Logement, dass mer do eng Ajoute maachen.

Hei ass ganz kloer: En Zëmmer steet eidel an et ass e Besoin do. Mir kréie keen aneren do eran. Wat maache mer? Dat kommt, mir ginn et. Oder mir loossen et eidel stoen.

Da komme mer zum Vott.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver la convention de mise à disposition d'un logement à l'office social de Differdange.

Ech soen Iech villmools Merci. Ech kucken, dass mer dat esou séier wéi méiglech hei an de Gemengerot kréien. Vläicht ass d'nächste Kéier schonn déi Ajoute do.

Dat Nächst ass och eng Mise à disposition, dat geet op sechs Méint. Dat ass vun engem Appartement, wat mer fräistoen hunn, wat mer elo nach an der Schwief haten. Well en anere Projet, ech mengen, Dir wësst et, hänkt an der Schwief an doduerch kënnt Der keng definitiv Decisioun huelen.

Dat do Appartement steet scho méi laang fräi, well et vun deem anere Projet ofhänkt. Dofir hu mer och do gesot: Fir sechs Méint gi mer et. Elo kréie mer Demanden en gros eran. Ech versécheren Iech, Här Muller, et geet net drëm, eng Ausnam ze maachen an à la tête du client ze maachen. Ech versécheren Iech, dass mer dat an eis Konventioune vun eisem Logement huelen. Hei ass elo just eng Reaktioun op Noutfäll.

Da komme mer zum Vott.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver la convention avec les consorts Abbas-Rehanna pour la mise à disposition d'un logement situé au no 1, rue du Parc-Gerlache à Differdange.

Villmools merci, Dir Dammen an Dir Hären. De Punkt 7j ass eng Conventioun-type. Dir wësst, dass mer eppes kaf hunn an der Woiwer Strooss. Den Här

Aguiar huet d'Wuert, fir dës Conventi-on de location-type.

Här Aguiar.

SCHÄFFE PAULO AGUIAR (DÉI GRÉNG):

Merci fir d'Wuert, Madame la Bourgmestre. Wéi Dir wësst, ass de grouse Problem vun de sämtlechen Déifferdenger Veräiner de Stockage. Wouhi mat all hire Saachen? Mir si frou, Iech eng Konventioun ze presentéieren, fir dem Stockage-Problem vun de Veräiner entgéintzekommen.

Dës Konventioun ass eng wichteg Etapp, fir de lokale Veräiner entgéintzekommen an hinnen en Espace an Installatiounen zur Verfügung ze stellen, déi si brauchen, fir hir Aktivitéit ze garantéieren.

D'Gemeng Déifferdeng ass sech bewosst, wéi wichteg d'Veräiner fir eis Gesellschaft sinn. A mir sinn eis méi wéi bewosst, dass vill Veräiner e grouse Stockage-Problem hunn. Mir verstinn, dass sécheren a proppere Raum fir d'Stockéiere vu wichtigem Material de Veräiner et méi liicht mécht, fir qualitativ Eventer fir eis Gesellschaft unzebidden. A virun allem ass et och wichtig, fir de Benevolat ze fërderen.

Hautdesdaags ass et scho schwéier genuch, Benevoller ze fannen, fir an engem Club ze schaffen. Wann dann nach jiddereen alles mat heem muss huelen, fir et ze stockéieren, gëtt d'Saach nach méi komplizéiert.

Déi Konventioun, déi ausgeschafft ginn ass, soll en einfachen a prakteschen Accès fir d'Stockage-Installatioune garantéieren. An ech muss och soen, d'Reegelen, déi dës Konventioun ergräift, garantéiere Sécherheet vun den Ekipementer, vum Material souwéi eng gutt Benotzung vum Stockage-Raum.

Mir sinn iwwerzeegt dovun, dass d'Reegelen alle Clibb vun eiser Gemeng zegutt kommen, fir dës Raimlechkeeten en bon père de famille ze benotzen.

Aktuell verfüge mir iwwer néng grouss an zwee méi kleng Raimlechkeeten. D'Veräiner kënne souwuel mam Service culturel wéi mam Service des sports Kontakt ophuelen, fir hir

Demande ze maachen. Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Aguiar. Här Ulveling.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Ech wëll completéieren, wat den Här Aguiar warscheinlech vergiess huet. De Besoin ass eréischt viru Kuerzem opkomm, vu dass mer jo amgaange sinn, d'Nidderkuerer Schoul ze renovéieren. Do waren e ganze Koup Veräiner domiciliéiert, déi dann och natierlech hire Stockage do haten.

A well dat jo awer deelweis Brandlaaschte si fir an d'Schoulgebaier, wëlle mer dat an Zukunft vermeiden. Dofir si mer mam Här Aguiar op de Wee gaangen, fir e Lokal ze lounen, wou mer Cagen ubidden, wou d'Veräiner, sief et vum Sport oder vun der Kultur, hir Saache kënnen nidderloossen. An déi Saach ass och nach ausbaufäeg.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci. Madamm Wohl.

NICOLE WOHL (DÉI GRÉNG):

Merci fir d'Wuert. Et geet ëm de Kontrakt, dee mat de Veräiner gemaach gëtt, fir dass se hir Saache stockéiere kënnen am Depot Hall Woiwer, 350, rue Woiwer zu Déifferdeng.

De Kontrakt ass ganz kloer a verständlech, wat ech appreciéieren. Haapt-sächlech geet et ëm d'Sécherheet a verschiddenen Artikelen, fir dass alles sécher ka stockéiert ginn, an dass keng Risiken entstinn. Den Här Ulveling huet et elo nach eng Kéier gesot, de Besoin ass sécher méi grouss ginn, doduercher dass an der Schoul zu Nidderkuer geschafft gëtt a verschidde Veräiner hu missen eraus.

Mee de Besoin war och scho virdrun do. An ech fannen et immens wichteg, dass elo eng Plaz geschaaft ginn ass, fir

Christiane Brassel-Rausch passe à une convention dans la rue Woiwer.

PAULO AGUIAR (DÉI GRÉNG) *rap-pelle que les associations diffèrden-geoises manquent d'espace de stockage. La convention dont il est question permettra de les aider. La commune est consciente de l'importance des associations locales et connaît les problèmes qu'elles rencontrent pour le stockage. Un espace comme il faut facilitera l'organisation d'évènements. Par ailleurs, les clubs ont du mal à trouver des bénévoles. Si en plus, ils doivent stocker du matériel à la maison, cela complique les choses.*

La convention permet un accès facile aux installations de stockage. Les règles garantissent la sécurité des équipements et une bonne utilisation de l'espace. C'est une bonne chose pour les associations qui devront gérer les locaux en bon père de famille.

En tout, il est question de neuf grands locaux et de deux plus petits. Les associations peuvent prendre contact avec le service culturel ou le service des sports pour déposer une demande.

TOM ULVELING (CSV) *ajoute que les besoins des associations ont augmenté récemment à cause de la rénovation de l'école des filles de Niederkorn. De nombreux clubs y stockaient leur matériel.*

À l'avenir, la commune veut éviter d'installer des espaces de stockage dans les écoles en raison du risque d'incendie. C'est pourquoi le collège échevinal a décidé de louer un local pour les associations culturelles et les clubs de sport. Ce local pourra être agrandi le cas échéant.

NICOLE WOHL (DÉI GRÉNG) *constate qu'il est question d'un contrat avec les associations pour leur mettre à disposition un dépôt au 350 de la rue Woiwer.*

Le contrat est clair et compréhensible. L'objectif est de stocker le matériel de manière sure. Comme l'a dit monsieur Ulveling, les besoins ont augmenté à cause des travaux dans l'école des filles de Niederkorn, mais ils ne sont pas nouveaux. C'est pourquoi il fallait trouver de la place.

7. Actes et conventions

Les associations vitalisent la commune. Les écologistes approuveront la convention.

FRED BERTINELLI (LSAP) *se réjouit à son tour de la mise à disposition d'espace de stockage aux associations. C'était nécessaire à cause des travaux dans les écoles. Pour Fred Bertinelli, il s'agit cependant d'une solution temporaire en attendant que les ateliers communaux emménagent à Niederkorn. La commune a dû agir rapidement, car les associations ont dû quitter l'école de manière précipitée et se sont vues obligées de louer des conteneurs ou des garages. Fred Bertinelli se souvient aussi qu'il avait été question de proposer aux associations un site unique sur la colline. Il suppose donc que cette solution est temporaire. Les demandes vont être nombreuses, car les associations voudront profiter de ces locaux pour ne pas devoir payer la location d'un garage. Mais à terme, la commune devra maintenir ses promesses.*

JERRY HARTUNG (CSV) *souligne à son tour l'importance sociétale des clubs sportifs et des associations culturelles. Pour pouvoir organiser des activités et participer aux événements de la commune, ils ont besoin de matériel, qu'il n'est pas facile de stocker. Jadis, les gens avaient peut-être plus de place à la maison, mais aujourd'hui, les logements sont plus petits. La commune devait donc trouver une solution, c'est-à-dire un local décentré et couvert, où stocker le matériel proprement. La commune a cherché longtemps. Finalement, elle a trouvé de la place pour 11 associations. Comme l'a dit madame Wohl, le contrat est simple et clair. Les emplacements sont gratuits. Les associations devront juste verser une caution de 110 €. La convention règle les questions de sécurité et d'assurance. Comment l'accès au site sera-t-il réglé? Les associations pourront-elles accéder aux locaux en permanence? Devront-elles prendre un rendez-vous? Il serait important de clarifier ces points.*

dass d’Clibb hiert Material stockéiere kënnen.

Mer däerfen net vergiessen, dass d’Veräiner wierklech eis Gemeng lie-weg maachen. Mir als Gréng stëmmen dëse Punkt.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Madamm Wohl. Här Bertinelli.

FRED BERTINELLI (LSAP):

Dir Dammen an Dir Hären, ech soen Iech villmools Merci. Och mir si frou, datt mer mat all deenen Aarbechten, wou mer an de Schoulen hunn, eng Plaz fonnt hunn, en Ënnerdaach hu fir d’Veräiner, wou se hire Stockage kënnen maachen.

Natierlech ass dat dote just en Iwwer-gang, well et war jo ëmmer eppes anescht virgesi fir d’Veräiner, fir d’Sto-ckage ze maachen. Also dass dat hei déi Zäit, bis eis Atelieren zu Nidderkuer fäerdeg sinn oder eis Leit géife fortzéi-en, datt do géif e System higemaach ginn. Sou hu mir dat emol virgestallt kritt, wou dat gemaach gött.

Ech hu verstanen, datt dat séier huet misse goen, well zu Nidderkuer d’Schoul séier huet mussen eidel ge-maach ginn. An aner Plazen, wou ganz, ganz vill Veräiner, déi iwwer hir Budge-ten, wou se eranhuelen, Saachen, Con-tainer a Garagë gelount hunn.

Et gouf eng Kéier eng Diskussioun viru Joren, wou mer de Veräiner als Gemeng proposéiert hunn, fir Stockage vun deene Saachen op enger Plaz ze ma-chen. Dat war um Bierg do uewen, wou mer elo vun eisem Betrib Steng leien hunn an d’Saache leien hunn. Ech hue-len un, datt dat heiten och just eng Iwwergangsphas ass, bis mer de Veräi-ner eppes kënnen dohinnerstellen.

Well dat heiten ass och elo net vläicht dat Ideaalst, wat ee ka maachen, fir all eis Veräiner. Well wann een dat doten elo opmécht, kritt een héchstwar-scheinlech ganz, ganz vill Demanden. Well e Veräi kennt dann awer och léi-wer dohinner, wéi all Mount esou vill fir eng Garage mussen ze bezuelen. Sou

ass dat fir mech elo als Iwwergangsphas okay, mee ech hoffen awer, datt mer dat, wat mer de Leit an de Veräiner ver-sprach hunn, awer nodréiglech, wa mer d’Plaz an d’Méiglechkeet hunn, dann och maachen. Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Bertinelli. Här Hartung.

JERRY HARTUNG (CSV):

Merci. Léif Alleguer, souwuel déi sport-lech wéi déi kulturell Veräiner sinn e wichtige Bestanddeel an droen, mat hire sëllegen Aktivitéiten a Participa-tiounen un de lokalen Evenementer, zum Liewen an eiser Stad bäi. Heifir, wéi schonn uganks gesot, gött vill Material gebraucht, wat oft sperreg ass an och iergendwou muss stockéiert ginn.

Fréier haten d’Leit privat vläicht méi Wunnraum, da konnte se dat nach doheem stockéieren. Hautdesdaags ass de private Wunnraum vill méi kleng ginn. Vun dohier kënnen déi Benevole, déi dann an de Veräiner schaffen, dat net méi esou mat heem huelen. Duerfir ass et gutt, datt eng Léisung fonnt ginn ass.

Fir de Veräiner entgéintzekommen, brauch et eng extern Plaz, wou d’Mate-rial net hënnert an awer ënnerdaach a sécher a propper steet. Et ass scho gesot ginn, laang gouf no esou enger Plaz gesicht. Elo gött et se, gouf fir dësen Zweck amenagéiert. Insgesamt ass hei fir eelef Veräiner Plaz.

Natierlech muss dat och e bësse geree-gelt ginn. D’Madamm Wohl sot et schonn, de Kontrakt ass einfach a kloer gehalen, wat jo och gutt ass. Soudatt fir jiddwereen alles kloer ass. D’Plaze si gratis. De Veräi muss just eng Kautioun vun 110 Euro hannerleeën. Alles wat Sécherheet, Assurance ubelaangt a wat däerf ënnerbruecht ginn a wat net, steet an der Konventioun.

Déi eenzeg Fro, déi ech mer gestallt hunn, wou ech et gelies hunn, ass, wéi sech den Accès fir d’Veräiner gestallt. Hunn d’Veräiner permanent Zougang oder si fest Zäite virgesinn, wou si an

den Depot kënnen kommen? Oder fonc-tionéiert d’Bréngen an d’Ofhuele vum Material op Rendez-vous? Do wollt ech froen: Ass dat scho gereegelt? Ech denken, et ass wichteg, datt dat och gekläert ass. Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Hartung. Här Aguiar.

SCHÄFFE PAULO AGUIAR (DÉI GRÉNG):

Merci. D’Veräiner hunn zu all Moment Accès, wéi se et brauchen, fir d’Materi-al sichen ze goe respektiv ze stockéie-ren. Mir hoffen net, datt d’Veräiner owes um zéng Auer dohinner ginn, fir Saachen ze stockéieren. Well et ass och wichteg, dat ze respektéieren. Mee jo, de Veräin huet e Schlëssel an huet Accès. Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Aguiar. Ech wollt just nach dobäi soen: Den Här Ulveling huet vun der Brandlaascht vun de Schoule geschwat. Ech wëll onbedéngt ervirhie-wen, dass mir zënter dräi Joer ganz wäertvoll Aarbecht maachen an de Schoulen.

Dat heescht, mir hunn en Délégué à la sécurité, deen duerch sämtlech Schoule gaangen ass, fir ze kucken, wou d’Pro-blemer sinn. Dat elei ass ee Problem, deen dorënner gefall ass. A wou mer elo vum Schoulservice aus kucken, all Schoul esou sécher wéi méiglech ze kréien.

Wëll ech awer ganz kloer soen, dass de Service délégué à la sécurité an de Schoulen an an eise Maison-relaisen eng ganz wäertvoll Aarbecht mécht. An ech fuerderen d’Leit op, sech wierklech un d’Consignen ze hale vum Délégué à la sécurité. Villmools merci.

Da komme mer elo zur Ofstëmmung.

7. Actes et conventions

Le conseil communal décide à l’unanimité d’approuver la convention type portant sur la mise à disposition de sur-faces de stockage aux associations lo-cales au hangar situé dans la rue Woiiwer no 350.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Villmools merci. De Punkt 7). Här Ber-tinelli, ech jubiléieren net, mee ech si frou, soen ech Iech, iwwert de Contrat de bail d’un local commercial situé 4, Place du Marché zu Déifferdeng an e Crédit spécial et offre de prix pour tra-vaux de rénovation. Ech ginn dofir d’Wuert un den Här De Sousa. Was lange währt, wird endlich gut – hoffe mer op jiddwer Fall. Här De Sousa.

SCHÄFFE PAULO DE SOUSA (DÉI GRÉNG):

Villmools merci, Madamm Buerger-meeschtesch. Ech sinn net euphoresch, mee ech sinn immens frou, well et ware laang Verhandlungen. Wéi d’Madamm Buergermeeschtesch gesot huet, stëm-me mir an dësem Punkt iwwer e Con-trat de bail mam futur Exploitant vum Ikkuvium of – ech nennen et elo nach Ikkuvium. An iwwer e Crédit spécial vun 100.000 Euro fir Renovatioun-saarbechten, déi am Devis stinn.

Dësen Devis, deen à titre d’information am Dossier läit, ass zwar un eis adresséiert, mee den Optragegeber ass de futur Exploitant. Vu datt dës Aarbechte vum Proprietär gedroe musse ginn, iwwerhuele mir och déi Käschten.

D’Präisser kënnen e bësse schockéieren. Aménagement vun der Bar fir ronn 30.000 Euro. Mir hate viru Kuerzem nach d’Spullmaschinn an der Kichen ersat, do ware mer bei 20.000 Euro. Mee dat si momentan déi Präisser, déi um Marché sinn.

Säitdeem mir d’Lokal hunn, gouf net vill investéiert, an deene leschten dräi Joer war guer keng Aktivitéit, dach elo am leschte Joer e bëssen, awer d’Lokal ass guer net exploitéiert ginn.

A wa mir nei Saachen, nei Projeten op Déifferdeng wëlle bréngen, da musse mer och selwer an eis Lokaler investéie-ren. Dëst Lokal gött eng Plus-value fir

PAULO AGUIAR (DÉI GRÉNG) *répond que les associations peuvent à tout moment aller déposer ou aller cher-cher le matériel. Il suppose que de toute façon, elles ne s’y rendront pas à 22 h. Mais en tout cas, les as-sociations auront une clé.*

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG) *revient sur les propos de monsieur Ulveling, qui parlait tout à l'heure du risque d'incendie. Au cours des trois dernières années, un délégué à la sécurité s'est rendu dans toutes les écoles pour analyser les pro-blèmes. L'objectif est de rendre les écoles aussi sûres que possible. Christiane Brassel-Rausch tenait à saluer le travail accompli par le dé-légué à la sécurité dans les écoles et maisons relais. Elle demande à tous les acteurs de se tenir à ses consignes. (Vote)*

Christiane Brassel-Rausch passe à un contrat de bail d'un local com-mercial et précise à monsieur Berti-nelli qu'elle ne jubile pas. Elle cède la parole à monsieur De Sousa.

PAULO DE SOUSA (DÉI GRÉNG) *n'est pas euphorique non plus, mais il se dit content de ce contrat, car les né-gociations ont été longues. Il est question du futur exploitant de l'Ikkuvium ainsi que d'un crédit spécial de 100 000 € pour effectuer des travaux de réparation. Le devis est adressé à la commune, mais le futur exploitant est le maitre d'ou-vrage. Les frais sont à la charge du propriétaire, c'est-à-dire de la com-mune.*

Les prix peuvent choquer: 30 000 € pour l'aménagement du bar, 20 000 € pour remplacer le lave-vaisselle... Mais la commune n'a pas beaucoup investi depuis qu'elle possède le local, qui a été vide pendant trois ans. Si elle veut que des commerces ouvrent à Dif-ferdange, elle doit investir dans ses locaux. De toute façon, ce local est une plus-value pour le patrimoine et le loyer amortira l'investisse-ment.

Paulo De Sousa répète que les né-gociations ont été difficiles avec l'exploitant, qui possède déjà des locaux à Luxembourg-Ville. Les problèmes sont connus: le prix de l'énergie, les difficultés à recruter

7. Actes et conventions

du personnel, les salaires qui augmentent...

Le contrat de bail porte sur 3 ans et 11 mois. Le contrat a été adapté et la dernière version a été conclue hier. Le prix est fixé à 8 €/m², c'est-à-dire 2280 € par mois pendant un an et demi. La deuxième année, le loyer passera à 12 €/m² ou 3420 € par mois. Ensuite, l'exploitant versera 15 €/m².

Paulo De Sousa ajoute que la commune cherche un exploitant depuis des années. D'autres candidats ont été proches de signer, mais ont changé d'avis au dernier moment. La commune vérifiera les finances chaque année et adaptera le loyer en conséquence. Pendant la durée des travaux et les premiers mois, l'exploitant n'aura pas besoin de verser de loyer. Le restaurant comptera neuf ou dix employés.

L'exploitant est connu dans le secteur de l'Horesca et joue un rôle important dans la recherche d'une nouvelle identité pour le centre de Differdange. Il s'agit de Jean Ramos, Stéphane Rodrigues, Jade Leboeuf et Céline Lacroix. Céline Lacroix n'est pas nouvelle à Differdange. Elle occupe l'Ikkuvium depuis quelques mois et s'est fait connaître pour ses brunchs le dimanche matin. Monsieur Ramos était chef cuisinier au Boos Beach Club.

Differdange revient donc sur la carte de la gastronomie luxembourgeoise avec une chaîne de restauration à forte croissance. Grâce aux connaissances des exploitants, d'autres commerçants vont s'implanter à Differdange.

Paulo De Sousa croit aux effets positifs de cette décision et demande au conseil communal d'approuver le crédit spécial.

FRED BERTINELLI (LSAP) *se réjouit à son tour de l'ouverture d'un tel restaurant sur la place du Marché. Il se réjouit encore plus du fait que l'ouverture aura lieu en juillet, car une place du Marché vide en été donnerait une image triste de Differdange.*

eise Patrimoine. A wéi mer ëmmer wësen, wa mer d'Rechnung maachen, wäert sech dësen Invest och iwwert de Loyer amortiséieren.

Wéi gesot, et ware ganz zéi Verhandelunge mam futur Exploitant, deen an der Branche an der Stad immens erfollegräich täteg ass an déi aktuell schwieereg Situatioun vum Horeca-Secteur ganz gutt kennt: Erhéijunge vun Energiepräisser, Schwieregkeeten, Leit ze fannen ... Ech huelen do d'Beispill: Viru Kuerzem war an der Stad e Forum vu 40, ech soen elo mol, Exploitante vum Horeca, déi Leit gesicht hunn a ganz wéineg fannen. Oder elo och d'Salairen, déi an d'Luucht ginn. Dat sinn alles Problemer, déi d'Exploitante kennen.

Zum Contrat de bail: De Kontrakt mam futur Exploitant leeft dräi Joer an eelef Méint. Dat ass eng ganz komesch Dauer. Mee wann Der e bësse méi wäit kuckt, mir hu jo de Loyer gestaffelt. Dat heescht gëschter ass dee fäerdege Kontrakt erakomm, wou mer, no eeben deenen zéie Verhandlungen, déi net einfach waren, nach e puer Adaptatioune geholl hunn. Dat éischt annerhalleft Joer sinn et aacht Euro de Meterkaree, dat ergëtt eng Zomm vun ongeféier 2.280 Euro. Dat zweet Joer sinn et 12 Euro de Meterkaree, dat ass eng 50 % Erhéijung, mir kënnen et och esou interpretéieren. Do si mer ongeféier bei 3.420 Euro. An duerno sinn et 15 Euro de Meterkaree.

Wou mer e bësse schonn ugefaangen hunn, mat hinnen ze diskutéieren, dat ass elo scho bal ee Joer hier – ech mengen, d'Madamm Buergermeeschtesch hat et gesot, laang, laang hu mer dru geschafft, et ware schonn aner Exploitanten, déi knapps virun der Ënnerschrëft dann ofgespronge sinn –, hate mer hinnen eigentlech déi Reegel aacht, 12, 15 Euro de Meterkaree proposéiert.

Mir hunn och draschreiwe gelooss, datt mir all Joer an hir Bicher kënnen kucken, soudatt mir de Präis ëmmer adaptéiere kënnen, wéi mir et och scho virdru bei verschiddene Lokaler gemaach hunn, och fir eis Gitten. Do fänke si eréischt am Oktober un, hire Loyer ze bezuelen. D'Zäit vun den Aarbechten, déi héchstwarscheinlech bis an de Juli eraginn, an déi éischt Méint, fir datt si ukommen a

gutt ufänke kënnen, erloosse mer hinnen de Loyer.

Ze soen ass och, datt se mat néng bis zéng Leit op Déifferdeng kommen. Si stieche ganz vill Energie an de Projet Gaïa zu Déifferdeng.

De futur Exploitant besteet aus Leit, déi eng grouss Renommée am Horeca-Secteur, am Eventberäich hunn. Si sinn ee ganz wichtege Deel an eisem Puzzle vun enger neier Identitéit, wou mer haut nach ee Contrat de bail am Markenhaus gestëmmt hunn, déi mer lues a lues am Zentrum erliewen.

Hei schwätze mer vum João Ramos, Stéphane Rodrigues, Jade Leboeuf an d'Céline Lacroix. Céline Lacroix seet Iech vläicht eppes: Hatt ass jo elo schonn eng Zäitche bei eis am Ikkuvium, et ass eis éischt Success Story, wat den Ikkuvium e bëssen dobausse bekannt gemaach huet. Seng Brunchen, déi et sonndes moies organiséiert, no zéng Minutte sinn déi ausverkaf. Do kritt ee keng Plaz.

Den Här Ramos war Chefkach am Boos Beach Club. Hien ass ee vun deene wichtigste Celebrity Melting Pots hei am Land. Mat hinne brénge mer Déifferdeng zrëck op d'Landkaart als Südstanduert vun der schnellstwuessender Gastronomieketten am Land. Duerch hiren extreeme Portfolio u Bekanntschafte brénge si eis automatesch weider Commerçante mat erof, déi an där selwechter Philosophie denken an agéieren.

Domadder verännere mer eise Ruff an dréien zum Positiven. Mir gleewen un dëse Projet an un déi positiv Effekter, déi en op eis Stad generéiert a bieden Iech, dëse Crédit spécial an de Contrat de bail matzestëmmen. Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Här Bertinelli.

FRED BERTINELLI (LSAP):

Dir Dammen an Dir Hären, natierlech sinn ech och extreem frou – ech weess vun där Säit vum Dësch, wéi eupho-

resch een dann ass. Mee natierlech sinn ech immens frou, datt mer op eis Haaptplaz an eiser Stad erëm e Restaurant hikréien, deen den Numm och verdéngt. An ech si wierklech frou, well am Juli war et een trauregt Bild, wann een dëse Summer iwwert d'Maartplaz gaangen ass an et stoungen nach keng Terrassen dobaussen an et war eidel. Wann d'Gemeng net eng Musek oder iergendeng Bud dohinner gestallt huet, da war net vill lass do. Dat ass fir eng Stad net ganz schéin.

Wéi gesot, sinn ech ganz frou, datt elo en neien dohikënnt. Dir hutt de Kontrakt mat deene Leit verhandelt an et gesäit een – et war och dat, wat mech ëmmer opgereegt huet mat eisem virege City-Manager, gutt datt mer eise Sekretär vun der Stad haten –, dat war d'Richtung e bëssen, wéi ech mer et och virgestallt hat, wou ee misst goen, wann ee wëll Geschäftsleit op Déifferdeng unzéien.

An dee war net – also ech war jo och an deene Sitzungen, deen huet dat net esou gesinn. An duerfir hunn ech och gesot: Dat ka mat deem doten näischt ginn. Et war net, datt ech géint d'Persoun eppes hat, datt ech dee munchmol ugegraff hunn, mee dat war net dee Mann, dee mer gebraucht hunn op där Plaz, fir City-Manager ze spillen. Nach gutt, datt dertëschent de Gemengesekretär vill an d'Rei gemaach huet, datt dat awer nach geklappt huet.

Elo eng aner Diskussioun. Ech weess net, ob dat am Kontrakt matagebaut ginn ass. Wann ech kucken, vun eisem Casino op der Maartplaz un, wat mir als Gemeng do Geld dragestach hunn, renovéiert hunn. Dann déi éischte Kéier Ikkuvium, déi zweete Kéier Ikkuvium, wat mer do Geld dragestach hunn. Dat war mol net ee Joer. An dann d'Hotel an der Grousstrooss, wat mer do hu misse renovéieren, fir eppes, wou mer guer net Schold dru waren, wat engem anere seng Schold war, well en et futti gemaach huet. An et ass ëmmer erëm d'Gemen, déi bezilt.

Ech sinn domadder d'accord, datt mer e Kontrakt mat deene maachen, och zu super Konditiounen. Well dat si super Konditioune fir e Restaurant an där doter Gréisstenuerdnung, mat 2.500 Euro an 3.500 Euro. Super fir e Restaurateur. Fir deen ass dat e super Loyer ze

bezuelen. Also wann en e bëssen normal schafft, ass dat guer näischt fir esou ee Restaurant an där doter Gréisstenuerdnung.

Wéi gesot, ech sinn extreem frou, datt se kommen, mee ech hätt mer gewënscht, datt an de Kontrakt matagebaut gëtt, datt mer dann awer wéinstens probéieren, eist Geld, wat mir als Gemeng dran investéieren, erëmzекréien, wa se éischter wéi déi dräi Joer ginn. Well mir investéieren allkéiers vill Suen. Déi leschte Kéier hu mer och vill Suen dragestach, dee war keng dräi Joer do. Ech mengen, dee war mol keng zwee Joer do. Do hu mer vill investéiert, alles nei gemaach an dann no engem Joer ass da kee méi do.

Do muss een awer och da kucken, well een, deen 100 Meter weider e Restaurant opmécht, dee muss déi Saachen do alleguerte selwer bezuele vu sech. Ech sinn och d'accord, datt mir méi Efforte maache mussen als Gemeng Déifferdeng, fir Geschäftsleit dohinnerzекréien, mee mir mussen awer och kucken, datt mer eis awer do ofsécheren. Well et sinn awer mat Gemengesuen, wou mer dat alles bezuelen.wDatt mer eis awer do ofséchere par rapport zu anere Saachen, wou mer dann ëmmer extreem streng dra sinn.

Wann ech déi ganz Maartplaz kucken, d'Grousstrooss kucken, wat mir do schonn investéiert hunn, dat sinn enorm vill Suen. Duerfir wëll ech nach eng Kéier drop opmierksam maachen, datt dat och eise Rôle ass, well mer praktesch forcéiert sinn, déi Stad erëm un d'Goen ze kréien. Dofir sinn ech och domadder d'accord. Mee wéi gesot, mir sollten eis awer och un deem Punkt, wann dat dann iergendwéi net esou wier, ofsécheren, datt dat Geld awer erëm dann zrëck un d'Gemeng kënnt. Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Bertinelli. D'Madamm Pregno.

SCHÄFFE LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):

Villmools merci. Ech wollt mech awer elo net virdrécken, Här Hartung.

Le collège échevinal a dû négocier pour décrocher ce contrat et c'est précisément ce qui énervait Fred Bertinelli avec l'ancien city manager. Celui-ci ne voyait pas les choses de la même façon. Or il faut négocier pour attirer des commerçants à Differdange. Fred Bertinelli n'a rien de personnel contre le city manager même s'il l'a attaqué quelques fois. Mais il ne s'agissait tout simplement pas de la bonne personne pour faire le city manager. Heureusement que le secrétaire communal est intervenu de nombreuses fois pour arranger les choses.

Fred Bertinelli souhaite aussi savoir où en est le Petit Casino. La commune a investi beaucoup d'argent pour le rénover. Elle a aussi investi dans l'Ikkuvium plusieurs fois, dans l'hôtel de la Grand-rue... Bref, c'est toujours la commune qui paie.

Le conseiller communal n'est pas contraire à offrir de superbes conditions à ce restaurateur. Mais 2500 € ou 3500 € par mois pour un restaurant de cette envergure, ce n'est rien du tout. Par ailleurs, il aurait voulu que le contrat contienne une clause permettant à la commune de récupérer ses investissements si les exploitants ferment avant trois ans. Car les derniers exploitants sont partis au bout d'un an et la commune a perdu tout l'argent investi.

Fred Bertinelli ajoute qu'un restaurateur ouvrant un local dix mètres plus loin devra tout payer lui-même. Il comprend que la commune doit offrir de bonnes conditions pour attirer les commerçants, mais ce sont tout de même des deniers publics. La commune doit se donner des garanties, car dans d'autres domaines le collège échevinal se montre autrement plus sévère.

Fred Bertinelli insiste sur les investissements conséquents sur la place du Marché et la Grand-rue. Il se rend compte que la commune est dans son rôle, car elle doit veiller à faire fonctionner le centre-ville. Mais elle doit prévoir des clauses en cas d'échec.

LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG) *salue la signature de ce contrat de bail*

7. Actes et conventions

*pour l'ancien Ikkuvium. Monsieur Bertinelli a raison de dire que le local est resté vide trop longtemps. Laura Pregno fréquente Facebook et Instagram, et elle a constaté que l'on parle de Gaïa à Differdange depuis un moment. Mais quand elle s'informait auprès du collège échévin**al, on lui répondait que les négociations étaient dures. Elle s'est donc extrêmement réjouie quand elle a reçu l'ordre du jour de la séance d'aujourd'hui. Désormais, le contrat est ficelé. Laura Pregno se dit particulièrement contente que Céline Lacroix fasse partie du projet. La cellule économique a accompli un formidable travail. Il est chouette de voir une femme indépendante et faisant bien son travail s'unir à un groupe actif à Luxembourg-Ville. Récemment, ce groupe a ouvert l'Emilona et apparemment, il est très tendance de prendre des photos aux toilettes et de les poster ensuite sur Instagram. Laura Pregno s'y est rendue même si elle n'a pas pris de photo.*

Laura Pregno a réagi de la même manière que monsieur Bertinelli quand elle a vu les investissements nécessaires. C'est beaucoup d'argent. Mais la commune n'a pas vraiment le choix si elle veut revitaliser le commerce et donner une meilleure image du centre-ville.

*Laura Pregno ne croit pas que la commune récupérer**era l'argent investi. Les négociations ont été dures et elle doute que les exploitants veuillent s'engager sur cette voie.*

Les exploitants savent ce qu'ils font. Laura Pregno estime que la commune doit prendre ce risque. Et si tout se passe bien, le conseil communal pourra aller manger ensemble et prendre des photos.

(Interruption)

Laura Pregno espère qu'à Differdange, ils trouveront une solution plus appropriée que les toilettes. En tout cas, elle leur souhaite beaucoup de succès. Elle espère que le conseil communal pourra aller y prendre un verre à la fin de l'été ou en automne.

Mir als déi Gréng begrüissen dësen neie Projet an deem domadder verbonnene Kontrakt mam alen Ikkuvium, dee jo wierklech scho länger eidel steet. Do ginn ech Iech Recht, Här Bertinelli, et ass eng ganz laang Geschicht.

Ech hunn awer ëmmer erëm suivéiert, ech si jo e bëssen op Instagram oder Facebook an esou ënnerwee. An ech hu bei deene Leit, déi do am Coup sinn, ëmmer erëm eng Landkaart gesinn, wou op eemol zu Déifferdeng e roud

Punkt opgetratt ass mat Gaïa drop stoen. An dunn hunn ech geduecht: A, si waren erëm op der Gemeng, do deet sech eppes.

An dann hunn ech nogefrot, well ech jo aktuell net méi am Schäfferot war, mee am Congé parental, an dann huet et awer geheescht, et wier schwier

eg. Virlescht Woch ass dunn d'Kaart erëm opgeblëtzt an et stoung erëm Gaïa do, do hunn ech geduecht, mir kommen der Saach méi no. An dunn iergendwann krut ech och d'SMS, dass dat um Ordre du jour wär.

Deemno sinn ech ganz frou, dass dat elo ficeléiert ass. A méi frou sinn ech driwwer, dass d'Céline Lacroix mat u Bord ass. Do huet eis Cellule économique wierklech eng grouss, eng mega Aarbecht geleescht, fir déi Leit zesummenzebréngen.

Ech weess net, ob déi sech virdru kannt hunn, dat ass mir och elo dëse Moment egal. Mee ech denken, dass et einfach flott ass, dass een aus deem, wat scho besteet, eppes mécht. An enger Fra, déi sech wëll selbstänneg maache mat deem, wat se gutt kann a wierklech och gutt mécht, mat engem existente Grupp, deem an der Stad ganz aktiv ass.

Déi hu kierzlech den Emilona opge-

maach, an dat wüet och op Instagram. Et ass ewell ganz in, do op der Toilette mat esou engem Leitzuch eng Foto ze schéissen an op Instagram ze maachen – jo, jo, Här Ulveling, ech kann Iech dat eng Kéier weisen. Ech sinn net grad esou in wéi all déi Leit op Instagram, ech war eng Kéier mëttes do iesse mat Kind und Kegel. Ech war dann och déi Toilette kucken an ech hunn awer keng Foto gemaach. Mee ech wollt mer et awer eng Kéier ukucken, wéi dat wier.

Also grosso modo einfach fir ze soen, wéi mer dat begrüissen.

Ech verstinn natierlech och déi Awänn, déi den Här Bertinelli seet, mat deene Suen, déi do dragestach ginn an ëmmer erëm ginn. An éierlech gesot war dat och mäin éischte Coup, wou ech geduecht hunn: schonn erëm esou vill Suen. An et si richteg vill Suen. Dann denken ech mer awer: Mir müssen einfach dee Risiko elo nach eng Kéier lancéieren, et bleift eis wierklech net vill anescht iwwreg, wa mer wëllen d'Stad-bild erneieren. Wat mer jo och souwisou maachen, mir als Gemeng si jo u sech Träger vun deem Commerce, mir wëllen dat jo ëmmer e bësse matguidéieren, well mer et einfach müssen. Do bleift eis näischt anescht iwwreg wéi dee Risiko do op eis ze huelen.

Ech mengen awer och, dass et Wonschdenken ass, dass mer déi Suen erëmkréien. Also dat mengen ech sinn haart Verhandlungen. An ech mengen net, dass dat hiren Deal ass oder hire Point of view. Ech denken, dass si jo awer elo wëssen, wat si hei lancéieren. Do si jo awer eng ganz Rei Nimm, déi do dra-

stinn. An ech denken, mir müssen elo dee Risiko agoen an hoffen, dass et klappt. An da mengen ech gi mer do iessen a mir ginn all op Instagram, mer posten eis Fotoen an da leeft dat bestëmmt. An ech hoffen, ...

(Ënnerbriechung)

Jo d'Toilette, mee vläicht maache se jo eppes anescht wéi op der Toilette, well effektiv, wa mer all müssen déi Träpen do eroflafe bis an de leschte Gank do op d'Toilette ... Vläicht fanne se eppes méi Einfaches, fir sech bekannt ze maachen zu Déifferdeng.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Madamm Pregno. Här Hartung.

7. Actes et conventions

JERRY HARTUNG (CSV):

Merci, Madamm Buergermeeschtesch. Léif Alleguer, d'Déifferdenger CSV ass och immens frou, datt op dëser Plaz nees soll Liewen erakommen. D'Bedanke vum Här Bertinelli, do ginn ech em komplett Recht. Et ass awer wichteg, datt mer déi Sue virinvestéieren. Dir hutt gesot, 100 Meter weider muss de Restaurateur dat selwer finanzéieren, mee dat ass jo warscheinlech grad de Problem, datt duerfir 100 Meter weider kee Restaurant méi ass.

10 Meter weider ass de Casino. Do musse mer och eng Kéier kucken, wat dann do erakënnt. Mee ech mengen, wa mer Déifferdeng wierklech erëm als e gastronomesche Standuert populär maache wëllen, da musse mer aktiv agräifen. Duerfir fanne mer dës Approche wichteg. Et ass natierlech, wéi Dir sot, finanziell ëmmer e grouse Schrëtt, awer et ass wichteg, wa mer d'Ekonomie zu Déifferdeng ukuerbele wëllen.

Wann ee sech d'Konzept ukuckt, ech hat mech e bëssen ëmfrot, da gesäit een, datt et en dynamescht Team ass, wat weess, wéi een eng erfollegräich Gastronomie muss féieren. Well grad an dëse méi schwierigen Zäite muss een immens diversifizéieren, eppes maachen, fir d'Leit unzezéien an net just waarden an hoffen, datt d'Clienten duerch Zoufall vum selwe bei ee kommen.

Et ass schonn ugeschwat ginn, si hunn eng grouss Renommée, e grouse Portfolio, sinn och ganz present op de Soziale Reseauen. Ech denken, dat ganz

Netzwierk hëlleft, fir de Restaurant an awer och Déifferdeng ze promouvéieren.

Natierlech muss och d'Offer am Restaurant stëmmen. An do krut ech gesot, datt se wëlles hunn, moies Breakfast ze proposéieren a mëttes an en normale Restaurantsbetrieb iwwerzegoen. Weiderhin, wéi elo bekannt, aus Eeeregie sech immens opgebaut huet an eng immens gutt Renommée erschafft huet, d'Pâtisserie vum Céline in the kitchen. A fir da méi spéit en Afterwork unzebidden, éier se um 19 Auer nees an de Modus Restaurant fir d'Owesiesse switchen. Ech denken, do passe se sech gutt an de Laf vum Dag un.

Zudeem bidde se Produite made in Differdange, kann ee quasi soen, an engem Verkafseck un. Weider hu se Iddie wéi Sonndesbrunch, reegelméisseg Eventer, Fashion Parties, Standup Comedy an esou weider, fir de Restaurant an de Stadkär vun Déifferdeng qualitativ ze beliewen.

Et ass eng flott Offer fir d'Déifferdenger, wou duerno och Leit vum ganze Land extra wäerten heihikommen, vun deene verschiddener dann och nach aner Saachen hei an der Stad wäerten unhuelen, insbesonnesch zum Beispill déi kulturell Aktivitéiten am Ale Stadhaus, wou och thematesch solle mol versicht ginn da vum Restaurant opze-gräifen.

Parkméiglechkeete si jo och mëttlerweil gutt ginn, mam Parkhaus Aalt Stadhaus an dem neie Parkhaus an der Grousstrooss.

Op jiddwer Fall wënsche mer der ronn zéng Mann héijer Ekipp ronderëm d'Céline alles Guddes a freeën eis schonn, datt dat soll opgoen. Dann hoffe mer, jiddwereen do erëmzegesinn.

Och nach e grouse Merci un d'Leit vun eiser Cellule économique vun der Gemeng, fir hiren Asaz, datt dëse Projet elo ënner Dach und Fach ass. Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Villmools merci, Här Hartung. Här Ulveling.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Ech wollt eisem Team ëm de Max Felten villmools Merci soen. Hien huet sech vill an dee Projet geknéit. Ech mengen, wat een nach muss bedenken – ech war och ëmmer e bëssen enger anerer Meinung, muss ech éierlech soen, ech hu mech do elo e bëssen ëmpositionéiert, well ech matkritt hunn och, dass aner Stied carrément an e Konkurrenzkampf mat eis trieden, fir hir Lokaler, déi si fräistoen hunn, dann och beschtméiglech unzebidden. Dat heescht, do musse mir schonn eng Schëpp noleeën, wa mer gären een heihinner hätten.

JERRY HARTUNG (CSV) *se réjouit à son tour du projet. Il comprend les inquiétudes de monsieur Bertinelli, mais le préfinancement est important.*

Monsieur Bertinelli a dit que cent mètres plus loin, un restaurateur serait obligé de financer son projet tout seul. Mais cela explique sans doute pourquoi justement il n'y a pas de restaurateur cent mètres plus loin. Dix mètres plus loin, il y a le Petit Casino et il est vide. D'un point de vue financier, il faut prendre un risque pour relancer l'économie à Differdange.

L'équipe semble dynamique et sait comment gérer un établissement gastronomique. Il est important de se diversifier au lieu d'attendre que les clients finissent par arriver.

Les exploitants ont une grande renommée et sont présents sur les réseaux sociaux. C'est important pour promouvoir le restaurant.

Pour ce qui est de l'offre, le local proposera un petit déjeuner le matin avant de passer à une offre de restauration traditionnelle à midi. Céline in the Kitchen se trouve aussi sur place. À partir de 19 h, le local proposera un after-work avant de passer au dîner. Les gérants disposent aussi d'un coin de vente de produits made in Differdange. Ils réfléchissent aussi à la mise en place d'un brunch le dimanche et à l'organisation d'évènements.

Jerry Hartung pense que ce restaurant attirera des clients de tout le pays. Ceux-ci profiteront peut-être aussi des autres offres de Differdange. Le parc de stationnement de l'Aalt Stadhaus et celui de la Grand-rue se révéleront utiles.

Jerry Hartung souhaite bonne chance à cette équipe de dix personnes et espère retrouver les conseillers communaux dans ce restaurant à partir de juillet. Il remercie aussi l'équipe de la cellule économique pour son engagement.

TOM ULVELING (CSV) *remercie l'équipe de Max Felten. Il doit avouer qu'il a revu sa position concernant le commerce, car il a compris que d'autres villes se considéraient comme de véritables concurrentes de Differdange. Differdange ne peut donc pas se laisser faire.*

8. Règlements communaux

Tom Ulveling se dit convaincu que le local en question aura du succès. Il est moins inquiet que monsieur Bertinelli pour ce qui est l'investissement. Toutefois, il n'est pas contraire à une clause dans les contrats stipulant que le commerce doit rester ouvert un certain temps pour bénéficier des avantages financiers proposés par la commune.

HENRI KRECKÉ (SECRÉTAIRE COMMUNAL)

souhaite apporter des précisions quant aux remarques de monsieur Bertinelli.

Il explique qu'une fois que la commune passera à un loyer de 12 €/m², les frais de la rénovation seront déjà amortis.

La commune dispose aussi d'une assurance garantie locative. Les frais d'investissement de 97000 € figurent dans l'inventaire. Les conditions sont donc clairement définies.

La commune dispose aussi d'une garantie de trois mois. Par ailleurs, les gérants devront investir une partie des revenus dans les petites rénovations du local. Le contrat repose sur les contrats que la commune a déjà signés avec d'autres commerçants.

(Vote)

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)

souhaite à son tour bonne chance aux gérants et remercie tous ceux qui se sont investis dans les négociations.

Elle passe au Règlement de la circulation.

PAULO DE SOUSA (DÉI GRÉNG) *plaisante sur le fait que monsieur Altmeisch est absent, mais qu'il préfère malgré tout présenter les règlements au cas où il écoute.*

An ech mengen, déi heite Konstellatioun vun deenen zwee – een huet scho bewisen, dass en et wierklech bréngt an deen aneren huet eng gutt Renommée –, dat misst am Prinzip klappen. Dofir maachen ech mer manner Suerge vläicht wéi den Här Bertinelli ëm den Asaz vun deem Geld, wat mer mussen erabréngen. Mee ech fannen d'Iddi awer och net schlecht, déi ee misst kënnen eng Kéier an aner, an nächst Kontrakter maachen, fir ze soen: Wa mir als Gemeng investéieren, da musse mer eis och iwwer eng gewëssen Zäit vu Joren ofsécheren. Dat heescht, fir ze soen: Wann Dir no engem Joer gitt, da musst Dir, wannechgelift, esou vill Prozent erëmginn.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Ulveling. Den Här Krecké freet d'Wuert.

GEMENGESEKRETÄR HENRI KRECKÉ:

Ech hunn eng finanztechnesch Erklärung zu deem Ganzen, och fir den Här Bertinelli. Et ass esou, dass wa mir elo an déi éischt Phas vun der Loyersadaptatioun ginn op zwielef Euro de Meterkaree, da si mir schonn am Amortissement vun eiser Acquisitioun en plus vun der Renovatioun. Dann hu mer am Fong geholl schonn de Break-even point, wann ech esou däerf soen, dass et opgeet.

Dat heescht, no där éischter Adaptatioun si mer am Fong geholl schonn an engem Kif-kif zu deem, wat mer investéiert hunn, dass mer dat amortiséiert kréien. Natierlech net op déi dräi Joer an zéng Méint, wat e minimalen Ulaf ass. Mee op zwanzeg Joer op 5 % berechent, si mer da gutt.

Wat ee vläicht nach muss soen, reng vun der OP, déi hei geschitt: Si musse jo eng Assurance garantie locative och maachen. Dat heescht, wann eppes virkënnt, dann ass den Inventaire, den Inventaire in, dee mer elo maachen, wa si ufänken, do sinn déi 97.000 Euro, déi investéiert sinn, mat dran an deem Inventaire in. A wann do eppes geschitt, da musse si sech couvréieren. Et ass elo net, dass dat Ganzt géif iergendwou am

Nirwana hänken. Dat ass alles wichteg, esou Vertragsbäideeler.

A mir hunn och déi dräi Méint Garantie, déi mer gefrot hunn, déi net alles sinn. Plus nach, dass se 10 % vum Joreszëns a Petites rénovations oder alles, wat liicht Ofnotzung ass, och selwer musse stiechen. Dee Vertrag hei ass op enger Mouture opgebaut, wéi all eis lescht Verträge, déi awer schonn eng gewësse Sattelung hunn. Soudass et elo net grad Fräifaart ass. Esou gesinn ech et mol aus der finanztechnescher Analys vun der Saach.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Krecké. Ech denken da komme mer zum Vott.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver le contrat de bail avec Gaïa SÄRL d'un local commercial situé au no 4 de la place du Marché à Differdange.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver le crédit spécial pour des travaux de rénovation d'un local commercial situé au no 4 de la place du Marché à Differdange.

Ech soen Iech villmools Merci, hoffen dat Bescht a soe virun allem alleguerten deene Leit, déi vill Nerven, vill Zäit a vill Gedold an déi Verhandlung gestach hunn, nach eng Kéier vun hei aus e grouse Merci.

Da komme mer zum Punkt 8a, dass mer virukommen, Modification du règlement de circulation. An dofir ginn ech un den Här De Sousa weider.

SCHÄFFE PAULO DE SOUSA (DÉI GRÉNG):

Villmools merci, Madamm Buergermeeschtesch. Den Här Altmeisch ass haut net hei, mee mir huelen et awer duerch, vläicht lauschtert e jo no. Zu de Modifikatioune vum Verkéiersregle-

8. Règlements communaux

ment. Ech hat et ugekënnegt, amplaz all zweeten déi Modifikatiounen um Ordre du jour ze hunn, brénge mer elo ee ganze Pak mateneen.

Am éischten Artikel geet et ëm fënnef nei Stroossen, déi elo an eisem Verkéiersreglement definéiert sinn. Dat ass d'Rue Penzberg an der Cité Op de bree-den Dréischer, d'Phas 1. Rue des Artisans, dat ass zu Nidderkuer, wou déi aacht nei Entrepreneure sinn, hanner dem Dimmi Si. Cité op der Lauterbann, och zu Nidderkuer, d'Cité vum SNHBM a Lauterbann. Rue de la Gare, Chemins adjacents – dee Punkt, dat ass déi Strooss, déi erop bei d'Maison relais geet um Bock. An d'Rue Ronnwis-en, dat ass eng ganz kleng Strooss an der Rue Prince Henri, wou eng nei Residence gebaut ginn ass. Do ass ee klenge Wee, dee geet hannen hinner. Déi hu mer elo all reglementéiert. Déi sinn elo hei dran.

Et si 45 Säiten. Dat heescht, et ass immens vill. Ech ginn e bëssen Thema pro Thema duerch, ouni iwwerall ze definéieren. Dir hutt d'Reglement virleien, wann Der herno Froen hutt, kënnt Der déi stellen.

Als Éischt déi nei Stroossen: Wéi hu mer déi reglementéiert? An der Cité op der Lauterbann an an der Rue Penzberg, do féiere mer eng Zone 30 an. Mir adaptéieren d'Parksituatioun sou wéi déi Stroosse ronderëm, fir datt mer do eng Kohärenz hunn. Dat heescht: Disk 90 Minutten, sauf résidents. An, wéi a ganz Déifferdeng, net méi laang wéi 48 Stonne parken.

An der Rue des Artisans, dat hu mer elo schonn erageholl, do gëtt et ewell scho Problemer mat den Entrepreneuren, datt déi sech e bësse parken, wéi se wëllen. Do gëtt et schonn e bësse Reiwereien. Op där ganzer Längt hu mer en C19, dat heescht si däerfen do net stoen. Soss gëtt déi Situatioun ingé- rable. An do ass och Zone 30.

An der Rue Ronnwis-en an der Rue Prince Henri, do hunn eis Leit gesot, datt se Problemer hätten, do erausze- fuere mam Camion. Déi Afaart ass net immens breet an d'Leit parke sech do riets a lénks. Do hu mer och en C19 gemaach an där Strooss vir eran, ass et eng Zone 20.

Och hu mer verschidde Plaze regle- mentéiert. D'Rue de la Gare, chemins adjacents, fir d'Maison relais um Bock. Enn lescht Joer ware mir eis d'Situatioun ukucken. Mir fannen et net rich- teg, datt do, wou Kanner sinn, Autoe stinn. Dofir hu mer decidéiert, den Auto ganz erauszehuelen. Dat heescht, do däerf kee stoen, ausser eis Gefierer, op deenen Emplacementer, déi do age- zeechent sinn.

Mir sinn der Meenung, datt do, wou Kanner sinn, eebe keen Auto ze stoen huet. D'Maison relais um Bock, wann een eropfiert op dee Site, do däerfe keng Autoe méi stoen. Do wou Kanner sinn, soll keen Auto stoen.

(Ënnerbriechung)

Bis elo ass nach näischt geschitt. Et muss awer net eng Kéier eppes geschéi- en, fir datt mer et änneren.

Am Hall O war d'initial Iddi vum Pro- jet: keen Auto. De LIHPS ass fäerdeg, den Hall O ass fäerdeg. Dat heescht, den Auto huet hei dann elo och näischt méi verluer, bis op eis Gefierer. Dat heescht, déi vum Service des Sports, déi hunn hir Emplacementer dohannen.

Bei engem groussen Event gëtt de Schäfferot eng Derogatioun, zum Bei- spill, datt d'Artiste sech kënne parken oder wann ee Concert oder soss eppes ass, wou Material ass, da kann de Camion laanscht den Hall O stoen. Mir erlaben dat, well de Camionschauffer sur place ass. Wann eppes ass, kann e séier fortkommen.

PMR. Do hu mer elo néng nei Plazen duerch ganz Déifferdeng. Et sinn der och e puer verschwonnen. Wéi gi mir do vir? An der Mobilitéitskommissioun war eng Diskussioun opkomm, well eng PMR-Plaz net do war, wou se ge- duecht war. Wa mir eng Demande era- kréien, ginn eis Leit sech virdrun uku- cken, wéi mobil déi Persoun ass. Doropshin huele mir d'Decisioun, ob eng PMR-Parkplaz gutt ass. Heiansdo ass eng op 20 Meter, dann deplacéiere mer déi, wann déi net méi genotzt gëtt.

Heiansdo huele mer awer och PMR- Parkplazen ewech. Dat kucke mer dann, da sinn eis Agenten ee gudde Mount amgaangen, kucke sech déi Plaz un, schreiwe sech op, wéi oft déi

Le premier article définit cinq nouvelles rues: la rue Penzberg dans la cité Op de breed-en Dréischer, la rue des Artisans à Nidderkorn, la rue de la Gare en direction du Bock, la rue Nonnewisen et la rue Prince-Henri, là où l'on construit une nouvelle ré- sidence.

Le document fait 45 pages. Paulo De Sousa propose de passer en revue les thèmes. Il répondra en- suite aux éventuelles questions.

Pour ce qui est des nouvelles rues, la cité Op Lauterbann et la rue Penzberg seront des zones 30. Le stationnement sera cohérent avec les rues adjacentes: l'utilisation du disque est limitée à 90 minutes, sauf pour les résidents, et le station- nement est limité à 48 heures.

Dans la rue des Artisans, les entre- preneurs se garent un peu comme ils veulent. Désormais, le stationne- ment est interdit dans la zone 30. Dans la rue Ronnwis-en et dans la rue Prince-Henri, les résidents ont du mal à circuler à cause des ca- mions. Le stationnement est désor- mais interdit dans cette zone 20.

Pour ce qui est de la rue de Gare, la commune a évalué la situation au- tour de la maison relais du Bock. Pour le collège échevinal, il ne de- vrait pas y avoir de voitures là où il y a des enfants. Désormais, le sta- tionnement y est interdit, mis à part pour les véhicules de la commune. Paulo De Sousa répète que là où il y a des enfants, il ne devrait pas y avoir de voitures.

(Interruption)

Paulo De Sousa répond qu'il n'y a pas encore eu d'incident, mais il ne faut pas attendre un incident pour changer les choses.

Comme les travaux au Hall O et au LIHPS sont finis, le stationnement y est désormais interdit sauf pour le service des sports.

Des dérogations restent possibles pour les grands évènements comme les concerts.

Neuf nouvelles places PMR ont été aménagées. D'autres ont été sup- primées. Dans la pratique, quand la commune reçoit une demande de place PMR, elle évalue la situation du demandeur avant de prendre une décision. Parfois, une telle place se trouve déjà dans les envi- rons, mais n'est plus utilisée. Une telle place est donc déplacée. La

8. Règlements communaux

commune peut aussi contacter les gens pour savoir s'ils ont encore besoin d'une telle place. Le cas échéant, la place est supprimée.

La commune a aussi aménagé quatre nouveaux emplacements pour les livraisons. En tout, Dufferdange en compte 25. Les quatre nouveaux se trouvent devant Delhaize, dans la rue Kennedy, près de l'Okkasiounsbutikk et au carrefour du Woiwer, où se trouve Berto.

Les zones kiss & go ont officiellement été supprimées du Code de la route. Mais comme elles sont importantes, la commune règlemente désormais ces zones avec un panneau C18. Les enfants doivent pouvoir se rendre à l'école en toute sécurité.

Le stationnement de courte durée est introduit à deux endroits. Les automobilistes pourront y stationner trente minutes. Il s'agit de la place Marie-Paule-Molitor-Peffer sur le plateau du Funiculaire, où se trouvent des banques, la Caisse de maladie, une pharmacie...

Le deuxième site est le parking d'Aquasud. Les parents se garent pratiquement dans l'entrée de la piscine. Les bus n'arrivent plus à prendre le virage. La situation est devenue dangereuse. Les 13 places de stationnement sont désormais gratuites pour 30 minutes. De toute façon, il ne sert à rien de se garer plus longtemps sur ce parking, car il est beaucoup plus cher que le parc de stationnement juste derrière. Paulo De Sousa estime rendre service aux gens en les drainant vers le parc de stationnement. Et ceux qui ne font que déposer leurs enfants pourront utiliser le parking gratuit.

Les places de stationnement pour véhicules électriques sont réglementées comme les autres avec une exception. Les résidents ne peuvent pas y stationner toute la journée même avec une vignette. Ils devront utiliser le disque et se garer 90 minutes au maximum.

Les bornes arrêt-minute dans le centre connaissent un beau succès. Les gens se tiennent aux règles et se garent en moyenne 25 minutes. La commune a cherché des endroits stratégiques où installer ce type de bornes — en privilégiant le petit commerce comme les pharmacies.

genotzt gëtt. An da gëtt gekuckt, wien d'Demande gemaach huet, da gëtt déi Persoun kontaktéiert, ob déi hir Plaz eigentlech nach brauch. A wann do gesot gëtt, si brauch se net, dann huele mer se erëm ewech.

Zu de Liwwerplazen. Do hu mer véier nei Liwwerplazen duerch ganz Déifferdeng. Insgesamt si mer elo bei 25. Déi véier nei sinn: beim Delhaize, déi wousste mer, déi hate mer ëmmer iwwer e Règlement temporaire gereegelt; um Hauts-Fournaux, dat ass an der Rue Kennedy, do si mer och kontaktéiert ginn; beim Okkasiounsbuttek, do ass een Eck, wou ganz vill lass ass, dat heescht den Okkasiounsbuttek brauch déi Liwwerplaz, d'Apdikt ass net wäit ewech, et ass e Metzler do. Op der Woiwer Kräizung kritt de Berto eng Liwwerplaz vis-à-vis. Hie brauch déi, fir seng Saachen, seng Marchandisen erauszeginn. En huet jo elo nach eng Bäckerei zu Bieles, muss do erëm erauskommen. Hie kritt direkt vis-à-vis an der Woiwer Strooss, virun der roudert Luucht, wann ee vun der Gulf kënn, déi lescht Parkplaz op der rietser Säit. Dat ass seng.

Kiss&Go, hutt Der bestëmmt gesinn, déi verschwannen. Offiziell gëtt et déi net méi am Code de la Route. Vu datt déi Plazen awer wichteg sinn, hu mer déi Zone mat engem C18-Parkverbuet regléiert. D’Kanner musse kënnen sécher an d’Schoul kommen. D’Kiss-Goe si laut Code de la Route net méi do.

Kuerzzäitparken. Op zwou Plazen hu mer an der Gemeng elo e Kuerzzäitparking agefouert. Dat heescht, mir wëllen deene Leit, déi fir kuerz Zäit enzweusch ginn, wou se 30 Minutte brauchen, Plaz schafen. Dat ass éischstens op der Place Marie-Paule Molitor-Peffer um Plateau du Funiculaire. Do si vill Banken, do ass d’Krankekeess, net wäit ewech ass d’Apdikt, do kënnen d’Leit 30 Minutte gratis parken. Awer net méi laang. Dat heescht, si musse sech och en Ticket huelen. Et ass, fir ganz kuerz do ze stoen, fir hir kleng Kommissiounen ze maachen.

Déi zweet Plaz, well do ganz schlëmm Situatioune sinn, geféierlech Situatiounen, dat ass vis-à-vis vun der Schwämm um Parking vum Aquasud. Do stinn d’Eltere bal bis an d’Entrée vun der Schwämm. Wann d’Autoen do stinn,

kréien d’Busser d’Kéier net méi gemaach. Heiansdo koum et do zu immens geféierleche Situatiounen.

A fir deem entgéintzewierken hu mer decidéiert déi, wann ech mech net ieren, 13 Parkplaze mam selwechte System ze maachen, dat heescht 30 Minutte gratis a si mussen een Ticket huelen. Méi laang däerfe se do net stoen. Fir datt dee Parking fräi ass.

Wat eigentlech kontraproduktiv ass. Een, deen annerhallef Stonn um Parking vis-à-vis vum Aquasud steet, dee bezilt méi wéi wann en an d’Parkhaus geet. Eigentlech maache mer de Leit ee Gefalen, datt mer se an d’Parkhaus drainéieren. Hei gi mir hinnen d’Méiglechkeet, wa se d’Kand an d’Schwämm siche kommen, do direkt ze parken. Mir wëssen, datt hei Sportsaktivitéite vun de Kanner sinn, datt se se siche kommen an net méi ennen an der Parc des Sports stinn.

D’Elektroparkplaze sinn elo och esou reglementéiert wéi déi aner Parkplaze ronderëm, mat enger Ausnam: De Resident mat der Vignette huet net de Virdeel, datt en einfach kann drop stoen. Déi sollen och dréien. An engem Quartier kann ee mat der Vignette jo dee ganzen Dag do stoen. Awer op enger Elektroparkplaz däerf en dat net maachen. Da muss e sech un d’Reglement halen, dat heescht meeschtens dann Disk, 90 Minutten. Soss huet ee mat engem Elektroauto dann ëmmer eng Parkplaz virun der Dier. Wat awer net d’Iddi ass. Déi Parkplaze sollen dréien.

Eis Statio-Minutte sinn immens gutt ukomm am Zentrum. Wann ech laanschtfueren, kucken ech ëmmer, ob gréng ass, meeschtens ass et gréng. Et ass just sonndes, wou d’Leit drop stinn. Dat ass jo dann och erlaabt. Et sinn ëm déi 25 Minutten. Et ass jo décroissant, dat heescht, et geet ëmmer erof mat der Zäit, 25 Minutten, meeschtens. Dat heescht, si dréit. Dat heescht, déi Persoun, déi do ukomm ass, war knapps do. Do hu mer de Plang iwwerschafft. Mir hu gekuckt fir strateegesch wichteg Plazen, wou mer déi Statio-Minutten, déi 30 Minutten, installéieren. An déi sinn elo duerch d’Gemeng verdeelt. Do hu mer d’Apdikten, déi ganz no sinn, als Haaptpunkt geholl. Eeben déi kleng Commercen, wou mer déi kënnen installéieren.

8. Règlements communaux

Parking. Do konnt eis keen dee Feeler erklären: Beim Update ass am Programm een Text e bësse geännert ginn. D’Parkingen Hauts-Fourneaux, Centre-ville a Pierre Gansen sinn normalerweis just bis freides reglementéiert. A bei der leschter Modifikatioun – et wousst kee firwat – stoung op eng Kéier samschdes do. Dat ass eis opgefall. Dat huele mer zrëck. Et weess keen, wat geschitt ass, do ass iergendwéi de Programm, deen e bësse Problemer mécht.

Da sinn nach e puer Klengegkeete bäikomm. An der Rue Louis Meyer, nieft der Maison relais um Fousbann, hu mir e Sens de circulation definéiert an d’Emplacementer esou reglementéiert wéi ronderëm. Déi Strooss ass zwar nach net ofgeholl, mee dat wäert deemnächst geschéien. Dat heescht mir hunn awer elo schonn d’Reglement.

An der Rue Pierre Gansen gëtt et eng ganz kleng Afaart fir an d’Rue des Trévires, do hu mer och e Sens de circulation definéiert. Dat heescht, et kann een nëmmen aus der Rue Pierre Gansen erafueren. Et kann een net méi aus där klenger Gaass erausfueren op d’Rue Pierre Gansen, wat ëmmer eng Gefor ass an där Strooss, wou awer vill Verkéier ass. Do hu mer elo e Sens de circulation definéiert.

An der Rue de la Chapelle a ronderëm d’Place des Alliés, wou Horodateure stinn – dat ass déi eenzeg Plaz momentan um Fousbann, de Rescht ass ëmmer mat Disk –, gi mer vu véier Stonnen, wou ee konnt halen, op 90 Minutten erof.

Dat ass grosso modo, wat elo ännert. Wann Der Froen hutt oder Remarken, kënnst Der se roueg stellen. Ech soen Iech villmools Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här De Sousa. Här Bertinelli.

FRED BERTINELLI (LSAP):

Dir hutt gesot, datt d’Kiss&Goe géife verschwannen. Déi ware jo zum groussen Deel a Quartier-résidentiellen. Leit, déi eng Carte résidentielle hunn, kënnen déi nach parke virun hirer Dier,

nodeem de Kiss&Go elo ewechgeholl ginn ass?

SCHÄFFE PAULO DE SOUSA (DÉI GRÉNG):

Kiss&Go gëtt duerch een C18 ersat. C18 ass Parkverbuet.

FRED BERTINELLI (LSAP):

Dir hutt de Leit eng Kaart verkaf fir Quartier résidentiel, déi do wunnen. Gëllt dat och fir déi Leit, déi eng Carte résidentielle an engem Quartier hunn?

SCHÄFFE PAULO DE SOUSA (DÉI GRÉNG):

Op engem C18 däerf een net parken.

FRED BERTINELLI (LSAP):

Jo, da musst Der déi ganz Quartiers résidentiels jo änneren. D’Carte résidentielle vun de Leit, déi war jo geduecht, fir déi Leit, déi an deene Quartieren do wunnen, datt se eng Kaart géife kréien, datt se do an deem Quartier kënnen parken, wou se wunnen. Dann ass dat jo net méi wouer.

Mir hate jo – d’Madamm Pregno weess et jo nach – déi Kiss Goe gesat, zum Beispill, um Bock, wou de Projet vum Bock ugefaangen huet. Do hu mer gesot, mir ginn an eng Zone Quartier résidentiel a mir maachen de Kiss&Go, well et net anescht geet. Well de Bau vum Bock, zum Beispill, elo dohinnerkënnt. A soubal dat fäerdeg ass, ass dat awer erëm hifälleg, dann ass dat erëm e Quartier résidentiel.

Wann Der elo e Parkverbuet maacht, sot Der jo zu deene Leit, déi an engem Quartier résidentiel wunnen, datt se net méi do dierfe parken.

SCHÄFFE PAULO DE SOUSA (DÉI GRÉNG):

De Bock ass jo elo eng Ausnamesituatioun. Um Bock hu mer jo och de Kiss&Go ewechgeholl, elo dee leschten. Do ass e Parkverbuet. An der Rue Boettelchen ass en zäitlech limitéiert, ech mengen, just moies, wann ech mech net ieren.

Une erreur s’est glissée dans la dernière version du Règlement de circulation. Le parking des Hauts-Fourneaux et le parking Pierre-Gansen sont règlementés jusqu’à vendredi. Or la dernière version mentionnait samedi. Le présent règlement rectifie l’erreur.

Dans la rue Louis-Meyer, à côté de la maison relais du Fousbann, le sens de la circulation a été défini et les emplacements règlementés. La commune prendra possession de cette rue prochainement. Le sens de la circulation a été défini dans l'accès entre la rue Pierre-Gansen et la rue des Trévires. La sortie de cette ruelle vers la rue Pierre-Gansen est désormais interdite.

La rue de la Chapelle et les rues autour de la place des Alliés sont règlementées par des horodateurs. Le reste du Fousbann fonctionne au disque de stationnement.

Paulo De Sousa se propose de répondre aux éventuelles questions.

FRED BERTINELLI (LSAP) *constate que les zones kiss & go ont été supprimées. Elles se trouvaient principalement dans les quartiers résidentiels. Les résidents de ces quartiers pourront-ils encore se garer devant chez eux?*

PAULO DE SOUSA (DÉI GRÉNG) *réplique que ces sites sont règlementés par un panneau C18. Il s'agit d'une interdiction de stationner.*

8. Règlements communaux

FRED BERTINELLI (LSAP) *signale que la commune a vendu des vignettes aux résidents pour qu’ils puissent se garer. Cette vignette est-elle encore valide?*

PAULO DE SOUSA (DÉI GRÉNG) *répète que l’on ne peut pas stationner sur un C18.*

FRED BERTINELLI (LSAP) *estime que monsieur De Sousa devra modifier tous les quartiers résidentiels. L’idée derrière la vignette résidentielle était que les habitants pouvaient se garer dans le quartier où ils vivent. Désormais, ce n’est plus le cas. Fred Bertinelli rappelle qu’au Bock, la zone kiss & go a été aménagée dans le quartier résidentiel, car il n’y avait pas d’autre solution. Mais une fois que les travaux seront finis, le site redeviendra un quartier résidentiel. (Interruption de M. De Sousa) Fred Bertinelli regrette que monsieur De Sousa dise aux résidents qu’ils ne peuvent plus stationner dans un quartier résidentiel.*

PAULO DE SOUSA (DÉI GRÉNG) *confirme que le Bock est une exception. La zone kiss & go y a été supprimée. Dans la rue Boettelchen, l’interdiction de stationner est limitée au matin.*

FRED BERTINELLI (LSAP) *rétorque qu’il s’agit d’une zone kiss & go.*

PAULO DE SOUSA (DÉI GRÉNG) *réplique que le kiss & go du Bock a été supprimé il y a longtemps parce que les parents ne veulent pas perdre de temps à déposer leurs enfants dans la rue Boettelchen. Désormais, ils peuvent stationner une demi-heure avec le disque. Le kiss & go ne fait plus partie du Code de la route. (Interruption de M. Bertinelli) Paulo De Sousa répète que le kiss & go est remplacé par un C18, mais le fonctionnement reste le même. (Discussions)*

FRED BERTINELLI (LSAP) *demande si les riverains ayant une vignette résidentielle peuvent se garer à ces endroits.*

FRED BERTINELLI (LSAP):

Et ass e Kiss&Go.

SCHÄFFE PAULO DE SOUSA (DÉI GRÉNG):

Nee, et ass keen. Um Bock hu mer de Kiss&Go scho méi laang ewechgeholl, well d’Eltere keng Zäit hunn, d’Kand erauszeloossen an der Rue Boettelchen an dee ganzen Tour ronderëm ze maachen entweder iwwer d’Rue de la Gare oder uewen iwwert d’Rue de l’Eau. Dat brénge se dann net fäerdeg, fir dat ze maachen.

Dowéinst hu mer gesot, mir huelen de Kiss&Go ewech. Si däerfen eng hallef Stonn mat engem Disk stoen um Bock, an der Rue Boettelchen an ennen an der Rue de la Gare.

De Kiss&Go gött et net méi am Code de la route. Déi Plazen, déi als Kiss&-Go fonctionéiert hunn, déi sinn elo een C18. Dat heescht, et ass Parkverbuet. D’Fonctionnement ass dat selwecht: D’Leit kommen un, si loossen d’Kand eraus. Et ass normalerweis no bäi enger Schoul.

FRED BERTINELLI (LSAP):

Dat hunn ech verstanen. Wat ech elo wollt froen, dat ass, déi Leit, déi an engem Quartier résidentiel wunnen, déi eng Vignette hunn an hirer Fënster vum Auto, däerfen déi dann och net méi do parken?

(Ënnerbriechung)

Jo. Wou parken déi dann?

(Ënnerbriechung)

Dach! Virдру stounge se jo do, dat war jo hire Quartier. Dat hu mer jo elo ewechgeholl. An der Boettelchen, zum Beispill, stounge se op zwou Säite geparkt. Do hu mer eng Säit ewechgeholl, well mer gesot hunn, sou laang dee Schantjen ass vum Bock, ass dat e Kiss&Go. An herno gött dat erëm e Parking résidentiel. Well d’Leit kafe sech jo Vignetten dofir.

SCHÄFFE PAULO DE SOUSA (DÉI GRÉNG):

Kënnt en zréck an e Parking résidentiel. Mee um Bock gött et jo och scho kee Kiss&Go méi. Um Bock hu mer gesot ...

FRED BERTINELLI (LSAP):

Et ass verbueden ze parken. Och fir déi Leit, déi eng ...

Schäffe Paulo De Sousa (déi gréng):

Jo. De Kiss&Go ass: Mir loossen d’Kand eraus an d’Kand geet an d’Schoul. Um Bock an der Rue Boettelchen ass dat net méiglech, well déi kleng Kanner, déi ginn net eleng dee groussen Tour. Do hu mer gesot, do däerfen d’Leit eng hallef Stonn stoen.

FRED BERTINELLI (LSAP):

Dat hunn ech verstanen.

SCHÄFFE PAULO DE SOUSA (DÉI GRÉNG):

An der Rue Boettelchen ass dat moies de Fall. An an der Rue de la Gare zitt et sech iwwert dee ganzen Dag. Do sinn, mengen ech, déi dräi, véier lescht Parkplaze virun der Kräizung do mat dran.

FRED BERTINELLI (LSAP):

Meng Fro ass awer eng aner.

SCHÄFFE PAULO DE SOUSA (DÉI GRÉNG):

Si kréien déi Plaz zréck.

FRED BERTINELLI (LSAP):

Quartier résidentiel?

SCHÄFFE PAULO DE SOUSA (DÉI GRÉNG):

Jo.

FRED BERTINELLI (LSAP):

Okay. Dat war meng Fro.

8. Règlements communaux

SCHÄFFE PAULO DE SOUSA (DÉI GRÉNG):

Okay.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Madamm Wohl.

NICOLE WOHL (DÉI GRÉNG):

Merci fir d’Wuert. Den Här Paulo De Sousa huet dat gutt presentéiert. Et sinn eng ganz Rei Reglementer. Virop soen ech dem Här Stefan Lafontaine Merci fir d’Zesummestelle vum Dossier an dem Jennifer Di Vita aus dem Mobilitéitsservice fir d’Presentatioun vum Dossier an der Mobilitéitskommissioun.

Et gött eng Rei Saachen, déi mir nëmmen ënnerstëtze kënnen. Eng Saach ass zum Beispill d’Aféierung vun de Zones 30.

D’PMRe sinn adaptéiert ginn a Funktioun vun de Besoinen. Am Sënn vun de Commercë sinn eng Rei Parkplazen op eng Dauer vun 90 Minutten zréckgestuuft ginn, wat am Interêt vum Client ass.

Op verschiddene Plazen ass d’Dauer vun de Bornen op 30 Minutten zréckgesat ginn, wat den Turnover méi grouss mécht an erëm am Interêt vun de Commercen a vum Client.

Den Här De Sousa ass virdrun op de Plateau vum Funiculaire agaangen. Och an der Avenue de la Liberté am Zentrum ass et op 15 Minutten zréckgesat ginn, wat d’Commerçanten appreciéieren. An d’Leit huelen ech och un, well wann ee gär séier bei de Bäcker eppes siche geet, ass et flott, wann eng Plaz erëm fräi ass an net een do laang steet.

Eng Rei Liwwerzone sinn ugepasst ginn, och deelweis wat d’Zäiten ubelaangt, no Récksprooch mat de Geschäftsleit.

D’Parkplaze mat Opluedstatioun e fir Elektroautoe sinn nei reglementéiert ginn an et ass definéiert ginn, wéi laang een op wéi enger stoen däerf. Well et

geet jo drëms, dass een opluede kann. A jiddereen.

Bei de Modifikatioun e geet et och reegelméisseg ëm den Entretien, zum Beispill e Poubellescamion, dee muss laanschtkommen, also huet missen adaptéiert ginn, respektiv ëm d’Sécherheet, déi ni grouss genuch geschriwwe ka ginn.

D’Reglementer, déi mer haut wäerte stëmmen an déi nach vum zoustännege Ministère mussen ofgeseent ginn, bedeiten, dass protokolléiert oder ofgeschleeft ka ginn, falls een d’Signalisatioun net sollt beuecht hunn.

Ganz wichteg, den Accès fir d’Pompjeeë muss garantéiert sinn a garantéiert bleiwen, dofir hunn och misse Saachen adaptéiert ginn.

Ee ganz wichtege Punkt ass, dass d’Strooss fir op de Fond-de-Gras elo reglementéiert ginn ass. Well am Summer, wann den Undrang grouss war, ass sech méi wéi eng Kéier op zwou Säite geparkt ginn, wat e Problem fir d’Sécherheet duerstellt. Aus deem Grond ass elo do e Parkverbuet. D’Gemengeresponsabel hu sech och scho Gedanke gemaach, fir do eng Léisung fir déi Weekender am Summer ze fanen.

D’Vëlofuerer, wëll ech drop hiweisen, an natierlech och d’Autosfuerer, déi mussen oppassen, well d’Rue Jean-Baptiste Scharlé an zwou Richtunge fir d’Vëlofuerer reglementéiert ass. Dat Ganzt, fir dass ee kann als Vëlofuerer Richtung Vëlospist Mathendahl kommen, dass ee sech do kann normal deplacéieren. Et ass vläicht net ideal, mee et ass awer sécher eng ganz gutt Initiativ.

Fir ze verhënneren, dass d’Autoe beim Aquasud an och bei der Sportshal hënneren, ass dat och reglementéiert ginn. Am Parking Aquasud fënnt ee Plaz. Ech mengen, et ass ganz wichteg, dass ee soll de Reflex hunn. Souwäit ech weess ass eng Campagne virgesinn, fir de Bierger an d’Biergerin drop opmierksam ze maachen, hinnen op eng gewësse Manéier de Parking méi no ze bréngen. A mat der Diffcard ass dee Parking wierklech ganz abordabel.

(Interruption et discussions)
Fred Bertinelli s’exclame que c’est le quartier des résidents.

PAULO DE SOUSA (DÉI GRÉNG) *répète qu’il n’y a plus de kiss & go au Bock.*

FRED BERTINELLI (LSAP) *insiste sur le fait que les résidents ne peuvent plus s’y garer. (Discussions)*

PAULO DE SOUSA (DÉI GRÉNG) *rap-pelle que le kiss & go consiste à déposer l’enfant près de l’école. Or, dans la rue Boettelchen, cela n’est pas possible pour les plus petits. C’est pourquoi les parents peuvent stationner une demi-heure.*

FRED BERTINELLI (LSAP) *a compris.*

PAULO DE SOUSA (DÉI GRÉNG) *ajoute que ce règlement vaut le matin dans la rue Boettelchen et toute la journée dans la rue de la Gare.*

FRED BERTINELLI (LSAP) *constate que monsieur De Sousa ne répond pas à sa question.*

PAULO DE SOUSA (DÉI GRÉNG) *répond que les résidents récupéreront leurs emplacements. (Interruption et discussions)*

FRED BERTINELLI (LSAP) *demande à monsieur De Sousa si celui-ci parle du quartier résidentiel.*

PAULO DE SOUSA (DÉI GRÉNG) *répond que oui.*

NICOLE WOHL (DÉI GRÉNG) *remercie monsieur Lafontaine et madame De Vita du service de la mobilité. Les écologistes soutiennent l’introduction de zones 30 et l’adaptation des places PMR. Le stationnement est limité à 90 ou 30 minutes. Cela permet un plus grand roulement dans l’intérêt des commerçants et des clients. Dans l’avenue de la Liberté, le stationnement est carrément limité à 15 minutes. Cela permet aux gens d’aller rapidement chez le boulanger. Les zones de livraison ont aussi été adaptées après concertation avec les commerçants.*

8. Règlements communaux

Les places de stationnement pour véhicules électriques ont été règlementées. Tout le monde doit pouvoir recharger son véhicule.

D'autres modifications du Règlement de la circulation concernent l'entretien et la sécurité. L'accès des pompiers doit par exemple être garanti.

Les nouvelles règles devront être approuvées par le ministère. Ensuite, les infractions pourront être verbalisées.

L'accès au Fond-de-Gras a aussi été règlementé. En été, quand il y a beaucoup de visiteurs, les gens se garant des deux côtés du chemin, ce qui pose un problème de sécurité. Désormais, le stationnement est interdit. Il faudra trouver une solution pour les weekends et l'été.

La rue Jean-Baptiste-Charlé est désormais règlementée dans les deux sens pour les cyclistes afin qu'ils puissent se déplacer facilement vers la piste cyclable du Mathendahl.

Les automobilistes sont incités à utiliser le parc de stationnement du Parc-des-Sports au lieu du parking d'Aquasud. Une campagne de sensibilisation est prévue. En outre, le parc de stationnement est vraiment abordable.

De nouvelles stations de recharge pour vélos électriques sont prévues. Pour Nicole Wohl, il faudrait aussi prévoir des places de stationnement pour les motos.

Dorénavant, seuls les véhicules de la commune pourront accéder au Hall O.

En semaine, il est interdit de se garer devant la maison relais d'Oberkorn pour des raisons de sécurité. C'est une bonne chose pour les enfants même si le personnel devra s'adapter aux nouvelles conditions. Il faut limiter les gaz d'échappement, économiser l'énergie et bouger. Les parents, les grands-parents, les éducateurs et les hommes politiques doivent montrer le bon exemple en se déplaçant à pied ou avec les transports en commun. Le cas échéant, il convient de garer la voiture dans un parc de stationnement et de terminer le trajet à pied. Il y va de l'avenir des enfants.

Les écologistes approuveront les règlements.

D’Vëloe wäerten an Zukunft eng besser Stellplaz kréien. Dat steet elo net am Reglement, mee dat ass eng ganz gutt Iddi. Virgesinn ass och, dass nei Statioune solle kommen, wou d’Elektro-vëloe kënnen opgeluede ginn. An ech denken, dat wëll ech elo just emol mat op de Wee ginn, dass et och gutt wär, wa mer géife reglementéiert Plaze maache fir d’Motorrieder. Dat ass jo och eppes, wat e bësse gefrot gött.

Aus Sécherheetsgrënn ass ronderëm den Hall O reglementéiert ginn a just nach den Accès fir d’Gemengenautoen. Ech hu gesinn, virdru stoung een Auto do, deen ass awer just in time geréckelt ginn.

D’Maison relais zu Uewerkuer ass esou reglementéiert ginn, dass während de Schoulzäiten an der Woch net méi geparkt däerf ginn. Den Här De Sousa hat et virdru gesot, aus Sécherheetsgrënn. Ech fannen dat eng ganz gutt Iddi. Mir als Gréng kënnen déi Decisioun nëmmen ënnerstëtzen.

Et geet ëm d’Sécherheet vun de Kanner a vun den Enkelkanner. Fir d’Personal, dat bis elo do geparkt huet, ass et vläicht, wéi bei all Ëmstellung, net ganz einfach. Mee wa mer an d’Zukunft kucken, da wësse mer alleguerten, dass et net esou ka weidergoen.

Manner Ofgase bei de Schoulen, Energie spueren, Beweegung solle keng eidel Begrëffer sinn. Wa mer alleguerten, Elteren, Grousselteren, Educationspersonal, Politiker inclus, mam gudde Beispill virginn, andeem mer sou oft wéi méiglech ze Fouss, mam Vëlo, mam ëffentlechen Transport op d’Aarbecht ginn, oder eeben den Auto an e Parkhaus setzen an eng Deelstreck ze Fouss maachen, dann hu mer eis Virbildfunktoun erfëllt an eis Kanner kënnen ëmdenke léieren. Et geet ëm hir Zukunft.

Déi Gréng stëmmen dëst Reglement.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Madamm Wohl. Här De Sousa.

SCHÄFFE PAULO DE SOUSA (DÉI GRÉNG):

Madamm Wohl, et ass richtig, wat Dir sot. Mir lancéieren eng Campagne. Et kënnt en Artikel, warscheinlech nach net an dësem Diffmag, mee am nächsten, fir de Leit ze weisen datt Plaze virum Aquasud disponibel sinn. Dëse Mount? Merci, Här Krecké. Schonn dëse Mount am Diffmag, fir ze weisen, ab dem 6. Abrëll kënne se dee Parking benotzen, 30 Minutten, fir d’Kanner sichen ze goen.

Mir hu Fotoe gesinn, et war on-méiglech do hannerzeg ze fueren, do kann ee Kand hannendru sinn. Et war net ganz flott. Et ass wichteg, datt d’Elteren dee Parking benotzen, an datt kee sech dropstellt, dee méi laang wéi eng hallef Stonn bleift. Wéi gesot d’Parkhaus ass méi bëlleg wéi en Horodateur virun der Dier. Et muss een et eeben oft soen.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här De Sousa. Wann et keng Wuertmeldung méi gött, komme mer zum Vott.

Le conseil communal décide à l’unanimité d’approuver la modification du Règlement de circulation.

Villmools merci. Da si mer beim Règlement communal. Do geet et iwwert den ROI, wéi mer den Hangar benotzen am 1535°, dat heescht deen neien Zilleschapp oder deen alen Zilleschapp. Dir hutt deen op der Diffcloud. Dir wësst, dass all Sall am 1535° en ROI huet. Et geet ëm d’Sécherheet vum Sall. Deen ass am Fong complémentaire zum Taxereglement, dee mer och gestëmmt hunn, well dee Sall jo nei opgaangen ass.

Dat Ganzt, souwuel den ROI wéi d’Taxereglement, muss duerch de Gemengerot. Et huet d’Form vun engem Gemenereglement, muss also och ausgehaange ginn an huet doduerch dann eng Force probante.

Madamm Wohl.

8. Règlements communaux

NICOLE WOHL (DÉI GRÉNG):

Et geet ëm den Zilleschapp, dat ass de Bâtiment B vum 1535°. Et ass festgeluecht ginn, wéi een dee Raum buche kann. Dat wollt ech eng Kéier just soen. Dat ass iwwer 1535@differdange.lu. Do kann een eng Demande maachen, fir déi 445 Meterkaree ze lounen. Deen ass geduecht als Proufraum oder als Kreativraum. D’Locatioun ass ëmmer ee bis sechs Deeg. Wat awer och ka verlängert ginn.

Et gött gepréift, ob dat korrespondéiert fir dee Moment, wou een eng Ufro mécht. Et gött och eng Méiglechkeet fir eng Résidence d’artiste zum Beispill, op Demande, fir e gratis zur Verfügung gestallt ze kréien. Do gött den Dossier da gepréift.

Zum Raum gehéieren zwee Vestiären an d’Sanitären.

Fir de Rescht am Reglement geet et haaptsächlech drëm, wéi d’Madamm Buergermeeschter virdru gesot huet, wéi d’Reegele sinn an do steet d’Sécherheet am Vierdergrond.

Déi Gréng stëmmen dëse Punkt a mir hoffen, dass d’Nofro grouss wäert sinn.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci. Da komme mer zum Vott.

Le conseil communal décide à l’unanimité d’approuver le Règlement d’ordre interne portant sur l’utilisation du hangar au 1535° Creative Hub.

Merci. De Punkt 8), Règlements temporaires de circulation. Da géif ech d’Wuert weider un den Här De Sousa ginn.

SCHÄFFE PAULO DE SOUSA (DÉI GRÉNG):

Merci, Madamm Buergermeeschtesch. Déi meescht Reglementer si wéi üblech kleng Aarbechte virun der Dier: Renovatiounsaarbechten, Steeën, Bennen, Emplacementer déi reservéiert ginn. Et

ass näischt Dramatesches dran. Dat eenzeg, wou ech selwer driwwer gekuckt hunn, wat mech e bësse schockéiert huet, ass déi laang Dauer bei verschiddene Reglementer, déi gi bis an de Congé collectif am Summer. Et sinn zwar just Emplacementer, mee dat fält awer op. Dat ass zweemol an der Avenue Charlotte op 46 an op 175 an eng Kéier an der Rue de l’Acier.

De Parking Grousstrooss gött zouge-maach. Do hu mer an enger nächster Phas wëlles, eng Spillplaz ze installéieren. Dat feelt an deem ganze Quartier. Et ass awer elo net esou, datt déi Leit elo déi Parkplaze verléieren. Mir hunn de Parking de l’Hôpital ausgebaut. An déi Parkplazen, déi do ewechkommen, kommen dohinner. Strateegesch gesi mer do ganz wichteg, datt do eng Spillplaz hikënnt, well am ganzen Ëmkrees ass näischt. An d’Kanner brauche Beweegung. D’Unzuel vun de Parkplaze bleift déi selwecht.

Da besteet nach ëmmer de grousse Chantier an der Rue Parc des Sports. Enn dëses Mounts wäert déi Strooss iwwer zwou Woche komplett zou sinn, vun der Rue Jeannot Kremer bis bei d’Rue Pierre Meintz. Virun e puer Méint goufen d’Putteren erofgeholl, elo kommen neier dohi vu 44 Meter. Dofir muss déi ganz Strooss zougemaach ginn.

De Verkéier gött geleet, d’Autoe ginn iwwert den Hall O gefouert. Fir d’Bus-sen oder d’Schwéiertransporter kënnt en Double sens mat roude Luuchten an der Avenue Parc des Sports. D’Luucht ass an der Rue Jeannot Kremer an déi aner Luucht ass bei der Entrée vun der Parc des Sports, wann ee vun der Rue Prince Henri kënnt.

Et geet iwwer zwou Wochen. Dee Weekend an der Mëtt ass e grousse Fussballmatch. Mir wäerte mam Entrepreneur schwätzen, ob hien de Kran déi Zäit kéint erastellen. D’Ekipp kënnt mat engem Bus a wann déi dann net gewinnt sinn, datt eng Strooss aneschters reglementéiert ass, da féiert déi vläicht iwwert de Parking oder soss, an e kënnt net ëm d’Kéier. Do huele mer och Kontakt mam Veräin op, wann dat de Fall ass, fir dat awer ze klären.

No deenen zwou Wochen ass fënnef Wochen eng Bunn hei ënnen zou. Do

PAULO DE SOUSA (DÉI GRÉNG)

confirme le lancement d’une campagne. Un article est d’ailleurs prévu dans le Diffmag de ce mois. Paulo De Sousa a vu des photos de la situation actuelle. Il est impossible de faire demi-tour. Il y a des risques pour les enfants. C’est pourquoi le collège échevinal a décidé de limiter le stationnement à trente minutes. De toute façon, le parc de stationnement coute moins cher.
(Vote)

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)

passe au Règlement d’ordre interne du hangar, l’ancienne Zilleschapp, au 1535°. Le document se trouve sur le Diffcloud et est complémentaire au Règlement des taxes. Le ROI doit être approuvé par le conseil communal. Il doit aussi être accessible au public.

NICOLE WOHL (DÉI GRÉNG) *précise que la Zilleschapp se trouve dans le bâtiment B. Le règlement fixe les modalités de location. Il s’agit de 445 m² que l’on peut louer comme salle de répétitions ou de création par courriel à 1535@differdange.lu.*

Toutes les demandes sont évaluées. Le local peut être mis à disposition gratuitement pour une résidence d’artiste.

Le hangar dispose de deux vestiaires et de sanitaires.

Pour le reste, les règles permettent surtout d’assurer la sécurité.

Les écologistes approuveront le règlement.

(Vote)

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)

passe aux règlements temporaires de circulation.

PAULO DE SOUSA (DÉI GRÉNG)

constate qu’il s’agit de petits chantiers concernant des rénovations, des échafaudages des bennes...

En revanche, la durée de certains chantiers a surpris Paulo De Sousa. Certains se poursuivent jusqu’aux congés collectifs. Il s’agit de l’avenue Charlotte et de la rue de l’Acier.

Le parking de la Grand-rue sera remplacé par une aire de jeux.

9. Commissions consultatives / Questions

En contrepartie, le parking de l'hôpital a été agrandi.

Pour le collège échevinal, il était important d'aménager une aire de jeux, car il n'y en a pas dans tout le quartier. Or les enfants doivent pouvoir jouer.

En ce qui concerne le chantier de la rue du Parc-des-Sports, la route sera fermée à la circulation pendant deux semaines de la rue Jeannot-Kremer à la rue Mainz. Des poutres d'équilibre de 44 m vont être livrées. La circulation sera déviée vers le Hall O. Les bus et les camions circuleront en double sens dans l'avenue du Parc-des-Sports, où des feux tricolores seront installés.

Une rencontre de football importante est prévue pendant la fermeture de la rue. Le collège échevinal demandera à l'entrepreneur de ranger ses grues le weekend en question. Il entrera aussi en contact avec le club de foot pour régler l'arrivée du bus.

Après ces deux semaines, une voie sera fermée à la circulation pendant cinq semaines en raison de travaux sur les feux tricolores.

Paulo De Sousa conclut en constatant que ce chantier impacte fortement Oberkorn.

(Vote)

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)

passé aux commissions. Le LSAP remplace monsieur François Venturini par madame Luana Beiros De Sousa à la Commission des jeunes.

(Vote)

Christiane Brassel-Rausch passe aux questions écrites de monsieur Weirich concernant les nuits blanches. Elle énumère les cafés qui sont concernés par le règlement. Deux cafés avaient déjà été interdits de nuits blanches précédemment.

L'interdiction s'explique par les nuisances sonores occasionnées ainsi que par des incidents violents autour du parc. La décision a été prise en concertation avec la police. Les établissements concernés se trouvent autour du parc Gerlache, dans la rue Michel-Rodange, dans la rue de la Grève-Nationale, dans la rue Adolphe-Krieps, dans la rue Émile-Mark et dans l'avenue de la Liberté.

gëtt un de Luuchte geschafft. Mir wesen e Passage difficile, wann d'Leit d'Rue Jeannot Kremer eroffueren, datt se net sollen no lénks fueren, mee éischer no riets. Soss sti se bei der Luucht.

Soss gëtt et net vill zu deene Verkéiersreglementer ze soen. Et ass costaud weinst deem Chantier, deen huet schonn e groussen Impakt op Uewerkuer. Ech soen Iech Merci fir d'No-lauschteren.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här De Sousa. Mir kommen zum Vott.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver les règlements temporaires de circulation.

Merci. Da si mer beim Punkt 9, Changement an de Kommissiounen. Do huet d'LSAP eis matgedeelt, dass an der Jugendkommissioun den Här François Venturini duerch d'Madamm Luana Beiros De Sousa ersat gëtt.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver les changements au sein des commissions consultatives.

Da si mer beim Punkt 10, de Froen, déi déi Lénk, den Här Eric Weirich, eraginn huet, betreffend de fräien Nuechten. Dir konnt déi jo liesen. Ech ginn direkt op d'Froen an.

Är éischt Fro, Här Weirich, ass: Wéi eng Caféë si betraff vun dëser Decisioun? Betraff sinnDde Balancho Bistro, 11, Rue de la Grève Nationale; de Café Black and White 18, Rue Michel Rodange; de Café Chez Sa Pinto, 51, Rue Michel Rodange; de Café DaMa, 29, Rue Adolphe Krieps; Café de la Poste 49, Avenue de la Liberté; Café du Quai / Fim do Mundo 37, Rue Emile Mark; Café Europa 35, Rue Emile Mark; Café Panoias, 39, Rue Michel

Rodange; Restaurant Bizarre 13, Rue de la Grève Nationale.

Just fir ze soen: Déi, déi scho virdru gespaart waren, dat war de Café Before, 47, Avenue de la Liberté an de Café L'éclat sportif 21, Rue Michel Rodange.

Déi zweet Fro: No wéi enge Krittäre respektiv aus wéi enge Grënn goufen déi betraffe Caféen erausgesicht? Kaméidi a Gewalt ëm de Park, besprach am Schäfferot den 1.2.2023 a Concertatioun mat der Police. Gespaart sinn d'Etablissementer ëm de Parc Gerlache, d'ganz Rue Michel Rodange, d'Rue de la Grève Nationale, d'Rue Adolphe Krieps, zwee Etablissementer um Eck vun der Michel Rodange an der Rue Emile Mark an zwee Etablissementer um Eck vun der Rue Michel Rodange an der Avenue de la Liberté.

De Parc Gerlache war schonn eng Kéier gespaart, vum 1.5.2018 bis den 1.6.2022, komescherweis huet kee sech dru gestéiert. Besote Caféen hunn hir Dieren am Hierscht 2022 opgemaach, wéi d'Caféë scho gespaart waren. A souwisou war Corona, wou et länger Zäit iwwerhaupt keng fräi Nuechte ginn huet.

Är drëtt Fro: Wéini goufen déi ursprénglech fräi Nuechte fir 2023 vum Schäfferot accordéiert a wéi een Zäitraum betrefft se? Gratis fräi Nuechte sinn am Gemengerot vum 14.12.2022 votéiert ginn, betreffen 2023, suivant relevé. Déi hutt Der kritt, déi Relevé vun deene fräien Nuechten.

A wat ganz wichteg ass op deem Relevé: Fräi Nuechten, déi de 14. Dezember 2022 hei gestëmmt gi sinn, sinn:

Vendredi de carnaval, 17. Februar; Samedi de carnaval, 18. Februar; Veille de Laetare, op Lëtzebuergesch Hallef-faaschten, 18. März; Veille de la Fête du travail, 30. Abrëll; Veille de la Journée de l'Europe, 8. Mee; Veille de la Fête Nationale, 22. Juni; Veille de la Toussaint (Halloween), 31. Oktober; de Reveillon de 24. Dezember; Noël de 25. Dezember a Saint Sylvestre den 31. Dezember.

Do kommen nach derbäi déi verschidde Kiermesse fir Déifferdeng a Fousbann:

Questions

freides den 21. Abrëll a samschdes den 22. Abrëll. Fir Zowaasch a Fond-de-Gras: de 26. a 27. Mee, an den 8. Juli. Fir d'Sektioun Nidderkuer de 14. an de 15. Juli. Fir d'Sektioun Uewerkuer de 6. an de 7. Oktober. Alles fräi Nuechten.

Mam Vermierk hannendrun, ganz wichteg, dat steet an der Deliberatioun: « tout en apportant la précision que les établissements se voyant refuser les nuits blanches à la suite de trop nombreuses plaintes du voisinage pour tapage nocturne ou causant des troubles à l'ordre et à la tranquillité publics restent contraints de se conformer aux heures normales d'ouverture des débits de boissons alcooliques ».

Wou war ech elo? Fro 4. Wéini huet de Schäfferot decidéiert, déi Cafetieren, déi ronderëm de Parc Gerlache leien, déi schonn accordéiert fräi Nuechten ze entzéien? Mëttwochs, den 1. Februar 2023 am Schäfferot besprach.

5. Fro: Wéini goufen déi betraffe Cafetieren iwwert dës Decisioun vum Schäfferot informéiert an ënner wéi enger Form? De Service krut de Rapport méindes, de 6.2. Doropshin huet de Service besote Caféë mëndlech de 6.2. an de 7.2.2023 Bescheed gesot, datt d'fräi Nuechte gestrach sinn.

Den Här Cafétier – also mir schwätze vun deem enge Café just – huet dunn och seng fräi Nuechten zrëckbruecht. An och de Café Europa huet mëndlech matgedeelt kritt, dass d'fräi Nuechte gestrach sinn. De schréftleche Courier ass erausgaangen de 14. a 15. Februar, nodeems d'Police d'Courriere guttgeheescht huet.

Wéi laang sollen dës Mesurë fir déi betraffe Cafetiere gëllen? Jusqu'à nouvel ordre.

Nummer 7: Op wéi enger Basis kann een d'Autorisatioun, déi ee schonn erdeelt huet, erëm zrëckzéien a wéi eng Delaie gëtt et do? Gëtt et do Moyens de recours?

D'Äntwert op d'Fro 7: « Suivant décision du bourgmestre en application de l'article 17.2 et 5 modifiés par la loi du 12 juillet 2002 modifiant les articles 17 et 19 de la loi du 29 juin 1989 portant réforme du régime des cabarets au

terme duquel les autorisations de nuits blanches sont essentiellement provisoires et peuvent être retirées sans pouvoir donner lieu à indemnité lorsque les conditions de leur octroi ne sont plus données, notamment troubles à l'ordre et la tranquillité publique et inconvénients intolérables pour le voisinage. Le recours tant administratif auprès de la commune que contentieux auprès du tribunal administratif dans les deux cas dans un délai de trois mois dès réception de la présente, la procédure contentieuse est écrite par requête signée d'un avocat. »

Op d'Fro 8: Sinn déi fräi Nuechte vum 17. an 18. Februar 2023 och vun dëser Decisioun betraff? Falls jo, wéisou gouf de Gemengerot net heiriwwer informéiert?

Dës zwou fräi Nuechten huet de gesamte Gemengerot unanime an enger Sëtzung vum 14. Dezember accordéiert: 17. an 18. Februar gratis fräi Nuechte weinst der Fuesent mam Vermierk « tout en apportant la précision que les établissements se voyant refuser les nuits blanches à la suite de trop nombreuses plaintes du voisinage pour tapage nocturne ou causant des troubles à l'ordre et à la tranquillité publics restent contraints de se conformer aux heures normales d'ouverture des débits de boissons alcooliques ».

Fro 9: Plangt de Schäfferot mat de betraffene Cafetieren, déi duerch dës Decisioun finanziell Aboussen droe mussen, eng Léisung ze sichen, fir hinnen awer sporadesch fräi Nuechten ze accordéieren?

Ech wëll am Kader vun dëser Fro drop hiweisen, dass mir d'Cafetiere kontaktéiert hunn. Mir hunn de Cafetier e puermol gefrot, de Cafetier selwer sot och, hien hätt näischt op d'Reseue gesat. De Cafetier huet fräiwëlleg – bon, no der Dëngen huet en d'fräi Nuechten erëmbuecht.

An ech soen awer ganz kloer, ech als Buergermeeschter, wa mir gewosst hätten, wann de Cafetier sech gemellt hätt a gesot hätt, dass hien eng Aktivitéit huet a Suen engagéiert huet fir eng Soirée an eis et matgedeelt hätt, dann hätte mir dem Cafetier déi fräi Nuecht gelooss. Ech sinn awer als Buergermeeschtesch net censéiert ze wëssen de

Le parc Gerlache a déjà été fermé du 1^{er} mai 2018 au 1^{er} juin 2022, ce qui n'a dérangé personne. De toute façon, avec la pandémie, il n'y a longtemps pas eu de nuits blanches. Pour 2023, les nuits blanches ont été approuvées par le conseil communal le 14 décembre 2022. Monsieur Weirich a reçu le relevé. Il s'agit des vendredi et samedi de carnaval, la veille de la fête du Travail, la veille de la Journée de l'Europe, la veille de la fête nationale, la veille de la Toussaint, l'Halloween, la veille de Noël, Noël et la Saint-Sylvestre. S'y ajoutent des manifestations locales comme les kermesses. La délibération précise toutefois que les établissements peuvent se voir refuser les nuits blanches en cas de tapage nocturne ou troubles de l'ordre répétés.

Le collège échevinal a pris la décision de retirer l'autorisation de nuits blanches aux cafetiers concernés le 1^{er} février 2023. Le service compétent a reçu le rapport le lundi 6 février 2023 et a informé les cafetiers oralement le 7 février 2023. Un courrier validé par la police a été envoyé les 14 et 15 février 2023.

Les mesures resteront en vigueur jusqu'à nouvel ordre.

Monsieur Weirich demande ensuite sur quelles bases les autorisations données ont pu être retirées. Quels sont les délais? Existe-t-il des recours? Christiane Brassel-Rausch explique que d'après la loi du 12 juillet 2002, les nuits blanches sont provisoires et peuvent être retirées en cas de troubles à l'ordre et à la tranquillité publique. Le recours administratif ou contentieux doit se faire endéans les trois mois après réception du courrier.

En ce qui concerne les nuits blanches des 17 et 18 février 2023, elles ont été approuvées le 14 décembre 2022 avec la précision qu'elles pouvaient être refusées à la suite de trop nombreuses plaintes du voisinage pour tapages nocturnes ou causant des troubles à l'ordre et à la tranquillité publique. Le collège échevinal compte-t-il trouver une solution avec les cafetiers concernés, qui vont perdre de l'argent?

Christiane Brassel-Rausch explique que les cafetiers ont été contactés à

plusieurs reprises. Le cafetier qui se plaint actuellement n'avait pas annoncé de fête sur les réseaux sociaux. Il n'en a pas non plus parlé au collège échevinal. Si Christiane Brassel-Rausch avait su qu'il organisait un événement et qu'il avait engagé des fonds, elle aurait accordé la nuit blanche. Mais elle ne peut pas connaître le plan opérationnel des cafés differdangeois. Lorsque la commune a reçu l'information, elle a contacté le cafetier pour lui accorder l'autorisation, mais il avait déjà annulé l'évènement. Christiane Brassel-Rausch en a discuté personnellement avec les gérants. Par ailleurs, monsieur Ulveling est du même avis: des exceptions peuvent être accordées sur demande. Une indemnisation pécuniaire est-elle prévue? Christiane Brassel-Rausch rappelle que les services communaux, le commissaire et elle-même ont rencontré les cafetiers à de nombreuses reprises au Hall O afin de trouver une solution satisfaisant à la fois ceux qui se lèvent tôt le matin pour aller travailler que ceux qui veulent faire la fête le soir. Le café auquel monsieur Weirich fait référence n'est pas le plus problématique. Les réclamations le concernant sont plutôt rares. En tout cas, Christiane Brassel-Rausch réfute formellement les affirmations concernant une éventuelle homophobie du collège échevinal. La bourgmestre rappelle par ailleurs qu'il a fallu créer un Plan local de sécurité à cause des nombreux problèmes dans le parc Gerlache. Ces problèmes existent toujours. Depuis l'approbation du PLS, la police a effectué 146 contrôles. Le 3 février 2023, la police a arrêté des revendeurs de drogue. Un contrôle avec des chiens a aussi été effectué le 25 février. Le 15 février, une agression a fait des blessés. Tous ces incidents ont fait que le conseil communal a décidé d'agir. Les mesures ne viennent pas de rien. Pour ce qui est du tapage nocturne, les gens doivent apprendre à vivre ensemble. Certains cafetiers ne veulent même pas de nuits blanches.

Plan opérationnel vun all Café hei zu Déifferdeng.

Mir hunn dat och mam Cafetier sou beschwat. Mir hunn ëm souguer nach eng Kéier ugeruff, do hu mer gesot: Dir kritt d'fräi Nuecht. Mir woussten dat net. Mir hunn en awer och gefrot: Firwat hutt Der et net am Büro gesot? Dat ass alles geschitt. An do war awer schonn annuléiert.

Ech mengen, et ass einfach domm gaangen. Ech kennen déi zwee Hären, ech hunn zweemol mat hinne geschwat. Den Här Ulveling war mat dohinner, do hu mer hinnen och gesot: Wann eng Exceptioun ass, da solle se d'Demande un eis reechen an da kucke mer virun.

Fro 10: Falls dëst net geplangt ass – dat ass jo geplangt –, gesäit de Schäfferot eng finanziell Entschiedegung fir déi Cafetieren vir, déi fir déi finanziell Aboussen duerch dës Decisioun droe mussen?

Ech muss elo nach zwou Saache soen. Déi Stroosse ware laang gespaart. Mir haten e Gest gemaach, nodeem esou vill Servicer vun eis plus de Commissaire plus ech zwou Wochen all Dag hei am Hall O op dëser Plaz souzen, fir mat de Cafetieren ze schwätzen, dass mer probéiere sollen, an engem géigesäitege Respekt vu Leit, déi schaffen, opsti moies, Sue verdéngen an déi, déi owes gäre feieren, fir ze kucken, wéi mer do zesumme kënnen eens ginn.

Mir hu vun deem besotene Café selwer net vill Reklamatiounen, ausser komeschen Duft ronderëm heiansdo mol an da sporadesch e bësse Kaméidi. Mee bon, et ass elo net dee Café, mat deem mer déi meeschte Problemer hunn.

Ech contestéieren awer formell déi Ausso, dass den Déifferdenger Schäfferot homophob wär. Formell distanzéieren ech mech hei an dësem Gremium vun där Ausso.

Ech denken, dann hunn ech d'Froen zu de Cafetiere beäntwert.

An da wëll ech awer an dësem Kader drun erënneren, dass mer och mat ganz ville Servicer, déi involvéiert sinn, zanter – ech weess elo dee genauen Datum net –, e PLS hunn, Plan local de sécurité. Wou mer d'Recht kritt hunn, deem

ze maachen, deem aberuff ginn ass duerch dee Park Gerlache, well mer do massiv Problemer haten. Ech deelen Iech mat, dass dee Park nach ëmmer Problemer huet.

Säit de PLS offiziell gestëmmt an en cours de route ass, si vun der Police 146 Kontrollen am Park gemaach ginn. Mir haten den 3.2.2023 eng Contrôle d'envergure, wou Leit wéinst Droge festgeholl gi sinn a matgeholl gi sinn. Mir haten de 25.2.2023, dat ass nach net laang hier, eng Kontroll mat Hondsmeeschteren an de 15.2.2023 hate mer en Iwwerfall mat Blesséierter. Also et ass net esou, wéi wann näischt – dat ass déi eng Säit, wou mer jo awer hei am Gremium alleguerte gesot hunn, mir müssen eppes an deem Sënn maachen, hunn ech d'Gefill.

An dat anert, dat ass de Kaméidi nuets. Mir müssen et fäerdegbréngen, dass mer zesumme kënnen liewen. Mir hu mat Cafetiere geschwat aus deene Stroossen, do sinn der déi soten, si wëllen iwwerhaapt keng fräi Nuecht.

Dat heescht, et ass en Hin an Hier. Ech hoffen, ech hunn op Är Froe geäntwert en bonne âme et conscience. Mir behalen et am A. Ech kann Iech just soen, elo dëse Schäfferot, bis den 11. Juni, behält et am A, wäert drop reagéieren, wann et muss sinn a pour le reste wéi sot eng Madamm: „Den Avenir läit an der Zukunft“, an da kucke mer virun. Dann ass et un anere Leit ze tranchéieren, wéi se mat deem Problem do ëmginn.

Ech wëll awer och nach soen, fir net op där schlechter Nott hei stoen ze bleiwen, ech war zweemol mat Leit, déi net vun Déifferdeng sinn, am Dag am Park an déi si begeeschtert vun deem Park an déi soten: „Mir verstinn dat net.“ A vu dass dee Park esou schéin ass, wär et jo schéin, dee Park all de Leit erëm zur Verfügung ze stellen an ze maachen, dass kee méi Angscht huet dohinner ze goen. Well et ass e schéine Park. An et ass eng schéi Plaz. An deem Sënn sinn elo déi Entreprisë vun dësem Schäfferot elo während zwee Joer, bal dräi Joer, geholl ginn, fir dee Park fir all Mënsch erëm zougänglech ze maachen.

Här Weirich.

ERIC WEIRICH (DÉI LÉNK):

Fir d'éischt emol e grousse Merci fir déi ausféierlech Äntwerten op meng Froen. Meng Intentioun war net, mat enger negativer Nott opzehalen. Dat heescht, ech kann Iech just an deem Constat ënnerstëtzen, mat där positiver Nott, dass de Park natierlech eng super schéi Plaz ass, matzen am Häerz vum Stadzentrum vun Déifferdeng. A wou ech och frou wär, wa jiddwereen deem erëm benotze kéint, wéi e Loscht huet, a vun deem Park kéint profitéieren. Ouni, wéi Der virdru gesot hutt, komesch Geréch oder Kaméidi oder Incivilités oder Dreck oder wat weess ech, wat do vir sech geet. Ech soe léiwer net, wat weess ech, well ech weess et ganz genau, well ech wunnen nobäi an ech kréien et all Dag mat. Ech gesinn et vu menger Stuff aus. An et ass problematesch.

Ech weess och, dass déi Decisioun hierkënnt aus dem PLS. Deen hu mer net matgedroen, ech war awer mat de gréissten Aussoen/Mesuren averstanen aus dem PLS. An ech weess och, dass de Café, ëm deem et hei geet, bei deene Froen net den Hauptprotagonist ass, mat deene Schwieregkeeten, déi mer am Park hunn.

A fir dee Gedanke weiderzeféiere vun der Positivitéit ass eigentlech dee Café, ëm deem et hei geet, wou dat hei hierkënnt, e positiivt Beispill, wéi een de Park berouege kann an eng aner Clientèle och unzéie kann. An doduerch vläicht déi Leit, déi sech, ech soen elo, manner korrekt behuelen am a ronderëm de Park, vläicht sou blöd et kléngt, verdreiwen an aus dem Park erauskréien. Well dat ass jo iergendwou gewënscht vu jiddwerengem.

Dat mat der Homophobie, ganz kloer, do sinn ech bei Iech, dat war onglécklech ausgedréckt. Dat war och iwwert d'Reseauen direkt gelaf. Dat war net optimal. Ech hat mat deem engen oder anere vum Schäfferot telefonéiert, wou ech och gesot hunn, dass ech déi Wieder net ausgewielt hätt, fir dat hei ze thematiséieren. Also dat hoffen ech och hei formell vu menger oder eiser Säit aus, dass dat ni eis Intentioun war, fir dem Schäfferot Homo- oder Transphobie virzeweifen. Dat gouf mëttlerweil op de Reseauen an iwwert den Droit de réponse op den Tageblatt-Artikel ëffentlech richteggestallt.

Fir ofzeschlëissen, sinn ech frou, dass mëttlerweil Kontakt opgeholl gouf, dass den Här Ulveling am Café war, dass en Austausch bestoung. Ech mengen, et ass, wann ech elo alles richteg verstanen hunn, gréisstendeels vun Onwëssenheet hierkomm, vläicht net déi richteg Kommunikatiounskanäl. Duerch déi Aktioun ass dat da verbessert ginn. Elo weess jiddereen, wéi, wat a wou een een erreeche kann.

Ech begrëissen, dass Gespréich besteet an och Flexibilitéit besteet vum Schäfferot, fir de besotene Caféen déi eng oder aner fräi Nuecht ze accordéieren, wa si hir berüümte Soiréeë maache wëllen.

Dat gesot, soen ech Iech nach eng Kéier Merci fir Är Äntwerten.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Weirich. Da géife mer elo zu de Froe kommen, déi gestallt gi sinn. Den Här Hobscheit wollt eng Fro stellen a wann de Gemengerot averstanen ass, den Här Bertinelli huet och nach eng Fro.

Här Hobscheit.

PIERRE HOBSCHEIT (LSAP):

Ech wollt am Fong dräi Froe stellen. Ech war e puermol net hei, duerfir erlaben ech mer dat dann haut alles nozehuelen.

Meng éischt Fro betrëfft d'Cité Grey. An der Cité Grey sinn am Moment d'Stroosseluuchten net an de Buedem agebaut, déi stinn deelweis op Bëtonssockelen um Trottoir. An dat mécht den Trottoir relativ enk. Dat heescht, wann ee mat enger Kutsch zum Beispill laanscht wëll an do ass en Auto geparkt, deem do dierf parken, well do och Parkplazen agezeechent sinn, da kënnt een deelweis net laanscht. Da muss e mat der Kutsch iwwert d'Strooss.

Ech ginn dervun aus, dass dat jo keen dauerhaften Zoustand wäert bleiwen. Ech wollt just wëssen, wéi laang dat nach esou ass. Ech hunn nämlech

Christiane Brassel-Rausch espère avoir répondu aux questions de monsieur Weirich. Ce collège échevinal surveillera la situation jusqu'au 11 juin. D'autres personnes prendront ensuite les décisions. La bourgmestre tient cependant à nuancer ses propos. Elle a visité le parc avec des gens qui ne sont pas de Differdange. Ils ont trouvé le parc très beau. Le collège échevinal a pris des mesures pour que tout le monde puisse s'y rendre en sécurité.

ERIC WEIRICH (DÉI LÉNK) remercie madame Brassel-Rausch pour ses réponses. Il confirme que le parc Gerlache est beau et qu'il se trouve dans le cœur de Differdange. Il voudrait que tout le monde puisse en profiter sans être dérangé par le bruit, les odeurs, la saleté ou les incivilités.

Eric Weirich sait de quoi il parle parce qu'il habite tout près. Il connaît les problèmes et sait pour-quoi le PLS a été réalisé. Même si déi Lénk n'a pas approuvé le PLS, Eric Weirich soutenait personnellement la plupart des mesures.

Il sait aussi que le café sur lequel portent ses questions n'est pas le principal responsable des problèmes. Au contraire, il trouve que le café a un effet positif sur le quartier et attire une clientèle moins problématique.

Pour ce qui est de l'homophobie, Eric Weirich admet que le terme n'est pas approprié. Il regrette qu'il ait été publié sur les réseaux. Il a d'ailleurs téléphoné personnellement au collège échevinal pour s'expliquer. Il n'a jamais eu l'intention de traiter le collège échevinal d'homophobe ou de transphobe. Un article du Tageblatt a remis les pendules à l'heure.

Eric Weirich se dit satisfait que le collège échevinal ait contacté le café en question et que monsieur Ulveling se soit rendu sur place. Il constate que le malentendu était dû à un manque d'information. Il salue expressément le dialogue ainsi que la flexibilité dont fait preuve le collège échevinal.

Questions

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG) *cède la parole à monsieur Hobscheit.*

PIERRE HOBSCHEIT (LSAP) *souhaite poser trois questions étant donné qu’il était absent des dernières réunions. Dans la cité Grey, les luminaires ne sont pas implantés dans le sol, mais sur des socles en béton. Cela rend le trottoir étroit. S’il y a un véhicule garé à côté, on n’arrive plus à passer avec une poussette par exemple. Pierre Hobscheit suppose que la situation est temporaire et se demande combien de temps elle va durer. De l’autre côté de la rue, les luminaires sont installés dans le sol.*

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG) *devra se renseigner et communiquera ensuite une réponse à monsieur Hobscheit.*

PIERRE HOBSCHEIT (LSAP) *a discuté ce matin d’un problème de camions dans le même quartier avec monsieur De Sousa. Un camionneur a essayé d’atteindre le chantier du terrain de l’AS, mais il est resté bloqué avec son engin. Il a essayé de faire marche arrière avant d’emprunter finalement la rue C.-M.-Spoo, ce qui est interdit s’agissant d’une rue à sens unique. Pierre Hobscheit a compris que ce pauvre homme n’avait pas d’autre solution. À 7 h 20 du matin, les premiers enfants se rendent à l’école. La situation est dangereuse. Pierre Hobscheit passe à l’encadrement gratuit des enfants. Comme d’autres parents, il a reçu des factures de 0 €. Cela ne sert à rien. La commune n’y peut rien, mais à quoi sert-il d’envoyer des factures de 0 €? Le conseil communal aborde souvent la question de la gestion des ressources. Lorsqu’un employé communal constate qu’il est censé émettre une facture de 0 €, ne devrait-il pas stopper le processus? Cela coute de l’argent et des ressources. Mais Pierre Hobscheit suppose qu’il s’agit d’une demande du ministère pour que les parents réalisent que l’encadrement est gratuit. C’est ridicule.*

gesinn, op där anerer Stroossesäit gouf ugefaangen, d’Luuchten nees richteg an de Buedem anzebauen. Ech wollt just wëssen, wéi laang dat nach bleift. Well dat ass keng ganz glécklech Situatioun, wann een do um Trottoir zum Beispill, wéi gesot, mat enger Kutsch laanscht wëll.

Soll ech meng dräi Froe matenee stellen oder eng no där anerer?

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Déi do froe mer no an da kritt Der eng Äntwert.

PIERRE HOBSCHEIT (LSAP):

Déi zweet Fro, ech hat de Moie kuerz mam Här De Sousa driwwer geschwat, dat ass d’Situatioun mat de Camionen. Am selwechte Quartier konnt ech de Moien engem bedauernswäerte Camionschauffer nokucken, dee probéiert huet, bei de Chantier ze kommen um AS Terrain. Dee gudde Mann ass do gefuer an e koun net méi weider, dunn ass e mat sengem risege Camion hann-erzeg gefuer an huet gekuckt, wou en dann elo misst hi fir do eraus.

Fin mot war, dass en de falsche Wee, dat iewescht Stéck vun der C.-M. Spoo, eropgefuer ass, wou een uewen op der Kräizung an der Zolwer Strooss erauskënnt, wat natierlech och keng glécklech Situatioun ass, wann d’Camione keen anere Choix méi hu wéi de falsche Wee duerch eng Einban ze fueren, fir aus hirer Situatioun erauszekommen. Mee ech hunn de Mann verstanen, well ech och net wierklech gewosst hätt, wéi en et soss hätt solle maachen.

Do muss ee vläicht déi Situatioun am Bléck behalen, well, wéi ech dat gesinn hunn, war et 7.20 Auer. Dat ass awer och déi Zäit, wou d’Elteren ufänken, mat hire Kanner virun d’Dier ze goen, fir ze Fouss an d’Schoul oder an d’Maison relais. A wann do Camionen dann esou manövréieren, dat ass geféierlech. Dat war elo méi en Hiweis wéi eng Fro.

A wann ech da schonn amgaange sinn, hunn ech nach eng aner Fro betreffend d’gratis Kannerbetreiung. Dat ass jo eng schéi Saach. Mee ech kréien a

leschter Zäit – a warscheinlech vill aner Elteren och – Rechnungen heem geschéckt, wou drop steet: Montant à régler – null Euro. Ech muss Iech soen, ech fannen dat zimmlech onsënneg. Ech mengen net, dass d’Gemeng schold ass, mee ech wollt d’Fro awer eng Kéier opwerfen. Ech fannen dat zimmlech onsënneg, fir Rechnungen ze schécken, wou steet Montant à régler – null Euro.

Mir schwätze vill driwwer, wéi mer Ressourcë schounen. Et deet mer leed, mee spéitstens dee Moment, wou dee Gestionnaire op der Gemeng gesäit, do ass eng Rechnung, do ass näischt ze bezuelen, fannen ech, sollt de Prozess gestoppt ginn. An da soll net nach déi Rechnung erausgedréckt ginn an eng Enveloppe gemaach ginn op d’Post geschéckt ginn, vum Bréifdréier verdeelt ginn. Dat kascht Suen, dat kascht Ressourcen. Dat ass a mengen Aen zimmlech sënnlos.

Ech ka mer awer virstellen, dass de Ministère dat gär esou hätt, fir dass d’Leit mierken, dass de Staat d’Kannerbetreiung offréiert. Mee et ass a mengen Aen, pardon, wann ech et esou soen, totale Quatsch. Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Ech huelen dat do mat. Also et ass genau dat, wat et ass. Ech hunn déi Fro schonn eng Kéier gestallt kritt. Ech hunn et och schonn hei eng Kéier gesot, mir sinn obligéiert, déi Rechnungen erauszeschécken. Ech huelen et awer gär mat, ob mer se net kënnen elektro-nesch erausschécken oder esou. Ech huelen dat mat. Dat wär vläicht, wa mer et däerfen, eng Méiglechkeet. Well ech fannen et genausou ouni Sënn, wéi Dir dat elo gesot hutt.

Här De Sousa.

SCHÄFFE PAULO DE SOUSA (DÉI GRÉNG):

Déi Saach mat der C.-M. Spoo, den Här Ulveling ass elo net méi do, ech soen em awer Bescheed, hien huet doneschdes ëmmer seng Reunioun iwwert d’Chantieren. Ech kucken, datt déi Persoun, déi de Chantier begleet mam Service circulatioun, eng Kéier moies fréi

op d’Plaz kucke geet, fir sech dann och vläicht en neit Reglement ze ginn oder mam Entrepreneur ze schwätzen, wéi se dat kënne reegelen. Mir huelen dat definitiv mat. Merci.

PIERRE HOBSCHEIT (LSAP):

Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Hobscheit. Här Bertinelli.

FRED BERTINELLI (LSAP):

Madamm Buergermeeschtesch, virdrun am Gemengerot hate mer verschidde Froen. Mer wëssen, datt Wunnengsraum eppes ass, wat selten ass an eiser Gemeng. Vu datt ech, wéi all Mënsch hei, Tracten ausdeelen, well elo geschwë Wale sinn, war ech duerch d’ganz Peschkopp, well et mäi Quartier ass. An hunn ech gesinn an der Peschkopp si bis zu 25 Bréifkëschte mat Coll zougepecht. Awer fest, do kann een näischt drageheien. Do steet net drop, datt se net wëllen, datt een eppes dragehät, mee se sinn einfach zougepecht.

Ech hunn de Facteur gefrot, seet deen, do wunnt keen. Dat war jo awer dee ganze Fonds de Logement, déi ganz Peschkopp. Wann do awer 25 Wunnengen eidel stinn a mir de Fonds de Logement scho jorelaang froen, datt mir fir eisen Office social gär Wunnengen hätten, well mir net wëssen, wouhi mat de Leit, hätt ech awer gär, datt d’Gemeng Déifferdeng e Bréif un de Fonds de Logement schreift a freet, wéi vill Wunnengen eidel stinn an der Peschkopp an all deene Wunnengen, wou de Fonds de Logement do huet, an eis informéiert.

Wann der sollten eidel stoen, wiere mir jo net oninteresséiert, fir do eppes ze kréien. Well do kriss de ni déi richteg Äntwert. Ech hu scho probéiert iwwer Telefon, dat e puermol ze maachen. Duerfir wier et flott, wann iwwert d’Gemeng Déifferdeng eng offiziell Fro géif kommen. Da musse se och offiziell drop äntweren. Ech ka mer jo bal net virstellen, datt do 20-25 Wunnengen eidel stinn. Bei deem Sujet, wéi mer en

Questions

elo hunn, wou d’Leit keng Wunnenge fannen.

Dat war déi eng Fro. An déi zweet Fro dat ass, wat de Moien an der Kommunikatioun komm ass. Ech weess net, ob den Här Schwachtgen mer dorop kann äntweren, déi Beem op dem Terrain a Frankräich, déi mer hu missen ewechhuelen, déi mer geplantz hunn. Ech hat gemengt, dat wier eisen Terrain, mir hätten dee kaf. Do hu mer Beem geplantz a firwat musse mer déi dann elo erëm ewechhuelen?

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Här De Sousa.

SCHÄFFE PAULO DE SOUSA (DÉI GRÉNG):

Ech kann Iech vläicht och zum Fonds de Logement eppes soen.

FRED BERTINELLI (LSAP):

Sot mir.

SCHÄFFE PAULO DE SOUSA (DÉI GRÉNG):

Ech deelen och aus a wann ech mech net ieren, sinn et meeschtens aacht Bréifboïtten an et ass ëmmer an all Gebai eng zou. Ech weess net, ob ...

FRED BERTINELLI (LSAP):

Neen, et sinn der méi.

SCHÄFFE PAULO DE SOUSA (DÉI GRÉNG):

Sinn et der méi? Okay. Da musse mer dat nofroen.

Jo, et ass eisen Terrain. Awer do ass e Pachtvertrag drop. Do ass e Bauer, deen huet e Vertrag bis, wann ech mech net ieren, 2027. Do waren Diskussiounen, déi aneschters ausgaange sinn, wéi mer geduecht hunn. Hien däerf do pachten.

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG) *prend acte de la remarque de monsieur Hobscheit. Elle s’est posée la même question. Elle se demande si on ne pourrait pas envoyer la facture sous forme numérique. Car tout cela est vraiment inutile.*

PAULO DE SOUSA (DÉI GRÉNG) *constate que monsieur Ulveling n’est pas là, mais il lui parlera de la rue C.-M.-Spoo. Il tient une réunion sur les chantiers tous les jeudis. Par ailleurs, Paulo De Sousa propose d’envoyer le service mobilité sur place pour voir comment régler le problème avec le chef de chantier.*

FRED BERTINELLI (LSAP) *constate que Differdange manque de logements. Or récemment, alors qu’il distribuait des tracts dans le quartier Peschkopp pour les élections, il est tombé sur 25 boîtes aux lettres collées. Il n’y a pas d’étiquettes pour refuser les réclames. Fred Bertinelli a posé la question au facteur, qui lui a expliqué que le bâtiment est vide. Il s’agit de 25 appartements du Fonds du logement. Depuis des années, l’office social de Differdange demande des logements. Il faudrait que le collège échevinal envoie une lettre au Fonds pour lui demander combien de logements sont vides au Peschkopp. Car si ces appartements sont effectivement inhabités, la commune en aurait besoin. Fred Bertinelli n’a pas obtenu de réponse au téléphone. Une demande officielle est nécessaire. Il est intolérable que 25 logements restent vides. Fred Bertinelli a aussi une question concernant une communication reçue ce matin. Monsieur Schwachtgen sait-il pourquoi il a fallu couper les arbres du terrain acheté en France? Il s’agit d’un terrain de la commune.*

PAULO DE SOUSA (DÉI GRÉNG) *re-vient sur la question du Fonds de logement. (Interruption de M. Bertinelli) Paulo De Sousa distribue lui aussi des prospectus et a constaté que chaque bâtiment compte huit boîtes aux lettres. En général, l’une ou l’autre est fermée.*

Questions

FRED BERTINELLI (LSAP) *proteste. Il y en a plus.*

PAULO DE SOUSA (DÉI GRÉNG) *répond que dans ce cas, il devra se renseigner.*

Pour ce qui est du terrain en France, l'agriculteur est sous contrat jusqu'en 2027. Les discussions ne se sont pas déroulées comme le collègue échevinal l'espérait.

FRED BERTINELLI (LSAP) *demande quels sont les droits de la commune.*

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG) *répond que le collège échevinal est en train d'analyser la situation. Elle répondra prochainement à monsieur Bertinelli.*

Avant de clôturer la séance, Christiane Brassel-Rausch cède la parole à monsieur De Sousa, dont c'est la dernière séance en tant qu'échevin.

PAULO DE SOUSA (DÉI GRÉNG) *rap-pelle qu'il est conseiller communal remplaçant madame l'échevine Laura Pregno.*

Il remercie la section écologiste de lui avoir accordé sa confiance. L'expérience a été chouette même s'il a dû s'organiser au travail et à la maison. Il remercie sa femme et ses enfants.

D'habitude, il travaille avec les enfants. À la commune, on s'amuse aussi, mais avec des adultes. Il répète qu'il a beaucoup aimé cette expérience.

Paulo De Sousa remercie tous ses services pour leur soutien.

Un des derniers projets qu'il a suivi en tant qu'échevin remplaçant est celui de l'Ikkuvium. Il remercie le service du développement économique dans ce contexte. Monsieur Felten a participé à de nombreuses négociations la semaine dernière et réalise du bon travail.

Les réunions hebdomadaires avec le service mobilité étaient chouettes et productives.

Paulo De Sousa mentionne le service urbanisme et le service écolo-gique.

En ce qui concerne le Pacte nature, Differdange devrait recevoir la certification bronze et non la certification de base. Differdange est une ville ambitieuse, qui veut faire

FRED BERTINELLI (LSAP):

Wat kënne mer dann do maachen op deem Terrain?

SCHÄFFE PAULO DE SOUSA (DÉI GRÉNG):

Dat si mer amgaangen.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Dat si mer amgaangen ze kucken. A wa mer eng Äntwert hunn, wäerte mer Iech se soen.

FRED BERTINELLI (LSAP):

Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Da si mer fäerdeg mat der Séance publique. Awer ier mer an d'Séance non-publique ginn, wollt ech dem Här De Sousa d'Wuert ginn. Wéi Der wësst ass et säi leschte Gemengerot als Schäffen. E wäert weiderfueren als Conseiller, mee et ass säi leschte Gemengerot als Schäffen. Ech hu geduecht, e wëilt vläicht e puer Wuert soen.

SCHÄFFE PAULO DE SOUSA (DÉI GRÉNG):

Et ass mäi leschte Gemengerot als Conseiller communal en remplaçant de Madame Laura Pregno échevine, sou ass den Titel offiziell.

Ech wollt e puer Wiederer soen an e puer Mercie lassginn. Als Éischt der Sektoun e grousse Merci fir d'Vertrauen, dat se mer geschenkt hunn, fir dese Posten ze iwwerhuelen. Dat war eng ganz flott Erfahrung. Et war eng Ëmstellung am Ufank, professionell an och doheem, organisatoresch hu mer eis missen aneschters opstellen. Ech soen do menger Fra a menge Kanner villmools Merci fir déi Ënnerstëtzung.

Et war eng aner Aarbecht. Ech si jo gewinnt, éischter mat Kanner ze schaffen. Wann s de dann op d'Gemeng gees, kéint ee soen, heiansdo ass et och kan-nereg, mee et ass een da mat Erwuesse-

ner. Et war eppes ganz aneschters. Et war ganz flott. Et war eng super Erfahrung. Ech soen all menge Servicer villmools Merci fir hir Ënnerstëtzung, hir Aarbecht.

Ech halen haut op, ech soen elo, als Ersatzschäffen, mam Projet, dee mer elo am Ikkuvium hunn, wou mer laang geschafft hunn, wou ech dem ganze Service Développement économique Merci soen. Dem Här Felten, deen an der leschter Woch ech weess net wéi oft a Verhandlunge gaangen ass, deen eng super Aarbecht gemaach huet. Ech wëll keng Nimm nennen, soss vergiessen ech nach een an dat wär net gutt.

Urbanismus, hunn ech super geschafft. Mobilitéit, wou mer all Woch eng flott Versammlung haten, wou et ëm d'Saach gaangen ass. Heiansdo hate mer zwee, dräi Punkten, dat huet awer eng Stonn gedauert. Déi Versammlungen hunn ech produktiv fonnt. Service écologique, wou mer haut vum Natur-pakt déi Deliberatioune gestëmmt hunn.

Virun e puer Minutte krut ech nach de Message, si sinn elo nach eng Kéier de Katalog duerchgaangen, mir wäerte warscheinlech Bronze kréien an net nëmme Basis. Et gesäit besser aus, wéi mer geduecht hunn. Dat weist, wéi mer hei zu Déifferdeng denken. Mir maache vill, well mer et wëlle maachen. Mir si Virreider a ville Saachen. An dat hunn ech och op der Gemeng erlieft.

Ech hunn d'Cellule de développement économique erwäant, d'Sekretariat ënnert der Leedung vum Här Krecké, wou een ëmmer eng gutt Äntwert kritt huet. Ganz flott Diskussiounen hate mer do. An ech hunn dat richteg genoss.

Elo wäert et erëm eng Ëmstellung sinn. Ech wëll Iech awer och hei am Gemengerot Merci soen, wéi ech ugefaangen hunn, deemools als Conseiller, hunn ech a menger Ried gesot, et geet ëm d'Saach. An ech hat och d'Gefill, déi iwwer zéng Gemengeréit, datt de Ball gespillt ginn ass. Jiddereen hat seng Meenung. Et ass net de Mann gespillt ginn. An dat hunn ech och duerno no de Budgetsrieden hei gesot gehat, et war konstruktiv. An esou stellen ech mer och d'Politik vir. Genau esou soll et sinn, Madamm Buergermeeschtesch.

An da wëll ech awer och eisem Koalitionspartner Merci soen, och mat hin-nen am Schäfferot flott Diskussiounen, Meenungsverschiddenheeten, awer et ass ëmmer ëm d'Saach gaangen.

Zu gudder Lescht: D'Madamm Buergermeeschtesch – ech zitéieren den Här Bertinelli aus senger Budgetsried –shuet d'Gemeng en bonne mère de famille geleet. Dir hat am Ufank bon père gesot, duerno hat Der Iech erëmgeholl, bonne mère. No der Affär Traversini ass si un d'Rudder komm. Sechs Méint drop, eppes, wat kee kannt huet: Covid. Si huet dat gutt geleet.

An am leschte Joer, knapps ier ech ugefaangen hunn, hu mer geduecht, mir wären aus der Kris eraus, kënnt déi nächst Kris, d'Energie. Hu mer och de Moien an de Kommunikatiounen héieren. Präiserhéijunge riets a lénks.

Si trëtt jo net méi un, dat wësst Der. Bis den 11. Juni oder vläicht nach ee Mount drop, esou laang ass se Buergermeeschtesch.aAn ech mengen, si kann awer erhobenen Hauptes erausgoen. Dat kann ech just bestätegen, datt se dat gutt gereegelt huet.

Dat sinn déi puer Wieder, déi ech soe wollt. Merci fir déi flott Zesummenaarbecht. Mir hunn nach zwee Gemen-geréit. Mir schaffen hei fir Déifferdeng. An ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här De Sousa, fir déi léif Wieder. Merci. Dir gitt eis jo net verluer. Dir

Questions

wiesselt de Stull, loosse mer esou soen. Den Här Hobscheit hat sech nach gemellt.

PIERRE HOBSCHEIT (LSAP):

Merci, Madamm Buergermeeschter. Ech wollt dem Här De Sousa och Merci soen. Dat ass elo kee Cadeau empoissonné, dat ass en éierleche Merci. Ech muss soen, et war ganz agreabel ze schaffen. Et krut een ëmmer valabel Äntwerten. D'Dossiere ware gutt preparéiert. Vu dass meng Fraktiounskollegen all fort sinn, kann ech elo souwisou am Numm vun der LSAP soen, wat ech wëll.

Nee, dat ass wierklech en éierleche Merci, well den Här De Sousa dat mat deem néidegen Engagement ugaangen ass. An een ëmmer korrekt Informatiounen an Äntwerte kritt huet.

An duerfir e grousse Merci. Der Madamm Buergermeeschter soen ech elo nach net Merci, well déi huet jo nach zwee Gemengeréit ze schaffen an nach hanner sech ze bréngen. Ech mengen, si ass awer dann och frou, wann et eriwwer ass. Hunn ech esou am Gefill. Merci.

BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Tipptopp. Merci, Här Hobscheit. Domadder géif ech d'Séance publique ofschléissen. Nach zwee, dräi kleng Punkten an der Séance non-publique, dann hu mer et gepackt. Villmools merci.

beaucoup de choses. La commune est souvent pionnière dans ses projets.

Paulo De Sousa salue le travail du secrétariat sous la gestion de monsieur Krecké.

Lorsqu'il a débuté comme conseiller communal, il avait dit qu'il fallait jouer la balle et pas l'homme. Il a l'impression que tout le monde s'y est tenu même si les conseillers ne sont pas toujours d'accord sur tout.

Paulo De Sousa remercie aussi les partenaires de coalition avec qui de chouettes discussions ont eu lieu.

Monsieur Bertinelli a dit dans son discours budgétaire que madame Brassel-Rausch agissait en bonne mère de famille. Paulo De Sousa rappelle qu'elle a été confrontée à l'affaire Traversini, puis à la COVID, à la crise énergétique et à l'inflation. Madame Brassel-Rausch sera bourgmestre jusqu'au 11 juin. Ensuite, elle pourra s'en aller la tête haute.

Paulo De Sousa remercie une nouvelle fois le conseil communal.

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG) *rappelle à monsieur De Sousa qu'il ne fait que changer de chaise.*

PIERRE HOBSCHEIT (LSAP) *tient à remercier monsieur De Sousa, car il était agréable de travailler avec lui. Ses réponses étaient toujours valables et ses dossiers bien préparés. Comme ses collègues de fractions sont partis, Pierre Hobscheit plaisante sur le fait qu'il peut dire ce qu'il veut au nom des socialistes. En tout cas, ses remerciements sont sincères.*

Le conseiller communal ne remercie pas encore la bourgmestre, car il lui reste deux séances. Mais il pense qu'elle doit se réjouir d'arrêter bientôt.

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG) *clôture la séance publique et passe à la séance à huis clos.*



Kerzen-Recycling

in Zusammenarbeit mit der „Käerzefabrik Peters“

Kerzen sind nicht nur schön, ihr Wachs ist auch ein hochwertiger Rohstoff. Handelsübliche Anzünder enthalten oft Stoffe, die gesundheits- und umweltschädlich sein können. Anzünder aus Wachsresten mit Eierkartons, Sägespänen oder z.B. Nadelbaumzapfen stellen eine umweltfreundliche Alternative dar. Aber was geschieht mit ihnen, wenn sie einmal abgebrannt sind?

Vermeidung

- Eine Kerze ist ein offenes Feuer, die Flamme kann bis zu 1400 Grad heiss werden. Kerzen daher immer auf einen festen, hitzebeständigen Untersetzer stellen.
- Dicke Kerzen sollten jedes Mal wenigstens so lange brennen, bis der ganze Brennteller flüssig geworden ist. Sonst brennen sie hohl ab und die Flamme kann verkümmern.

Information Informations

Circa 96%


Die eingesammelten Rohstoffe können somit in den Kreislauf zurück geführt werden und für die Wiederverwendung benutzt werden.

Die Kerzenreste werden zunächst im SDK-Center in Colmar-Berg geprüft, ob sie den Vorgaben entsprechen. In der „Käerzefabrik Peters“ werden die Kerzenreste dann bei der Produktion neuer Kerzen, Fackeln und Brennschalen eingesetzt.

Korrekt entsorgen



Mobile Sammlung der SuperDrecksKëscht® Ressourcencenter



95,93%

Zurückgewinnung von Rohstoffen
Récupération de matières premières

1,99%

Herstellung eines Ersatzbrennstoffes
Production d'un combustible de substitution

2,08%

Verunreinigungen werden beseitigt
Les impuretés sont éliminées

Recyclage des bougies

en collaboration avec la « Käerzefabrik Peters »

Les bougies ne sont pas seulement belles, leur cire est aussi une matière première de qualité. Les allumeurs du commerce contiennent souvent des substances qui peuvent être nocives pour la santé et l'environnement. Les allumeurs faits de restes de cire avec des cartons d'œufs, de la sciure ou, par exemple, des pommes de pin constituent une alternative écologique. Mais que deviennent-ils une fois qu'ils ont brûlé ?

Prévention

- Une bougie est un feu ouvert et la flamme peut monter jusqu'à 1400 degrés, alors placez toujours les bougies sur un dessous de verre ferme et résistant à la chaleur.
- Les bougies épaisses doivent brûler au moins jusqu'à ce que toute la plaque de brûleur soit devenue liquide. Sinon, ils brûlent en creux et la flamme peut se faner.

Ressourcenpotential Potentiel de ressources

Environ 96%

Les matières premières collectées peuvent ainsi être réintroduites dans le circuit et utilisées pour la réutilisation.

Les restes de bougies sont d'abord contrôlés dans le center SDK à Colmar-Berg pour voir s'ils répondent aux exigences. Dans la „Käerzefabrik Peters“, ils sont ensuite utilisés dans la production de nouvelles bougies, torches et photophores.

Elimination correcte



Collecte mobile de la SuperDrecksKëscht®
Centre de ressources

